Conformément aux mesures prévues dans l'avenant du 15 juin 2018 à l'accord salarial précité, la période de stage est réduite de trois à deux années. La nomination et le début de carrière des stagiaires seront avancés en conséquence. Nonobstant l'application éventuelle des décharges accordées aux enseignants stagiaires dans le cadre de la période de stage et la durée de celle-ci ne peuvent être inférieures à une année en cas de tâche complète, ni inférieure à deux années en cas de service à temps partiel.

Au niveau de l'enseignement fondamental, une réduction de stage d'une année est accordée aux fonctionnaires stagiaires de l'enseignement fondamental qui, au début du stage, peuvent se prévaloir, dans le cadre de leur formation initiale d'un ou de plusieurs stages d'une durée cumulée de seize semaines ou plus, préparés, accompagnés et validés dans un domaine qui concerne spécialement la fonction sollicitée. Notons que les stagiaires ayant obtenu le certificat de formation pédagogique pourront également bénéficier d'une réduction de stage d'une année.

Le fonctionnaire stagiaire de l'enseignement secondaire qui, au début de son stage, peut se prévaloir dans le cadre de sa formation initiale de modules de formation axés sur les sciences de l'éducation, la pédagogie et la didactique de la spécialité, peut bénéficier de dispenses de la fréquentation d'une partie des modules de la formation générale, de la formation spéciale, de séances de regroupement entre pairs, de séances d'hospitalité, ainsi que de certaines épreuves. Dans le cadre de ces dispenses, le Ministre peut accorder une réduction de stage.

L'introduction d'une période d'approfondissement traduit la volonté du Ministère de renforcer et de prolonger l'accompagnement de l'enseignant débutant au-delà de sa nomination ou de son début de carrière, pour ainsi assurer une insertion optimale dans la profession.

En effet, l'enseignant bénéficie, pendant l'année qui suit sa nomination, d'une période d'approfondissement dans le but de consolider ses compétences professionnelles. Pendant cette période, il bénéficie d'un accompagnement par un conseiller pédagogique de la période d'approfondissement.

Partant du constat que les enseignants recrutés sous le statut du fonctionnaire du régime de l'employé de l'État assurent des missions comparables en classe, il est de la volonté du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse de renforcer la formation des employés, ainsi que leur accompagnement afin de garantir à tous les enseignants une insertion professionnelle dans les meilleures conditions.

À cette fin, le cycle de formation de début de carrière des employés est précisé et ses modalités sont alignées sur celles en vigueur pour le stage des enseignants recrutés sous le statut du fonctionnaire. Une période d'approfondissement est également prévue pour les enseignants recrutés en tant qu'employés de l'État.

Dépôt par M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 04.02.2019

Rapporteur : M. Franz Fayot

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

06.03.2019 Présentation du projet de loi

03.07.2019 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

09.07.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10.07.2019

Loi du 1^{er} août 2019

Mémorial A : 2019, n° 562, page 1

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 03.05.2019

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

30.04.2019 Présentation d'un avant-projet de loi

03.07.2019 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

Présentation d'amendements gouvernementaux

04.07.2019 Suite des travaux

09.07.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11.07.2019

Loi du 1^{er} août 2019

Mémorial A : 2019, n° 563, page 1

Adaptations dans le domaine de l'Éducation nationale

7440 - Projet de loi portant modification

1^o de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;


2^o de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire ;

3^o de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;

4^o de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;

5^o de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées





Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Ordre du jour

- M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - M. Fernand Etgen, Président - Mme Martine Hansen - M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Eugène Berger - M. Gast Gibéryen - M. Marc Baum - M. Sven Clement

3. Déclaration au sujet des fichiers et banques de données de la Police et de la Justice suivie d'un débat

- Déclarations : M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Débat : M. Gilles Roth (intervention de M. le Ministre Félix Braz) - M. Eugène Berger - M. Alex Bodry - Mme Josée Lorsché (interventions de Mme Martine Hansen et M. Michel Wolter) - M. Roy Reding - M. Marc Baum - M. Laurent Mosar (interventions de M. le Ministre François Bausch, M. Alex Bodry et M. Gilles Roth) - M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. Laurent Mosar et M. Fernand Kartheiser) (dépôt des motions 1 et 2)

- Prises de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure (interventions de M. Sven Clement et M. Roy Reding) - M. Laurent Mosar (parole après ministre) - M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure (interventions de M. Laurent Mosar) - M. Gilles Roth (parole après ministre) (intervention de M. Laurent Mosar) - M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Félix Braz, Ministre de la Justice (interventions de M. Gilles Roth, M. Laurent Mosar, M. Roy Reding, M. Laurent Mosar et M. Marc Baum) - M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. Félix Braz, Ministre de la Justice - M. Sven Clement (parole après ministre) - M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Marc Baum (parole après ministre) - M. Félix Braz, Ministre de la Justice - M. Laurent Mosar (parole après ministre) - M. Félix Braz, Ministre de la Justice - M. Gast Gibéryen (parole après ministre) - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - Mme Martine Hansen (parole après ministre)

- Motion 1 : M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure (intervention de M. Sven Clement)

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Félix Braz, Ministre de la Justice - M. Gilles Roth - M. Sven Clement - M. Félix Braz, Ministre de la Justice - M. Sven Clement

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

4. 7448 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national pour un développement durable (suite)

- Motion 1 : M. Claude Wiseler (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Gast Gibéryen - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (interventions de M. Gast Gibéryen) - M. Claude Wiseler

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

5. 7269 - Projet de loi complétant le Code du travail en portant création d'une activité d'assistance à l'inclusion dans l'emploi pour les salariés handicapés et les salariés en reclassement externe (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7398 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 décembre 2012 sur les services postaux (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. Motion de M. Laurent Mosar et M. Mars Di Bartolomeo invitant le Gouvernement à faire sienne la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA et à renforcer et soutenir les mesures de sensibilisation et éducatives dans le cadre de la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence

- Dépôt et exposés : M. Laurent Mosar - M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Gusty Graas - M. Marc Angel - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- Vote sur la motion (adoptée)

8. Dépôt d'une résolution par M. Fernand Kartheiser

- M. Fernand Kartheiser

9. Question élargie n° 15 de M. Dan Biancalana au sujet de la dynamisation des commerces de centre-ville

- M. Dan Biancalana - M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

10. 7190 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement du Traité sur un système d'information européen concernant les véhicules et les permis de conduire (EUCARIS) et la déclaration conjointe, faits à Luxembourg le 8 juin 2017

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Carlo Back

- Discussion générale : Mme Martine Hansen - M. Max Hahn - M. Dan Biancalana - M. Jeff Engelen - M. Marc Goergen - M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

11. 7275 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

12. 7414A - Proposition de révision de l'article 95ter de la Constitution

- Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Léon Gloden

- Discussion générale : Mme Simone Beissel (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Alex Bodry - M. Henri Kox - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - M. Léon Gloden

- Prise de position du Gouvernement : M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur la proposition de révision de la Constitution

13. 7386 - Projet de loi portant modification :

1. du Code de procédure pénale ;

2. du Nouveau Code de procédure civile ;

3. de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

4. de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse ;

5. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État ;

6. de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

- Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

- Discussion générale : M. Gilles Roth - Mme Carole Hartmann - M. Alex Bodry - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

14. 7402 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées aux fins de transposer la directive (UE) 2017/828 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 modifiant la directive 2007/36/CE en vue de promouvoir l'engagement à long terme des actionnaires

- Rapport de la Commission de la Justice : M. Franz Fayot

- Discussion générale : M. Léon Gloden - M. Guy Arendt - M. Charles Margue - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Félix Braz, Vice-Premier Ministre ; M. François Bausch, Mme Corinne Cahen et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maa-chen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Deklaratioun ze maachen?

2. Ordre du jour

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo, Här President, mir hu gëschter jo suivéiert, wéi hei den Ordre du jour verlaf ass. Mir wëssen, an ech hunn et jo och gëschter scho gesot, dass et an dësem Dossier fir eis näischt ze verstoppe gëtt, dass d'Transparenz ganz wichteg ass. Ech mengen, d'Deputéierten hu jo eng Rei vu Méiglechkeeten, fir hir Aarbecht ze maachen. Dat hu se gemaach iwwer Question-parlementairen, iwwer Kommissiounen an, sauf erreur de ma part, ass och

de Verbatim vun där Reunion, wou d'Häre Bausch a Braz präsent waren, effentlech gemaach ginn. Dat heescht, et ass näischt, wat soll vertuscht oder verheemlecht ginn.

Fir eis sinn d'Données personnelles eppes Wichteges. Et ass eis net egal, wat domadder geschitt. An duerfir hunn ech haut och d'Demande un lech, esou wéi d'Verfassung et och virgesäit, Här President, dass de Verdeedungsminister an de Policeminister, déi och an der Kommissioun schon Aussoe gemaach hunn, sollen d'Wuert ergräife kënnen, fir de Point de vue, esou wéi en ass, den Istzoustand, och déi legal Basis kënnen hei ze erklären, well mer net kënnen vis-à-vis vun der Effentlechkeet duerch Ennerstellungen hei e Malaise maachen. Dat wëlle mer net.

Mir wëllen transparent an deem Dossier sinn. Mir wëllen näischt verstoppen. An dës Regierung freet eng konstruktiv Zesummenaarbecht. Mir hätten déi gären zesumme mat der Majoritéit a mat der Opposition. Den Date-schutz ass eis ze wichteg, fir dass en zum parteipolitesche Spill gëtt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Premierminister. Den Artikel 95 (2) vum Cham-

bersreglement gesäit vir, dass no der Demande vun engem Regierungsmember, fir eng Deklaratioun ze maachen, d'Chamber eng Riedezäit fixéiert, déi konform zum Artikel 40 ass. Ech huelen un, dass d'Chamber uschléissend zu dëser Deklaratioun eng kuerz Debatt wëllt féieren. An deem Fall misst dann och eng Riedezäit fir dës Debatt festgehale ginn.

Ech géif der Chamber eng Riedezäit nom Modell 1 fir d'Deklaratioun a fir dës Debatt ze féiere proposéieren. Ass d'Chamber mat dëser Proposition averstanen?

(Brouhaha)

Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass ech et definitiv schued fan- nen, dass mer gëschter dee Punkt, dee mer wollten op den Ordre du jour setzen, net konnten hei ofstëmme loosse, well den Artikel 31 Paragraf 13 vum Chambersreglement gesäit dat vir. Et kann een ee Punkt op den Ordre du jour setzen, an da muss ee Vott gemaach ginn, wann de President et freet, wann d'Regierung et freet oder wann ee Member vun der Chamber et freet, wann en den Appui vun op d'mannst fënnf Memberen huet. Mir sinn als

CSV zu 21, an an dësem Fall hätte mer den Appui vun 29 gehat. Den Här President huet dat genotz gehat, wéi e wollt ofstëmme loosse fir dem Här Berger seng Demande. Also wär et u sech nëmmen normal gewiescht, dass eis Demande och ofgestëmmt gewiescht gi wier.

An den Här Premier huet elo d'Offer gemaach, oder ebe seng Deklaratioun gemaach. Mir wëllen natierlech gären doriwwer debattéieren. De Modell 1 geet eis an dësem Fall net duer a mir hätte gären ee Modell 2.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Bausch freet d'Wuert, wannechgelift.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Merci, Här President. Ech hu mech net anzeméschen, wat fir eng Modellen d'Chamber fixéiert. Mä getrei deem, wat ech och an der Kommissioun gesot hunn, a wat een am Verbatim kann nolieser, stinn ech Dag an Nuecht der Chamber zur Verfügung. Mir kënnen wéinst menger och de Modell 6 huele fir dat heiten. Ech hunn Zäit, ech bleiwe bis hënt eng Auer hei sëtzen, wann et muss sinn, fir ze diskutéieren, dass mer haut endlech Kloverheit kréien.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Mir begrëssen als DP-Fraktioun, datt d'Regierung prett ass, fir hei eng Deklaratioun ze maache respektiv virun allem awer och, fir mat der Chamber zesummen an aller Transparenz deen Dossier ze diskutéieren. A mir sinn och der Meenung, datt mer hei, wann et net muss sinn, keng Zäitlimit soll setzen. Bon, ech perséinlech muss soen, datt mir elo net fir e Modell 2 oder 3 eng Interventioun hunn, mä ech mengen, hei soll wierklech kloergemaach ginn, datt keen d'Wuert verbuede kritt, datt jiddwereen déi Doleancen oder déi Froen, déi en huet, ka stellen an datt se da beschtméiglech solle beäntwert ginn. Also wéi gesot, mir sinn - Dir hat grad de Modell 1 proposéiert -, mir sinn awer och disponibel fir méi e laange Modell. Dat ass kee Problem fir eis.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Berger. Ech mengen, de Modell 1, dat war just eng Propositioun. Mir géifen dann am Fong geholl de Modell 2 zrëckbehalen, wuelverstanen, datt net jiddweree muss déi voll Riedezäit ausnotzen.

Ech wëll fir dat, wat d'Madamm Hansen viraus gesot huet, soen, datt mer haut keng Debatt iwwert d'Interpretatioun vum Reglement féieren.

Den Här Gibéryen kritt d'Wuert nach.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Ech muss éierlech soen, datt ech ganz frou sinn iwwert déi Deklaratioun, déi den Här Statsminister elo haut hei gemaach huet. Ech mengen, wa gëschter d'Majoritéit och esou reagéiert gehat hätt a se hätt dat direkt akzeptéiert, wat d'Oppositioun gesot huet, dann hätt mer gëschter deen Tëscheffall net gehat. Ech muss awer soen, datt deen Tëscheffall elo seng Wierkung hat an datt mer dann elo haut vun der Regierung dat proposéiert kréien, wat mir gëschter hei proposéiert haten. Ech si frou, datt, wann och net d'Majoritéit hei an der Chamber, mä dann zumindest d'Regierung elo op d'Oppositioun zougaangen ass an dat mécht, wat mir gëschter verlaangt haten. An ech géif och éinestützen, datt mer de Modell 2 sollten huelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Här Marc Baum freet nach d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Ech ka mech deem uschlëssen, wat virdu gesot ginn ass. Ech begrëssen och ausdrécklech, datt de Premier gesot huet, datt et hei näischt ze vertusche gëtt an datt et drëm geet, fir an engem konstruktiven Dialog mat der Chamber zesummen déi Faiten opzeschaffen an datt dat hei wierklech en Ufank ka si vun enger Ausenanerzung, enger éffentlecher Ausenanerzung an der Chamber.

An ech begrëssen och, datt fir dat, wat effektiv déi véier Oppositiousparteie gëschter gefrot hunn a verwirrt kruten, dann haut effektiv de Moment do ass, fir déi Debatt kënnen ze féieren. Ech mengen, net méi an net manner haten d'Oppositiousparteie gëschter och gefrot.

Dëst gesot, schlëssen ech mech der Madamm Hansen un, datt mir och mengen, datt e Modell 2 hei an deem Fall géif Sënn maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. An ech mengen, da kënnen mer direkt der Regierung d'Wuert ginn.

► **Une voix.** - Den Här Clement wollt nach eppes soen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Clement, wannechgéif.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Merci och dem Här Statsminister fir déi Propos, déi hie gemaach huet, obwuel d'Regierungsparteien dat gëschter nach vehement hei verhénnere wollten, wat zu deem Eclat gëschter gefouert huet.

(Brouhaha)

Do muss een einfach elo emol éierlech soen, datt, wann hei mat méi Respekt virun der Oppositioun emgaange gi wär, et net zum Eclat komm wär.

(Brouhaha)

Duerfir begrëisse mir dat. A genau well et hei esou e krokelegt Thema ass, muss mer mindestens beim Modell 2 landen, well ech mengen, dat heiten ass en Thema, wat dobause Welle schléit, mä och heibanne Welle schléit. An deementspriedend schlëssen ech mech der Propositioun vun der Madamm Hansen un.

Villmools Merci.

3. Déclaration au sujet des fichiers et banques de données de la Police et de la Justice suivie d'un débat

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. An ech mengen, dann ass de Moment komm, datt mer der Regierung d'Wuert ginn. Wie fänkt un? Den zoustännege Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här François Bausch.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Jo?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ass et dann elo de Modell 2?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - De Modell 2 ass zrëckbehalde ginn, scho virdu, an nom Modell 2 huet d'Regierung 40 Minutten zegutt. An d'Regierung huet d'Wuert.

Déclarations

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Merci, Här President. An och Merci fir déi Debatt de Mëtteg. An ech kann all déi berouegen, déi hei mengen, do hätt eppes Wierkung gewisen. Ech muss lech éierlech soen: Ech hunn eréischt gëschter am spéiden Nomëtteg matkritt, wat sech hei ofgespillt huet.

An ech hu mech e bësse gewonnert, well am Endeffekt hat ech deemools an där Kommissioun, wou ech mat der Police war, déi op mäin Antrag hin och extra laang gedauert huet, jo awer, mengen ech, vill Informatiounen geliwwert. Dat kann een am Verbatim noliesen, ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, an ech wär frou, wann d'Éffentlechkeet dat och vill géif liesen, wat do gesot ginn ass. Dat war net oninteressant, menger Meenung no.

Mä ech hunn deemools virun allem gesot, datt ech prett wär, vun deem Datum un, wou déi Kommissioun war, all Dag, wann et misst sinn, 24 Stonnen an d'Chamber ze kommen, fir driwwer ze diskutéieren, wat un där Affär do drun ass, wat net drun ass, wat fir eng Meenungen datt et de part et d'autre gëtt a mech domadder ausenanerzesetzen.

Ech muss awer soen, Här President, ech sinn duerno net méi invitéiert ginn. Dat muss een awer och emol feststellen, wa mer dann elo hei diskutéieren, ouni engem do elo e Virwurf ze maachen, mä dat ass einfach e Fait. Ech hunn en Angebot gemaach, dat ass duerno net méi uegheoll ginn. Mä dat ass awer elo egal. Haut sinn ech elo hei an duerfir wäert ech och haut eng Rei Saache soen.

Ech wëll emol fir d'Éischt eng Virremark maachen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ze soen, datt den Dateschutz en Thema ass - an och de Schutz vun der Privatsphär vun deem eenzelne Bierger -, dee mech dreift, zënter datt ech politesch aktiv sinn, dee mer ëmmer extrem wichteg war. An dat kann een och, wann ee mä politesch Historique e bëssen nokucke geet, op munch Aart a Weis erausfannen - ech kommen nach herno op e puer Saachen zrëck, e puer Beispiller -, soudatt et mir am Dram net géif afalen, wann iergendeen Doute besteet par rapport zum Dateschutz oder zum Schutz vun der Privatsphär, datt ech dat net géif eescht huelen. Wann do en Doute besteet, da soll ee sech domadder ausenanerzesetzen. Wann e sech herno als onbegrennt erausstellt, dann ass dat jo kee Problem, dann ass dat jo eng gutt Saach. Wann e sech als begrennt erausstellt, da muss mer zesumme kucken, eis Froe stellen, wéi mer dat aus dem Wee geraumt kréien. Dat ass meng Aart a Weis, do drunzegoen.

Dat Zweet, wat ech als Virremark wollt soen: Ech mengen, ech sinn awer heibanne vun allen, inklusiv vun den Deputéierten, géif ech emol behaupten - et sinn zwar eng Rei nei Deputéierten hei, déi waren an där leschter Legislaturperiode net hei -, deen Onbefaangsten an deem Dossier. Ech hat weder ze di mat der Ausaarbechtung vum Dateschutzgesetz an ech hat och näischt ze di mat den Debatten an der Chamber vum Dateschutzgesetz, wéi dat gestëmmt ginn ass hei d'lescht Joer mat 57 Stëmmen. Ech hat och näischt dermat ze dinn, wat mat deenen Daten an deene leschte 35, neen, 39 Joer, wann ech bis 1979 zrëckginn, geschitt ass.

Ech sinn de 4. Dezember a mengem Amt als neie Minister fir bannenzeg Sécherheet vereedegt ginn. A bon, Dir musst mer esou vill zougestoen, datt vum 4. Dezember bis zum Mee, wou dat Ganzt hei an d'Éffentlechkeet komm ass, een awer net alles hätt kënnen op d'Kopp geheien an änneren. Mä ech hunn awer eng Rei Saache scho proposéiert, an zwar laang, ier iwwerhaupt dat doten zur Diskussioun komm ass.

Ech wëll duerfir dat alles hei rappeléieren. Ech war knapps e Mount mat mengem neie Man-

dat beschäftegt, dunn hunn ech der Chamber proposéiert, fir am Hierscht dëst Joer en Débat de consultation ze maachen iwwert d'Policegesetz an d'Policereform. Dat heiten ass en Deel vum Policegesetz, dat wësse mer jo, well et gi jo ganz kloer Lienen tëschent dem neien Dateschutzgesetz an deem heiten. Also ganz kloer, och wann dat hei net erauskomm wär zu deemem Zäitpunkt, hätt mer mat Sécherheet wahrscheinlech Saachen erausfonnt am Hierscht. Mä dat ass awer elo egal, ech wollt dat just soen. Dat hunn ech no engem Mount proposéiert.

Ech hunn och no engem Mount, wou ech a mengem Amt war, proposéiert, en Thema unzegoen, wat ech scho laang a puncto Dateschutz a mengem Kapp hat a wou ech mer och gesot hunn: „Wann s de dee Ministère iwwerhëls, wëlls de dat ugoen!“ An dat sinn d'Daten, déi iwwer Kamerae gesammelt ginn. Well et geet jo hei net nëmme em d'Daten, déi digital an de Computere sinn, mä och em d'Daten, déi iwwer Kamerae gesammelt ginn.

An ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi ech mech gezunn hunn am Januar an am Februar, fir de Kamerasystem VisuPol einfach emol auszedeenen op ganz Bouneweg, wat och alles gefrot ginn ass vun ënnerschiddlechen Deputéierten. An ech hu gesot, ech wëllt dat elo emol net maachen, well ech wierklech eng Rei Suergen hätt, esou wéi dat de Moment geregelt wär. An duerfir géif ech gar d'Inspection générale de la Police beoptragen, fir mer eng genau Analys ze maachen, net nëmme par rapport zum Dateschutz, mä och, wéini dat Ganzt e Sënn mécht, wéini den Agrëff an d'Privatsphär, dee mer jo egal wéi, souguer wa mer den Dateschutz hunn, hei maachen, wéini deen e Sënn mécht a wéini e kee Sënn mécht, well ech einfach d'Flemm hätt. Ech hat dunn op mengem Büro schon x Demandé leie vun anere Gemengen a vu Buergermeeschteren, wou ëmmer jiddweree wollt lénks a riets Kameraen ophänken. Do huet kee Mënsch sech staark interesséiert fir déi Fro vum Dateschutz. Duerfir hunn ech d'IGP domat beoptragt.

An ech muss och soen, wann ech da liesen an enger Press, datt gesot gëtt, ech hätt elo de Bock zum Gäertner gemaach, well ech der IGP deen Optrag ginn hunn, da wëll ech awer och drun erënneren, datt mer an der Inspection générale de la Police eng Reform gemaach hunn, an zwar um Enn vun der leschter Legislaturperiode, an datt mer d'Inspection générale de la Police komplett onofhängeg gemaach hunn. Virun allem, andeems mer dem Generalinspekter vun der Inspection générale de la Police eng Magistratin virdrugesat hunn, déi also un d'Spëtz gesat ginn ass, soudatt déi Administratioun komplett onofhängeg do ass, fir d'Police ze kontrolléieren. An et ass dat Normalst vum der Welt, dat steet iwwregens duerfir esou am Gesetz dran, datt de Minister déi kann huelen, net nëmme, fir engersäits d'Police ze kontrolléieren - déi ass jo souwisou duerfir do, an datt dat fonctionnéiert, hu mer och eréischt an deene leschten zwou Wochen erlieft, soudatt déi Reform sech bezuelt mécht -, mä awer och, datt de Minister hir ka verschidde Saachen an Optrag ginn.

Do hunn ech déi dunn ee Mount duerno, wéi gesot, beoptragt, emol driwwer eng genau Analys ze maachen, well dat och en Dateproblem ass. A wéi mir am Mäerz, dat kënnt Der lech vläicht nach erënneren, eng Kéier eng Chamberskommissioun haten, do sinn ech gedréckt ginn, wéini dann endlech déi Kameraen do kéimen op der Gare an iwwerall. Do hunn ech gesot, ech géif mindestens emol gar ofwaarden, bis ech den Avis hätt vun der CNPD, vun der nationaler Dateschutzkommissioun, ansonste géif ech op alle Fall mat Sécherheet iwwerhaupt keng Decisioun huelen.

Du kum deen Avis vun der Dateschutzkommissioun. An eigentlech war ech immens frou, datt dee meng Besuergnesser confirméiert huet. Et stoung net am Avis dran, et wär keng legal Basis do. Mä et stoung awer dran, datt et hirer Meenung no besser wär, et géif een e separat Gesetz maache fir déi ganz Fro vun den Daten, déi iwwer Kamera gesammelt ginn, wat mech gefreet huet, well dat ass souwisou dat, wat ech och wollt maachen.

Am Mee, wéi dunn déi ganz Geschichte hei ugaangen ass, du war dat Éischt, wat ech gesot hunn, no zwee Deeg: „Fir mech ass dat kloer, hei gëtt et Zweifel, hei gëtt et Froen, déi sech gestallt ginn. Mir mussen elo kucken, datt mer Kloerheit drakréien an ob muss nogebessert ginn oder net.“

An do hunn ech nach eng Kéier d'Dateschutzkommissioun beoptragt, fir en Avis ze maache par rapport zum Policegesetz an dem Dateschutzgesetz, wéi déi Daten do ze gesi wäeren. An ech hunn nach eng Kéier d'IGP beoptragt, fir eng genau Analys ze maachen. Ech hu souguer der Chamber de genaue Wuertlaut vum Text gi vum Optrag, deen ech hinne ginn

hunn. An ech mengen, jiddwereen, deen dee liest, dee kann dra liesen, datt dat net näischt ass, wat ech do gefrot hunn, mä datt dat wierklech an den Detail geet. Also kloer, vun Ufank un éischters sensibiliséiert um Thema duerch eng ganz Rei Saachen, déi ech an deene puer Méint, wou ech do sinn, gemaach hunn, an zweetens awer och duerch déi Enquêtes, déi ech bestallt hu vun deenen eenzelnen Organismen, déi zoustännege sinn.

An dann ass et esou, datt ech natierlech och net nëmme gewaart hunn. Et ass net esou, datt ech elo am Mee gesot hunn: „Ech ginn der CNPD an der IGP en Optrag a fir de Rescht sätzen ech mech emol dohinner an ech waarde gemittlech, wat geschitt.“ Bon, dat wëist d'Chamber vläicht net, mä duerfir soen ech dat dann haut: Ech hat duerno schon x Réunion-de-servicé mat der Police, wou mer eis eng ganz Rei Froen, déi hei aus där ganzer Diskussioun ervirginn, gestallt hunn a wou mer amgaange sinn, d'Saachen ze analyséieren.

An ech wëllt lech soen - an do kommen ech zum Punkt, wéi komplizéiert déi Geschichte ass -, datt ech elo e Gesetzesprojet zrëckgehalen hunn, deen ech vun der DAC, also vun der Administratioun, déi zoustännege ass fir d'Sécherheet um Fluchhafen, virgeluecht kritt hunn, wou am Artikel 3 vun deem Gesetzesprojet drasteet, datt si gären hätten, datt an Zukunft fir all d'Gesellschaften, déi „airside“ um Fluchhafen operéieren, e Contrôle des antécédents gemaach gëtt. Dat baséiert natierlech op enger europäescher Direktiv, pardon, net enger europäescher, op enger EASA-Direktiv, wat d'DAC proposéiert huet. An d'Police ass erausgesicht ginn, fir dat ze maachen. An do steet dat dann am Artikel dran.

Do hunn ech dat zrëckgehalen. Firwat? Duerch dat Gesetz kritt ech natierlech eng legal Basis, fir datt d'Police dat ka maachen. Awer esou, wéi d'Frostellungen hei alleguerte lafen, geet dat jo net duer. Et geet jo net duer, wann ech dat richteg verstinn, datt ech eng legal Basis a verschidene Gesetze hunn, déi der Police erlaben, eppes ze maachen. Mä d'Fro, déi sech jo elo hei stellt, ass: Wéi gëtt et gemaach? Wéi wäert dierf d'Police goen? An esou weider an esou fort.

Ech soen lech awer direkt, datt dat net einfach gëtt. Well wann do steet, de Contrôle des antécédents ze maachen, dann heescht dat jo net nëmme, de Casier ze weisen, well soss stéing näamlech do, deejéinegen, deen eng Plaz wëllt fannen, dee soll säi Casier eraschécken, a wann dee vierge ass, da gëtt e geholl. De Contrôle des antécédents heescht ganz kloer, datt eng Rei Sécherheetskritäre sinn, um Fluchhafen zum Beispill, an datt do muss méi gekuckt gi wéi de Casier.

An duerfir hunn ech der Police an och der DAC gesot: „Ech leeën dat Gesetz do op Ais!“ Ech soen lech awer och direkt, datt dat net einfach gëtt, well d'Fluchgesellschafte wäerten net ganz happy driwwer sinn. Wann déi näamlech Piloten oder Leit astellen, déi „airside“ wëlle schaffen, da wäerten déi mer elo natierlech op den Daach klammen a soen: „Wéi ass dat do elo méiglech?“ Mä ech soen lech, ech huelen awer keng Decisiounen. Well an deem Gesetz stéing en plus nach am Artikel 3 dran, datt d'Police dee Contrôle des antécédents géif maachen an datt den zoustännege Minister vun der Sécurité intérieure da misst d'Decisiounen huelen.

Bravo! Einfach! Wéi mer gesinn, ass dat jo ganz einfach, wéi mer déi Debatt hei de Moment verfolgegen. Also ech soen lech, wann ech hei net, esou wéi mer elo diskutéieren, am Detail Kritäre kréien, wat do dierf gemaach ginn, wat dierf gekuckt ginn a wat an deene Rapporten dierf stoen a wat ech dierf virgeluecht kréien, da soen ech, da wäert ech déi Decisiounen net huelen, ganz kloer!

Mir mussen eis natierlech och bewusst sinn, an ech wëll lech drop hiweisen, datt et entretemps aacht Gesetze gëtt - aacht Stéck! -, déi eleng d'Police betreffen, wou Referenzen dra stinn, fir d'Contrôle-des-antécédents ze maachen. Da muss mer eis och bewusst sinn, wat dat heescht fir déi aacht aner Gesetze. Wann ech da fir all déi aacht Gesetze, wou déi Referenz steet, wou also eng legal Basis do ass - et ass net esou, wéi gesot gëtt, datt keng legal Basis do ass, mä wou mer just d'Ausféierungsbestimmunge mussen definéieren, well dorëms geet et jo schlussendlech hei an där ganzer Diskussioun -, da muss mer fir all déi aacht Gesetze am Policegesetz, wéi mer et elo diskutéieren, genau beschreiwen, wat se do dierfen a wat se do net dierfen.

Duerfir soen ech lech och direkt: Wann een hei vu mir verlaangt, datt ech e Gesetz soll maa-

chen, dat am September oder am Oktober, wéi eng elo héieren hunn, scho soll virleien, bei där Komplikatoun, da soen ech em, datt et net vun ongeféier ass, datt viru mir, mengen ech, siwe Virgänger waren, déi 39 Joer gebraucht hunn, fir dat hei ze regelen, an et nach net hikritt hunn. Den Här Frieden enner anerem. Tëschent 1997 an 2004 ass et iwwerhaapt keng legal Basis fir de Policiefichier ginn, den zentrale Fichier, well mer natierlech an dem neien Zeenario ware mat engem neie Gesetz vun 2002, wat duerno probéiert ginn ass vum deemolege Minister.

Wann ech dat soen, an dat hunn ech an all menge Rieden an och an allem, wat ech geschriwwen hunn, gesot, da geet et mir net drëm, Reprochen ze maachen. Et geet mir just drëm, fir opzeweisen, wéi komplizéiert datt den Dossier ass. Dat ass näamlech fale gelooss ginn. Dunn ass deen ale Règlement grand-ducal erëm reaktivéiert ginn, well effektiv de Statsrot alles zerrappt huet, wat déizäit geschriwwen ginn ass, a well et net fäerdegbruecht ginn ass vun deem deemolege Minister, fir et ze maachen. Dat ass kee Reproche un dee Minister, et ass just eng Feststellung.

An esou kënne mer de ganzen Historique beobachten. A wann Der déi ganz Situatioun hei gesitt, da wäert Der feststellen, datt dat alles wierklech vill méi komplizéiert ze regelen ass. Wat awer net heescht, datt mer et net solle maachen. Dat wëll ech awer gradesou soen.

Ech sinn hei bereet, an dat hunn ech och vun Ufank u gesot, an ech sinn awer duerfir der Meenung, datt mer awer och déi Rapporte brauche vun der IGP a vun der CNPD, fir kënne seriö ze diskutieren. Well mir wëlle jo awer elo dann hoffentlech eppes hei maachen, wat Kapp a Fous huet, wat d'Strooss hält fir d'Zukunft, wat definitiv richteg Neel mat Käpp sinn, wéi een esou schéi seet. Och wann et komplizéiert ass. Mä da brauche mer awer déi Basisdokumenter an déi genau an detailléiert Analysen, fir dat kënne ze maachen.

Dann hu mer zënter 2018 en neit Gesetz, zënter dem 1. Januar, pardon, 1. August 2018. Dat sinn, kommt, mir sinn emol ganz fein, soe mer, rechne mer de Juli och nach derbäi, et sinn eelef Méint. Mä wéi déi ganz Diskussioun ugaangen ass, war et emol nach keng zéng Méint hier, datt dat Gesetz do war.

Dat Gesetz ass gestëmmt gi vu 57 Deputéierten. A 57 Deputéierte waren zu deem Moment der Meenung, datt d'CNPD, déi effektiv eng Rei Saachen opgeworf huet an hirem Avis deemools, net recht hätt, mä datt de Statsrot recht hätt. An domadder wëll ech och scho soen, datt de Statsrot och d'Meenung vertrat huet, wéi de Gros vun der Chamber, datt et géif duergoen, dat, wat an deem Dateschutzgesetz géif stoen, datt dat géif vëllegen duergoen an datt een net bräicht an déi spezifesch Gesetze, wa Referenzen am Dateschutzgesetz sinn, nach eppes dranzesetzen.

Elo kënne mer natierlech laang driwwer diskutieren, wie recht huet an onrecht huet. Dat ass net relevant eigentlech, menger Meenung no. Relevant, dat muss fir mech sinn, datt, wa mir eis eens ginn heibannen alleguerten ..., an ech hunn domadder kee Problem, soen ech lech och direkt. Ech hu léiwéi méi Dateschutz wéi manner Dateschutz, an där Logik, wéi ech et am Ufank gesot hunn. Wa mer eis dann dorobber eens ginn, da muss mer eis awer just bewosst sinn, datt kréie mer net an dräi Méint hin.

An duerfir soen ech och direkt, wann ee verlaangt, datt dat neit Dateschutzgesetz a senger Komplexitéit, wat am August d'lescht Joer a Kraaft getrueden ass, datt no zéng Méint do schon alles soll esou sinn, wéi et soll sinn ... Ech gi souguer esou wäit, ze behaupten ... Well dat Dateschutzgesetz betrëfft jo net nëmme, an dat ass jo och e bëssen dat, wat mech heiansdo perplex mécht an där Diskussioun. Et huet een d'Impressioun, dat géif just d'Police oder d'Justice betreffen.

Neen, et betrëfft dee ganze Privatsektor. Et betrëfft de ganze Stat an et betrëfft sämtlech Datebanke beim Stat. A mir kéinten da ganz sécher all déi Datebanken, mengewegen, op de Metier huelen. Da sinn ech bal sécher, datt nach laang net alleguerten d'Datebanken, net nëmme déi bei der Police, bei der Justice an der Rei sinn, mä datt der wahrscheinlech nach ganz vill net deem entsprechen, wat do steet. Emol net deem entsprechen, wéi den Text et iwwerhaapt virgesäit, guer net ze schwätze vun Onkloerheeten, déi eventuell kéinten dra sinn, effektiv, wann et drëms geet, ze kucken, wéi mussen déi Ausféierungsbestëmmunge sinn.

Also, am Kloertext: Et muss drëms goen, datt mer hei gemeinsam zesummen dru schaffen, fir

herno e gudden Text erauskréien oder gutt Ännerungen oder Verbesserungen erauskréien. An och mam Hannergedanken - dat ass mäi leschten Appell, deen ech wëll maachen, an dat war och meng Suerg zum Deel bei Saachen, déi ech geschriwwen hunn -, och awer ëmmer mat dem Hannergedanken, datt déi Instanzen, em déi et hei geet, datt déi mussen kënne schaffen herno.

Well ech wëll awer drop hiweisen - an dat soen ech elo net, fir Drock ze maachen, mä ech soen et, well ech et wierklech esou empfangen, well ech all Dag gesinn, wéi geschafft muss ginn -: Et geet hei awer och em Police an et geet em Justice, an déi mussen kënne schaffen. D'Police muss hir Aarbecht kënne maachen. Mir dierfen net op e Punkt kommen, datt dat onméiglech gemaach gëtt.

An ech soen lech awer och direkt: Egal wat mer herno wäert vun Text erauskréien, ganz sécher wäert et iwwert dat rausgoen, datt ee ka soen, hei ass mäi Casier judiciaire, deen ass vierge, an duerfir ass alles, wat do gemaach gëtt, ongerecht. Dat wäert ganz sécher net duergoen.

An ech wëll lech och garantéieren, mä Wëllen ass, datt mer net nach eng Kéier 39 Joer waarden, ier mer dann elo hei Neel mat Käpp maachen, mä datt et soll séier goen.

Mä ech sinn awer dergéint, datt mer eis elo quasi - wéi soll ech soen? - eng Barrière setzen a soen, den 1. Oktober muss et fäerdeg sinn. Well da setze mer eis esou enner Drock, an ech soen lech och, dat wäert net méiglech sinn an der Praxis, fir dat ze maachen, trotz dem villen, wat dru geschafft gëtt, haut schonn.

Ech hunn der Police haut och schonn eng Rei Opträg ginn, wou se amgaange sinn, no Saachen ze kucken. Ech hunn och mengem Ministère - de Leit, de Juristen - schonn eng Rei Opträg ginn.

Dat heescht, alles dat wäert zesummeffléissen am Hierscht. Mä ech soen lech, mir packen et net bis den 1. Oktober, ganz sécher net. An ech mengen, et wier och falsch, fir eng Mindestlat ze setzen, déi esou en Drock mécht.

An da soen ech lech nach eppes um Schluss: Et geet och net drëms, wéi ech verschiddentlech héieren - op alle Fall, dat ass net meng Astellung -, weder fir Saachen op d'laang Bänk ze schiben nach fir Saachen auszesetzen.

Datt ee verschiddentlech net ëmmer kommuniquéiert - Dir kënnt lech virstellen, fir hei ... Ech maachen haut d'Diskussioun gär mat jiddweringem wou e wëllt. Mä ech soen lech, fir iwwerhaapt de Wëssensstand ze kréie vun all deene Gesetze, déi hei implizéiert sinn, vun deem, wat e gëtt, dat mécht een net a 24 Stonnen. An ee Minister, deen esou reagéiert, deen hei géif aus der Héft schéissen, ech mengen, dee wär do falsch op der Plaz. Dat ass meng Iwwerzeugung.

Hei muss Rou kommen an den Dossier. Net Rou, fir net méi driwwer ze schwätzen, an och net Rou, well mer d'politisch Auseenansetzung fäerten, an och net Rou, fir d'Saach op d'laang Bänk ze schiben, mä Rou, fir datt mer herno e gudden Text kréien an e gudden Dateschutz herno zu Lëtzebuerg hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. An ech géif d'Wuert direkt weiderginn un den Här Justizminister, den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. A Merci och fir d'Geleeënheet, déi mer kréien, fir haut virun der Chamber nach eng Rei Erklärungen ze gi respektiv och op Froen ze äntwerten. Ech muss viles vun deem, wat de François Bausch gesot huet, leider e bësse widerhuelen oder paraphraséieren, well dat och fir mech gëllt, mä ech wëll et awer trotzdeem och selwer eng Kéier soen.

Mir si jo elo zënter e puer Wochen an enger Diskussioun am Land, wou vill Saache gefrot ginn, awer och vill Saache behaupt ginn. An den Här Bausch an ech, mir hunn elo zënter Woche probéiert, ouni Polemik, Punkt fir Punkt, op déi Froen ze äntwerten. Mir hunn dat gemaach an der Chamber. Mir hunn dat gemaach an Interviewen no der Chamber. Mir hunn dat am engem oppene Brëif gemaach. A mir probéieren zënter e puer Wochen, alles, wat gesot gëtt, ze beäntwerten, à notre meilleure connaissance ze beäntwerten an och ze erklären.

Mir hunn dat gemaach ouni mam Fanger op iergendeen an der Vergaangenheet ze weisen. Mir maachen dat ouni mam Fanger ronderem eis ze weisen. Mä mir äntwerten op déi Froen a probéieren dat och dowéinst ouni Polemik ze maachen.

Fakt ass awer, dass et en Deel gëtt vu Polemik, an déi Polemik entsteet och zum Deel aus Ver-

mëschungen, déi gemaach gi vu verschiddene Saachen, wat och fir mech notament e bëssen eng Schwierigkeit ass, fir öffentlech drop ze äntwerten, well ech ginn da pèle-mêle Saache gefrot, déi entweder d'Police betreffen oder déi d'Magistratur betreffen. An eigentlech misst ech zënter Woche soen: „Mat der Police hunn ech näischt ze dinn, dat ass en aneren.“ Bei der Magistratur misst ech soen: „Mä et ass Séparation des pouvoirs. Si huelen hir Decisiounen, ech hunn déi net ze kommentéieren.“

Dat hunn ech awer net gemaach, well ech ganz gären och mech deenen Interrogatiounen stellen, déi d'Leit hunn. A mir hunn och probéiert, déi alleguerten ze beäntwerten, esou gutt wéi mer dat kënne.

Ech ënnerscheiden an där ganzer Diskussioun eigentlech zwou Saachen. Dat eent ass eng Diskussioun um Fong - ech kommen herno nach dorobber -, well ech fannen, dass déi parfaitement legitim ass an dass och kee sech där Diskussioun soll entzéien. Dat anert, an domat hunn ech awer vill Zäit an deene leschte Woche verbruecht, dat ass, eng Rei falsch Behauptungen ëmmer nees ze widerleeën. Mä et gëtt net wierklech och ëmmer zur Kenntnis geholl, och wa mer eis dofir Zäit geholl hunn an och bereet sinn, Zäit ze huelen.

Ech wëll och dofir dat, wat de François Bausch scho gesot huet, nach eng Kéier ennersträchen. Mir waren invitéiert gi vun déi Lénk, den Här Bausch an ech, an eng Jointe ze kommen tëschent Justiz- a Sécurité-intérieures-Kommission, wou mir allen zwou gesot hunn, mir wäere bereet, net nëmme, wat mer gemaach hunn, dee ganze Moien dozebleiwen, mä och nach iwwert d'Mëttesstonn, och nach dee ganzen Nomëtteg an och nach deen Dag drop erëmzokommen, an datselwecht gëllt fir haut, fir dass mer all materiell Froen, déi sech stellen, kënne beäntwerten.

Dat huet net verhënnert, dass duerno awer aner Saache gesot gi sinn, notament, dass nach Froen net beäntwert wieren. Mir stellen eis dann haut och nach eng Kéier gären all deene Froen, déi bis elo nach net gestallt gi sinn, fir se, wann et muss sinn, ze beäntwerten, esou gutt wéi mer dat kënne an esou präzäs wéi mer dat kënne beäntwerten.

Dozou gehéiert, dass gesot gëtt - an do schwätzen ech deen Deel un, deen d'Magistratur betrëfft -, dass do Datebänken ouni Base légale géife gefouert ginn. Ech soen et nach eng Kéier: Dat ass eendeiteg net de Fall.

D'Base légale fir déi Fichieren, déi et do gëtt, déi geet laang zrëck. Déi hat emol eng Kéier tëschent '90 a '94 keng Base légale, well dat Règlement net erneiert gi war. Mä zënter 2002 sinn déi Fichieren opgrond vum Dateschutzgesetz vun 2002 a se lafen zënter dem 1. August opgrond vum Dateschutzgesetz vum 1. August 2018.

A mer wësse jo, dass mer deemools zwee europäesch Texter ëmgesat hunn, den europäeschen Dateschutzpaket, dat eent e Règlement, wat ganz allgemeng beim Stat gëllt, an dat zweet eng Direktiv, wat spezifesch fir Données policières et judiciaires zoutrëfft, wat jo net eng Exklusivitéit ass vun der Police oder der Justice.

Et gëtt also eng Base légale. D'Diskussioun, awéiwäit dass een déi soll verbesseren, dozou kommen ech herno, mä et gëtt eendeiteg eng Base légale fir déi Fichieren.

Zweetens gëtt geschwat vu geheime Casieren. Och dat muss ech ganz kloer zrëckweisen.

Dee JUCHA - an ech erklären herno nach eng Kéier e bësse méi genee, wat dat dann ass, dee JUCHA -, wou gesot gëtt, dee wär geheim, deen ass mitnichten geheim! Ech hat den honorablen Deputéierten, den Här Mosar, och de 4. Juli op RTL héieren, wou e gesot huet, en hätt eréischt an de leschten Deeg iwwerhaapt eppes vun deem JUCHA do héieren. Ech muss dat awer e bësse relativéieren, Här Mosar.

Et gëtt zum Beispill e PV vun enger Commission juridique vum 13. Mee 2015, dat läit scho véier Joer zrëck, wou Dir awer och präsent waart, wou iwwert de JUCHA geschwat ginn ass, näamlech am Kontext vum Rapport d'évaluation iwwer Lëtzebuerg am Kader vun Eurojust, wou de JUCHA erkläert ginn ass vun eiseinm Vertrieeder bei Eurojust, a wou mer och aus dem Rapport jo konnten enthuelen, dass eis europäesch Evaluateure vun der Kommissioun an deem Rapport d'évaluation mutuelle ausdrécklech de JUCHA souguer als bonne Pratique duergestallt hunn an dass d'Evaluateuren eng Rei Virschléi gemaach haten, fir zum Beispill d'CRlen, déi bis dohinner net am JUCHA integréiert waren, och an de JUCHA kënne opzehuelen. Dat ass och geschitt an dat ass och an der Kommissioun unanimement bestätegt ginn.

Dir waart och deemools do präsent, Här Mosar. Dofir, ech menge schonn, dass jiddwereen, dee

sech mat där Matière déi lescht Jorzéngte befaasst huet, duerchaus weess, dass et an der Magistratur e Fichier gëtt, dee JUCHA heescht. Et ass also mat Sécherheet näischt Geheimes.

Ech wëll dann och an zwee Wuert soen, wat dat dann ass, dee JUCHA. Dee JUCHA ass kee Fichier an deem Sënn, wéi zum Beispill beim Fichier central bei der Police oder bei aneren. De JUCHA ass e Répertoire. Dat ass och erkläert ginn. An dofir gëtt et och kee Widdersproch tëschent den Erklärungen, déi de Procureur général d'État ofginn huet, an deenen, déi de President vun der Cour supérieure als President vun der Autorité de contrôle judiciaire ginn huet. Déi zwee kennen de JUCHA an déi zwee erkläre keng verschidde JUCHAen, wa se an der Chamber doriwuer befrot ginn.

De JUCHA ass e Répertoire, deen et erlaabt, all déi PVen, déi erakommen ... Vu verschiddeste Plaze komme PVen era bei d'Justiz, bei d'Magistratur; iwwer 60.000 eleng am Joer 2018. Dass een dat net op der Hand ka geréieren an erëmfinden, mengen ech, licht jiddweringem an. Am Joer 2019, dass dat elektronesch muss geschéien, ass evident.

Mä an deem JUCHA sti keng Fichieren a keng Dossieren. D'Dossieren sinn an der Justiz nach ëmmer um Pabeier, an zwar bei deem Magistrat, dee grad dee Moment an der Prozedur och mat deem Dossier do befaasst ass.

De JUCHA ass e Répertoire. Wann een do en Numm antippt, da steet do just - dat hunn ech mer och erkläre gelooss - den Numm, d'Nummere vun de PVen, a wéi engem Statut dass déi Persoun an deem Dossier ze dinn hat. Do steet, ob dat Droit commun ass oder Circulatioun an esou weider, där doter Informatiounen, an och wou deen Dossier an der Prozedur dru wier.

A wann een da wëllt wëssen, wat an deem Dossier drasteet, da muss ee selbstverständlech bei dee goen, deen dee Moment an der Prozedur zoustänneg ass. Deen huet den Dossier. Dat wäert allerdéngs änneren am Kader vum „paperless justice“, wou dann d'Dossieren an Zukunft - an dat wëlle mer jo alleguerten; och do gëtt et an Europa Konsens driwwer, fir op dee Wee ze goen - tatsächlech elektronesch ginn. An dann ass dat net méi, wéi dat haut de Fall ass.

Mä dee JUCHA, ech soen et nach eng Kéier, ass e Répertoire, en Inhaltsverzeichnis. Stellt lech vir, Dir hätt e Buch. Dir hutt e Buch vun 300 Säiten an Dir hutt virdrun eng Säit drop, wou drasteet, wéi eng Kapitelen op wéi enger Säit ufänken. Ben, dat ass e bëssen dat, wat de JUCHA ass. Dat ass e Répertoire administratif de gestion administrative, mä u sech net e Fichier.

En ennerläit natierlech, well en elektronesch ass, och den Dateschutzregelen. An déi gëlle jo och an der Magistratur. Wat do gëllt, steet souwuel an där europäescher Direktiv wéi an deem Projet de loi, dee mer vum 1. August un en vigueur hunn, dee mer hei och mat 57 Joestëmme ugeholl hunn, well mer der Meenung waren, déi Regele wieren, esou wéi se haut am Gesetz stinn, gutt genuch. An dorunner, mengen ech, daerf een also och net zweifelen, wa gesot gëtt, ob et do eng Base légale gëtt oder net. Déi gëtt et eendeiteg.

Eng Remark och - den Här Bausch ass och schonn dorobber agaangen - zu där Logik, fir ze soen: de Casier oder näischt. Wann et de Casier ass, ass alles legitim. Wann aner Informatiounen nach do sinn, déi net de Casier sinn, dann ass dat fir sech illegitim.

Ech wëll just soen, dass d'Ministèren alleguerten, an net just d'Police oder d'Justice, mä all d'Ministèren, déi vun esou Saache betraff sinn, opgrond vun enger Base légale, déi se hunn - an där gëtt et der eng ganz Partie, där Base-légallen -, och Informatiounen mussen kréien, déi iwwert de Casier erausginn.

Ech ginn lech just zwee Beispiller aus mengem Ressort. Mä wann Der d'Ministère kucke gitt, där ginn et der méi, där Base-légallen. Bei mengen Ressort ass dat zum Beispill d'Waffegesetz oder d'Gardiennagesetz. Am Waffegesetz, deem besteeënden, och am Gesetz iwwert de Gardiennage, well et do och em Waffe geet ... Déi Leit, déi Gardiennage maachen, mussen d'Recht kréien, eng Waif daerfen ze droen, zu hirer eegener Verteidegung, le cas échéant, och ze benotzen.

Do mussen mir, ier mer de Waffeschäin ausstellen, kucke goen ... An dat steet am Gesetz. Do steet net just: Huet déi Persoun e Casier? Do steet am Gesetz souguer de Comportement général vun där Persoun. An do gi mer och nofroen a soen: Gëtt et do iergendwellech Unhaltspunkten iwwert déi Persoun, ob et do eng Dangersitéit gëtt oder eng Labilitéit oder wat och ëmmer, fir et eis ze erlaben, dee Waffeschäin tatsächlech nëmme de Leit ze ginn, déi an den Ae vun der Verwaltung raisonnablement Gewähr bidden, dass se och da mat deem Waffeschäin do näischt maachen, wat se net hätte sollen dierfen.

A wa mer engem e Refus ginn, dann ass déi Persoun natierlech an hirem Recht, fir déi Decisioun vun der Verwaltung ze contestéieren, op d'Gericht ze goen, um Verwaltungsgericht ze kloen an ze soen: „Hei, de Justizministère gëtt mir kee Waffeschäin. Ech fannen awer, dass dat net richtig ass.“

Déi Grënn, déi si invoquéieren, sinn en toute transparence, well déi Leit gi jo och bei d'Police geruff. Déi kréien e Questionnaire do gemaach. Do gëtt et eng ganz Prozedur. D'Leit wëssen also, wat do gekuckt gëtt, well mer alleguerten net wëllen amerikanesch Zoustänn kréien, wou eng riseg Diskussioun an Amerika zënter Jore besteet, ob ee soll déi Background Checks maachen oder net.

A mir fanne vun Europa aus: Dach, an Amerika missten d'Waffegesetz méi streng sinn. Mä wa mer dat hei maachen, da gëtt dat op eemol mat Argwohn gekuckt an et gëtt sech gewonnert, dass mir beim Ausstelle vun engem Waffeschäin méi kucke wéi nëmme dat, wat am Casier steet. Mä, dat steet am Gesetz.

Wann also d'Chamber der Meenung wier, dass an Zukunft en toute matière an all de Ministère just nach soll de Casier gëllen, da muss mer eng ganz Rei Gesetzer änneren an do iwwerall kloer präziséieren, dass et just nach em de Casier geet.

Ech ginn lech e Beispill, wou ech dat geännert hunn. Mir haten an der Nationalitéit ëmmer fréier déi Traditioun, dass hei d'Chamber d'Leit Lëtzeburger gemaach huet. Dann huet d'Chamber alles gekuckt. Do ass dat, wat mir haut kucke bei de PVen, näischt am Verglach! Ech wëll just der Chamber dat rappeléieren.

(Brouhaha)

Dat ass vläicht net esou gewosst ... Da loosst mech dach ausschwätzen! Ech mengen, et ass grad interessant.

Ech mengen, dass d'Chamber jorelaang praktizéiert huet, dass déi Indigènes-Dossieren, déi hei gelant sinn, an der Commission juridique an duerno hei an der Plénière am Detail zerpléckt gi sinn. Dann hu mer à huis clos, fir dass kee weess, wat mer maachen, d'Leit ugeholl oder refuséiert. An dann hu mer de Leit just geschriwwen: „Dir sidd net geholl“, ouni iergendeng Motivatioun, ouni dass se sech konnte wiere virun engem Geriicht an esou weider.

Dat hu mer ofgeschaaft, nodeems d'Chamber selwer dat während Jorzéngten esou praktizéiert huet. Do sinn déi Praxisse par rapport zum Fichier central glaskloer an haart geregelt am Verglach.

Ech hunn dunn d'Nationalitéitgesetz och geännert. En Nationalitéitgesetz, wat och ëmmer Spillraum hat fir Interpretatiounen. Zënter deem neien Nationalitéitgesetz steet kloer dran, wat gekuckt gëtt: de Casier. An do steet dran: Wann een am Casier an deene leschten esou vill Joer eng Condamnatioun hat zu méi wéi x, ass et elimatoire. Wann een dat net huet, ass alles okay.

Wann d'Chamber also der Meenung wier, dass mer en toute matière an Zukunft nëmme nach Condamnatioun solle kucken a soss guer näischt, da muss d'Chamber an enger ganzer Rei vu Gesetzer ... An d'Regierung steet där Diskussioun, mengen ech, ganz oppe géint-iwwer. Mir kënnen gären iwwerall kucke goen, wou et esou Legislatiounen gëtt, déi méi wéi de Casier an der Base légale froen, wat mir alleguerten ëmsetzen. Wann d'Chamber där Meenung wier, da muss mer dat iwwerall an deene Gesetzer änneren goen a kloer soen: An Zukunft géllt just nach de Casier a soss guer näischt!

Ech soen lech awer elo schon, dass ech dann zum Beispill beim Waffegesetz Problemer gesinn, well mer da vun enger strenger Legislatioun, déi derfir suert, dass wierklech Leit e Waffeschäin kréien, wou mer och raisonnablement kënnen Vertrauen dran hunn, eriwwer ginn op eng vill méi grouss Zuel vu Leit, déi a Fro kommen, obwuel se Antecedenten hunn, déi net ganz rassurant sinn, just nach keng Condamnatioun an deem Beräich haten. Da gi mer an der Waffegesetzgebung op e Wee e bëssen, wéi en an Amerika besteet; wat mer awer par ailleurs jo alleguerte soss kritiséieren.

Dofir soen ech: Doriwwer kann ee selbstverständlech schwätzen. An den Här Bausch an ech si bereet, iwwer alles dat, esou laang wéi Der wëllt, ze diskutéieren. Ech maache just e klengen Appell dorunner, dass mer eis déi Diskussioun hei net méi einfach maachen, wéi se ass. Et ass méi komplizéiert wéi esou!

An et gëtt eng Rei Beispill, wou et duerchaus richtig ass, dass ee probéiert, net nëmme an exklusiv mam Casier ze schwätzen, mä och mat aneren Argumenter. An ech sinn iwwerzeegt: Wa mer déi Diskussioun géife féieren, kéime mer net zu anere Konklusiounen wéi deenen doten.

Eng aner Remark, déi ech wëll maachen, ass déi, dass et och am Beräich vun der Strohverfolgung wichteg ass, iwwer Informatiounen kënnen ze verfüegen, déi méi laang zrëckgräifen.

D'Justizautoritéiten hunn erkläert, dass bei hinne d'Donnéeën, wann et em Contraventionne geet, zwee Joer laang aktiv an deem Inhaltsverzeichnis sinn, dräi Joer bei Crimes et délits. An duerno gi se archivéiert. Dat heescht, do kënnst ee guer net méi drun ouni Autorisation expresse et préalable vum Procureur général d'État. Wat et erlaabt, och Informatiounen, déi zum Deel méi laang zrëckleien, déi deemools net zu enger Condamnatioun, zu enger Affär gefouert hunn, ënner Ëmstänn laang Joren duerno kënnen erëmfannen, an enger méi aktueller Affär Lienen ze maachen a souguer derzou ka féieren, dass Leit kënnen virun hir Verantwortung gestallt gi fir Fäiten, déi heiansdo 10, 15, 20 Joer zrëckleien, net elucidéiert Fäiten, déi laang an der Vergaangenheet zrëckleien, dass een zum Beispill opgrond vun neien Techniken am DNA-Beräich et ka laang duerno méiglech maachen, dass een awer Kriminaler viru Geriicht kritt, fir dass se d'Veantwortung mussen iwwerhuele fir hir Doten.

Wann also d'Chamber géif mengen, dass dat prinzipiell falsch ass, dass bei der Justiz fir d'Bedürfnisse vun der Strohverfolgung - et ass dovunner, wou mer schwätzen, wa mer vun der Justiz an dëser Diskussioun schwätzen -, der Meenung wier, dass een all déi Donnéeën soll direkt läschen an irrecuperabel maachen, da wëll ech lech soen, dass mer déi Diskussioun heibanne mussen oppe féieren. An da muss jiddweree sech kloer positionéieren, op wéi enger Säit dass en do steet.

Ech soen lech elo schon, dass ech da wäert eendeiteg op der Säit vun deene stoen, déi wëllen hunn, dass Strohverfolgung méiglech bleift an dass déi Leit, déi sech net un d'Gesetz halen, och laang duerno, wann et muss sinn, kënnen mat Elementer vu fréier zur Responsabilitéit gezu ginn. Dofir, déi Logik, déi seet: „Alles, wat net Condamnatioun ass, an d'Poubelle, an alles, wat méi wéi zwee Joer laang zrëckläit, an d'Poubelle!“, ech soen lech ganz kloer: Ech deelen déi net! Wann et Leit gëtt, déi déi deelen, da muss se dat soen. An da muss mer doriwwer en toute transparence an en toute franchise diskutéieren.

Dateschutz ass net de Contraire vu Strohverfolgung. Och Dateschutz mécht Strohverfolgung méiglech. An et ass absolut noutwendeg, dass dat esou ass.

Dat si just e puer Saachen, déi an deene leschte Woche gesot gi sinn, wou ech awer muss richteg stellen.

Dat gesot, an den Här Bausch an ech hunn dat och schonn ëffentlech gesot, mir hunn et och scho geschriwwen: Mir sti selbstverständlech fir all Diskussioun zur Verfügung, wann et drëms geet, un där aktueller Legislatioun eppes ze verbesseren. An déi Legislatiounen, dat sinn der zwou. Dat sinn der zwou!

Dat eent ass den europäeschen Dateschutzreglement. Ech kucken op d'Madamm Reding. Déi weess och nach eppes dovunner an och em d'Bedeutung vun deenen Texter fir den Dateschutz a fir d'Strohverfolgung an Europa gläichermoossen. Well och an Europa ass dat eent net géint dat anert ausgespillt ginn, mä et ass ausdrécklech an zwee verschidde Corpse béides méiglech gemaach ginn. Dateschutz fir d'Protektioun vun der Vie privée vun de Leit, Dateschutz fir och d'Big Data Economy méiglech ze maachen als Vertrauensbasis, fir déi méiglech ze maachen, an awer och den Ëmgang mat Dateschutz an engem Kontext vun Données policières et judiciaires.

An, wéi gesot, net nëmme d'Police an d'Justice hu mat esou Donnéeën ze dinn, well alles muss ënner een Hutt bruecht ginn an net dat eent géint dat anert ausgespillt ginn.

Mir hunn déi Gesetzer, dat Reglement an déi Direktiv ëmgesat. Zënter engem Joer, net grad, gëtt et déi. Wann also haut d'Chamber, ee Joer nodeems se mat 57 Jo-Stëmme den Text do ugeholl huet, der Meenung wier, dass een e Bilan soll maache vun deenen Texter a queesch duerch de Gaart beim Stat, bei de Gemengen, an der Privatwirtschaft kucken, wéi déi zwee Gesetzer ugewannt ginn, ma da si mir Demandeur!

Ech wär frou, wann ech als Éischte beim Stat kéint soe bei deene Saachen, déi iergendwéi ënner menger Tutelle leien, souguer beim dréite Pouvoir, deem ech näischt ze soen hunn - well déi Séparation des pouvoirs, déi geet jo an zwou Richtungen, net just an eng -, ech wär frou, wann ech als Éischte kéint soen: Bei eis ass alles 100 % infailibel. Wann ech do den Éischte kéint sinn, wär ech net méi wéi frou!

Mä déi, déi mengen, dass sech mam Akraaftriede vun deenen zwee Texter den Dag drop eng Conformité générale am Land an an Europa géif astellen, dat ass et net! Dat weess

jiddweree. Och deen ieweschten europäeschen Dateschützer weess, dass mer hei an engem Prozess sinn, wou et och eng Dateschutzkultur muss ginn, déi sech entwéckelt op Basis vun deenen Texter, a wou mer d'Verbesserunge maachen, soubal wéi eis Defizienzen opfalen, an dorunner schaffen.

A mir sinn absolutt bereet iwwerall, wou iergendeppes ka besser gemaach ginn, dat och ze verbesseren! Awer net, well et do Skandalen gëtt oder keng Base-légallen oder wat weess ech, wat do gesot ginn ass. Mä wa mer op den Terrain einfach vun där sachlecher Debatt vum Bilan vun deenen zwee Gesetzer eriwwerkommen an zesumme probéieren, an enger Diskussioun iwwert déi nächst Wochen a Méint, well dat gëtt eng laang Diskussioun, am Detail ze kucken, wat een do ka verbesseren, da si mir absolutt bereet, dat op all de Pläng ze ënnerstëtzen. Kee Mënsch wëllt de Contraire wéi dat do.

Ech mengen, esou wéi et méiglech war, virun engem Joer, wou mer dat do och schonn alles diskutéiert hunn, mat 57 Jo-Stëmme deenen Texter eng Chance ze ginn, déi eent zu eent déi europäesch Texter iwwerholl hunn, misst et och méiglech sinn, och haut sachlech eng Bilanzéierung vu béide Gesetzer ze maachen, queesch duerch de Statsapparat, de kommunalen Apparat an och d'Privatwirtschaft, fir ze kucken: Wou si Verbesserungspotenzialer?

An do, wou d'Magistratur betraff wier, si si selbstverständlech d'accord, fir mat op dee Wee ze goen, well si maache keng Gesetzer. Si setzen déi em, déi d'Chamber stëmmt. A wann dat muer anerer sinn, da setze si déi em. A wann dat déiselwech si wéi haut, da setze si déi weiderhin em.

A wann do Verbesserungsspillraum ass ... Well och géint Decisiounen, déi an der Magistratur geholl ginn, kann ee Recourse maachen, en toute matière, och déi Decisiounen si susceptibel vun engem Recours. A wann do e Richter da géif tranchéieren, dass eng Decisioun richtig oder falsch war, da géllt dat fir jiddweree, och bannent der Magistratur! Ech mengen, et misst méiglech sinn, dass mer mat Sachlechkeit kënnen driwwer diskutéieren, wéi mer déi Gesetzer ze interpretéieren an ze bilanzéieren hunn. Mir stinn op jidde Fall zu Arer Verfügung, esou laang wéi et muss sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmoos, Här Braz. Mir kéimen dann zur uschlëssender Debatt. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Regierung Merci, dass se haut au grand complet komm ass, fir der Chamber Ried an Äntwert ze stoen. Ech muss lech ganz éierlech soen: Et wier gëschter vill méi einfach gaangen, ...

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ... well deen Antrag, deen d'CSV-Fraktioun gestallt hat a wéi en och nach eng Kéier vun der Fraktiounspresidentin vun der CSV, vun der Madamm Martine Hansen, virgedroe gouf, dat ass ganz einfach eng Applikatioun vun dem Chambersreglement gewiescht, näamlech: En Deputéierten, wann e vu fënnf Kolleegen appuyéiert ass, kann eng Modifikatioun vun dem Ordre du jour froen. Dat ass ganz einfach eng Applikatioun vum Artikel 31 Paragraf 13 vun eisem Chambersreglement.

An ech mengen, wann dat jiddwerengem heibanne méi familiär gewiescht wier, inklusiv lech, Här President, da wiere vill Diskussiounen an dat, wat herno geschitt ass, net virkomm. Jo, dat ass esou!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Zweete Punkt. Mir sinn elo gefrot ginn, fir Stellung ze huelen op Basis vun enger Deklaratioun vun der Regierung. Mir maachen dat dann elo aus dem Stegreif a versichen och, ...

(Interruption)

... jo, mir versichen och, dann déi Froen unzëbréngen, déi an deene 36 oder 37 Minutten, wou d'Regierung elo geschwat huet, awer net abordéiert goufen. Si hu sech éischter a méi generellen Äusserungen zum allgemengen Dateschutz dohinnergestallt.

Zu dem Historique. Et ass net jiddweree scholdfräi an deem Dossier. Dat soen ech och richtig fir d'CSV op der Chambertribün!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Lëtzebuerg huet 1979 en Dateschutzgesetz gestëmmt, en éischt

Dateschutzgesetz. Dat war sengerzäit an engem ganz anere Geescht vun enger medialer, vun enger digitaler Welt, wéi dat haut ass. An op Basis vun deem Dateschutzgesetz vun 1979 ass du spezifesch fir d'Police e sougenannt „Règlement grand-ducal“ geholl ginn 1992 mat alle Moyens du bord. An et ass versicht ginn, déi Polizeidatebanken esou gutt ze regelen, wéi dat ebe war.

De Punkt ass dunn: 2002 ass en neit Dateschutzgesetz komm, wat scho sengerzäit baséiert huet op enger europäescher Direktiv vun 1995, wann ech mech gutt erënnere, a wat eng ganz Rei vun neie Kritären am Schutz vun der Privatsphär - well dorëm geet et jo, em den Dateschutz - erabruucht huet an dem Sënn vun engem méi grouse Schutz vun de Bierger géint Abuse vu senge perséinlechen Daten an och opgrond vun deenen informatieschen an digitale Méiglechkeeten, déi et och scho sengerzäit gouf.

De Feeler, deen do geschitt ass, dat ass, dass op enger reng rechtlecher Basis dee Règlement grand-ducal vun 1992 eigentlech vu Joer zu Joer opgrond vun engem Règlement d'urgence vun der Regierung, déi net eleng - dat wëll ech awer och soen - bestanen huet aus der CSV ... Mä dat war eng Regierung souwuel mat de Kollege vun der LSAP wéi och tëschent 1999 an 2004 mat de Kollege vun der DP.

Also, hei kann net jiddweree soen, e wier scholdlos. D'CSV seet nach eng Kéier: Mir sinn net scholdlos!

Da muss een awer och soen, dass deen Dossier eng Evolutioun kann huet. Deen Dossier huet eng Evolutioun kann mat engem konkrete Punkt: Näamlech 2015 gouf et e Rapport vun enger sougenannter « Autorité de contrôle ». Wat ass déi Autorité de contrôle? Mä dat ass eng Autoritéit, déi sech agesat huet op Basis vun de Bestëmmunge vun dem Gesetz vun 2002. An déi sollt eigentlech generell kucken, och bei der Police a bei aner Datebanken, ob déi Fichieren, déi se opgestallt hunn, konform wieren zum Gesetz.

An do kann een awer, Dir Dammen an Dir Hären, net leegnen, dass 2015 schonns - 2015 schonns! - déiselwech Autorité de contrôle, déi sengerzäit presidéiert gouf vum deemolege President vun dem Staatsrot an dem deemolege Procureur général d'État adjoint, dem Här Georges Wivenes, dass déi schonns express drop higewisen huet, dass déi Datebanke bei der Police net géifen den Ufuerderunge vun dem Gesetz entsprechen. Dat ass e Fakt. Dee kann een net niéieren.

An et kann een och net niéieren, dass net hei à itératives reprises an der Chamber an deem Plenum mat deene Moyens du bord, déi d'Oppositioun nun eben emol huet, dorobber higewise gouf. Et ass heiansdo schwierig, dass ee sech selwer zitéiert, mä ech muss lech soen ...

(Interruption)

Jo, et ass awer nun eemol esou.

Här Statsminister, et ass gutt, dass Dir selwer hei sidd, well den 1. Dezember 2015 hat ech dann d'Éier, mat dem deemolege Fraktiounspresident, dem Claude Wiseler, Stellung ze huelen zu dem Avant-projet de loi iwwert déi Sécherheetsmoosnamen, déi sollte geholl ginn am Kontext vun der sougenannter „Bataclan-Affär“ zu Paräis.

Abee, do huet d'CSV gefrot a gefuerdert: „D'CSV fuerdert duerfir, dass d'Regierung parallel zu dem Gesetz iwwert déi nei Iwwerwachungsmethoden och e Reglement präziséiert, dat d'polizeilech Datebanke regelt an d'Rechter vun Bierger präziséiert.“ Dat hu mer gefuerdert.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Wéi eng Daten dierfen an der polizeilecher Datebank ofgespäichert ginn? Wéi ginn d'Fiches analytiques an där Datebank behandelt? Wéi laang dierfen d'Date vun de Leit an den Datebanke gespäichert ginn? Wéini mussen dës Date gelöscht ginn? Wien huet Accès zu de verschiddene Kategoriën vun Daten, déi an esou enger Datebank gespäichert sinn?

Ech mengen, dat ware konkret Froen a Fuerderungen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi hei an dem Chamberplenum bei enger wichteger Debatt virbruecht goufen.

A mir hunn eis net ginn, a mir ginn eis och nach net, well de Mount duerno ass an enger ëffentlecher Froestonn datselwech nach eng Kéier virbruecht ginn. Och do muss ech soen, an dat huet eis awer e bësse frustréiert, do war d'Äntwert e bësse vum deemolege Polizeimi-

nister: „Jo, mir kucken duerno. Mä fir de Rescht, Här Roth, kommt, sëtzt lech, an « la caravane passe, les chiens aboient »!“

Datselwecht nach eng Kéier an enger Fro un déi deemoleg Statssekretärin an der Police, d'Madamm Francine Closener. An elo liesen ech lech vir, wat d'Madamm Closener sengerzäit äntwert: „Mir hunn awer natierlech och schonns dee Volet (veuillez lire : dee Vott) anticipéiert a sinn elo eigentlech op där leschter Ligne droite“, seet d'Madamm Closener den 10. Mee 2016, also viru méi wéi dräi Joer; a lauschtert elo gutt no, „fir deen neien Text ze presentéieren, deen eben awer och den Ufuederunge vun där neier Direktiv Rechnung dréit.“ Also, mir sinn op der leschter Ligne droite. Bon.

Wat ass geschitt? Näischt!

Dunn hu mer nach eng Kéier intervenéiert. Jo, dat ass schonns déi véierte Kéier! Déi véierte Kéier hu mir intervenéiert mat enger Motioun beim État de la nation am Joer 2017, de 27. Abrëll 2017, fir et konkret ze soen, a wou mer geschriwwen hunn: « (...) invite le Gouvernement à asseoir la banque de données de la Police grand-ducale sur une base légale solide d'ici la fin de l'année ... », also 2017 schonns am Fréijoer, « ... à informer la Chambre des Députés de l'avancement des travaux y relatifs. »

Esou wäit zu dem Historique.

Also, fir hei ze soen, dass dat do elo op eemol där neier Regierung, deem neie Policeminister, deem fréiere Justizminister op de Kapp gefall ass, muss ech lech ganz éierlech soen: Op Basis vun deene Remarken, déi hei waren, wat faktuell Remarque sinn, ass op deem Punkt näischt geschitt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Roth, erlaabt Der, datt den Här Bausch lech eng Fro stellt?

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech géif léiwer meng Äusserunge fäerdeg maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Okay.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech mengen, mir hunn d'Regierung net ënnerbrach. An dann hutt Dir herno am Kader vun Ärer Zäit, oder wann Der gäre weider hätt, absolutt kee Problem, fir dozou Stellung ze huelen. Ech mengen, d'Remarke ware kloer an Dir kënnt och herno gradesou kloer äntwerten.

Da gëtt gesot: „Ma, Dir als CSV, Dir hutt jo 2018 dat Dateschutzgesetz matgestëmmt.“ Jo, a mir stinn dozou! A mir hunn et guddes Glaaws matgestëmmt! Well et wier jo e bëssen aberrant gewiescht, dass mer eng europäesch Dateschutzrichtlinn, wou mat Recht gesot gëtt, déi all Mënsch kujenéiert, vun deem klengste Beienzichterveräin bis zu där gréisster Sportsfederatioun, ...

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ... dass mer déiselwecht Regel net géifen applizéiert wëlle bei dem Stat, a besonnesch bei deenen Institutione wéi der Police, wéi der Justiz, wou ganz sensibil Date vun den eenzelne Bierger ofgespäichert sinn!

Selbstverständlech hu mer aus deene Grënn a guddes Glaaws dat Gesetz matgestëmmt, well och an den Aarbechten, déi am Virlaf waren, eis jo ëmmer gesot ginn ass: Ma d'Ufuederungen un déijéineg, déi Datebanke verwalten, déi gi méi grouss am Sënn vun engem méi grouse Schutz vun dem eenzelne Bierger.

An duerfir muss ech lech ganz éierlech soen, dass mer et net korrekt fannen, dass een op deen eigentleche Problem, deen et jo gëtt ... Wat ass den eigentleche Problem? Den eigentleche Problem ass emol net eng onzoulänglech Gesetzgebung, mä den eigentleche Problem kënnt doduerch, well déi Gesetzgebung, déi gestëmmt gouf, zwar e generelle Kader ass, dass déi an der Praxis mat dem JUCHA a mat de Polizeifichieren, esou wéi se hei virleien, ganz einfach net an de generelle Prinzipie vun engem Dateschutz applizéiert gëtt.

An aus deem Fait, well se (veuillez lire : déi Prinzipie vun Dateschutz) net applizéiert ginn, ass natierlech d'Fuerderung vun der CSV, fir dass, wann ee sech net un déi generell Dateschutzprinzipien hält, jo, da muss d'Chamber, de Legislatuer a leschter Instanz millimetergenau déi Datebanke esou regelen, wéi se dann och an der Praxis mussen applizéiert ginn, fir no de Kritären an am Schutz vun dem eenzelne Bierger senger Privatsphäre kënne déi Daten ze regelen, déi se mengt, missen dran ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Kontext muss ech lech ganz éierlech

soen, dass et awer fir e Rechtsstat dach e bësse befriedend ass, dass muss hei en eenzelne Fall opgeléicht gi vun engem Här Fürst - dat soer mer, well de Mann huet sech effentlech geäussert -, dee ganz einfach drop higewisen huet, dass déi Dateschutzprinzipien, esou wéi se och gesetzlech verankert goufen, eigentlech souguer vun der Justiz net richtig applizéiert ginn.

An ech woen ze soen, dass, wann dee konkrete Fall do net opkomm wier, dat Gewurstelt, an esou muss een et ganz einfach betitelen, riicht virugaange wier. D'Chamber a jiddwereen, Dir kënnt d'Gesetzter stëmmen, mä e bëssen nom Motto: „Mir fueren no eisen ale Praxisse riicht virun.“

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- De Punkt vun der sougenannter „JUCHA-Chaîne“, do ass gesot ginn: „Mä dat ass jo allgemeng bekannt. D'Gericht, déi brauchen dat do.“ Här Braz, ech wëll lech just drun erënneren, dass an enger Question parlementaire vun dem Här Mosar, déi en Enn Abrëll gestallt huet ... Dat ass d'Question parlementaire N° 0640, wann ech mech net iren. Ech hu se de vue, Här Statsminister, mä ech hu se net viru mer. Mä ech weess awer, dass do drasteet, dass et bei der Justiz genau zwo Datebanke gëtt.

Nämlech déi eng, dat ass de sougenannten „goAML“, dat ass déi, déi bei der Cellule de renseignement financier ass, also, loosse mer soen, alles, wat sech ëm d'Wäisswäsche vu Suen, Terrorismus an esou bekëmmert, dass et do eng Datebank gëtt, also fir grav, gravissime Strofhandlungen.

An déi zweet Datebank, déi do nach invoquéiert gëtt an där Question parlementaire, an där Äntwert: „Dat ass net de JUCHA. Dat ass gesot ginn, mä fir de Rescht, do hu mer de sougenannten ‚Casier‘.“ Okay. Da mengt jiddwereen, et wier ee berouegt.

Et ass eréischt duerno, wou et sech erausstellt, dass och d'Justiz nach aner Datebanke huet. An et ass eréischt an der Justizkommissioun, wou fir d'Eischt déi sougenannten „JUCHA-Chaîne“ ugesprach gouf!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- 2015 ...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Vis-à-vis vun der Chamber. Ma, Här Braz, ...

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- ... an der Chamber ...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ... sot dach emol ganz éierlech: Wann Dir eng Question parlementaire gestallt kritt als Justizminister, da kënnt Der dach net verweisen op 2015! Mä da sot de Leit riicht eraus an der Äntwert vun där Question parlementaire, dass et déi JUCHA-Chaîne ginn huet! Dat hutt Der awer net gemaach! A wéi Der villes net gemaach hutt am Sënn vun der Transparenz. Well, ech mengen, soss wier déi Debatt hei net an deenen Emstänn komm.

Dann zu de Plicedatebanke. Do maacht Der der Oppositioun de Reproche: „Jo, Dir hätt kënne Är Fro stellen.“ A mir hu gesot: „Et sinn eng ganz Rei Froen, déi sech nach opgedrängt hunn.“ Ech muss lech soen, an ech war net eleng do, do souzen 30 Leit an där Justizkommissioun, an där Kommissioun fir bannenzeg Sécherheet: Do huet jiddwereen, an ech mengen, net nëmme déi Leit vun der Oppositioun, mä och déi vun der Majoritéit, een deen anere mat groussen Ae gekuckt.

Well wat ass do zum Virschäin komm? Dass genau 2.000 Leit - 2.000 Leit! - bei der Police kënne d'Date vun engem eenzelne Bierger agesinn. 2.000 Leit!

Wat ass do zum Virschäin komm? Dass net nëmme Veruerteelunge vu Leit do opgeléicht sinn, mä dass souguer Handlunge vu Leit, wou d'Leit guer näischt dervu wëssen, wou se fräigesprach gi sinn, wou et en Non-lieu gouf, wou se rehabilitéiert goufen, wou Affäre klaséiert goufen, dass déi nach weider an deenen Datebanke vun der Police dra sinn. An dat net nëmme e Joer, net nëmme soulaang wéi d'Prescriptioun ass, also d'Verjäreung vun deenen Handlungen, mä wäit doriwwer eraus! 10, alt méi Joren! Da gi se eben an den Archiv. Mä jiddweree ka se herno nach consultéieren!

Da muss ech lech soen, dass et fir eis befriedend ass, dass grad de Justizminister an där Chamberskommissioun sëtzt, ouni emol mat der Wimper ze zucken, wann do erauskënt, dass souguer Handlungen, Zuwiderhandlungen - vermeintlech Zuwiderhandlungen! - vu Mineuren, also vu Mannerjäregen an deene Polizeidatebanke monter weidergefouert ginn, ouni dass dat iergendee stéiert!

An d'Verwaltungsgericht - dat ass jo dat, wat nach méi grav ass, Här Justizminister! - huet 2016 an enger spezieller Affär, wou engem Kandidat fir an d'Policeschoul Saache repro-

chéiert goufen, wéi e mannerjäreg war, wou en emol net concernéiert war, dat heescht, wou emol keng Veruerteelung komm war, wou just an engem Procès-verbal mentionéiert gouf, dass hien et net war, dass déi Persoun refuséiert gouf, fir an de Polizeidéngscht ze treden, einfach op Basis vun deenen Daten. Keng Äntwert!

Da muss ech lech soen: Ass et normal, dass Date verwalt ginn, dass d'Leit emol keen Droit à l'oubli hunn, en Droit à l'effacement? Dat heescht, dass einfach do Date vun onschëllege Bierger, Date vu Bierger, déi emol net wëssen, wat an hire Polizeifichieren dran ass, net kënnen effacéiert ginn, weder bei der Justiz am Endeffekt nach ass et eng ganz speziell Prozedur fir an den Archivag vum der Police.

An, Dir Dammen an Dir Hären, mir fannen et ganz einfach befriedend, dass dann d'Dateschutzkommissioun, déi jo erweidert Pouvoire krut, eng Dateschutzkommissioun, déi soll fonctionnéieren als onofhängegt Gremium vun deem Land, als Établissement public, dass déi zwar seet: „Mir maachen en Avis mat der IGP fir de Policeminister“, mä wa se da vun der Chamber gefrot gëtt: „Mä setzt emol de Leit e Formulaire online bei lech, dass d'Leit kënne froen, Accès op hir Daten ze kréien, déi bei der Police archivéiert sinn.“ Dat hu mer viru 14 Deeg gefrot an et ass bis haut nach net geschitt.

Dat ass net an der Rei, well wann ee seet: „Mir maachen en Avis fir de Policeminister“, dann mengen ech, muss een och enger Chamber nokommen, dass d'Leit sech net mussen am Wirrwarr vu Gesetzer ronderëmschloen, fir dass se déi Daten, sensibilst Daten, déi si concernéieren, kënnen offroen.

A mir fannen et net normal, dass eng ganz Rei vu Froen, déi mer gestallt hunn, keng Äntwert kruten. Et ass ...

Solle mer lech se dann nach eng Kéier soen?

Fannt Dir et normal, dass Date vu Leit, wou se onschëlleg dostinn, iwwer Joren, Jorzéngten an enger Fiche vun der Police oder vun der Justiz stockéiert sinn? Mir fannen dat net normal.

Sidd Dir der Meenung, dass dat konform ass zu de Prinzipie vun der Noutwendegkeet a vun der Proportionalitéit, also vun der Verhältnisméissegkeet, esou wéi se am Dateschutzgesetz vun 2018 virgesi sinn?

Sidd Dir der Meenung, Här Braz als Justizminister, dass et normal ass, dass Date vu Mannerjäregen, déi sech näischt zuschold komme gelooss hunn, déi emol net am Äge de responsabilité pénale sinn, nach ëmmer an deenen Datebanke opgeléicht sinn? Fannt Dir dat normal? Mir fannen, dass dat contraire ass zu dem Gesetz vum 1. August 2018 iwwert den Dateschutz.

Fannt Dir et normal, dass Verrieder vun dem Parquet général, Verrieder vun der Police an der Chamber confirméieren, dass eng Journalistioun net iwwert den Délai de prescription vun deenen eenzelne Faiten oder Handlungen erausgeet? Mir fannen dat net normal. A mir fannen, dass dat och net dem Gesetz vun 2018 gerecht ass.

Fannt Dir et normal, Här Braz, dass et fir d'Datebanke keen Droit à l'effacement gëtt, dat heescht, dass een en Droit à l'oubli huet, ob schonn en am Gesetz vun 2018 virgesinn ass? Mir fannen dat net normal.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fannen, dass d'Regierung hei net déi néideg Transparenz spille gelooss huet. Mir fannen et och net an der Rei, dass elo gesot gëtt: „Mir kucken elo. Mir kënne net direkt e Gesetzesprojet virleeën.“

Mir hätte gären am Sënn vun der Transparenz, dass hei ganz kloer op den Dësch geluecht gëtt, wat fir eng Datebanke mat wat fir engen Donnéeë gefiddert ginn, wien Accès huet zu den eenzelnen Daten.

A mir hätten och gäre Kloeerheit, an den Här Mosar wäert nach dorobber agoen, dass, contrairement zu deem, wat schrëftlech an de Question-parlementaire festgehale gouf, an dat huet wierklech dem Faass de Buedem ausgeschloen, souguer Leit bei der Zeremonie vun den nationale Feierlechkeeten, déi e Casier vierge hunn - e Casier vierge hunn! -, dass déi als potenziell verdächtig a risikoriich Persounen duergestallt goufe fir d'Sécherheet vun dem Land.

Dat geet an engem Rechtsstat net! An duerfir loosse mir eis Fuerderung och net lass, dass des Chamber bis d'Enn vun dem Joer, a muss dat souguer iwwer eng Spezialkommissioun goen, d'ganz Kloeerheit driwwer huet, wat fir eng Daten do gesammelt ginn zu wat fir engen Zwecken an zu wat fir enge Finalitéiten.

A mir hätte gären, dass déi Date ganz strikt geregelt ginn an zwee Spezialgesetzer: dat eent fir d'Justiz an dat anert fir d'Police. An den De-

lai bis un d'Enn vum Joer, wou déi Gesetzer mussen gestëmmt sinn, deen ass fir eis primordial.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vilmools, Här Roth. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Gëschter hat ech an enger kuerzer Interventioun gesot, datt mir deen Dossier géife ganz eescht huelen. A mat „mir“ hunn ech gemengt: souwuel d'Regierung wéi d'Chamber, mä natierlech och mir als DP-Fraktioun.

An ech wëll och hei eppes vu vieren ennersträchen. Ech mengen, d'DP, déi Liberal, fir déi ass den Dateschutz, de Schutz vu perséinlechen Donnéeën, e fundamentaalt Recht. An dat ass eppes, e Recht, wat mir och ganz héichhalen a wat mer och verteidegen. Dat ass eigentlech hei och fir eis d'Guideline, wa mer un esou en Dossier eruginn.

Ech wëll och soen: D'Rechtsstaatlechkeet ass och fir eis eng essenziell Prämiss fir eist Handelen.

An ech wëll einfach nëmme soen, och d'DP an, ech mengen, ech kann hei och fir déi aner Fraktioun schwätzen, déi stinn och fir Rechtsstaatlechkeet. Et ass keng Partei, déi de Monopol op d'Verteidegung vun der Rechtsstaatlechkeet huet, mä mir hunn alleguerten zesummen d'Aufgab, fir dat ze verteidegen.

An ech mengen, an deem heiten Dossier huet d'Chamber op alle Fall och, souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber, hir Verantwortung iwwerholl, andeem déi zoustänneg Kommissiounen - dat waren d'Justiz an, ech soen elo emol, d'Kommissioun vun der Police an der bannenzeger Sécherheet - och direkt prett waren, fir zesummenzekommen, fir den Dossier ze diskutéieren mat de concernéierte Verwaltungen, mat den Autorités de contrôle, mat der CNPD, awer virun allem och mat deenen zoustännege Ressortministeren.

Souwuel de Minister Félix Braz wéi de Minister François Bausch waren direkt prett, fir an d'Kommissioun ze kommen, fir kënne Ried an Äntwert ze stoen. Einfach nëmme fir ze soen, datt hei wierklech kengem dru geleëe war, fir eppes ze vertuschen, respektiv ass hei vun Ufank u voll op Transparenz gespillt ginn.

Hei gëtt vu kengem probéiert, Här President - hei wëll ech wierklech nach eng Kéier betounen: hei gëtt vu kengem! -, deen Dossier klengzehalen. Ech mengen, schonn eleng, wann ee kuckt, wivill Zäit mer eis geholl hu fir déi Kommissiounen. Normalerweis hu mer fir d'Kommissiounssitzungen annerhalfe Stonn. Hei hate mer Kommissiounssitzungen, déi vu moies néng Auer bis wäit iwwer Mëttag gaange sinn, wou all Fro konnt gestallt ginn, och kritesch Froen. Et ass alles, op alle Fall deen Dossier, mat grousser Serenitéit an Determinatioun ugaange ginn.

Et ass also och wierklech net probéiert ginn, eppes ze verstoppen, well mir hunn och eppes gemaach, wat eigentlech relativ selten ass - dat muss ee schonn an den Archiven nokucken -, datt mer fir normal, net effentlech Kommissiounssitzungen herno Verbatim publizéieren, wou all Bierger dobaussen am Land ka kucken, wat fir Froe gestallt gi sinn, wat déi eenzel Verwaltungen, wat d'Ministeren dozou gesot hunn. An da kann also jiddwereen dobaussen am Land sech selwer e Bild maachen a kucken, wat an deem Dossier hei am Parlament gesot ginn ass.

Einfach nëmme, fir nach eng Kéier ze ennersträchen, datt mer net kënne dee Virwurf akzeptéieren, datt hei sollt eppes vertuscht gi respektiv datt hei d'Regierung respektiv d'Chamber net géif hir Aarbecht maachen. D'Chamber ass do, dat ass kloer, fir d'Regierungsarbecht ze kontrolléieren. An d'Chamber mécht des Aarbecht bis elo exemplaresch. Jo, d'Oppositioun, mä awer och, muss ech soen, d'Majoritéitsfraktiounen, d'Majoritéitspartei kucken do och, hir Aarbecht uerdentlech ze maachen.

An déi Aarbecht ass jo och nach net ofgeschloss. Mir sinn eigentlech voll amgaangen. Haut si mer amgaangen ze diskutéieren. Mä och haut muss déi Diskussioun net ofgeschloss sinn, well et ass och schonn an de Kommissiounen gesot ginn, datt souwuel déi concernéiert Ministeren, och wann nach aner Verwaltungen oder nach aner Gremie solle geruff ginn, datt mer zu all Moment prett sinn, fir nach weider Kommissiounssitzungen ze maachen, fir den Dossier opzeschaffen.

An duerfir versti mer och net esou richtig, d'Aarbecht ass also net ofgeschloss gewiescht, datt gëschter gesot ginn ass, et wier en neie

Moment do an et sollt iergendeppes blockéiert ginn. Einfach fir nëmmen ze soen, dass hei nëischt blockéiert ginn ass, dass hei Transparenz spillt, dass eis hei allegueren dru geleeën ass, fir iwwerall voll kloerheet ze schafen.

An ech mengen, mir mussen einfach kucken, dass mer alleguer konstruktiv zesammen, souwuel d'Opposition wéi mir, deenen och dru geleeën ass, fir hei alles kloerzestellen, solle schaffen.

Ech mengen, e puer Wuert just zu deem, wat bis elo an de Kommissiounen ass, ouni an d'Detailer anzegoen. Awer einfach e puer generell Saachen, déi een do konnt feststellen.

Et ass esou, dass een eigentlech do awer Op-schloss krut op eng Rei Froen, déi gestallt gi sinn. Ënner anerem huet ee jo och gesinn, souwuel bei der Police wéi awer och bei dem Parquet, dass se do amgaange sinn ... Et geet jo eigentlech drëms, dass eigentlech déi zwou Verwaltunge mat hiren Donnéeën, mat hire Fichie mussen kucken, sech konform ze setzen zu deenen zwee Dateschutzgesetzter vum 2018; d'Dateschutzgesetz, dat méi generell an dat en matière pénale. Et geet also drëm, fir sech konform zu deenen Dispositionen, zu deene grouse Prinzipie vum Dateschutz ze setze respektiv dass dat muss emgesat ginn.

Just awer eng Klammer op: Mir sinn eis jo och bewosst - an ech kommen nach eng Kéier drop zrëck -, dass dat net an enger Woch, an engem Mount ka gemaach ginn, well et awer eng komplex Bestandsopnam ass. An et muss jo och da fir déi verschidde Fichiere gekuckt ginn, fir kloer Regeln ze fannen. Eigentlech géif d'Gesetz, wann een dat kuckt - ech weess net méi genau den Artikel, dat vum Dateschutz en matière pénale -, et souguer méiglech maachen, dass ee bis 2023 Zäit hätt - ech mengen, et ass esou formuléiert -, wann et méi komplex ass, fir do e ganze Relevé ze maachen, fir déi Regeln definitiv ze fixéieren.

Dat wëlle mer awer net. Mir wëllen allegueren, dass dat méi schnell soll viruoen. A mir hu jo och gesinn - dat muss een awer och festhalen aus deene Kommissiounen -, dass also déi zwou Verwaltunge vum éischten Dag un eigentlech awer, wéi dat Gesetz bis publizéiert war, Efforte gemaach hunn, sech beméit hu respektiv alles en place gesat hunn, fir dee Prozess unzegoen. Ënner anerem, dass ass jo eng wichteg Disposition vum Dateschutzgesetz, dass ee muss DPOen, also déi sougenannten „Délégués à la protection des données“, nennen.

Dat ass geschitt souwuel bei der Police wéi och beim Parquet wéi bei der Rei aneren Instanze vun der Justiz. A mir kruten ebe gesot, dass dat eng laangwiereg Aarbecht ass, wou da muss gekuckt ginn: „Wat fir eng Fichiere sinn allegueren do?“ Da muss dat gekuckt gi respektiv mussen dann natierlech fir den Émgang mat deenen Donnéeën och d'Prozedure kloer fixéiert ginn. Ënner erëm am Gescht vun deem, wat am Dateschutzgesetz vum 2004 steet.

Ech mengen, et ass kloer, dass also och dee Prozess nach net ofgeschloss ass, dass dat also dann nach - wann do d'Noutwendegkeet besteet, fir nach weider Opschloss ze kréien, dat hunn och elo d'Ministere gesot - an deenen zoustännege Kommissiounen gemaach gëtt, an dass mer awer dann och mussen kucken - an do si mir och gewëllt, konkret Léisungsvorschläge mat auszeschaffen -, fir um Enn vun den Aarbechte konkret Léisungsvorschläge op den Dësch ze leeën. An dat gëtt jo herno de sprangende Punkt.

Ech mengen, mir sinn eis allegueren eens, kann ech hei soen, dass mer also wëllen, dass dat Dateschutzgesetz, op alle Fall dat en matière pénale, soll präziséiert ginn, dass kloer Virgaben an d'Gesetz solle geschriwwen ginn, dass et transparent ass. An et ass eigentlech do, wou mer da mussen kucken, wéi mer legiferéieren. Ech mengen, dass ass dat, wou mer eis all eens sinn. Da solle mer dorop schaffen.

Mir mussen also an Zukunft kloer juristesche Regele festleeën. Ech hat virun e puer Deeg gesot: Mir mussen dat a juristesche Bëton géisen, déi Regeln, wat fir eng Donnéeë mer wëllen ophiewe respektiv wéi een herno domadder emgeet.

An ech mengen, do komme mer net derlaanscht, dass mer e separat Gesetz maachen. Et kann een dee Wee goen, dass een d'Dateschutzgesetz vum 2018 modifizéiert oder dat eventuell ausbaut, mä ech mengen, deen eenzege Wee ... An de Minister Bausch huet jo och schonn ugedeit, dass et eigentlech och him säi Wonsch wier, dass een do géif eng separat Legislation maachen.

Mir hunn dat jo och scho beim SREL-Gesetz. Do hu mer eigentlech an engem separate Gesetz kloer definéiert, wéi all déi Prozedure sinn, wéi mat den Donnéeën an där Verwaltung emgaange gëtt. An ech mengen, dass ass och

hei dee Wee, deen ee muss goen - dat war jo eigentlech och eng Proposition vum Statsrot schonn, wéi mer 2018 d'Dateschutzgesetz hei diskutéiert hunn -, dass een do soll an d'Richtung goe vun engem separate Gesetz. Wat mer eis also och hei sollen iwwerleeën: Ass et net besser, e separat Gesetz ze maachen, fir kloerheet ze hunn, ëmmer am Gescht vum Dateschutzgesetz vum 2018, wéi ee mat deene Fichieren emgeet?

Bei deenen Diskussiounen komme mer natierlech op d'Konsistenz vun deem, wat mer diskutéieren, respektiv da mussen mer eis hei allegueren eens ginn a kloer soen:

Éischstens: Wat fir eng Donnéeën dierfen opgehuewe ginn? Da mussen mer dat also da kloer definéieren.

Mir mussen dann och kloer Regeln opstellen: Wien dierf déi Donnéeë kucken an de Verwaltungen?

Mir mussen och kloer soen: Wéi laang ginn Donnéeë gehalen?

Mir mussen och kloer soen, wat mat deenen Donnéeë geschitt, wa se eventuell net méi gehale ginn.

Et muss och kloer dann an esou engem Gesetz stoen, wat fir eng Rechter d'Bierger hunn, fir eventuell an déi Donnéeë kënnen Abléck ze hunn.

Et muss een och da kucken, wéi mer den Droit à l'oubli regelen. Dat heescht: Ass et méiglech, dass déi Donnéeën eventuell zerstéiert ginn? Oder mussen se zerstéiert ginn?

Ech mengen, dass sinn déi Diskussiounen, déi mer hei mussen féieren: Wat fir eng gi gehalen, zu wéi engem Zweck an esou weider?

An do stelle sech dann natierlech Froen. Do komme mer op eng Grenz tëschent: Wat brauche mer fir d'Sécherheet vum Stat, soen ech emol, a wou si mer awer op der Grenz zu deem, wat een de Schutz vu perséinlechen Donnéeën nennt? Zum Beispill, dass ass jo eng vun den Diskussiounen, wann Donnéeë gesammelt gi vun iergendengem Incident mineur oder deen och keng Konsequenzen hat, dass dat klasséiert ginn ass, wou keng Suite waren, da kann ee sech d'Fro stellen: Firwat muss dat dann éiweg an engem Fichier vum Parquet sinn? Ass do net den Droit à l'oubli, dee muss spillen?

Mä ech wëll hei keng definitiv Äntwerten dorop ginn. Dat ass einfach d'Aufgab, déi mer mussen hunn, fir dann all déi Regeln, wéi mer mat deenen Donnéeën emgi beim Parquet, bei der Police, kloer an engem Gesetz ze fixéieren.

Wéi gi mer elo weider vir?

Ech mengen, ech hat dat och scho gesot. Mir kéinten eis virstellen, dass mer allegueren zesammen hei och an der Chamber ... Et war rieds ënner anerem, ech mengen, dass hat den Alex Bodry suggeréiert, eventuell eng Proposition de loi ze maachen. Mä mir sinn awer op fir all Méiglechkeet, mä dass mer zesammen op alle Fall, mat der Regierung, mat deene concernéierte Verwaltungen hei e Gesetz maachen, wou all déi Saachen do kloer niddergeschriwwen ginn.

Nach ee Wuert zum Timing. Mir hu virun ënner anerem vum François Bausch héieren, dass dat relativ komplex ass. Mir sinn och amgaangen, d'Bestandsopnam ze maachen. Dass dat awer net realistesch ass, wéi et gefrot ginn ass, fir elo am Hierscht schonn do definitiv Gesetzessproposen um Dësch ze hunn. Dat schéngt mir selwer e bëssen onrealistesch. Dass mer eis do awer nach sollen e bëssen Zäit huelen, fir uerdentlech Aarbecht ze maachen.

A virun zwee Deeg hate mer d'Pressekonferenz vun der DP-Fraktion, wou ech gesot hat: Fir eis ass d'Qualitéit méi wichteg wéi d'Quantitéit. Hei, géif ech soen, ass d'Qualitéit méi wichteg wéi den Timing. Dass mer eis also awer sollen en toute sérénité déi néideg Zäit huelen, fir dat dann alles ofzeklären.

An, wéi gesot, mir wëllen hei nëischt verstoppen. Mir sinn déi Éischt, déi do mat um Dësch setzen, fir ze kucken, fir déi kloer Regele mat auszeschaffen a fir eis awer déi néideg Zäit ze huelen, fir dann e Gesetz ze maachen, wou dat dann alles a juristeschem Bëton gegoss ass, fir dass mer ënner dem Stréch, an dat ass dat, wat wichteg ass, Fichieren hei beim Stat hunn, bei de Verwaltungen hunn, déi konform sinn zum Dateschutzgesetz a wou d'Bierger allegueren am Land d'Garantie hunn, dass de Schutz vun hire perséinlechen Donnéeë garantéiert ass.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Berger. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech si frou, dass mer d'Geleeënheet kréien, an enger öffentlecher Debatt och nach eng Kéier op déi Froen anzegoen, déi mer scho virun an deene leschte Wochen a Kommissiounssitzungen an a sëllechen Deklaratiounen behandelt hunn. An et ass, mengen ech, den direkten Austausch, deen oft hëlleft. Et gesäit een, dass deen och dozou gefouert huet, dass den Tounfall eigentlech elo méi gedam ginn ass wéi dat, wat een alt soss emol erlieft huet, och viru Kameraen a Mikroen.

Ech mengen, et ass och gutt, dass déi zoustännege Ministeren och hei sinn, mam Justizminister, dem Polizeiminister an dem Kommunikationsminister, deen och net ouni Kompetenzen ass am Dateschutz, soudass mer also hei d'Geleeënheet kréien, eng Kéier e Gesamtbléck op d'Situatioun ze kréien. An ech hoffen, dass dat da fir eis allegueren och e Ruck bedeit, fir ze probéieren, eng Fro zerguttst ze léisen, praktesch ze léisen, um Terrain gutt ze léisen - hëllegen ze léisen -, vun där mer wëssen, dass mer se eigentlech ni richtig am Grëff haten.

Ob dat d'Gesetz vum 1979 ass, ob dat déi wichteg Ofännerunge sinn, déi 1992 komm sinn um Dateschutz, ob dat d'Gesetz vum 2002 ass, all déi Gesetzer sinn hei zu Lëtzebuerg zu engem gudden Deel Lettre morte bliwwen. Dat gëllt elo net nëmme fir déi Domänen, déi mer haut diskutéieren, mä dat gëllt fir sämtlech Datebanken, ob dat privat Datebanke sinn, ob dat öffentlech Datebanke sinn. Ech wëll net wëssen, wivill öffentlech Institutiounen da wierklech all déi Notifikatiounen gemaach hu mat all deenen Detailer, déi se hätte misse maachen opgrond vun all deene Gesetzer, déi gestëmmt si ginn.

Mir hu vill Buergermeeschteren a Schäfte he setzen. Et wär interessant ze gesinn, wat fir eng Aarbecht do an deenen eenzelne Beräicher gemaach ginn ass, fir derfir ze suergen, dass all déi Institutiounen do eent zu eent, zu 100 % konform sinn zu de Gesetzesbestëmmungen, esou wéi mer eis se duerch déi eenzel legislativ Prozess he gemeinsam ginn hunn.

Et ass eng Entwécklung, déi eis aus den Hänne geroden ass hei zu Lëtzebuerg. An ech ka mer virstellen, dass dat zu Lëtzebuerg och keen Einzelfall ass an dass dat a ganz ville Länner esou ass, well déi Ufuerderungen, déi Gesetzer, dat ware jo oft europäesch Texter, déi mer emgesat hunn, déi gestallt si ginn, soudass déi vläicht realitéitsfremd zu engem gudden Deel waren an op jidde Fall net derzou gefouert hunn, dass eng regelrecht Kultur vum Dateschutz entstanen ass, e Bewusstsein vun der Wichtigkeet vum Schutz vu perséinlechen Daten.

A soulaang dat net ass, da kënnen mir déi schéinste Gesetzer stëmmen an déi wäitgeendst Gesetzer stëmmen, wann déi Sensibilitéit net do ass fir deen dote Beräich um Terrain bei deenen, déi d'Responsabilitéit droe vun der Dateveraarbechtung Dag fir Dag, da komme mer op deem dote Punkt net virun!

Et ass awer d'Aufgab vun der Politik an all hire Composanteën, ob dat d'Regierung ass, déi fir d'Exekutioun vun de Gesetzer zoustännege ass, ob dat d'Chamber ass, déi am Endeffekt d'Gesetzer stëmmt an och zu deem muss stoen, wat se gestëmmt huet, an derfir muss suergen, dass dann dat, wat si gestëmmt huet, och korrekt vun deenen Ausféierungorganer emgesat gëtt.

Genau an deem Prozess si mer hei dran an deene Beräicher, déi eis hei méi interesséieren. Mä et kéint ee wahrscheinlech nach ganz interessant Diskussiounen iwwer munch aner Datebanke féieren, wou et och vläicht souguer em nach méi sensibel perséinlech Date geet wéi déi heiten, am Gesondheitsberäich zum Beispill.

(**Interruption**)

... all déi Daten do. Also mir hunn nach Matière. Wa mer wëllen, kënnen mer ganz Woche vun öffentlechen Sitzungen hei mat Debatte fëllen iwwer déi dote Punkten. An et wär, mengen ech, wichteg, dass mer also och bei aller Fokusséierung, déi mer elo op eenzel Datebanken hunn, wat net déi mannsten Datebanke sinn, wat sécher mat sensibel Datebanke sinn, all déi aner Froen net vergiessen, well déi misste mer eigentlech och mat hëllege léisen oder op jidde Fall déi Hëllefstellung ginn, dass se kënnen an der Praxis och zefriddestellend geléist ginn.

Mir hunn eng kollektiv Responsabilitéit, ech hunn dat scho virun e puer Woche gesot, an der Politik. Och als Chamber hu mer déi kollektiv Responsabilitéit. Well déi Iwwerraschung, déi op eemol zu Dag komm ass, wou Leit entdeckt hunn, dass do Protokoller vun der Police géife consultéiert ginn, déi op Faiten zrëckginn, déi scho méi laang do waren a wou et ni zu enger Veruerteelung komm ass oder ni zu enger

regelrechter Klasséierung komm ass: Ma d'Chamber selwer huet während Jorzéngte mat esou Donnéeë geschafft!

Déi Zäit, wou d'Naturaliséierungen nach duerch d'Chamber gaange sinn, do ass an der Justizkommissioun respektiv an där Spezialkommissioun mat Polizeidate geschafft ginn. Et ass net mat Casiere geschafft ginn. Et ass mat Protokoller vun der Police geschafft ginn! Jore-, jorzéngtelaang huet d'Chamber dat gemaach! An et huet sech keen Deputéierten entrüst, dass dat benotzt ginn ass. Et ass net verlaangt ginn, dass dat misst ophéieren a misst geännert ginn.

Duerfir, et ass eng kollektiv Responsabilitéit. An ech mengen, dass mer och doduerjer sollten déi néideg Kraaft hunn, fir och eng gemeinsam Äntwert ze fannen, eng kollektiv Äntwert ze fannen.

An ech mengen, dass dat Pingpongspill: Elo gi mer de Ball erëm eng Kéier an d'Regierung zrëck, dass déi erëm soll en neie Gesetzesprojekt maachen ... Ma Merd, mir sinn de Legislatuer! Wéi wär et emol eng Kéier, wann d'Chamber sech och géif emanzipéieren a soen: „Mir hunn dat dote mat verursaacht a mir sinn elo drun - mir waarden net op d'Regierung -, mä mir selwer kucken de Problem ze léisen, mir selwer kucke Virschléi ze maachen“?! Net nëmmen d'Parteien aus der Koalitioun, mä zesumme mat der Opposition, fir dass mer also wierklech gemeinsam kënnen eng Léisung fannen, déi herno och vu jiddwerengem gedroe gëtt. Well ech sinn der Meinung, dass den Dateschutz eppes ass vun Equiliber, selbstverständlech, dee schwierig ze fannen ass, dass mer awer gemeinsam d'Verantwortung hunn, fir dat och ze maachen.

Duerfir hunn ech mech relativ fréi derfir ausgeschwat an déi Position gëtt och vu menger Partei gedeelt, dass mer sollen eng parlamentaresch Initiativ huelen. Natierlech an Zesummenaarbecht mat de Regierungsstellen, anescht kann dat net sinn! Mä firwat solle mer dat noutwendeg Hin an Hier do net eng Kéier bëendegen a soen: „Ma kommt, mir hunn d'Donnéeë gemeinsam gesammelt, elo kucke mer eng gemeinsam Léisung ze fanne vun deem Ganzen!“, anstatt dass iergendeen eng Proposition mécht, deen aneren dat erëm eng Kéier schlecht féint? Da gëtt erëm eng nei Proposition gemaach ... Kommt, mir maachen dat dote gemeinsam! Mir kënnen d'Problematik zu engem gudden Deel.

An ech sinn och der Meinung als LSAP, dass mer gehale sinn, eppes ze änneren. Mir kënnen net beim Status quo hei bleiwen. Mir kënnen opgrond vun deenen Donnéeën, déi mer elo virleien hunn, opgrond vun deenen Entrevuen, déi mer haten an deenen zoustännege Kommissiounen, à ce stade net soen: „Et ass plus ou moins an der Rei. Mir waarden nach e puer Méint of an da wäert sech dat schonn iergendwéi zum Gudden wenden.“

Ech mengen schonn, dass sech erausgestallt huet, dass an deenen Datebanken, déi eis elo méi beschäftegen - mä et gi wahrscheinlech nach vill anerer -, dass do net an alle Punkte mat der néideger Rigiditéit d'Prinzipien emgesat ginn, wéi se am Gesetz vum 1. August 2018 festgehalde gi sinn. E Gesetz, wat mer mat 57 Stëmme hei an der Chamber gestëmmt hunn! D'ADR huet net derfir gestëmmt, awer aus aneren Ursachen. Do ass et em den europäeschen Ursprung gaange vum Gesetz, dee méi gestéiert huet wéi dat doten. Mä u sech ware mer eigentlech der Meinung - vläicht ze vill guttgleeweg -, dass, wa mer dat Gesetz do gestëmmt hätten, dann hätte sech vun haut op muer all déi praktesch Problemer geléist, wou mer eigentlech awer hätte misse wëssen, dass et während Jorzéngten net fäerdigbruecht ginn ass, d'Regele reglementaresch esou festzestellen, dass souwuel déi concernéiert Verwaltungen wéi och de Conseil d'État an och d'Kontrollautoritéiten un deemselwechte Strang gezunn hätten. Déi konnte sech net eens setzen.

Et sinn Tentativ gemaach ginn, fir dat ze maachen. Mä si konnte sech an der Vergangenheet net eens setzen, soudass och Divergenzde-vue sinn, wéi wäit ee mat der Dateveraarbechtung geet, wéi laang ee kann Donnéeën halen, wien den Zougang zu deenen Donnéeën huet, wat fir eng Donnéeën iwwerhaapt nach definitiv dierfe gehale ginn a wat muss definitiv ausgeläsch ginn.

Do dierf net alles archivéiert ginn, dat soe mir als LSAP-Fraktion ganz kloer! Dat ass an eisen Aen ee vun de grouse Schwaachpunkte vun där Handhabung, déi zënter Jorzéngte besteet: dass zwar eng Rei vun Donnéeën no Delaien - iwwer deenen hir Längte ee wierklech ka strei-

den - aus dem operationellen Deel erausgeholl ginn, also dee breeden Zougang zu deenen Donnéeën net méi ass, mä awer praktesch, wann ech richteg verstanen hunn, sämtlech aner Donnéeën, déi eng Kéier agespeist si ginn, dann archivéiert ginn, dann enner ganz restriktive Viraussetzungen nach kënne consultéiert ginn.

Mä et bleift awer d'Fro ... An ech mengen, déi mussen mer mat „Nee“ beäntwerten: Et kann net sinn, dass nictig Donnéeën, déi net sécherheetsrelevant sinn, déi wëssenschaftlech an historesch keen Interêt hunn, dass déi op all Eiwegkeet an Archive schlummen! Dat dierf menger Usicht no net sinn. Duerfir ass do ee vun de Punkten, wou ee ka soen: „Ma do mussen mer asetzen.“ Wa mer der Meenung sinn, dass déi Handhabung, déi Prozeduren, déi déi zoustänneg Verwaltungen an Institutione sech ginn hunn, do net duerginn, da mussen mer dat duerch Gesetz kloerstellen. Dat ass, mengen ech, eng gutt Politik.

Mä do sollt een nach d'definitiv Avisen ofwaarde vun der CNPD a vun der Inspection générale de la Police, déi am September solle kommen, da muss nogebessert ginn am Gesetz selwer. Ob mer dat elo an engem spezifesche Gesetz maachen oder eng Ofännerung am allgemenge Gesetz iwwert d'penal Donnéeë vum 1. August 2018, dat muss een nach eng Kéier spéiderhin da genau juristesck kucken, wat do dee beschte Wee ass.

Mä et huet sech schonn elo erausgestallt, dass zumindest an der Vergaangenheet do eng Rei vun Donnéeën an deenen Datebanke bliwwen sinn, déi eigentlech net an déi Datebanke gehéieren. Mir müssen eis natierlech och bewusst sinn, dass deen Tri, deen dann eng Kéier muss gemaach ginn, déi Opschaffung vun all deenen ale bis uralen Donnéeë wäert immens opwändeg sinn. Duerfir wëlle mir och direkt hei als LSAP an d'Spill bréngen, dass mer, wa mer vun neien Texter schwätzen, eis och direkt sollen d'Fro stellen, wat fir eng Mëttelen deenen Instanzen zur Verfügung gestallt gi müssen, dass se iwwerhaapt à même sinn, an engem uerdentlechen Zäitraum all déi Emlässigerungen, all déi Duerchforstunge vun alen Donnéeë maachen ze kënnen.

Mir kënne jo net soen: „Elo huele mer einfach eng Date limite esou an esou, an alles wat virduer war, dat verschwennt, an alles wat duerno kënnt, dat maache mer dann anescht.“ Nee, mir müssen dann och al Donnéeën zu engem Deel opschaffen, nei aklasséieren an dann eng Rei vun Donnéeën definitiv läschen, an anerer vun deene muss gehale ginn. Dat ass eng onheemlech Aarbecht, déi do kënnt! Mä dat dierf eis awer net ofschrecken, op esou e Wee ze goen. Mir müssen awer dann net nëmme mam Fanger op déi Instanze weisen, déi herno an der Péng sinn, fir dat ëmzesetzen. Mir müssen hinne gläich déi Mëttelen ginn, dass se dat och wierklech kënnen enner uerdentleche Konditione maachen, fir dass mer net erëm eng Kéier hei Texter schreiwen, déi net kënnen an der Praxis iwwerhaapt ëmgesat ginn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mir sinn der Meenung, dass mer eigentlech - dat war jo och d'Meenung vun der ganzer Chamber, dat war d'Meenung vun Conseil d'État, dat war d'Meenung vun der leschter Regierung - mat deem Gesetz vum 1. August 2018 eng genügend gesetzlech Basis hunn.

Mä bon, den Droit ass keng Science exacte. Et ginn ëmmer Interpretationen. Mir sinn hei natierlech am Beräich vun Aschränkung vun öffentleche Fräiheeten. Hei geet et ëm de Schutz vun der Privatsphär, mat de perséinlechen Daten. An duerfir ass de Prinzip deen, oft duerch international Konventionen ofgeschert, dass nëmme duerch Gesetz kann eng Aschränkung vun dem Schutz vun der Privatsphär geschéien. An dann ass et eng Fro vun Appreciation: Wéi detailléiert muss dat Gesetz sinn? Awéiwäit kann ee sech virstellen, dass dat och duerch einfach Prozeduren, déi de Responsable vum Traitement sech gëtt, ka geregelt ginn?

Ech mengen, do mussen mer e gesonde Mëttelwee fannen, dass d'Gesetz méi präzis ass wéi dat, wat et elo 2018 war, mä dass mer awer net esou wäit ginn, dass mer all Froe kënnen am Detail regelen. Soss misste mer dat och bei aneren Datebanke maachen. Ech mengen, dass mer dann net méi géifen erauskommen aus deem Ganzen.

Mir sinn och der Meenung, dass hei zu Lëtzebuerg jo d'Dateschutzwelt keng aner ass wéi an eisen Nopeschlänner. Duerfir sinn awer déi Texter, déi eis Nopeschlänner sech an deem

dote Beräich ginn hunn, ëmmer eng gutt Quell vun Inspiration. Mir müssen also genau kucken, wat d'Belsch, wat Frankräich, wat Däitschland sech fir Regele ginn hunn an deenen dote Beräicher, déi eis besonnesch hei concernéieren, wat d'Polizeidatebanken ueget, wat d'Justizdatebanken ueget. An da sollt een dat erauswiele vu Systemer, déi méi no op eise System passen, a probéieren, déi dann ze adaptéieren op déi spezifesche Lëtzebuerg Situation.

Ech mengen, do ginn et also och ganz vill Méiglechkeeten, wou ee sech kann inspiréieren. Dat schéngt mer deelweis geschitt ze si mam franséischen Text, wéi déi Gesetzer hei gemaach gi sinn. Et wär interessant, also och nach déi aner Texter vun dach awer Demokratie a Rechtsstaten hei mat erunzezéien, fir ze kucken, wéi si déi Problematik do geléist hunn. Ech si sécher, dass mer do wäerten och eng gutt Hëllefstellung kréien.

Ech hat schonn ugedeit, wat déi Froe sinn, déi eis mussen besonnesch beschäftegen. Dat ass éischtens d'Ëmsetzung vum Prinzip vun der legitimer Finalitéit, déi eng Datebank muss hunn, dann d'Dauer vun der Konservéierung vun den Daten. Wéi laang kënnen Daten, perséinlech Date gehale ginn? An do ass de Prinzip ganz kloer: Déi dierfen nëmme esou laang gehale ginn, wéi se absolut noutwendeg sinn, fir déi Finalitéit ëmzesetzen, fir déi se sammelt gi sinn.

A virun allem ass och en anere Prinzip hei, deen oft vergiess gëtt. An ech fäerten, dass deen och bis elo an der Praxis hei zu Lëtzebuerg total vergiess ginn ass: dass eigentlech den Text vun der Direktiv, déi mer mam Gesetz ëmgesat hunn, och virschreift, dass regelméisseg muss iwwerpréift ginn, ob déi Donnéeën, déi gesammelt gi sinn, da wierklech nach mussen gehale ginn oder net. Dat ass also eng ganz schützend Regelung, déi et hei ëmzesetze gëllt.

Dat geet also net duer, dass een dat eng Kéier blann festleet, mä et muss een eigentlech nach periodesch ëmmer erëm kontrolléieren: Ass et da wierklech néideg, dass mer déi doten Donnéeën halen? An dat, muss ee soen opgrond vun deenen Informatiounen, déi mer elo kréien, ass am Fong, mengen ech, a kengem Fall geschitt. Do sinn Delaie festgehale ginn, dat sinn awer fix Delaie, an et ass awer net nach eng Kéier eng regelméisseg Präiwung duerchgefouert ginn.

Dann ass et d'Fro natierlech vum Zougangsrecht vun den Eenzelen, vun de Beträffenen, d'Informatioun, déi déi betraffe Leit mussen kréien. Et ass natierlech déi Fro, déi och scho vun engem Virriedner opgeworf ginn ass: Wien huet Zougäng zu deenen Datebanken? Enner wat fir enge Bedéngungen huet en deen Zougäng? Wéi gëtt dat enregistréiert? Wéi gëtt dat kontrolléiert? All déi Froe muss ee weider kënnen kucken, wéi gesot, ouni awer aus den Aen ze verléieren, wat d'Finalitéit ass. Dat ass jo awer dann, fir kënnen eng Präiwung a Recherche vun Infractionen ze maachen. An eis Polizei an och d'Justizorganer müssen hir Aarbechten jo nach kënnen maachen.

An et schéngt mer evident ze sinn, dass een net kann da sech eleng op de Casier beruffen, soss gëtt net méi ganz vill hei zu Lëtzebuerg opgekläert. Ech ka mech och hei un Debatten erënneren, wou et da manner ëm den Dateschutz gaangen ass, mä ausschliisslech ëm Sécherheet gaangen ass. Wat mer eigentlech bräichten, dat wär eng Debatt iwwer Sécherheet an Dateschutz. Dann hätt een déi zwou Saachen zesummen an da kéint een och probéieren, deen néidegen Equiliber do erauszéien. Dat wäert natierlech net esou einfach ginn.

Fir eis, mengen ech, ass kloer, dass déi Debatt hei net déi lescht Debatt wäert sinn zu deem doten Thema. Mir gesinn eis sécherlech nach virum Enn vum Joer eng Kéier hei an der Chamber erëm, well mer an der Kommission och, mengen ech, tëschent de Fraktionne sollte weider am Kontakt bleiwen, ofwaarden, wann am September déi Avisen, déi Rapporte kommen, déi d'Regierung ugefrot huet, déi eis sécherlech hëllefen, am Droit comparé eis Recherche méi pousséieren, wéi dat bis elo de Fall war. A wa mer alles zesummen hunn, denken ech, dass mer dann och prett sinn, fir weider Diskussiounen, sief et an de Kommissionen, sief et hei an der öffentlecher Sitzung ze féieren.

Et ass also net d'Enn vun enger Debatt, mä et ass en Ufank vun enger Debatt, déi eis an hirer Komplexitéit, mengen ech, nach wäert iwwer raschen an deenen nächste Méint. Mä dat soll eis net ofschrecken, deen Dossier elo wierklech, wou e waarm ass, weider unzepaken an net méi op déi Schinn zrëckzekommen, déi während bal Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg bestanen huet. Mir si gefuerdert hei elo, fir wierklech Neel mat Käpp ze maachen!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bodry. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools Merci, Här President. Am Numm vun der grénger Fraktion, mä ech géif mengen, am Numm vun eis alleguer, och haaptsächlech vun de Kollegee vun der Majoritéit, wéilt ech wierklech en Appell maachen un d'Sachlechkeet an un d'Eierlechkeet vun dëser Debatt. A mir wieren eis op dëser Säit géint all Virwurf an all Ennerstellung am Stil vun „den Dossier gëtt net transparent gehandhabt“ oder „Diskussionne sinn net erwünscht“. Mir beweisen haut, dass se gefouert ginn. An der Kommission si se och gefouert ginn.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Do ware mer sachlech!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Dir sidd déi Eischt, déi elo domadder ufänkt.

► **Une voix.** - Här President!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift, e bësse méi disziplinéiert!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, jo, bis elo war et ganz gutt.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - D'Fro géifen net beäntwert ginn: Eis Regierungsvertreder sinn hei a beäntwerten haut weider Froen, déi gestallt ginn. Si hunn och an de Kommissionen all Fro beäntwert, déi gestallt ginn ass.

Mir wieren eis och géint de Virwurf, dass de Problem vum Mëssbrauch oder vun der falscher Gestiou vun den Datebanken net géif ugepaakt ginn. A mir sinn awer och frou, dass et haut méi an enger Serenitéit hei zougeet. A mir hoffen, dass deen Toun dann och wäert bestoe bleiwen.

Jiddefalls begrëisse mir, dass d'Ministere Bausch a Braz eng weider Kéier an d'Chamber kommen, nodeems se, wéi gesot, schonn ëfters an de Kommissionen, an den zoustänneg Kommissionen Ried an Äntwert stoungen a keng Minutt gescheit hunn, fir do opzotrieden an awer och déi ganz Komplexitéit vun deem Dossier op dëser Plaz nach eng Kéier ganz genee erkläert hunn, wou ech wéilt betounen, dass Dateschutz jo net just Police a Justiz ubelaangt respektiv d'Defense, mä och ganz aner Beräicher betrëfft. Beispillsweis ass den Här Bausch op d'Kameraiwwerwachung agaangen, déi hie ganz nuanciéiert ueget a wou en net einfach droplassegt a verschiddene Fuorderungen nokënn, andeems e ganz Quartiere mat Kameraen ausstatt. Dee Voleit gehéiert dozou, an dat muss och betount ginn.

Si hunn och hei an hiren Ausféierungen erkläert, dass de Problem längst ugepaakt gëtt. Si sinn domat beschäftegt, net eréischt säit haut. An ech wëll och kloer betounen, dass mir als Fraktion, an ech géif mengen, mir op der ganzer lénker Säit vun hei aus gekuckt, jiddefalls bereet sinn, zesummeschaffen, matzeschaffen. A mir wäer frou, wann och déi aner Säit dat géif esou gesinn.

Si hunn och erkläert, wéi de Problem muss ugepaakt ginn, an och dorop ass den Här Bodry virdrun am Detail agaangen, wéi eng Beräicher mussen gekläert ginn, an natierlech och, wéi eng Beräicher betraff sinn, dat heescht, wou en ugepaakt muss ginn. A wann een „wou“ seet, da schwätzen ech ebe grad net just vu Justiz a Police. Ech schwätzen och vum öffentleche Secteur, vun de Ministeren, de Verwaltungen, de Gemengen, den Här Bodry huet d'Santé genannt, wou ganz vill sensibel Date geréiert ginn. A wann een do d'Dier opmécht, da sinn ech gespaant, wat een do alles féint. Och de Privatsektor ass betraff, well och d'Betriber schaffe mat perséinlechen Daten.

An deem Sënn wëlle mir als Gréng der Regierung eis Ennerstëtzung zousécheren, net nëmme dem Statsminister, dee jo och Kommunikationsminister an Dateschutzminister ass, dat ass kloer. Et ass also net just hei eng Saach vu Braz a Bausch, mä et ass eng Saach vun enger ganzer Regierung, inklusiv anere Ministeren, déi wahrscheinlech fréier oder spéider och mam Dateschutz ze di kréien an haaptsächlech och mat der Applikation vun deenen zwee Gesetzer. An ech sinn iwwerzeegt, dass jiddweree vun deene Membere vun der Regierung d'Prinzipie vum Dateschutz respektéiert am Sënn vun der Rechtsstaatlechkeet.

Eis als Gréng geet et jiddefalls ëm de Schutz vum Eenzelen. An et ass grad do, wou den Equiliber muss fonnt ginn: engersäits de Schutz vun der Privatsphär an anerersäits awer och d'Sécherheet vum Land a vun deene Biergerinnen a Bierger, déi bei eis wunnen a schaffen.

Dat heescht, wann ech op d'Detailer aginn, déi den Här Bodry schonn erkläert huet: Mir müssen eis der Saach nuhuelen! Mir si bereet, derbäi ze sinn. An da kommen ech op déi Detailer, déi mussen gekläert ginn: natierlech d'Legitimitéit vun deenen eenzelen Donnéeën; ...

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Wolter, wannechgelift!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ... d'Dauer vun der Oprechterhaltung; d'Sécherheetsrelevanz. Wéini si se néideg gebraucht ze ginn, wéini net? Wien huet Zougäng? Wien huet d'Informationsrecht? Kréien all déi Leit, déi a Fro kommen, och d'Information, wat mat hiren Date geschitt? Den Zougäng, d'Bedéngungen zum Zougäng an d'Finalitéit vun deem Ganzen, déi ëmmer erëm dora muss bestoen, dass mer eiser Verantwortung gemeinsam gerecht ginn - „kollektiv Responsabilitéit“ ass et virdu genant ginn - mat enger kollektiver Äntwert. Dat ass eist Zill!

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, wannechgelift.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Och mir soen dem Här Statsminister an deenen aneren zwee Ministeren Merci fir hir Deklaratioun. Den Här Bettel huet seng ugefaange mat enger Déclaration d'amour fir den Dateschutz. Dat ass eng gutt Saach an dat ass dann och de Leitfuedem vun eiser Diskussioun.

Manner gefall huet mer, dass e sech net konnt empéchieren, fir nees vun Ennerstellungen a vu Parteipolitik ze schwätzen. Dat ass einfach net richteg.

Dem Alex Bodry säi Mea culpa, fir et emol esou ze nennen, oder zumindest seng Feststellung vun der Realitéit vu graven Dysfonctionnementen, huet eis do besser gefall. Et muss een einfach dee Constat klipp a kloer maachen.

Den Här Bausch huet nees geschwat vum Opdrag un d'IGP, deen e ginn huet. Mir müssen éierlech soen, mir hunn doranner kee grouse Fiduz, well mer zimlech iwwerzeegt sinn, ouni dat haut ze wëssen, dass d'IGP selwer Zougäng huet an hëlt op déi kritiséiert Datebank.

Dir hutt geschwat vum Opdrag un d'CNPD. Ech muss lech éierlech soen, mir hunn do kee ganz grouse Fiduz, nodeem déi Leit an der Kommission op klipp a kloer an einfach Froen, déi de Gilles Roth gestallt huet, net wollten oder net konnten äntworten.

(Interruption)

Neen, kee Fiduz, kee Fiduz, dat ass ganz richtig!

De Minister Bausch huet mat Recht geschwat vun Dossiere bei anere Verwaltungen och, wou muss méi dra si wéi am Casier. Dat ass eng Realitéit. An och bei der Police muss méi dra si wéi am Casier. Et geet ëmmerhin ëm Ermëttlungen. Dat muss ee klipp a kloer soen. An et geet absolutt net drëm, der Police hir Aarbecht onméiglech ze maachen!

D'Justice huet Dossieren, do soll keen Zougang hu vu bausen. Ech erënneren un de Secret de l'instruction, dee leider Gottes vill ze vill oft violéiert gëtt, och aus Kresser vun der Justice. Mä hei wier jo dann Tür und Tor op, wann all Mënsch ka säin Dossier froen an e gëtt gewuer, dass Enquête géint e lafen, vun deenen e bis dato näischt wusst. Et gëtt e Secret de l'instruction an et muss e Secret de l'instruction ginn.

Besonnesch gruv fannen ech d'Dysfonctionnementen am JUCHA! An ech fannen do dem Minister Braz - ech hat schonn eng Kéier d'Geeleehheet, dat ze soen - seng Attitud e bëselchen naiv, fir ze soen: „Dat ass e Pouvoir à part. Déi sinn independant, domadder hunn ech näischt ze dinn. Mir loosse déi hir Zopp kachen.“ Nee, dat ass net richteg. Och d'Justice ennerläit dem Contrôle vun der Chamber an och d'Justice ennerläit engem Ministère de la Justice, a wa grav Dysfonctionnementen an der Justice sinn, dann ass duerfir och de Justizminister responsabel.

Jo, d'Justice muss Donnéeën halen. Dat ass jo ganz evident. Mä dierf se egal wat halen? Dierf se et egal wéi laang halen? A virun allem, dierf dat egal wéi benotzt ginn? An ech mengen, bei där Fro si mir eis heibannen esou zimlech allegueren eens, dass: Nee! An et goufe jo konkret Fäll genannt: e Mannerjärengen, deen net an d'Policeschoul opgeholl gëtt, wou zrëckgegraff gëtt op Donnéeën, wou en nach mannerjäreg war; an der Philharmonie, wou e Gaascht net ageluede gëtt, wou Saachen ugefouert gi vun enger Affaire classée! En Entretien d'embauche vum Här Fürst, wou zrëckgegraff gëtt op Faiten, déi nimools poursuivéiert gi sinn. Dat ass absolutt inakzeptabel! Dat dierf net sinn!

An et geet net domat duer - et ass dat, wat ech wollt als Message eriwwerbréngen -, dat einfach elo haut feststellen, ze soen: „Mir musse legiferéieren. Mir musse Rou an den Dossier kréien an à tête reposée legiferéieren.“ Ma neen! Dat do si Sauerien, déi mussen direkt, awer direkt ophalen! Et kann net sinn, dass deen Dysfonctionnement do esou virugeet!

Mir hunn als Chamber d'Kontrollfunktoun iwwer all Ministère, iwwer all Verwaltung an och iwwer d'Police an och iwwer d'Justice. A wa mer hei feststellen, dass et grav Dysfonctionnement gëtt, grav Verstéiss géint den Datschutz, da geet et net duer, eis ze verträschten op den Hierscht. Da musse mer soen, dass do musse Mesures urgentes direkt geholl ginn, fir dass net méi Dausende vu Leit a Police a Justice Zougrëff hunn op Daten, déi net hätten dierfe gesammelt ginn, déi och kee Sënn erginn, well se Faite betreffen, déi ni poursui-véiert goufen an déi éiweg laang gehale ginn. Dat dierf net méi sinn! Domadder muss Schluss sinn!

A mir als ADR soen: „Wann d'Regierung dat net fäerdegbréngt, déi Saach do a kierzester Zäit anzédämmen, da wäerte mir hei e parlamentareschen Untersuchungsausschuss fuerderen!“

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Merci och der Regierung, dass mer haut des Debatt féiere kënnen an der Chamber, an der éffentlecher Sëtzung. Dat heescht, dass et och fir d'Leit dobaussen méi zougänglech ass, wéi dat virduer vläicht an de Kommissiounssëtzungen de Fall war.

Mir sinn natierlech äänlech iwwerrascht ginn, dass dat awer haut de Fall ass, positiv iwwerrascht ginn doriwwer. Duerfir mengen ech, dass een net kann hei vun den Deputéierte verlaangen, dass si elo all déi konkret Froen och haut da stelle mussen. A wann déi konkret Fro haut net gestallt gi wier, dass dann d'Debatt misst eriwwer sinn. Mä, ech mengen, dat hei ass en éischten Tëschebilan vun deem, wat an deene leschte Woche geschitt ass.

Oft denkt een, wann een iwwer Datschutz schwätzt, dass dat eigentlech eppes ganz Abstraktes ass, wéi wann et Daten oder Donnéeën wieren, déi misste speziell geschützt sinn. Derhannert, oder gemengt, ass awer eppes ganz anescht, näämlech Datschutz ass de Schutz vu Persounen a vu Perséinlechkeetsrechter. An duerfir ass en esou wichteg an duerfir ass dat och e Sujet, deen, mengen ech, dobaussen d'Leit esou ganz staark interesséiert, well se wëssen, dass et em si geet.

An et ass och doduerch esou sensibel an deenen zwee Beräicher vun der Police a vun der Justiz, well dat, deemno wéi, ganz konkret Konsequenze kann hunn, wa mat deenen Daten, déi iwwer Persounen gesammelt gi sinn, net anstänneg verfuert ginn ass.

An dat Ganz ass jo esou an der Éffentlechkeet erauskomm, e bëssen au compte-gouttes, dass et grad Konsequenze sollt gehat hunn, dass zum Beispill et Konsequenzen op d'Ästellungspolitik huet, dass et Konsequenzen huet, wann d'Admissioun an d'Policeschoul ginn ass. Dat heescht, dass déi Donnéeën, déi do gesammelt gi sinn, d'Base ware fir Konsequenzen, déi d'Leit oder déi bestëmmte Leit hu misse subéieren.

Et ass esou, an deene leschte sechs Wochen, mengen ech, si jo effektiv drépschesweis Informatiounen un d'Luucht komm, op där enger Säit doduerjer, dass d'Leit perséinlech an d'Éffentlechkeet gaange sinn, op där anerer Säit, dass eenzel Deputéierten oder d'Chamber probéiert huet, hir Kontrollfunktoun wouzerhuelen.

An et huet ugefaangen domadder, dass d'Kolleege vun der CSV Question-parlementaire gestallt hunn, wou d'Antworten dorobber zumindest nach weider Froen erméiglecht hunn oder souguer erzwongen hunn, déi dann och gestallt gi sinn. An doropshin hunn effektiv och mir als Lénk eng parlamentaresch Kommissioun zesummegeruff, fir Explikatiounen ze kréien.

An ech wéilt mech awer e bëssen dem Virwurf verwieren, wann elo gesot gëtt: „Jo, mä Dir hätt dat alles misse wëssen, Dir misst dat eigentlech alles wëssen an Dir misst zum richtigen Zäitpunkt genau déi richteg Fro stellen!“

De Minister Bausch huet zu Recht a senger Interventioun virun enger Stonn gesot, dass een net vun engem Minister verlaange kéint, deen elo grad dat Amt eréischt bekleet, dass en innerhalb vu 24 Stonnen op all déi Froen eng Antwort hätt oder dass en net innerhalb vu 24

Stonnen de kompletten Duerchbléck an deem Dossier kéint hunn.

Dat ass awer och eis Situatioun als Deputéierten. An duerfir komme mer ëmmer nees erëm op des Froen zrëck, well déi Erklärungen, déi gi ginn, déi och net a Fro gestallt ginn an deene gréissten Dealer vun hiren Erklärungen, awer dozou féieren, dass sech aus deenen Erklärungen weider Froen erginn.

Den Här Bodry huet zu Recht gesot, dass et elo un der Chamber wier, „merde alors!“, dass mer eis emanzipéieren. An en huet recht domadder! An dat, wat mer haut féieren, déi Debatt, déi mer haut féieren, ass een Element vun där Emanzipatioun, dass mer eis selwer och an d'Verantwortung huelen, fir dese Sujet wierkelech opzedeecken.

Duerfir, mengen ech, ass et och net richtig, wann ee seet, et wier e politesch Spill vun den Oppositionsparteie géint d'Majoritéitsparteien. Ech mengen, dorëms geet et net. A wann een d'Verbatimme vun de Kommissiounssëtzungen noliest, da gesäit een och, dass déi Debatten an der Kommissioun op jidde Fall net esou gefouert gi sinn, dass d'Opposition just hätt wëllen d'Majoritéit an d'Responsabilitéit huelen, fir souzese politesche Profit dorauer ze zéien.

Wat ass den aktuelle Stand? De Wëssensstand, dee mer am Moment hunn, mengen ech, léisst sech op dräi wesentlech Elementer resuméieren.

Éischters, deen historeschen Deel, soe mer, bis 2018, wou mer feststelle mussen, dass et zu engem ganz groussen Deel keng gesetzlech Basis fir Aktivitéite ginn ass respektiv dass déi gesetzlech Basis awer zimlech wackeleger war.

Zweetens, an dat ass och eng grouss Erkenntnis vun deene Kommissiounssëtzungen, hu mer misse feststellen, oder ass den Aweu gemaach ginn, dass vun deene responsablen Instanzen d'Praxis vum Traitement vun hiren Donnéeën emol net där wackeleger oder net existenter legaler Basis entsprach huet. Wat eigentlech zimlech grav ass, wat den Émgang mat den esou sensiblen Donnéeën an der Vergaangenheet ugaangen ass.

An déi drëtt an, mengen ech, net manner preoccupant Konkursioun, déi een zéie kann, ass, dass d'Kontrollinstanzen, déi mer hunn, net konnten oder net d'Méiglechkeet haten, hir Funktioun vu Kontroll wierkelech zu Enn ze féieren a konsequent zu Enn ze féieren.

Wann an enger Kommissiounssëtzung erauskéint, dass eng CNPD, déi ee vun deene Kontrollmechanismen ass, awer emol net weess, wéi esou ee Police-Fichier ausgesäit, jo, da muss ee sech awer och Froe stellen iwwer d'Effikasitéit vun deene Kontrollinstanzen.

Et ass an der Diskussioun, och an der Éffentlechkeet, e puermol drop zrëckkomm ginn iwwer déi verschidden Aart a Weisen, wéi mam Problem émgange ginn ass. An et huet jo och dozou gefouert, dass de Parquet dann eng Pressekonferenz gemaach huet, wou gesot ginn ass, dass d'Chamber de Parquet eigentlech esou e bëssen an där éischter Sëtzung um falsche Fouss erwëscht hätt. Woubäi ech soe muss, déi éischt Kommissiounssëtzung, déi mir als Lénk aberuff hunn, do hu mir net de Parquet invitéiert, mä do hu mer déi zwee responsabel Ministeren invitéiert. De Parquet war awer do. Dat ass net opgrond vun eiser Demande gewiescht, mä e war awer do, wat mir och dee Moment begréisst hunn, well en och, wéi mer eis erwaart hunn, Explikatiounen sollt ginn zu deene Faite. Duerfir fanne mer et net ganz glécklech, fir et emol net anescht ze soen, dass de Parquet da seet, e wier vun der Chamber um falsche Fouss erwëscht ginn.

Onglécklech, fir et net anescht ze soen, ass awer och, wann an där Pressekonferenz gesot gëtt, dass déi Fro ronderëm déi aktuell legal Basis vum Gesetz - wou et jo en Universitätsprofessor gëtt, dee seet: „Mä och déi aktuell Basis geet net duer, an déi Fichieren, déi um Enn traitéiert ginn, déi entsprechen definitiv net där Aart a Weis, wéi hätt misse virgaange ginn“ -, wann dorops da geäntwert gëtt: „Jo, mä dat ass eng däitsch Interpretatioun vum Datschutz, a mir hunn éischter eng franséisch Interpretatioun vum Datschutz.“ Däitsch Interpretatioun, wuel wëssend, dass déi Däitsch jo och eng ganz eege Vergaangenheet haten, wat d'Daten an d'Produktioun an d'Utilisatioun vun Donnéeën ugeet.

Wat mech dorunner stéiert, ass, mengen ech, dass mer awer zumindest zu Lëtzebuerg zanter dem Juni 2015, wou mer hei unanime den Artus-Rapport ugeholl hunn, wou et och eng Responsabilitéit ginn ass vun den éffentleche Verwaltungen am Émgang mat Daten, dass, zumindest säitdeem mir dat hei unanime ugeholl hunn, et méi eng grouss Sensibilitéit op där doter Fro misst ginn a mir och, zënter mer dat esou votéiert hunn, doranner misste méi

Verantwortung weisen, déi eenzel éffentlech Administratiounen, wéi dat bis elo de Fall ass.

Dat, wat nach ëmmer déi politesch Fro ass, déi an eisen Aen am Raum steet, ass déi vun der Zweckméissegkeet vun der Verwendung vun deenen Donnéeën, déi gesammelt ginn am Sënn vum Rechtsstat. Mir wieren eis ganz hefteg do dergéint, dass d'Police soll do sinn, fir Renseignements généraux ze generéieren, fir eng Zort vu Moralitéit iwwer d'Leit kënnen ze sammelen, wou da bestëmmten Administratiounen Zougang dozou hunn.

An do muss ee soen, déi Debatt hate mer awer an deene leschte Joren och schonn hei zu Lëtzebuerg. An et ass - ech weess elo net méi, vu wem - ugeschwat ginn, dass am Kader vun 2015, d'Bataclan-Debatt, dass do awer och Stellung geholl ginn ass. Et ass iwwer d'Terrorismusgesetz gaangen, a vun eiser Säit huet deemools de Serge Urbany grad dorobber optimierksam gemaach, andeem e gesot huet, dass, ech zitieren: „Duerch déi Ännerungen an deenen nächste Wochen am Code pénal soll d'Police äänlech kënnen siche wéi och d'Geheimdëngschter. Si soll lieue vum Verdacht, vun der Paranoia, vun de Geheimdëngschter sech nähre loosse.“

Dat ass iwwerregens - weider Zitat - „kritiséiert gi ganz staark vum pensionéierte Procureur général, dem Här Roby Biver, an engem vu senge leschten Avisen, déi e gemaach huet zum Terrorismusgesetz, wou en dat ganz kloer seet, dass et net akzeptabel ass, dass eng Vermischung geschitt vun den Aktivitéite vun de Geheimdëngschter mat den Aktivitéite vun der Police. All déi Froe sinn omnipräsent an diesen Diskussiounen.“

Ech si komplett mam Här Bodry averstanen, wann e seet, dass et eng kollektiv Responsabilitéit gëtt, wat déi heite Froen ugeet. An aus där kollektiver Responsabilitéit zéie mir eis als Lénk och net eraus, well bei deene 57 Stëmmen, déi dat Gesetz virun engem Joer gestëmmt hunn, waren och déi zwou Stëmmen vun der Lénker derbäi. Mir mengen entre-temps, dass dat e Feeler war, dass mer net mat där néideger Suergfalt, déi och engem Deputéierten eigentlech misst zoustoen, dat dote mat votéiert hunn.

Mä nieft deem Mea culpa geet et jo elo awer drëm, och no vir ze kucken an ze kucken, wat dann d'Konklusioun sinn. An do stécht fir eis awer nach ëmmer eraus, dass déi Informatiounen, déi mir als Deputéiert bis elo hunn, dat schéngt eis, ass awer just d'Spëtzt vum Äisberg.

Mir wëssen nach ëmmer net wierkelech, wéi d'Handhabung vun deenen Datebanken ass, wéi dat konkret ausgesäit a wat ee sech virun allem dorënner virstelle kann a muss. An ech mengen och, dass et drëms geet, dass mer mussen och fir d'Vergaangenheet bestëmmte Responsabilitéiten definéieren, och wann dat deen een oder deen aneren eventuell an eng penibel Situatioun bréngt.

Duerfir, ech mengen, dat Allerschlämmst, wat elo hei erauser kéint als Konkursioun entsto, dass wier, wéi een awer bei verschiddenen Intervenanten den Androck hat, wéi wa mir allequerte Pontius-Pilatusse wieren. Mir wäschten eis Hänn an Onschold an on passe l'éponge an da war et dat.

Mir mengen net, dass dat esou soll sinn. Mir mengen, dass mer nach weider Informatiounen brauchen an dass mer eis als Chamber sollen a mussen déi Instrumenter ginn, fir déi Informatiounen ze kréien, besonnesch dann, wa vu verschiddenen Instanzen ugefouert gëtt, dass et jo awer de Secret d'instruction géif ginn oder - souguer eigentlech nach e bësse méi pervers - et géif jo awer den Datschutz ginn, duerfir kéint den Deputéierten net de ganzen Zougang zu allen Donnéeën hunn. Mir mengen, dass dat net de Fall ass. Mir brauchen hei Opklärung. Mir brauchen eng konsequent Opklärung.

An duerfir plädéiere mir och ganz staark, dass hei dierf net den Ofschloss sinn, mä dat hei muss den Ufank si vun deem, wat ee kann eng Enquête nennen. De Moyer, dee mer eis ginn als Chamber, fir dat ze maachen, doriwwer musse mer nach vläicht diskutéieren. Mä op jidde Fall, mir brauchen onbedéngt Opklärung. Ier mer iwwerhaupt a même sinn, kënnen un déi legal Texter ze goen, déi mer musse verännere, musse mer wëssen, wéi et haut funktionéiert.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru 14 Deeg waren déi meescht vun eis an der Philharmonie der-

bäi, fir, wéi dat üblech ass, ganz feierlech Nationalfeierdag ze féieren. Elo stellt lech vir, Dir hätt do wëlle mat Ärem Partner higoen an en dernière minute hätt Äre Partner matgedeelt kritt, dass en net kéint dohinner goen, well en e Risiko fir d'effentlech Sécherheet géif duerstellen.

Wann een déi dote Geschicht esou zielt, dann huet een heiansdo d'Impressioun, et wär ee beim George Orwell a senge Romaner. Mä neen, Här President, dat huet sech hei zu Lëtzebuerg ofgespillt! An ech si ganz frou, Dir Dammen an Dir Hären, dass den Här Statsminister de Mëtten hei ass, well ech ka mech un Zäiten erënnere, wou ech douewe souz, Här President, op Ärer Plaz. An ech ka mech do erënnere, wéi deemools den Här Bettel - Oppositionschef - all Kéiers, wann et em de Rechtsstat gaangen ass, hei op d'Tribün komm ass an e fulgurante Plädoyer fir dee Rechtsstat gehalen huet. An ech weess, wivill Question-parlementairen den Här Bettel déizäit zu deem dote Sujet gestallt huet. A wann den Här Bettel nach Oppositionschef wier, mengen ech, dass de Mëtten déi Sëtzung net esou roueg ofgelaf wier.

Ech sinn awer frou, Här Statsminister, dass Der do sidd, well ech Är Sensibilitéit fir deen Dossier kennen a well ech och weess a mer ka virstellen, dass Dir vläicht - an dorobber kommen ech nach ze schwätzen - e bësselche méi wäit gewéilt sidd ze goe wéi verschidde vun Äre Kollege Ministeren.

► **Une voix.** - Ouh?!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Erlaabt mer awer elo, op dee Fall nach eng Kéier anzegoen, well en trotzdem symptomatesch ass, vun deem Mann, deen do net konnt um Nationalfeierdag derbäi sinn.

Ech wëll lech elo d'Detailer erspueren - Dir konnt dat alleguerten op enger Televisiounschaine live nokucken. Ech wollt just nach eng Kéier drop ze schwätze kommen, dass dee Mann, nodeem en déi Decisioun krut - ech schwätzen hei vun Nationalfeierdag 2018, net vun 2019 -, natierlech erschreckt war, doroberhi fir d'Éischt beim Protokoll vun der Regierung - an, Här Statsminister, ech mengen, do sidd Dir och gefuerdert - ugefrot huet, firwat en da géif e Sécherheitsrisiko an deem Land duerstellen.

Doroberhin huet de Protokoll de gudden Mann bei d'Police geleet, do huet de Mann iwwerhaupt keng Antwerte kritt. An dunn huet e sech en Affekt geholl - wou ech lech och muss soen, och dat léisst iwwer de Fonctionnement vun eisem Rechtsstat villes soen, wann e Bierger, dee just nëmme wëllt op Nationalfeierdag an d'Philharmonie goen, herno muss en Affekt huelen, fir gewuer ze ginn, firwat hien e Sécherheitsrisiko duerstellt.

En huet dat awer gemaach, a säin Affekt huet dunn eng Rei vu Bréiwer geschriwwen un d'Police an en huet och eng Rei vun Antwerte kritt. An, Här Statsminister, ech wëll lech déi Antworten elo emol virlesen, well déi soen esou munches aus.

Dee Bréif ass also un den Affekt vun deem Här adresséiert an e schreift dann, den Här Schrantz: « Je tiens à vous informer que la décision finale quant à retenir une demande de participation réside dans le chef du pouvoir discrétionnaire de l'organisateur de l'évènement en l'occurrence du Gouvernement luxembourgeois », an, lauschtert gutt no, « comme convenu avec la direction du protocole et de la chancellerie du Ministère des Affaires étrangères et européennes, la Police grand-ducale a procédé à un screening de personnes intéressées à assister à la cérémonie de la fête nationale du 23 juin 2018, basé sur des renseignements légalement accessibles à nos services », schreift den Här Schrantz.

Wann ech dat versichen, ze interpretéieren, Här Statsminister, si mir also alleguerten - mir sinn och invitéen - do eventuell esou engem Screening ennerzu ginn, plus déi dausend Leit, déi all Joers do invitéiert ginn.

Ech muss lech soen, dass, mengen ech, hei net nëmme d'Chamber, mä all Bierger dobaussen d'Recht huet, gewuer ze ginn, op wat fir enger Base e Screening vun normale Bierger gemaach gëtt, déi sech nëischt zuscholge komme gelooss hunn an déi herno do refuséiert ginn. An déi musse sech en Affekt huelen, an déi bis haut nach net gewuer ginn, wat a firwat si esou e Risiko duerstellen.

Ech mengen, Här President, dass ass engem Rechtsstat net würdeg! An do sidd Dir, och de Statsminister, an éischter Linn gefuerdert, fir do dem Vollek dobaussen honnertprozenteg Opklärung ze ginn, wéi dat dote funktionéiert

huet a wat, le cas échéant, do net fonctionnéiert huet.

Ech soen lech just, fir eis ass dat doten totalement inakzeptabel!

Ech wëll dann awer en anere Bréif nach zitieren. An do kucken ech den Här Bausch, well dat och munches ausseet iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Police hei funktionnéiert.

Nodeem dee gudder Mann dann iwwer säin Affekt nach e puermol Bréiwer geschriwwen huet, kritt en dann den 19. Dezember vum leschte Joer eng Äntwert. Dat ass also ganz genau sechs Méint, nodeem dat ominéist Date-schutzgesetz a Kraaft getrueden ass, fir dat mer eis alleguerten esou laang op d'Schéller geklappt hunn.

Da kritt en hei geäntwert - ech liesen elo net dee ganze Bréif vir -, mä lauschtert no: « Effectivement, bien que le règlement grand-ducal du 2 octobre 1992 relatif à la création et à l'exploitation d'une banque de données nominative de police générale ait perdu sa base légale » - ait perdu sa base légale ! - « avec l'entrée en vigueur de la loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale, la police applique toujours les règles relatives aux détails de conservation en attente de nouvelles règles à fixer d'après les nouvelles dispositions. »

Dat heescht, hei seet de Police-Direkter: „De Règlement ass zwar ofgeschafft, mä mir applizéieren en nach ëmmer.“

Wann ech vu Rechtsstat schwätzen, wéi kann ...,

(Brouhaha)

... wéi kann dat sinn, dass hei nach e Règlement applizéiert gëtt, obschonn den Här Body - an ech kommen op den Här Body - virdu jo gesot huet, dass mer duerch d'Gesetz vun 2018 eng komplett nei Base légale hunn an eigentlech keng Reglementer a Gesetzer méi brauchen?!

Ech wär frou, Här Statsminister, an ech kommen elo weider op den Dossier, mä wa mer - och an deem Dossier vun lech herno -, ech mengen, hei geet et ëm de Protokoll vun der Regierung an en Nationalfeierdag, eng Rei Explikatioune krite, wat hei geschitt ass. Well aus deem Dossier geet er vir, dass dee gudder Mann net den Eenzege war, den 2018 refuséiert ginn ass, mä nach 14 aner Persounen hunn och den Accès op déi Feier refuséiert kritt, well se angeblech e Sécherheitsrisiko géifen duerstellen.

Här President, ech kommen dann elo awer zrëck op de Fong vun der Affär. An do wëll ech soen, dass mäin exzellente Kolleg Gilles Roth scho ganz villes gesot huet, wat ech natierlech net méi brauch ze widerhuelen.

Ech wëll awer nach op eng Rei Froen agoen, an ech muss eigentlech soen, dass ech dem Här Baum seng Ried hätt kenne komplett ënnerschreiwen, well e ganz vill gesot huet, wat ech eigentlech och wollt soen - dat brauch ech net nach eng Kéier ze widerhuelen.

(Interruption)

Et sinn eng Rei Saachen, déi mech fundamental stéieren am Handling, Här President, vun deem Dossier, am Handling vun der Regierung. Déi Affär ass u sech opgeworf ginn duerch déi Affär vun deem jonke Jurist, dee sech gemellt hat, fir eng Plaz um Parquet ze kréien. Dorobberhin, ech géif elo emol soen, huet d'Zivilgesellschaft sech an der Persoun vun engem engagéierten, engem ganz engagierten Affekt zu Wuert gemellt. An ech mengen, et muss een dat och emol eng Kéier begreifen, Dir Dammen an Dir Hären, dass hei d'Zivilgesellschaft sech an esou engem wichtege Dossier zu Wuert mellt.

Dorobberhin, an ech mengen, de Gilles Roth an ech, mir waren déi Éischt ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Mosar, erlaabt Dir, dass den Här Bausch lech eng Fro stellt?

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Neen, ech wëll ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Neen, okay.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ech hunn d'Wuert net gefrot, ech wollt just soen, dass ech herno drop géif agoen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Okay.

(Hilarité)

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ech wollt den Här Mosar ëm Gottes wëllen net ënnerbriechen!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech weess, dass Dir mech ni wëllt ënnerbriechen. Ech hunn lech jo och net ënnerbrach.

Ech wollt also domadder soen, dass mir eigentlech dunn ugefaangen hunn, eng Rei Froen ze stellen. An ech hu leider déi Mëtten net d'Zäit, fir lech all déi Froen an déi Äntwerten nach eng Kéier virzeliesen. Mä dat, wat ee gesäit, ass, dass mer do scheinwerchesweis ëmmer erëm nei Äntwerte kritt hunn. Déi alleréischte Fro, déi ech gestallt hunn, an den Här Roth huet dat virdu gesot gehat, do ass eng Äntwert, déi ech kritt hunn, wat dee ganze Volet vun der Justiz be-
trëfft, dat et um Niveau vun der Justiz u sech just ee Fichier géif ginn. Et ass emol näischt vun deem berüümte JUCHA gesot ginn.

Dorobberhin sinn aner Froen gestallt ginn. Do krute mer erëm aner Äntwerten. Mir hunn erëm nei Froen gestallt, a lues a lues, a Stéck fir Stéck, gesäit een e bësselche méi kloer an deem Dossier.

► **Une voix.** - Wonnerbar!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Awer, an ech kommen herno a menger Konklusioun nach dozou, mir sinn nach wäit ewech vun enger globaler Transparenz.

Eppes Zweetes, op dat ech wëll agoen, wat mech och stéiert, dass ass déi Kontradiktioun, déi tëschent Aussoe vu Ministeren an de Kommissiounen, op oder an de Medien, de Vertrie-der vun Parquet, de Vertrie-der vun der CNPD, de Vertrie-der vun der Autorité de contrôle judiciaire ass. An erlaabt mer trotzdem, op dräi Punkten do nach eng Kéier anzegoen.

Fir d'Éischt d'Base légale. Wann ech an där éischter Sitzung d'Regierungsvertrie-der héieren hunn, ech muss zwar soen, den Här Bausch huet haut wesentlech méi eng nuancéiert Positioun gehat, fir déi ech hien och wëll felicitéieren, ...

(Interruption par M. François Bausch)

Här Bausch, loosst mech ausschwätzen!

... muss ee soen, dass do eigentlech d'Ministeren an där éischter Reunion der Meenung waren, d'ailleurs mam Parquet, mat der Police, dass déi Base légale an der Rei wär.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Neen, ...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Neen, dat ass Är ... Dat kënnt Dir noliesen. Ech wëll lech elo net de ganze Verbatim hei virlesen. Dorobberhin huet och eis Press hir Aarbecht gemaach. Déi huet eng ganz gutt Aarbecht gemaach. Déi sinn dohinngaangen an hunn en eminenten Droitsprofessor vun der Uni Lëtzebuerg gefrot, wat hie vun der Base légale géif halen. An den Här Baum war ganz kloer an huet gesot: „Déi Base légale geet net duer.“

An ech wëll iwwregens do och eppes soen, well den Här Baum et och ugeschnidden huet, dass do gesot ginn ass vu Verschiedenen: „Jo, den Här Braun, de Professor, baséiert sech op den däitsche System, an dat ass en anere System wéi dee franséischen.“ Entre-temps hu mir de franséischen nogekuckt, Här Justizminister. Et ass eigentlech genau déiselwech Aart a Weis, wéi dat interpretéiert gëtt. Et huet also guer näischt mat enger Divergenz vun Interpretatioun ze dinn. A wann ee ganz vill Juristen herno och gelies huet, déi sech dozou artikuléiert hunn, da kann ee bal soen, dass déi allermeeschte Juristen der Meenung sinn, dass hei eng Base légale ass, déi net duergeet.

An ech wëll dann zum Schluss och op deem dote Punkt, Dir Häre Ministeren, de President vun där Autorité de contrôle judiciaire zitieren, dat par ailleurs, mat dem Procureur, eisen héchste Magistrat ass, eisen héchste Magistrat. Den Här Wiwinius huet geäntwert, wéi en déi kloer Fro gestallt kritt huet: „Geet déi Base légale duer?“ Du sot en: „Déi geet net duer, soss wäre mer jo net hei!“ Ech mengen, dat huet jiddwereen hei matkritt, den deemools an där Kommissioun do assistéiert huet.

Duerfir, Dir Dammen an Dir Häre vun der Regierung, ech mengen, et gëtt hei iwwerhaupt keen Doute, an ech kommen och nach drop zrëck: Mir hunn hei e Gesetz, wat net duergeet, fir all déi Applikatiounen an déi Konditiounen vun deene verschiddenen Datebanken ze regelen.

Zweetens, an dat ass och scho virdu hie vun enger Rei vu Leit gesot ginn, ass dat déi Fro vun deem Fichier nominatif. Ech hunn do nach eng Kéier den Artikel erausgezunn, well dat de Mëtten och e bësselchen anescht geklongen huet.

Mir haten d'Fro gestallt, ob et géif e Fichier nominatif ginn. Dat heescht, wann een do „Laurent Mosar“ agëtt oder „François Bausch“, da kritt een alleguerten déi Informatiounen, déi

iwwert dee Personnage do gespächert sinn. Do ass op der Pressekonferenz vum Parquet gesot ginn, dass et esou eppes net gëtt. Ech liesen lech dat hei och vir. Et ass den Här Nies, den dat gesot huet. Hie seet: „Namentlich wird nur“ - nur - „das eigentliche Strafregister geführt.“ A soss keen. Den Här Wiwinius an d'Madamm Prussen hunn eis op d'präzis Fro geäntwert, dass dat net richtig wär an et beim Parquet wuel e Registre nominatif géif ginn, wou een och all d'Informatiounen iwwer e bestëmmte Bierger gewuer ka ginn.

Drëtte Punkt, an dat ass een, dee mech - an Dir erlaabt och vläicht, ech mengen, et ass een natierlech Politiker, mä et ass een och emol Mënsch, et ass ee Jurist -, dee mech eigentlech an deem Dossier am meeschte perturbéiert: Dat ass d'Fro vun deene Mënschen, déi e laange Prozess mussen iwwer sech ergoe loos- sen. An ech weess net, ob ee vun lech schon eng Kéier an där Situatioun war, wat dat be-
deit, wann een iwwer Joren duerch verschidde penal Prozedure geschleeft gëtt. An da gëtt ee schlussendlech no siwen, aacht Joer endlech acquittéiert. Dat Gefill, wat esou Mënschen hunn, dat ass net ze beschreiwen. Ech hu virun enger Zäitchen esou penal Affären als jonken Affekt gemaach, ech gesinn och hei aner Kolleegen, déi där sécherlech maachen. Dat ass eppes Extremes, wann een no ganz laange Jore fräigeschwat gëtt.

Elo musst Dir lech virstellen: Elo gitt Dir no siwen, aacht Joer Prozess fräigeschwat. Da sot Der: „Elo ass jo alles an der Rei.“ Da stellt Dir awer fest, dass déi Faiten, déi à l'origine vun Är Affär waren, nach wie vor an deene Fichiere geféiert ginn, an dat hunn den Här Wiwinius an d'Madamm Prussen eis op d'präzis Fro bestätegt, a si hu selwer gesot, an ech muss eigentlech hir Éierlechkeet hei appreciieren, si hu selwer gesot, si hätten e ganz ongutt Gefill, si wësst, dass dat net ganz korrekt wär a si wären, Dir Dammen an Dir Hären, am- gaangen, dorunner ze schaffen, fir dat ze ver-
besseren.

Ech iwwerlossen elo jiddwerengem hei seng Appreciation, wann een am Joer 2019 gesot kritt, dass de Parquet amgaange wär, dorunner ze schaffen, fir ze kucken, wa Leit zu Onrecht während Joren duerch e Prozess gezu gi wä- ren, dass déi da schlussendlech hir Faiten do sup-
priméiert kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mat grousser Opmierksamkeit déi ver-
schidde Riedner hei gehéiert, an do ware Rie- den, déi mer exzellent gefall hunn. Ausser mengem exzellente Kolleg Gilles Roth muss ech soen, huet och den Här Baum hei eng wonnerbar Ried gehalen. Allerdéngs, an dat wëll ech ervirsträchen, och dem Här Body seng Ried. Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech, den Här Body huet eis Ried ge-
halen, hien huet d'Ried vun engem Opposi- tionsdeputéierten hei ...

(Brouhaha)

... vun engem Oppositionsdeputéierten ge-
halen.

Den Här Body huet gesot, an, Här Body, et kënnt seele vir, duerfir muss ech et awer ën-
strächen, verstitt Dir, dat allermeescht, Här Body, wat Dir de Mëtten hei gesot hutt, kann ech, an ech mengen, net ech, mä meng ganz Fraktioun kann dat ënnerschreiwen. An ech muss lech soen, Här Body, Dir hutt lech positiv ofgehewe par rapport zu där Regierung, zu där Är Fraktioun gehéiert. Ech hätt mer esou en Toun, wéi Dir en hei de Mëtteg gehat hutt, gewënscht vu verschidde Kolleegen aus der Regierung. All Respekt! Ech mengen, dat muss een och eng Kéier soen, wann e Kolleg vun der Majoritéit hei eng Ried hält, déi gutt ass, ...

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ech hunn näischt aneres gesot wéi den Här Body.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Bausch, ech weess, dass Dir dat vläicht net gär héiert.

... déi gutt ass, da soll een dem Här Body dat och soen.

Ech wëll awer, an do kommen ech op e Punkt, wou ech net ganz mam Här Body d'accord sinn, ...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... net ganz, zu engem Deel jo, den Här Roth huet et scho ge-
sot, dass ass déi Fro vun där kollektiver Respon- sabilitéit. Ech wëll et net nach eng Kéier wid-
derhuelen, den Här Roth huet et gesot, meng Partei, mir selwer si sécherlech an deem Dos-
sier net onschëlleg. Mir ware vun Ufank un do
mat derbäi mat villen anere Koalitionspartner.
Dat ass elo net déi Fro, déi sech stellt.

Ech muss lech allerdéngs zwou Saachen dozou soen. An do rejoignieren ech dat, wat den Här Baum gesot huet. Et gëtt och ëmmer an der Press gesot: „Jo, déi Deputéierten, déi wouss-

ten dat do jo alleguer. Firwat hu se net éischter eppes ënnerholt?“

Abee, Dir Dammen an Hären, ech weess net, wéi et lech geet. Ech hat vagement Informa-
tiounen iwwert d'Existenz vun deem Fichier bei
der Police; vagement. Ech hat awer iwwer-
haupt keng Anung iwwert d'Zuel vun deene Fi-
chieren um Niveau vun der Justice. Ech wëll
lech dat awer ganz éierlech soen.

An ech hat haaptsächlech keng Anung iwwert
d'Ausmoosse vu gewëssenen Dossieren a wéi
Fichieren hei verwennt ginn, wéi den Accès op
Fichieren ass, wéi weineg Kontroll op deene Fi-
chieren ass! An ech widerhuelen och nach
eng Kéier dat, wat den Här Roth gesot huet:
Ech weess net, wéi et lech geet, ech fannen dat
total inakzeptabel, dass an engem Rechtsstat
iwwer 2.000 Leit quasiment de façon illimitée
kënnen kucken, wat iwwer onbescholte Bierger
an deem Fichier ass!

Dir kënnt de Kapp rëselen, Här Bausch! Ech
muss soen, et ass traureg! Jo, dass e Fait,
deen eis vum Här ...

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Här President, ech wär frou,
wann den Här Mosar sech dann en neie Bréll
géif emol beschafen. Ech hunn de Kapp elo net
gereselt. Ech hunn de ganze Mëtteg hei an-
dächtig nogelauschert an ech ...

(Brouhaha et interruption)

Jo, ech hunn awer näischt gesot. Dat sinn net
ech.

► **Une voix.** - Loosst lech net stéieren!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech wëll just
nach eng Kéier betonen, dass dat fir eis Saa-
che sinn, déi einfach net akzeptabel sinn!

Ech wëll dann awer och nach op en anere
Punkt zrëckkommen, den ëmmer gesot gëtt:
„Jo, elo op eemol ass d'Chamber erwächt.“
Och dat ass net richtig. Den Här Roth huet vir-
drun eng ganz Rei vu Froen hei opgeworf, déi
hie jo selwer gestallt huet an Debatten. Mir
hunn zesummen eng Rei Froen gestallt.

An ee Beispill wëll ech awer och elo ginn, fir
och emol eng Kéier ze weisen, wat fir e Prozess
heiansdo, och zu Onrecht, der Chamber an
den Deputéierten gemaach gëtt.

Ech hu virun engem décke Joer, am Oktober
2018, nach net grad e Joer hier, eng Fro un
den deemolege Polizeiminister gestallt, wat de
System vun der Videosurveillance ueget. Ech
hu mech näamlech deemools gefrot, Här
Bausch, an ech hunn de Minister dat gefrot, an
ech kann lech d'Äntwert vun Ärem Virgänger
virlesen, ob hie sécher wär, ob déi Videosur-
veillance, de VisuPol, konform wär zu där neier
Legislatioun. Den Här Schneider huet mir
geäntwert, do wier iwwerhaupt kee Problem.
Dat wier alles an der Rei. En huet et iwwregens
och op der Télee an engem Interview gesot. Et
war also am Oktober 2018 wonnerbar. D'Ka-
merae waren installéiert. Déi hu funktionnéiert.
Et war kee Problem.

Dir äntwert elo dem Här Roth a mir, an ech ap-
preciieren dat, genau zu deemselwechte Su-
jet, dass Der der Meenung sidd, dass dat do
guer net esou evident ass. Dir sot, Dir hätt och
do d'Inspektioun vun der Police gefrot, an Dir
géift d'CNPD nach eng Kéier saisieren, fir ze
kucken, ob dat doten alles konform ass.

Ech soen nach eng Kéier, Här Bausch: Ech res-
pektieren dat. Ech fannen, dass Der dat gutt
maacht. Ech soe just: Are Virgänger huet mir
am Oktober eppes total anescht - eppes to-
tal anescht! - geäntwert wéi dat, wat Dir mir
elo äntwert.

Wou ass och do d'Kohärenz vun enger Re-
gierung? Et deet mer leed, hei ass déiselwech
Regierung, déiselwech Parteien! Am Oktober
äntwert e sozialistesche Minister: „Et ass alles
an der Rei“, an elo äntwert e grénger Minister:
„Neen, et ass eigentlech guer näischt an der
Rei.“

Ech kommen esou lues zum Schluss. Ech
mengen, et sinn hei nach ganz vill Froen - ganz
vill Froen! - op. An et sinn awer eng, zwou Saa-
chen, déi ech nach eng Kéier wollt ervirhiewen,
déi mech e bësselche stéieren.

An do ass och eppes, wat den Här Body gesot
huet, Dir Dammen an Dir Hären, wat mech
stéiert. Den Här Body huet gesot: „Jo, et gëtt
och nach op anere Ministère Fichieren. Do ass
och net alles an der Rei.“

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Net op de Ministère
ren, op den Administratiounen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Op den Admi-
nistratiounen, okay. Wou ech iwwregens, wat
de Fong ubelaangt, dem Här Body recht ginn.
Allerdéngs, Här Body, hei geet et ëm de Fi-
chier vun der Police! Hei geet et ëm Justizfi-
chieren, wou all Bierger dran ...

(Interruption)

Neen, wou all Bierger hei dran ass! Ech mengen, datt déi Fichieren, et deet mer leed, eng aner Importenz hunn ...

► **M. Gilles Roth (CSV)**.- A Konsequenzen.

► **M. Laurent Mosar (CSV)**.- ... a Konsequenzen hunn, well se, an dat hu mer jo op Base vu verschiddene Beispiller elo gesinn, och kënnen verwennt gi fir Zwecker, wou mir eis froen, ob dat iwwerhaupt korrekt ass.

An ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichtig, datt een dat nach eng Kéier seet: Hei geet et wierklech ëm fundamental Rechter vun de Bierger! An dat ass mat soss näischt aneschtlers ze vergläichen.

Zweetlescht Observatioun. Ech muss lech soen, ech hunn elo, an den Här Roth huet dat och gemaach, nach eng Kéier dee ganzen Historique hei geschildert, wéi dat gaangen ass. Wat mech eigentlech am meeschte stéiert: Wann déi couragéiert Bierger, déi couragéiert Leit aus der Zivilgesellschaft net an de Medien dee Kampf do ugefaangen hätten, dee vun engem Deel zumindest hei vun der Chamber virugefouert ginn ass, stellen ech lech d'Fro: Wou wäere mer dann? Wäer iergendwéi eppes geschitt an der Zwëschenzäit? Wäer iergendwéi e Gesetz vun 2018 ëmgesat ginn?! Well alles dat, wat entre-temps geschitt ass a wat elo geschitt, ass eng Konsequenz vun deenen Affären a vun deenen Initiativen, déi hei um Niveau vum Parlament geholl gi sinn.

Duerfir, mat allem Respekt, ech mengen, et ass virdrun hei gesot ginn: Et soll jiddwereen e bësschen „Asche auf sein Haupt streuen“. Ech géif awer och deenen zwee Ministeren, dem Här Bausch an dem Här Braz, soen, et géif hinne och net schlecht zu Gesicht stoen, wa se e bësschen Äsche géifen op hiert Haupt streeën, well, ech mengen, wann eng kollektiv Responsabilitéit hei besteet, dann droe si en net onsubstantziellen Deel.

Eng lescht Observatioun, Dir Dammen an Dir Hären. Mir héieren oft eisen Ausseminister dobaussen anere Staten de Spigel virhalen iwwer Netrespekt vum Rechtsstat; an Ungarn, a Polen, op anere Plazen; iwwregens eppes, wat mir begrëssen, wat mir och 100%eg ënnerstëtzen. Mir géifen eis wënschen, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer och de Rechtsstat hei zu Lëtzebuerg géife voll respektéieren! Dat ass eise Wonsch. An ech kann lech soen, d'CSV-Fraktion wäert sech net ginn, bis mir hei 100%eg Transparenz an deem Dossier kréien!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Mosar. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, diesen Dossier ass voller Eclaten. Als Eischt d'Opreegung iwwert de Fichier central vun der Police. Uschléissend hu mer eis der Justiz zougewannt an hunn eis iwwert de JUCHA opgereggt. Schlussendlech hat d'Opposition geschter dunn och nach d'Flemm mam Émgang vun der Majoritéit mat eis. Dat huet zu deem Debat gefouert.

(Interruption)

All Virriedner, ob vu lénks oder vu riets, huet fonnt, datt den Dateschutz e fundamentaalt Recht wier. E Recht, wat jo dann och manifestement geschter vun engem grénge Fraktionsmatarbechter gebrach gouf, wéi en déi ominéis Foto gemaach huet.

(Interruptions diverses)

Mais soyons sérieux et pas fous, a mir schwätzen iwwert dat heiten Thema.

► **Une voix**.- Wat fir eng Foto?

(Brouhaha, coups de cloche de la présidence et hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Jo, zielt eis emol e bëssen ...

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Dat Recht dierf net ...

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Den Här Clement huet d'Wuert!

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Merci, Här President. All Virriedner huet dat doten ugeschwat. All Virriedner huet gesot: Et ass e fundamentaalt Recht. An ech hoffen, datt mer haut, wann et dann herno zu de Motiounen kënn, och nach eng Kéier un dat fundamentaalt Recht denke wäerten.

An trotzdeem ass de Status quo haut zu Lëtzebuerg en aneren. Mir goufen haut als Eischt vum Minister Bausch gewuer, datt eng Rëtsch Datebanke wuel net konform mam aktuelle Gesetz fir den Dateschutz si respektiv keng le-

gal Basis hunn. Dat kënn vir! Wann dëst bei engem Betrib geschitt, da gëtt et eng Amende. De Patron kritt op d'Fanger geklappt an e muss déi Datebank läschen. Sou wäit, sou gutt. De Bierger kritt recht. Dem Bierger seng Date si securiséiert.

Beim Stat ass et anescht. Hei gëtt gedoktert, datt dat Gesetz passend gemaach gëtt, datt d'Datebank ka weider bedriwwen ginn.

Wa keng legal Basis do ass, gehéieren d'Date geläscht! Esou einfach ass et. Et geet net hei, fir ze dokteren, fir Daten ze erhalen, déi illegal gesammelt goufen!

Ech mengen, datt muss kloer sinn. Mir schwätze vun engem Rechtsstat. An an engem Rechtsstat muss grad d'Instanze vun deem Rechtsstat iwwer alles erhaben sinn. Et dierf keen Doute un der gudder Aarbecht vun der Police opkommen, just well se net d'Outillen haten, fir hir Aarbecht ze maachen! Grad d'Police an d'Justiz, déi sech jo ëm d'Anhale vun de Gesetzter respektiv ëm d'Sanktionéiere këmmen, müssen dofir exemplaresch, méi exemplaresch, wéi dat an der Vergaangenheit de Fall war.

Datt d'IGP, als Police vun der Police, elo eng Evaluatioun mécht, ass schéin a gutt. Mä wier et net wierklech besser gewiescht, déi Evaluatioun wär am Virfeld gemaach ginn, éier Datebanke geschafte goufen, éier Date gesammelt goufen, wéi datt mer et elo maachen, nodeem d'Kand schonn an de Pëtz gefall ass?

Sécher ass et am Réckbléck ëmmer einfach, dat ze kritiséieren. An ech verstinn, datt heiansdo Saache geschéien, déi net hätte solle geschéien. Dofir ass et gutt, datt mer elo Schrëtt ënnerhuelen, fir déi Evaluatioun ze maachen. Mä an Zukunft sollt et kloer sinn, datt keng nei Datebanken ouni esou eng Evaluatioun stattfannen.

Et kéint ee sech jo virstellen - äänlech, wéi bei all Gesetzprojet eng Fiche financière derbäiläit -, datt een an Zukunft eng Fiche huet, wou den Impakt op d'Donnéen erfaasst gëtt, well Donnéeë sinn d'Gold vum 21. Jorhonnert, sinn de Pétrol vun der Zukunft. Mir sollten also dofir och bei all Gesetz, wat iergendwéi mat Daten ze dinn huet, den Impakt op den Dateschutz evaluéieren.

A wann Daten néideg sinn, fir verschidde Kontrolle vun Antecedenten ze maachen, da muss mir dese Contrôle des antécédents och emol op eng gesetzlech Basis stellen. Well vu wéi engen Antecedente schwätze mer? Ass et d'Urschwärze vum Noper, well een um 18. Gebuertsdag d'Musek e bëssen ze haart opgedréit hat? Sinn et Ennerstellungen an engem Rousekriech? Oder wierklech just déi Saachen, déi och an den normale Casier gehéiere géifen, wann een da veruerteelt géif ginn? Mir géife begrëssen, wann dës Antecedenten och eng gesetzlech Basis hätten an net vun der Police missten interpretéiert ginn.

Den Här Bausch huet gesot, et ginn eng Rëtsch Gesetzter, déi sech op dee Contrôle des antécédents beruffen. Ma da sollte mer eis eens sinn, wat dese Contrôle des antécédents ass, legiféieren an dann deemspriechend dat Gesetz applizéieren.

Zum Thema vun allen Datebanke gëlle fir eis Piraten eng Rei Fuerderungen.

Éischstens, en Androen an de Fichier soll fréiestens, an deem Fall beim Fichier central, bei engem dréngenden Tatverdacht gemaach ginn, an net scho bei simplen Identitéitskontrollen oder engem Verdacht duerch en Drëtten.

Deejeinegen, deen am Fichier central agedroe gëtt, muss obligatoresch doriwwer op elektronischem oder Postwee informéiert ginn. D'Inscription am Fichier muss direkt geläscht ginn, wa sech erausstellt, datt se op falsche Behauptungen oder Tatsaache baséiert huet respektiv d'Onschold vu Gerichter geschwat gouf.

E wichtige Punkt ass och d'Iwwerpräiwe vun den Inscriptionen am Fichier. De verantwortlechen Dateschutzbeoptragte muss méi wéi an der Vergaangenheit, muss permanent präiwen, ob d'Regelen agehale ginn.

Fir awer och hei an der Chamber besser ze verstoen, ëm wat et genau geet, deposéieren ech elo eng Motioun, fir eis anonymiséiert Screenshots aus dem Fichier central an dem JUCHA zoukommen ze loosse, fir datt esou d'Chamber besser ka verstoen, wat wéi presentéiert gëtt a wéi et och vun de Polizisten a Justizbeamte benotzt ka ginn. Wannechgillt!

Motion 1

D'Deputéiertechamber,

- vu d'Existenz vu spezifeschen Datebanken, nämlech dem Fichier central bei der Police grand-ducale souwéi dem „JUCHA“;

- vu den EU-Reglement 2016/679 (GDPR) an notamment sengen Artikele 15, 16 a 17;

- motivéiert dorunner, de Fonctionnement vun den zwou Datebanke vollstänneg an transparent opzeklären;

invitéiert d'Regierung,

- de Fichier central souwéi den „JUCHA“ baséiert op e puer anonymme Beispiller an hirem komplette Fonctionnement an enger öffentlecher Erklärung komplett ze beleëen. Mat Beispiller un Informatiounen, wat genau erfaasst ass, wéi eng Detailler an Daten.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci.

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Och sollt d'Transparenz iwwert d'Software, déi de Kolleeg Goergen a senger Question parlementaire un den Här Bausch gestallt hat, net mat Sécherheetsbedenken einfach vum Dësch gewëscht ginn. Well mir gesi rezent, an d'Norichte si vun haut, datt an Dänemark déi lescht siwe Joer eng Rëtsch Leit onschëlleg veruerteelt goufe wéinst engem IT-Feeler an engem System vun der Police.

Dat heescht, hei geet et net drëm, d'IT-Infrastruktur vum Stat kennenzéieren, ze wëssen, op wéi enger IP-Adress, hanner wéi enger Firewall sech déi Datebank verstoppt. Mä hei geet et drëm, ze wëssen, mat wéi enger Software gëtt geschafft, firwat gouf déi Software ausgewielt an dann, deemspriechend, datt och d'Chamber kann informéiert driwwer diskutéieren, ob dat dann elo sécher ass oder net.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollten eis haut awer net nëmmen op de Fichier central an de JUCHA beschränken, well et geet vill méi wäit. Wéi den Här Bausch ugedeit huet, muss mer och eng Äntwert op de Visu-Pol-Projet fannen. Well einfach ëmmer nëmme weiderfilmen, kann an dierf net d'Äntwert sinn.

Sécherheetsproblemer um Terrain sinn do, dat wäert kee bestreiden, a mir brauche Léisungen. Mais soyons fous: Wéi vill méi Polizisten kéinten haut hiren Déngscht um Terrain leeschten, wa se net, trotz eidelem Casier, vun der Ausbildung ecartéiert gi wieren?

► **Une voix**.- Ooh!

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- A wa mer schonns iwwer Dateschutz am Grouse schwätzen, da muss ech un eng Fuerderung vun eis rappeléieren, nämlech d'Virratsdatespächierung ofzeschaffen.

Während fir am Fichier vun der Police oder vun der Justiz ze landen, e Beamten eppes muss an de Computer tippen, geet et bei der Virratsdatespächierung duer, en Handy, en Interzougang oder souguer e Festnetzschluss ze hunn. Da gi während sechs Méint all Metadate gespächert, wéini ee wou mat wem wéi laang telefonéiert, SMS, geemailt oder soss kommunizéiert huet op elektronischem Wee. Bei engem Smartphone mat Internetzougang ass dat souguer nach méi cocasse, well do gëtt bei all Echange vun Donnéeën d'Position gespäichert. Während sechs Méint kënn esou e ganz schéine Bewegungsprofil vum deem Eenzelen heibannen zustanen.

Ech mengen, déi meescht vun eis hunn esou e Smartphone, mat deem mer am Internet sinn, soudatt et u sech eppes Lichtes ass, fir jiddweree vun eis ze retracéieren, wa mer dann ugeklot gi fir eppes, op dat eng Maximalstrof vun engem Joer oder méi steet.

Den Här Bettel - an ech erënnere mech ganz gutt un de Video, wéi en deemools seng Ried hei gehalen huet - huet do ee ganz schéint Beispill genannt, woufir ee scho kann op Virratsdaten zréckgräifen, nämlech engem Deputéierten eng op de Bak ginn. Dorobber steet maximal méi wéi ee Joer Prisong. Deemspriechend, wann een dat mécht, dierf d'Police déi Donnéeën ufroen.

Et sinn nach aner Saachen, déi do drënnerfallen. Säin eegene Bësch unzefänken, fällt drënner, gläichzäitig och Kreditter mat engem ze héijen Zënssaz offréieren. Also sécherlech net nëmmen terroristesch Aktivitéiten, mä Kriminalitéit, déi och anescht kéint a sollt opgekläert ginn.

D'Virratsdatespächierung baséiert op enger EU-Direktiv. Lëtzebuerg huet déi ëmgesat. An déi EU-Direktiv war den Objet vun zwee Arrête vum Europäesche Gerichtshaff um Kierchbiereg. 2014 an 2016 huet den EuGH nämlech gesot, dës Virratsdatespächierung wär contraire zu de Grondrechter vun allen EU-Bierger.

Mir hunn haut gesot, Dateschutz ass e fundamentaalt Recht. Mir hunn haut och gesot, mir müssen dës fundamentaalt Rechter schützen. Wa mer et dann eescht domadder mengen, da sollte mer genau dat maachen, wat de Félix Braz 2014 am Januar, wéi e knapps Minister war, gesot huet, nämlech: „Mir müssen elo séier legiféieren, fir d'Virratsdatespächierung ze reglementéieren.“

2014 bis 2019, dat ass a mengen Aen net méi „séier“. An dofir hu mer dann och eng zweet Motioun haut matbruecht, nämlech eng Motioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, fir d'Virratsdatespächierung esou séier wéi méiglech ofzeschaffen.

Motion 2

D'Deputéiertechamber,

- vu d'EU-Richtlinn 2006/24/EG, déi d'Spächierung vun Telekommunikationsdaten a Mailen, déi sougenannte Vorratsdatespächierung, zouléisst;

- vu dat ofgeännert Gesetz vum 30. Mee 2005 an notamment sengem Artikel 9 iwwert d'Aféierung vun der Vorratsdatespächierung;

- vu d'Gesetz vum 12. Juli 2007, wat d'Spächierungsdauer op sechs Méint festleet;

- vu d'Urteeler vum Europäesche Gerichtshaff vun 2014 an 2016, dass d'Richtlinn 2006/24/EG géint d'Grondrechter vun de Bierger an der EU verstéisst;

- am Kader vum haitegen Debat iwwert den Dateschutz;

invitéiert d'Regierung,

- d'Urteel vum EuGH ze respektéieren an d'Vorratsdatespächierung esou schnell wéi méiglech ze ënnerbannen.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci.

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Well wa mer Dateschutz als Grondrecht gesinn, als fundamentaalt Recht gesinn, an dat net nëmmen als Lëpsbekenntnis wëllen hunn, mä do tatsächlech Aktiounen wëllen nokomme loosse, da muss mer d'Virratsdatespächierung, déi vun zwee Arrête um Kierchbiereg als net vereinbar mat eise Grondrechter deklaréiert gouf, endgültig ofschafen.

Grad en Dag, wou um EuGH um Kierchbiereg de Max Schrems fir d'zweete Kéier fir e besseeren Dateschutz kämpft, sollte mer dës Arrête aus 2014 an 2016 endlech ëmsetzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer, op nach eng Datebank anzegeen, vun där mer haut guer net geschwat hunn, an duerch déi, wéi ech déi éischte Kéier mech domadder beschäftegt hunn, ech dann nach e bësse méi Bauchwéi krut. Well et ass nach eng Datebank, déi et gëtt, wou een näischt anescht muss maachen, wéi an de Flieger ze klammen, fir während sechs Méint an enger Police-Datebank ze landen.

Ech schwätzen hei nämlech vum Gesetz vum 1. August 2018, wat de 26. Juli d'lescht Joer an der allerleschter Chambersëtzung gestëmmt gouf. Et geet ëm d'PNR-Datebank, déi vun der UIP bei der Police exploitéiert gëtt.

(Brouhaha)

Wie mat där Dräibuschstawenzalot net eppes ufänke kann, erlaabt mer kuerz, et ze erklären.

PNR, dat ass en „passenger name record“. E betrëfft jiddwereen, deen eemol um Findel an e Flieger geklommen ass. Et gëtt doranner stockéiert, wie wéini a wouhinner flitt, mä do derneient och, mat wem e geflunn ass, mat wat fir enger Kreditkaart e bezuelt huet, wéi en Hotel e gebucht huet, mat wem en d'Hotelszimmer deelt, wat fir een lessen en ausgewielt huet. Soit, an deem PNR sinn, wann een d'API-Donnéeë consideréiert, déi am Gesetz explizit erwänt sinn, eng ganz Rëtsch Donnéeë stockéiert, déi net nëmmen e Réckschluss op Ethnie, op Relioun, op sexueller Orientéierung oder op eventuell sexueller Relatiounen mat enger drëtter Persoun schlësse loosse.

Do dernieft ginn dës Donnéeën 48 Stonnen, éier een an de Flieger klëmmt, fir d'éischte Kéier komplett un d'UIP iwwerméttelt. D'UIP ass zwar en Departement bei der Police a gëtt och succintement am Rapport vun der Police erwänt. Se funktionéiert eréischt säit September. Dat heescht, wie viru September fir d'lescht geflunn ass, deem seng Donnéeë si sécher.

An an där UIP ass net nëmmen d'Police dran. An der UIP sëtzt nieft der Police och nach d'Douane an de SREL! Majo, do sëtzen déi dräi Richteg zesammen, wann et ëm Dateschutz geet! Wéi solle mer dann den Dateschutz als Grondrecht, als fundamentaalt Recht verstoen, wa lénks a riets nei Gesetzter gemaach ginn, Gesetzter adaptéiert ginn, fir ëmmer méi Daten ze stockéieren, wou ënnerschiddlech Instanzen drop Zougang hunn a wou de Contrôle immens flou ass?

Et geet duer, fir eng kleng Familljerees ze maachen, fir fichéiert ze ginn. Fichéiert ze ginn, wou drasteet, mat wem ech gereest sinn, wat ech giess hunn um Vol. An alles, wat nach feelt, ass d'Unzuel vun de Kalzongen oder d'Aart a Weis vun der Ennerwäsch, déi ech agepaakt hunn oder net agepaakt hunn!

► **Une voix.** - Dat ass interessant.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - D'Piraten haten nëmmen eng Box.

(Hilarité et coups de cloche de la présidence)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Awer déi richteg!

(Hilarité)

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Wéi och mat der Verratspäicherung muss ech hei näischt anescht maachen, wéi eben an de Flieder ze klammen.

Dir gesitt, den Dossier Dateschutz kann an dierf haut net clôturiert ginn. Ech kéint elo nach stonnelaang iwwer aner Datebanken beim Stat referéieren an domadder beweisen, datt dësen Debat just d'Spëtzt vum Aisberg duerstelt.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Den Zougang verstaatlechen.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, Här Kartheiser! Ech weess, wat de Stat deelweis mat ganz onsécherer Methoden iwwer seng Citoyene späichert. Dat ass eppes, wouweinst ech viru Geriicht gestallt gouf, well ech op eng Faillie de sécurité higewisen hunn a well léiwer op dee geklappt gouf, deen eben d'Faillie opgedeckt huet, wéi op deen, dee se verbrach hat!

Well bis haut ass déi Doktesch, déi einfach esou e Post-it mat hirem Passwuert an hirem Username op e Computer gepocht huet, net zur Rechenschaft gezu ginn! Bis haut sinn déi politesch Responsabel, déi d'Medico-Datebank agefouert hunn an zougelooss hunn, datt se oppe just mat engem Username a Passwuert um Internet stoung, net zur politescher Rechenschaft gezu ginn! Bis haut gouf just dee geklaakt, deen eben op d'Faillie higewisen huet.

A jo, ech ginn zou, wéi ech et och um Geriicht gemaach hunn: Ech war an där Datebank. Ech war kucken an ech war schockéiert, datt, fir Sport ze maachen, muss stockéiert ginn, ob ech afrikanescher Hierkonft sinn oder net.

An esou Felder wäerten et an enger Rëtsch anere Datebanken och ginn. An dofir muss mir als Chamber déi Aarbecht hei seriö huelen. A mir sollten eis och net mat Sécherheetsbedenke vu wichtege Donnéeën ewechhale loossen. Mir sollte Screenshots fuerderen! Mir sollten déi Lëscht vun de Felder, déi stockéiert ginn, agesinn an esou kenne genau gesi bei all Datebank, wat tatsächlech stockéiert gëtt an ob dat Sënn mécht.

Dat ass iwwerens och de Kader vun enger Question parlementaire, déi ech dem Här Bettel scho geschéckert hunn, wou ech nofroen, fir eng Lëscht vun all deenen Datebanken ze hunn, déi de Stat exploitéiert. Sou datt mer eis dann am Hierscht, wa mer dat gutt iwwert d'Summerméint préparéiere konnten, kënnen am Detail domadder beschäftegen, wéi a wat stockéiert gëtt a virum allem, ob dat Sënn mécht, wat mer do stockéieren.

Loost eis keng Ansgicht virun där schwéierer Aarbecht hunn, déi den Här Bausch an den Här Braz skizzéiert hunn, fir den Dateschutz als Grondrecht ze stärken!

Den Här Bausch huet gesot, et wäeren eng Rëtsch Datebanken, et wäeren eng Rëtsch Gesetzer ze änneren. Mir missten aacht Gesetzer mam Contrôle des antécédents änneren. Majo, da loost eis et maachen! Loost eis dat änneren, wat muss géinnert ginn, fir hei de Koup opzeraumen! Loost eis virun eiser eegener Dier kieren! Loost eis des Opportunitéit vun dësem Debat nutzen, fir no vir ze goen an zesumme fraktiounsiwwergräifend derfir ze sueren, datt d'Donnéeë vun de Lëtzebuerger Biergerinnen a Bierger besser geschützt ginn!

Schlussendlech erlaabt mer awer nach e leschten Dossier opzeweeren, well mir schwätze jo haut vill vu Sécherheet a vun Dateschutz an der Balance dertëscht. An do ass mer nach grad en Text ënnert d'Hänn komm, deen am Moment tëscht dem Conseil, der Europäescher Kommissioun an dem Europäesche Parlament debattéiert gëtt, a wou ech ganz gären d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung géif kennen. An dat ass d'E-Evidence-Reglement.

D'E-Evidence-Reglement erlaabt näamlech an Zukunft, wann et dann duerchkënnert, de Poli-

cen aus den EU-Länner Accès op E-Mailen a Cloudspäicher, an dat mat vill manner rechtsstaatleche Garantien, wéi dat haut de Fall ass. Esou huet änner anerem de wëssenschaftlechen Dëngscht vum Däitsche Bundestag geschter nach eng Publikatioun gemaach, wou se ganz däitlech gesot hunn, datt dësen Text mat den däitsche Grondrechter op informationell Selbstbestimmung wahrscheinlech net kompatibel wier. Dofir géif mech am Kader vun dësem Debat interesséieren, wéi d'Positioun vun der Regierung ass, wann d'Balance tëscht Dateschutz a Sécherheet muss fonnt ginn.

Wéi d'Kollegen aus der Opposition appelléieren ech dorunner, datt mer haut net einfach e Schlusstréich zéien, mä datt mer dësen Debat als Ufank gesi vun engem méi groussen Debat, vun enger aktiver Aarbecht, vun enger déifgräifender Analys, fir esou den Dateschutz vun alle Biergerinnen a Bierger ze stärken.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An elo huet d'Regierung d'Wuert. Fir d'Éischt de Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, den Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Merci, Här President. An och Merci allen Deputéierten fir hir Stellungnamen. Ech wollt eigentlech dem Här Clement och als Lescht op déi Saachen äntwerten, déi hie gesot huet, mä en huet awer eng Rei Saache gesot, déi mech e bëssen zum Schmuzele bruecht hunn. Dunn hunn ech geduecht: Neen, elo äntwers de him awer als Éischten. An esou soll en och d'Éier hunn, als Éischten déi Äntwerten ze kréien.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ech muss soen, ech si wierklech erstaunt, Här Clement, iwwert deen neien Toun, deen Dir fonnt hutt an deem Dossier, well Dir waart näamlech, wéi déi Diskussioun am Mee ugaangen ass, Invité um 10 op 8 an dunn hutt Der do bei RTL gesot, et soll een net mat Kanounen op Spatze schéissen.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Dat war bei der Enquêtékommissioun, Här Bausch.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Jo, ben. Ech wëll lech just soen: Dat heescht also och, datt Dir a Fonctioun vun deem, wat Der vläicht entre-temps gewuer gi sidd, Är Meenung géinnert hutt an elo vläicht net eng Kanoun eraushuelt, mä zumindest eppes méi Déckes wéi eng Schleider, fir op e Spatz ze schéissen.

Dat heescht, Dir sidd ... Jo, ech sinn e friddleche Mënsch. Kommt, mer ginn alt emol dervun aus, bleiwe mer bei der Schleider. An dat passt och besser bei lech, mengen ech.

(Brouhaha)

Dat heescht, datt Der wierklech elo ganz aner Saache sot. Dir hutt zwar elo hei vill Saachen opgeworf, bon, do hunn ech och meng Meenung derzou. Mä déi hunn eigentlech elo net esou vill ze di gehat mat deem, wat eigentlech de Mëtteg de Sujet war. Ech sinn awer gäre bereet, och eng Kéier iwwer all déi Saachen ze diskutéieren.

Ech wëll lech awer soen, datt ech et net ganz glécklech fannen, wann esou Aussoe gemaach ginn, wéi: Wat wär dann ... oder: Wivill Polizisten hätte mer dann elo bei der Police schaffen, wann net do iwwert de Policefichier Dausende vu Leit hir Antecedente kontrolléiert gi wäeren?

► **M. Sven Clement (Piraten).** - „Dausenden“ sot Dir. Dat hunn ech net gesot.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ben, Dir hutt ...

► **Plusieurs voix.** - Vill.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Vill.

(Brouhaha)

... vu vill geschwat. Vill ass net dräi, menger Meenung no. Dat wësse mer jo.

(Hilarité)

Mä, ech mengen, kommt, mir halen op, esou pauschal Aussoen ze maachen!

Éischters emol kann een dat jo net beleen, an zweetens, et ass jo e bësse méi komplizéiert wéi dat. Well ech mengen awer ... An ech wëll lech iwwerens och soen, datt, wann d'Police bei eppes e legale Kader huet an hirem eegene Gesetz, dann ass et bei der Iwwerpréierung vun den Antecedenten! Leit, déi bei der Police agestellt goufen. Iwwerens, bei der Arméi ass et genau d'nämlech. An ech mengen, datt dat awer net vu Muttwëll ass, datt een do e bësse méi genau hikuckt, well ëmmerhi sinn dat déi

Leit, déi mam Muechtmonopol, dee jo dem Stat gehéiert, herno mussen ëmgoen, mat der Waff mussen ëmgoen. An ech hunn awer léiwer, datt mer do e bësse méi genau hikucken, wa mer do decidéieren, Leit anzustellen.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, an dat ass dat, wat ech jo och gesot hunn, an da kommen ech zu der méi allgemenger Diskussioun zréck, dat ass déi Fro vun deem berüümte Contrôle des antécédents. A wann Der sot - dat hu jo och anerer hei gesot -: „Jo, da muss mer dat reglementéieren“, da soen ech: „Jo, ech si jo och do derfir.“ Mä ech soen lech awer och, an der Praxis ... An do geet et net dréms, fir zum Beispill déi Gesetzer ze änneren, wou de Contrôle des antécédents drasteet. Well et sinn der haut schonn eng ganz Rëtsch, wou drasteet, datt d'Police zoustänneg ass, fir de Contrôle des antécédents vun de Leit ze maachen.

A wann dat esou dosteet, dat hunn ech jo am Ufank gesot, dann heescht dat jo, datt et net nëmmen de Casier judiciaire ka sinn, mä da muss et méi sinn. Well soss stéing einfach do „de Casier judiciaire“. Da geet et net dréms, déi Gesetzer ze änneren, mä mir mussen dann am Policegesetz à la limite Ausféierungsbestimmunge festleeën, wou mer genau dra beschreiwen, wat d'Police genau am Kontext vun deenen eenzelen Gesetzer par rapport zum Contrôle des antécédents kuckt.

An duerfir sinn ech och komplett dem Alex Boudry senger Meenung, do wäerte mer nach spannend Diskussiounen hei am Sall kréien, wann et dréms geet, ze kucken - huele mer emol de Fluchhafen als Beispill -: Wéi wäit gi mer do an de Sécherheetsbestimmungen? Wat ass iwwerhaupt dat, wat mer do gär vu Sécherheet hätten? Awéiwäit wëlle mer, datt mer maximal Garantie fir eis Sécherheet kréien?

Dovun hängt jo dann natierlech och of, wat fir eng Méigleckeete mer zum Beispill dann der Police ginn, fir Antecedente vu Leit ze kucken. Wann ech weess, datt zum Beispill een Airside, also hannert de Sécherheitsbarrière, muss agestellt ginn, egal wat en do mécht, ob en do ass, fir d'Wallissen ze duerchlichten, oder ob e Pilot ass, whatever, Stewardess ... All déi Leit, déi sinn Airside. Dat heescht, déi kommen hin a Beräicher, wou d'Sécherheet héich sensibel ass, wou et och iwwerens europäesch oder international Bestëmmunge gëtt, déi mer mussen respektéieren, well soss kréie mer de Fluchhafen och nach zougemaach, wa mer déi net garantéieren.

Duerfir, dat gëtt alles vill méi komplizéiert! An do geet et net duer, einfach ze soen: „Elo gi mer an dat Gesetz hin, wou dat drasteet, an da maache mer do e puer kleng Annerungen an dann hu mer schonn de Problem geléist.“ Dat wäerten, soen ech lech, ganz spannend Diskussiounen ginn!

An ech muss lech och soen, ech hunn ... Ech weess net, et war den Här Reding, dee gesot huet, mir sollen ... Ah neen, Dir sidd fir eng Enquêtékommissioun. Déi géif mech och ganz vill reizen, d'Enquêtékommissioun, soen ech lech, Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Da solle mer eng maachen.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Well ech géif gär gesinn, wéi dat géif herno hei ausgoen am Parlament, wa mer zu deem heiten Thema dat géife maachen.

Mä eng Fraktioun hat jo gesot, ech mengen d'CSV, fir eng Spezialkommissioun ze maachen nëmmen zu deem Sujet hei. Ech hu mat all deem kee Problem! Et ass mir am Fong egal. Ech hoffe just, datt mer all zesumme virukommen an datt mer déi Problemer do geléist kréien. Mä déi Diskussiounen, déi wäerte ganz spannend ginn. An do wäerte mer och gesinn, da wäert déi Eenheet, déi heibanne besteet tëscht all den Deputéierten, en Deel vun den Deputéierten, Opposition oder Majoritéit, déi wäert ganz séier eriwuer sinn. Well da wäerte mer ganz séier komplett aner Vuen hunn, wéi mir d'Sécherheet an deem Land gesinn a wie wéi wäit wëllt goen. Et gëtt ganz spannend, fir dat ze diskutéieren.

An da muss mer dat jo an e Gesetzestext schreiwen. An dee muss jo dann extrem präzis sinn, well soss soen ech lech: Soss wäert et eis genau d'nämlech goen, wéi et deemools dem Här Frieden gaangen ass ufanks den 2000er Joren, dee schonn esou eppes probéiert hat. Et ass zerrappt gi vum Statsrot, well et natierlech extrem komplizéiert ass, dat ze regelen. Duerfir, dat wäert ganz spannend ginn. An ech wäert mech och doriwuer freeën.

An da kommen ech och zu deem Punkt: legal Basis / keng legal Basis oder wat hu mer? D'legal Basis ass d'Gesetz vun 2018. Wat feelt - an ech mengen, et ass dat, wou et och am Endeffekt dréms geet, wa mer hei iwwert déi eenzelen Punkten oder déi eenzelen Geschichten, déi elo hei opgeworf ginn, diskutéieren -, dat sinn Ausféierungsbestimmungen.

D'Fro, ob déi legal Basis vun 2018, déi een huet, duergeet oder ob een net spezifesch fir all déi Datebanken, déi et gëtt, ob et ass bei der Justice, ob et ass bei der Police oder wahrscheinlich och nach anerer ... Wann ech hei héieren, datt gesot gëtt, déi hei wäere besonnesch wichtig, a bei anerem, déi wäere manner wichtig. D'Sécurité sociale: Do si mer all dran. D'Steieren: Do si mer all dran. Do gëtt et och Datebasen. An och doriwuer muss een dann diskutéieren, wéi domadder ëmgaange gëtt.

(Interruption)

Jo, ech wëll dat jo elo net hei opwerfen, fir vun eppes ofzelenken, mä einfach, fir d'Schwierregkeeten ze beschreiwen, déi mer wäerte kréien, wa mer wäerten iwwert déi Ausféierungsbestimmungen diskutéieren.

Et geet ëm Ausféierungsbestimmunge vun enger gesetzlecher Basis, déi et gëtt, näamlech d'Gesetz vun 2018. Dat baséiert op enger europäescher Direktiv vu virun, déi laang an der Diskussioun war. A bei deenen Ausféierungsbestimmungen, do sinn ech haut schonn iwwerzeegt, brauche mer guer net ze probéieren, esou streng wéi de Statsrot entre-temps ass, fir mat Règlement-grand-ducallen ze kommen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Mä wahrscheinlech, wa mer der maachen, muss mer se éischter an e Gesetz géissen hei, fir déi dann och uerdentlech hinzekréien.

Da muss ech och soen, den Här Roth seet, ech sollt net maachen, wéi wa mir eppes op de Kapp gefall wär. Dat hunn ech och net gesot! An ech muss och soen, wann den Här Mosar seet, Kritik oder „Asche aufs Haupt“ - ech sinn net esou an deene kathouleschen Terme bewannt wéi Dir, Här Mosar -, wann en da seet, d'Regierungsmembere sollen dat maachen.

Ech hunn an der Kommissioun - dat ass am Verbatim nozeliesen - gesot, datt mir nach ni en Zack aus der Kroun erausgefall ass, wann ech hu missen zouginn: „Oh, dat doten hunn ech net gesinn oder iwwersinn.“ Dat Eenzezt, wat ech just gären hätt, an dat musst Der mer awer zougestoen, dat ass, datt een a fënnel Méint, wann een do ass, net onbedéngt déi dote Saachen alleguerte ka gesinn; wann Dir se net gesinn hutt iwwer Joren.

Den Här Roth huet eng Rei Froe gestallt.

(Interruption par M. Gilles Roth)

Dir hutt eng Rei Froe gestallt, mä Dir musst awer och zouginn ... Ech kommen nach dorobber ze schwätzen. Beim Gesetz vun 2018, do ass et den Avis ...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Jo, Här Mosar, da macht Der esou!

Dat war de Juli d'lescht Joer, wéi dat diskutéiert ginn ass. Da musst Der awer zouginn, Dir hutt och do net insistéiert, fir ze soen: Kommt, mir ralliéieren eis éischter op den Avis vun der CNPD, deen dat schonn effektiv opgeworf huet deemools! Mä jiddweree huet sech ralliéiert op den Avis um Statsrot. An de Statsrot war éischter der Meenung, wéi d'Regierung och, datt een net bräicht Ausféierungsbestimmungen ze maachen.

Do fällt lech och keen Zack aus der Kroun, wann Der dat muss feststellen. Mä ech soen dat just, fir awer opzeweisen, datt et kee Wäert huet, esou ze diskutéieren, an datt mer solle wierklech korrekt diskutéieren an net mat Scholdzouweisungen.

Da kommen ech awer zu enger Rei Punkten, wou ech mengen, déi een awer och net einfach esou stoe loosse kann.

Et gëtt sécherlech viles, wou mer nach hei mussen dru schaffen. Ech mengen, do si mer eis och eens. Iwwerens, et brauch keen hei Drock ze maachen an hei mat haarde Wieder op d'Tribün ze kommen an ze soen: „Mir wäerten eis hei net gi bis ...!“ Ech si selwer Demandeur derfir! Ech hu jo gesot, nach eng Kéier, liest de Verbatim no! Ech hat deemools ofréiert, ech wär bereit, ganz Deeg, wann et misst sinn, mat der Chamber ze verbréngen, fir hei Neel mat Käpp ze maachen.

Dat hunn ech gesot virun e puer Wochen an dr ... Duerfir huet et guer kee Wäert, datt mer et hei nach honnertmool widerhuelen. Well ech wäert mech näamlech och net ginn, bis mer hei e Gesetz hunn, wat Kapp a Fouss huet! Mä ech wäert lech awer soen: Et wäert net einfach ginn, fir et ze maachen. Duerfir, datt huet guer kee Sënn. Kommt, mir schaffen dorunner! Dat ass dat Wichtigst.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Da muss ech awer och soen, datt et awer net richtig ass, fir ze maachen, wéi wa vum Gesetz vun 2018 bis haut guer näischt geschitt wär. Dat ass jo net richtig! Ech ginn lech just ee Beispill.

D'Police huet sech awer Méi ginn, eng Rei Saachen ze maachen. Déi Dateschutzbeoptragten, déi am Gesetz virgesinn ass, déi ass ageballt. D'Police huet och entre-temps op hirem Internetsite, ech hunn et hei erausdrécke gelooss, ganz kloer d'Gesetzgebung eng Kéier erkläert. An do steet och um Schluss, dat ass e ganz Kapitel, do steet do « exercice de vos droits ». An do steet dann och d'E-Mail-Adress vun der Dateschutzbeoptragte vun der Police, wou ee sech ka mellen.

An do stinn allegueren d'Méiglechkeeten dran, déi de Bierger haut schonn huet. Zum Beispill huet en haut och d'Méiglechkeet, fir nozefroen, ob et iwver hien e Fichier gëtt. En huet souguer d'Méiglechkeeten, fir wann en an Accés derzou kritt, fir dann do zum Beispill Korrekturen ze verlaangen oder ze verlaangen, dat et ganz geläsch gëtt.

An da kommen ech zu engem Punkt, dee wierklech e grouse Problem ass an deem, wou ech lech och recht ginn, och dem Här Roth, wann Der deen opwerft ... Dat hunn ech och vun Ufank u gesot. Et gëtt de Moment e reelle Problem, onofhängeg dervun, dat mer diskutieren, wat an der Datebank oder am Fichier vun der Police ass oder net dierf/soll dra sinn.

Ech mengen, wa mer dat eng Kéier iwver e Gesetz fest definéiert hunn, bleift nach ëmmer den Haaptproblem, dat d'Police jo ... De Gros wäert jo awer PVe sinn, déi se maachen, déi se weiderginn un de Parquet. An d'Police weess de Moment net ëmmer: Wou ass d'Affär beim Parquet? Se dierf dat jo och net wëssen. Dat ass jo och logesch. Dat heescht, et feelt of de Feedback. Wann dann eng Affär klasséiert ass oder ofgeschloss ass, da gëtt d'Police dat net gewuer.

A mir mussen e System fannen. An doru gëtt geschafft. Ech hunn och der Police gesot, si solle kucken, sech do eng extern Firma mat erunzezéien, fir datt net e Lien gemaach gëtt tëschent dem Fichier central vun der Police an deem vun der Justice, mä datt awer iwver en informatésche Wee eng Léisung gesicht gëtt, fir, wann eppes klasséiert gëtt bei der Justice, dat et dann automatesch geläsch gëtt am Fichier vun der Police.

Mä dat ass awer net esou einfach, soen ech lech. D'Police huet och an deene leschte Méint un där doter Saach geschafft, mä si hunn et bis elo nach net hikritt. Mä mir mussen dat awer hikréien.

An da stelle sech natierlech all déi Froe mat den Delaien: Wat sinn d'Delaien? Do musse mer wahrscheinlech Ennerscheeder maachen, fir ze kucken, wat fir eng Saache wéi laang an deenen Date sinn. Wa mer eis dann eens sinn, wat iwverhaapt emol soll drakommen. Well dat ass nämlech déi spannend Fro am Ufank. Mä och dat si Saachen, déi si léisbar, just net einfach léisbar. Dat kann ech lech ganz kloer soen.

Dann, natierlech sinn ech och der Meenung vun Här Baum, datt op kee Fall an engem Policefichier dierfe Saachen dra sinn, wat Renseignements généraux wäeren. Dat huet näischt do verluer! Et huet näischt am Fichier vun der Police verluer, ob ech dräimol den Dag op den Niklos Eck een huele ginn. Dee gëtt et zwar net méi. En heescht haut anescht.

(Hilarité)

Mä dat huet näischt am Policefichier verluer.

► **Une voix.** - Ganz richtig!

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Am Policefichier dierfen nëmme Saachen drastoen, déi eng Relevanz hunn. Dat schéngt mer evident ze sinn. Dat ass och dee Punkt, wou mer eis wahrscheinlech am séiersten, zumindestens mir eis am séiersten, mengen ech, wäerten eens ginn. Dat wäerte mer da gesinn, wa mer den Detail herno diskutieren.

An natierlech dierf op kee Fall - op kee Fall! - eng Verméschung gemaach ginn tëschent de Policefichieren an de Geheimdengschtfichieren.

Ech wëll lech och soen: Wéi mer zum Beispill dat Gesetz, wat ech lech virdu gesot hunn, vläicht net ënnerschriwwen hunn, well ech gär fir d'Éischt elo déi hei Saache gekläert hätt ... Do war eng Diskussioun am Ufank, ier gesot ginn ass, d'Police soll dee Contrôle des antécédents maachen, do war natierlech och iwvert d'SREen nogeduecht ginn.

An den SRE wollt dat natierlech net, well déi gesot hunn: „Dat dépasséiert eis Kompetenz ganz kloer par rapport zu eisem Gesetz“; wat och richtig ass, wou ech hinneen och 100 %eg recht ginn. Mä d'Schwierigkeet, wéi mer dat solle maachen, déi Contrôles des antécédents, hu mer awer do och schonn zesummen diskutiert. Dat ass alles net esou einfach. Wéi gesot, dat gëtt herno nach interessant Diskussiounen. Mä op kee Fall dierfen do déi Verméschung gemaach ginn.

Här President, ech wëll ofschléissend nach eng Kéier soen, well, ech mengen, et kann een et net oft genuch soen an deem héijer Haus hei: Mir si bereet, hei ganz aktiv ze schaffen, fir déi gesetzlech Basis esou ze maachen, fir datt mer all wierklech dann eng Gesetzesbasis hunn, déi deem entsprecht, wat mer all wëllen: e seriösen Dateschutz. An ech hoffen, datt mer dat hikréien.

Ech soen lech och ... Den Här Bodry huet gesot, mir hätt jo d'Rapporten, déi nach austinn. Dat ass richtig. Ech sinn awer och bereet, wann en attendant am September oder schonn ier déi Rapporten erauskomm sinn, well mir schaffe jo schonn un enger Rei Ännerungen, wann déi kommen, datt ech déi an d'Kommissioun virstelle kommen, fir déi do mat lech diskutieren ze kommen.

De Wëllen ass do, fir eppes draus ze maachen. Da kommt, mir maachen et och alleguer zesummen am Geescht, wéi den Här Bodry et gesot huet; deen eigentlech an engem gewëssene Sënn och bal déi nämlech Ried gehalen huet wéi ech am Ufank, wéi ech hei meng éischt Ried gehalen hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. An da kritt den Här Justizminister, den Här ...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech hätt zwou Froen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Mosar fir zwou Froen, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Merci dem Här Bausch fir déi grouss Oppenheet. An ech mengen, mir appreciieren och, datt e wëllt ganz proaktiv un deem Dossier erugeen. Ech wollt zwar nach eng Kéier zwou Froe stellen, well op déi éischt, dat hat ech och schonn a menger Interventioun gesot, do huet e mer net richtig geäntwert, datt och ëmmer gesot gëtt: „Jo, Dir hutt och kee Problem gesinn.“ Dach, Här Bausch! Ech hat Ärem Virgänger, ech hunn lech et virdu gesot gehat, zum Thema VisuPol déi Fro gestallt, ...

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... well ech selwer meng Doutten hat. Ech hunn awer vun Ärem Virgänger, dem Här Schneider, geäntwert kritt, et wär alles „in bester Ordnung“. Wat wëllt Der dann, datt mir méi als Deputéierte maachen, wéi Froe stellen, souguer eis Problemer par rapport zu enger Applikabilitéit vun engem Text soen? Mir kréien da vum Minister geäntwert: „Ma wat geet de Laurent Mosar sech iwverhaapt do opreegen? Dat klappt dach alles. Mir hunn elo e super Gesetz. Et ass alles «in bester Ordnung».“

Dir sidd elo wesentlech méi oppen. Dir sot: „Nee, et ass net alles a beschter Ordnung.“ Verstitt awer och, datt mir net ganz frou sinn iwvert déi Aart a Weis, wéi och do mat berechtigte Froe vun Deputéierten hei ëmgaange gëtt.

Dann nach eng zweet Fro. Do sinn ech net ganz mat lech eens, wou Der och gesot hutt: „Et si wuel Saache geschitt.“ Jo, et si Saache geschitt. Den Här Roth, an ech wëllt dat nach eng Kéier zitieren, huet deen Avis vun der Autorité de contrôle Artikel 17 vun 2015 zitiert. Do war den Haaptproblem, Här Minister, de Journal des incidents. Dat hutt Dir och selwer, mengen ech, virdu an Ärer éischer Interventioun gesot.

Do huet deemools déi Autoritéit kloer festgestallt, datt dee Journal des incidents net konform wier mat der Dateschutzgesetzgebung. Dir äntwert mir elo, zesumme mam Här Braz, op eng Fro. Do kréien ech de Mëtten d'Äntwert. Ech liesen lech elo vir, wat do dra steet iwvert dee Journal des incidents: « Finalemment le journal des incidents a été remplacé en date du 1^{er} avril 2019. » Also véier Joer, no deem et opgeworf ginn ass, ass et remplacéiert ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Wuert geet zréck un den Här Bausch.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Also, zu där éischer Fro zum VisuPol. Ech ginn dervun aus, zu där Äntwert, déi Der kritt hutt an där leschter Legislaturperiod, wéi iwwegens vill Saachen, déi beäntwert gi sinn am Zesummenhang mam Dateschutz an der leschter Legislaturperiod, datt den Här Schneider an d'Madamm Closener dovun ausgaange sinn, datt dat Gesetz vum 1. August 2018, also dat neit Dateschutzgesetz, wahrscheinlech géif duergoen, fir dee Kamerasystem ofzesécheren.

Dir hutt och duerch d'Dateschutzgesetz eng legal Basis. D'Fro stellt sech do, d'nämlech wéi bei all deenen anere Saachen: Brauch een zousätzlech zu deem, wat dat Gesetz hiergëtt,

och nach Ausféierungsbestëmmungen, déi een an e Gesetz muss schreiwen, jo oder neen? Dat ass d'Fro! Meng Meenung ass do jo, datt een dat brauch, oder datt een et zumindest soll maachen, well ech mengen, datt dat méi Sécherheet gëtt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech deelen Är Meenung, Här Minister.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Jo, duerfir, wéi gesot, d'Erklärung läit menger Meenung no doranner, firwat si esou geäntwert hunn, datt si dovunner ausgaange sinn: „Elo kënnt dat neit Gesetz, dat kënnt den August. Bon, dann ass alles an der Rei.“

Dat Zweet ass, ech hunn lech gesot, wéi 2018 d'Gesetz ... D'Police schafft jo dorunner. An et kann een net alles maachen. An déi Äntwert, déi Der kritt hutt, datt dat elo den 1. Abrëll 2018 gemaach ginn ass, éischters beweist déi jo ... Well den 1. Abrëll 2018, dat war jo ier d'Diskussioun hei ugaangen ass.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - 2019 ass et kumm!

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Pardon! Neen, mä ech mengen 2019. Entschëllegt! 2019, dat ass jo awer ier iwverhaapt déi ganz Diskussioun entstanen ass, well dat ass eréischt Ufank Mee ugaangen, déi ganz Diskussioun ronderëm déi Geschicht, wou Der virdu opgezielt hutt, déi, wou Dir selwer da sot, dat hätt am Fong eréischt den Declencheur bruecht, fir datt eppes géif geschéien. Mä d'Äntwert beweist, datt dat net 100 %eg richtig ass.

Dat wëllt net heeschen, datt alles an der Rei ass, mä, ech mengen, déi doten Äntwert beweist genau, datt d'Police dru schafft, well mer dat den 1. Abrëll 2019 scho gemaach hunn, dat heescht, ier iwverhaapt déi Diskussioun entstanen ass.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat huet just véier Joer gedauert par rapport zum Avis, deen d'Autorité de contrôle gemaach huet.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Jo, Här Mosar, neen. Lauschtert, Här Mosar! Dir wësst jo awer och ... Ech bleiwen dann derbäi: Den Här Roth huet, menger Meenung no, richtig erkläert, wat deemools d'Diskussioun war ronderëm deen Avis vun 2015. Mä et bleift awer, datt d'Regierung, jiddwereen, keen ... Et sinn zwar Froe gestallt ginn, mä wann et drop ukomm ass, wann d'Gesetz gemaach gi sinn, ass net insistéiert ginn, fir dann och derfir ze suergen, datt dat deem géif Rechnung droen.

An ech kann lech just soen ... Bon, ech kann elo nëmme dat soen, wou ech elo responsabel sinn. Ech mengen, de Fait ass awer: Dat doten ass e Beweis, niewent dem Dateschutzbeoptragten, deen Police entre-temps huet, niewent dem Fait, datt dat um Site publizéiert ass, datt een eng Méiglechkeet hutt, iwver Mail säi Fichier unzefroen, datt eng Rei Saachen um Lafe sinn!

D'Fro, déi sech just stellt, zum Beispill, och do, et ass jo net nëmme ... Mir hu jo elo nëmme bei dem Contrôle des antécédents driwwer diskutiert: Wéi wäit dierf d'Police do goen? Wat dierf se an hire Fichier setzen? D'Fro, déi mer eis och musse stellen - mä et muss een natierlech oppassen, wéi wäit een dann do geet -, ob d'Police sech och bewosst ass, datt se dat alles muss maachen am Kontext mam Dateschutz, ob een net mindestens misst e ganzen Deel Saachen an e Règlement grand-ducal schreiwen. Mä, ech mengen, dat solle mer gesinn. Wann dat gewünscht ass oder de Fall ass, da solle mer dat maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Gilles Roth hat nach d'Wuert gefrot.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Nach eng Kéier: Ech mengen, mir appreciieren, den Här Mosar huet dat virdu och ënnerstrach, dass eigentlech d'Regierung elo net méi mat där Positioun weiderfiert „et ass alles am grénge Beräich“, well nach virdu dräi Wochen huet dat ganz anescht geklongen.

(Interruption)

Dach!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Net beim Här Bausch!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Beim Här Bausch manner, mä beim Här Braz war et kloer: „Et ass alles an der Rei. Et ass alles am grénge Beräich.“

Ech wëll nach eng Kéier drop agoen, dass schonns 2016 am Mee déi deemoleg Statssekretärin an der Police, also de Polizeiministère, d'Madamm Closener, dass déi gesot huet: „Mir hunn awer natierlech och schonns de Vott anticipéiert“, also vun der Dateschutzdirektiv, „a sinn elo eigentlech op där leschter Ligne

droite“, also 2016, „fir deen neien Text ze presentieren, deen eben och den Ufuerrunge vun där neier Direktiv Rechnung dréit.“

Soudass mir awer legitiment dervun ausgaange sinn ... An ech ka mer jo net virstellen, dass hei e Verrieder vun der Lëtzeburger Regierung an d'Chamber kënnt a seet, si hätten Aarbechte gemaach, déi se de facto net gemaach hätten. Also musse jo Virarbechten do sinn.

An ech muss soen, dass mir awer op déi konkret Froen, déi souwuel den Här Mosar wéi ech selwer gestallt hunn, mat allem Respekt, vun lech keng Äntwerte kruten. Dir sot: „Mir huelen dat Engagement.“ Dat huele mer och zur Kenntnis.

An duerfir hätt mer gären, ganz éierlech, dass Dir no der Sommervakanz, well dat kënnt Der maachen, mat engem Avant-projet an déi zoustänneg Kommissiounen kommt an dass mer dann och kënnen genau kucken: Wat ass dat, wéi Dir et wëllt regelen?

Well de Punkt ass jo deen: Et muss een net onbedéngt e Gesetz hunn, en neit Gesetz, mä et soll een eent hunn! Aus deem ganz einfache Grund, well 2018 huet d'Chamber e Gesetz guddes Glaaws gestëmmt, mä et stellt sech eraus, dass dat Gesetz an der Praxis bei de Policefichen a bei der Justiz net respektéiert gëtt. An duerfir si mer opgefuert als Chamber, zesumme mat der Regierung, fir esou e Gesetzesprojekt nei néierzeschreiwen.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Här Roth, dat Einfachst ass effektiv, fir dat do ze regelen. Mä dat Komplizéiert ass dat anert, wat ech lech gesot hunn, nämlech d'Ausféierungsbestëmmungen a sech d'Fro ze stellen: Wat dierf an deene Fichieren dra sinn?

Nach eng Kéier, wann Der déi ganz Fro ... Ech hunn d'Lëscht hei vun de Contrôle-des-antécédents. Do gëtt et gesetzlech Basissen an anere Gesetze, dat ass net ... Et ass net, datt dat elo einfach arbiträr gemaach gëtt. Mä just fir lech ze soen: Dee Contrôle, dee vun der Police d'lescht Joer gemaach ginn ass an deem Kontext vun deem Fall, do gëtt et eng gesetzlech Basis. D'Decision oder wéi et gelaf ass, dat wëll ech elo net jugieren. Ech kennen den Dossier net, duerfir wëll ech deen och net jugieren.

Mä dat Schwierigst ass awer, dat soen ech lech, fir herno festzeleeën, wat soll an d'Fichieren drastoen kommen, an dann nach en Ennerscheid ze maachen tëschent, ech soen elo emol, dem Fluchhafen oder esou enger Geschicht wéi där doten, wann een öffentlecht Evenement ass an esou weider. Dat ass dat, wat schwierig ass, an dat wäert Der och gesinn.

Ech soen lech, wat ech am Moment wëll maachen. Ech muss dat jo kucke mam Fluchhafen. Ech ka jo net de Fluchhafen elo zwee Joer laang hänke loossen, ouni datt do ee kann ageballt ginn. Dat heescht, wat ech elo wëll do maachen, dat ass, datt ech op Basis vun deem Gesetz, wat ech elo virgeluecht krut, wat ech nach net ënnerschriwwen hunn, probieren, Ausféierungsbestëmmungen auszeschaffen, mat der Police zesummen. An da kucke mer, fir dat an d'Policegesetz anzuschreiwen. Dat gëtt en éischen Test.

Mä Dir wäert gesinn, wann ech domadder kommen - an domadder wäert ech mat Sécherheet kënnen am Hierscht kommen, kee Problem, dat ass am Fong e Fallbeispill, wéi mer et musse maachen, fir all déi anere Beispiller, déi ech virdu opgezielt hunn -, da wäert Der gesinn, datt dat méi komplizéiert gëtt, wéi Der lech dat virstellt.

Wann ech dat awer soen, soen ech dat net, fir eppes op d'laang Bänk ze schiben. Au contraire, deen Dossier hei ass mir wichtig. Mä do soen ech lech just, datt en awer komplex ass an datt et manner séier wäert goen, leider manner séier, wéi mir allegueren eis et heibanne wënschen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. An da wär et elo um Här Justizminister Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och fir deen allgemeng jo awer wesentlech méi konstruktiven Toun haut vun der Debat wéi dat, wat mer zum Deel an de leschte Wochen héieren a gelies hunn, wann dat par autre interposé war.

Ech wëll awer natierlech op eng Rei vu Remarken, wéi och den Här Bausch, agoen.

Déi éischt ass un d'Adress vum Här Roth, deen och als Éischte geschwat huet, wou ech ganz frou war ze héieren, dass hie gesot huet, dass hei eigentlech net d'Base légale en cause ass, mä d'Praxis. Dat freet mech, well Der domadder och bestätegt, dass et hei keng Diskussioun doriwwer ka ginn, ob et eng Base légale gëtt. Déi gëtt et eendeiteg an onbestridde. D'Base légale ass den europäeschen Dateschutzpaquet. Deen hu mer mat zwee Gesetzer ëmgesat. An d'Gesetz vum 1. August 2018, notamment dee Projet, deen d'Direktiv ëmgesat huet, regelt eendeiteg den Ëmgang mat den Données policières et judiciaires. An dat ass selbstverständlech d'Base légale vun deem, wat do geschitt.

Den Här Mosar gesäit dat anescht wéi den Här Roth. Ech stellen dat ...

► **M. Gilles Roth (CSV)**. - Neen.

► **M. Laurent Mosar (CSV)**. - Neen.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice**. - Ah dach, Här Roth. Entschëllegt, däerf ech elo äntwerten?

► **M. Gilles Roth (CSV)**. - Neen.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice**. - Neen, entschëllegt, Här President, ech wollt eigentlech ...

(Brouhaha)

Neen, neen, neen, ech hunn lech och ...

Dach, Dir kënnt herno ganz gare Froe stellen, wann ech fäerdeg sinn.

► **M. Fernand Etgen, Président**. - Den Här Minister huet d'Wuert. An da kënnt Dir herno nach eng Zousazfro stellen, Här Roth.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice**. - Ech stinn herno zur Verfügung, wéi den Här Bausch och, fir weider Froen ze stellen. Mä ech hunn lech och net ënnerbrach. Ech wëll och meng Developpementer, wann Der erlaabt, Här Roth, kënne maachen. Dir hutt gesot, et geet hei net ëm d'Base légale, mä et geet ëm d'Praxis. Ech huelen dat zur Kenntnis a freeë mech doriwwer, dass Dir dat sot, an och, dass de JUCHA net soll bekannt gewiescht sinn. Ech hunn dem Här Mosar virdu mat deem Renvoi op de PV vun 2015 d'Memoire e bëssen erfrësch. Selbstverständlech kennt d'Commission juridique, wéi se déizäit nach geheescht huet, de JUCHA a weess och, wat do drasteet, spëitstens vun deem Dag un.

Dann ass gesot ginn, do wär an den Äntwerten op d'Question-parlementairen e Widdersproch dran. Dat ass net de Fall. Dat hu mer och a rezenten Äntwerten, déi Der elo kritt hutt vum Här Bausch a vu mir, nach eng Kéier widerluecht. Wann an enger éischter Fro vun lech gefrot gëtt, ob et do Casier-äänlech Fichiere gëtt, dann ass d'Äntwert eendeiteg: neen! Et gëtt keng Casier-äänlech Fichieren. Et gëtt e Casier bei der Justiz an et gëtt e JUCHA, an et gëtt näischt dertëscht an näischt anescht an näischt Geheimes.

Wann Der dann an der zweeter Fro déi richtig Froe stellt iwwert dat, wat et gëtt, an dat, wat bekannt ass, dass et dat gëtt, notamment de Membere vun der Commission juridique - och lech, Här Roth, ass et zënter Jore bekannt, dass et esou e Repertoire, kee Fichier, mä e Repertoire gëtt -, dann ass et evident, dass mer do-rober kënne soen: „Jo, dat gëtt et an dat ënnerläit och bestëmmte Regeln.“ Do sinn also keng Widdersprécher. Dat sinn un contraire ganz präzis Äntwerten op zum Deel schwammeg Froen. An ech si frou, dass mer dat also konnte regelen.

Dann hutt Der lech bezunn op deen Eenzelfall vun deem enge Bierger - Dir hutt den Numm genannt -, dee sech an de Media geäussert huet iwwer säi präzise Rekrutementsfall. Dir verstitt, dass ech dozou eigentlech näischt wëll soen, well et ass e präzisen Eenzelfall. De Mann huet an der Effentlechkeet gesot, hie géif sech en Affekt huelen, fir Recours ze maachen. Ech weess net, ob dat mëttlerweil geschitt ass oder net, mä ech wëll ganz sécher kee Commentaire maachen zu engem Eenzelfall. Dee Mann kann och géint déi Decisionen, déi d'Magistratur do geholl huet, op d'Gericht goen. Dat ass säi gutt Recht, an ech wëll dat dofir net kommentéieren.

Wat ech par contre wëll kommentéieren, Här Roth, dat ass, wann Dir sot, dass trotz deem neien Dateschutzgesetz d'Magistratur am Rekrutement weider bei hirer aler Praxis bleift. Do muss ech lech verweisen op d'Explikatiounen, déi de Procureur général lech ginn huet an der Commission, wou mer do waren. D'Base légale, an ech zitieren do de Procureur général, ass eng duebel, wann do rekrutiert gëtt.

Dat ass engersäits de Statut vum Fonctionnaire, deen a sengem Artikel 2 expressis verbis eng Obligatioun virgesäit, dass eng Enquête morale gemaach gëtt. Do steet net „Casier“, do steet „Enquête morale“, an dat ass eben ënnert deene verschidde Ministèren duerchaus net datselwecht. Dat ass zum Beispill net datselwecht bei der Police, et ass och net datselwecht bei der Justiz.

An dofir beriff sech de Procureur général och op eng zweet Base légale, an dat ass d'AttachésGesetz vun 2012. An dofir gi si déi zwou Base-légallen un. De Procureur général d'État huet mer awer och scho gesot, dass si déi Diskussiounen do ronderëm eigentlech perséinlech net wëilten hunn. A si seet, wann de Legislateur der Meinung ass, dass dat vill méi präzis sollt geregelt sinn, dann ass si ausdrécklech Demandeur derfir. Si applizéieren déi Gesetzer, déi de Legislateur hinne ginn huet, an am Moment ass hir Base légale de Statut vum Fonctionnaire mat enger Obligatioun am Artikel 2, eng Enquête morale ze maachen, an och d'AttachésGesetz.

Wann de Legislateur mengt, dass dat misst méi detailléiert geregelt ginn, fir dass et keng Diskussiounen kënne ginn iwwer hir Praxis, da si si als Éischt Demandeur derfir, dass mer dat Gesetz ganz séier komplettéieren. An da kënne mer eis näimlech mat der Fro ofginn - an do wär ech dann och interesséiert ze héieren, wat déi eenzel Deputéiert soen -, wéi eng Usprécher een da generell soll oder net soll stellen u Leit, déi an der Magistratur schaffen.

Ech soen lech och, firwat. Wann elo gemengt gëtt, dass an der Magistratur de Casier eleng soll duergoen a keng aner Appreciatione solle gemaach ginn, contrairement zu deem, wéi an der Magistratur nach ëmmer rekrutiert ginn ass, da sinn ech e bëssen iwwerrascht. An ech si selwer och Demandeur, dass mer dat dann an de Gesetzer solle ganz präzis beschreiwen.

Ech mengen awer net, dass mer am Moment zur Konklusion wärte kommen hei an der Chamber, dass gesot gëtt: „De Casier a soss guer näischt.“ Woufir? D'Magistraten, déi mer rekrutieren, am Judiciaire wéi am Administratif, ënnerleie jo eendeiteg dem AttachésGesetz, eendeiteg. Do steet och dran, dass déi Commission, déi rekrutiert, op all d'Informatiounen, déi den Autorités judiciaires zur Verfügung stinn, soll zréckgräifen; dat steet expressis verbis am Text.

Ech mengen, den Här Roth weess dat nach ganz gutt, hie kennt jo deen Text ganz gutt.

► **M. Gilles Roth (CSV)**. - Ech war Rapporteur vun deem Text.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice**. - Hie war Rapporteur vun deem Text. Den Här Roth weess ganz gutt, wat an deem Text steet. Mir verlaangen also vun de Magistraten, vum Judiciaire a vum Administratif, well d'Attaché komme jo an e gemeinsame Pool, dass se natierlech wäit méi Erwaardunge mussen erfëlle wéi nëmmen déi, kee Casier gehat ze hunn. Mir fannen, an den Här Roth fënnt et och prinzipiell richtig, dass et Fäll gëtt, wou de Casier net duergeet. Do si mer eis jo eens, Här Roth. D'Fro ass just: Wéi vill där Beispiller gëtt et? Awer net de Prinzip, deen deelt och den Här Roth an all déi, déi deemools dat AttachésGesetz gestëmmt hunn ënnert dem Här Biltgen, an där Regierung. Ech deelen dat och.

An da kënnt d'Fro: Sollen dann déi Leit hannendrun, déi net Magistrat sinn, deenen Erwaardungen do net entsprechen? Ech mengen, dass dat net de Fall ass. Ech mengen, dass och déi aner Leit, ob dat Greffiere sinn oder anerer am Judiciaire, absolutt deenen Erwaardunge mussen entsprechen, well si kréien déiselwecht Informatiounen. Déi mussen dat alles tippen, wat déi Magistraten do schaffen, déi wësse jo och datselwecht wéi de Riichter. Déi wëssen ënner Ëmstänn och, duerch dat, wat si alles mussen schreiwen, tippen, fotokopieren, wat iwwer hirt Pult leeft, wat an där Instruktioun amgaangen ass.

Här Roth, gedëllegt lech e bëssen! Ech si just amgaangen, lech ze äntwerten an dat ze widerleeën, wat Dir gesot hutt. Ech hat zum Deel och vill Gedold, fir ze héieren, wat hei gesot ginn ass vun Ärer Säit. An ech wëll just kënne soen, dass dat net stëmmt oder just eng Piouette ass, fir laanscht eppes ze kommen. Déi Leit hannert de Magistraten, déi kréie jo och mat, wat an den Instruktiounen leeft. Do geet et ëm de Secret de l'instruction a virun allem geet et ëm d'Présomption d'innocence. Wëlle mer dann net, dass déi Leit, déi do schaffen am Judiciaire, och méi héijen Erwaardunge gerecht ginn, wéi nëmmen ze soen: „Si hu kee Casier!“

Am Administratif, kann ee soen, ass dat net esou wëll. Den Administratif ass essentiellement public. De Bierger selwer hält an der Regel d'Initiativ, de Recours dohinner ze bréngen. Do gëtt et kee Secret de l'instruction, et gëtt

keng Présomption d'innocence. Do kann een a la rigueur soen: „Mäi Gott, jo.“

Mä ech soen lech awer als Justizminister ganz kloer: Wat de Judiciaire betrëfft, fannen ech et elementaire, dass déi Leit, déi an deene Prozedure wëssen, wat leeft, och méi héijen Erwaardunge mussen entsprechen, grad ewéi d'Riichter, d'Magistraten, déi déi Affären do behandelen. Wann also elo hei an der Chamber géif gemengt ginn, dass een doriwwer misst diskutieren, ob an der Justiz beim Rekrutement de Casier duergeet, da mussen hei an der Chamber dofir Majoritéite fonnt ginn.

Ech wäert op jidde Fall do dergéint argumentéieren. An ech sinn eigentlech immens zouverächtlech, dass hei an der Chamber sech keng Majoritéit fënnt, fir ze soen, dass déi Leit, déi an der Magistratur rekrutiert ginn, guer net brauchen iergendwellech speziell Exigenzen ze erfëllen, an dass do de Casier soll duergoen. Mir kënne déi Diskussiounen gären am Detail féieren. Ech sinn zouverächtlech, dass d'Chamber zu där Konklusion géif kommen.

No wéi enge Regeln dat soll stattfannen, wannechgelift, macht eis se esou präzis, wéi et nëmme geet! Dat ass den ausdréckleche Wonsch vum Procureur général selwer, fir dass et keng Diskussiounen doriwwer brauch ze ginn. Si sinn Demandeur, wann et dann elo an der Diskussioun ass, fir dass et nach méi präzis ass. Mä um Fong, dass een an der Magistratur, am Judiciaire, wéi d'AttachésGesetz an de Statut et och virgesinn, e bësse kuckt, wien een do eranhält - dat sinn déi Leit, déi dorunner schaffen, dass aner Leit eventuell kënne gestrooft ginn -, ech menge schon, dass mer eis eens sinn, dass de Casier do net duergeet.

Dann huet den Här Roth awer nach eng ganz Rei Froe gestallt iwwert de Policefichier. Déi Vermischung geet jo zënter Wochen esou hin an hier. De Policeminister ass hei, iwwert de Fichier central kann ech lech net äntwerten. Ech sinn net den zoustännege Minister derfir.

Doriwwer eraus stellen ech fest, Här Roth, dass Dir keng nei Froe gestallt hutt. An ech hat jo och scho leider e puermol d'Geleeënheet, mussen ze soen: Mir stinn lech esou laang zur Verfügung, wéi Der wëllt, fir absolutt transparent op all d'Froen ze äntwerten. Dat war an der Jointe de Fall, dat ass och haut de Fall. Mä haut si keng nei Froe komm. Et sinn zum Deel déiselwecht ...

(Brouhaha)

... zum Deel déiselwecht, déi Der scho beäntwert kritt hutt. A wann et muss sinn, da kann ech lech déi nach eng Kéier beäntwerten. Mä iergendwann eng Kéier mussst Der och agesinn, dass Der keng nei Froe méi stellt an dass Der déi beäntwert kritt hutt.

Dir musst d'Äntwert net deelen. Dat ass jiddwerengem säi gutt Recht. Mä beim beschte Wëllen, iergendwann eng Kéier, mengen ech, verstinn d'Leit och, dass näischt Neies méi do nokënnt.

Dir hutt Froe gestallt an nach eng Kéier hei widerholl, déiselwecht Froen, iwwert den Droit à l'oubli, wat d'Informatiounen betrëfft an esou weider. Bon, wat den Droit à l'information betrëfft an deser Matière, do ass et ganz kloer, Här Roth: Den Droit à l'information ass am Gesetz geregelt. Deen ass am Dateschutzpaquet op zwou Plazen, am RGPD an an der Direktiv iwwert d'Données policières et judiciaires geregelt, an zwar am Detail. D'Leit hu selbstverständlech en Informatiounsrecht, wéi am RGPD och. Par contre ass dat Informatiounsrecht méi en ageschränktent. Ech kucken do erëm op d'Madamm Reding, déi dat alles weess. Et pour cause ass bei der Direktiv iwwert d'Données policières et judiciaires dat Informatiounsrecht en anert, e bësse méi en ageschränktent. Do si mer eis eens, Madamm Reding.

Dofir gëtt et lauter ganz gutt Grënn, dass dat esou ass. Do gëtt et net keng Rechter, déi sinn am Detail beschriwwen, mä et sinn anerer, well soss wär et jo einfach. Een, dee regelméisseg mat den Autorités de poursuite ze dinn huet, dee bräicht jo dann nëmmen all sechs Wochen erëm e Bréif ze schreiwen an ze soen: „Kënnst Dir mir wannechgelift de Stand vun haut soen, wat alles iwwer mech am Moment an Are Fichiere steet?“ Da wësst deen all sechs Wochen, wourobber d'Autorités de poursuite da grad amgaange wären ze schaffen, wat hie betrëfft. Dat ka jo net Ären Eescht sinn.

Selbstverständlech sinn déi Informatiounen do anescht, an d'Informatiounsrecht anescht, mä et gëtt et. Selbstverständlech gëtt et dat, mä et gëtt anescht artikuliert an anescht praktizéiert, aus, wéi ech awer mengen, evidente Grënn an där dote Matière.

Dann den Droit à l'oubli. Jo, dat ass richtig. Mä och do muss een awer d'Nuance maachen, well wann een dat esou seet, do ass jo all Mënsch dermat d'accord. Et kann ee jo net de Contraire soen. Et gëtt awer an der Stroferfol-

gung Informatiounen - an ech hu virdrun d'Grënn developpéiert, firwat -, déi méi laang mussen kënne gehale ginn: Affären, déi nach net ofgeschloss sinn, Affären, wou Condamnatiounen kommen am Penalen, do huet jo all Mënsch, esouguer seng lerwen, seng Nofahren, d'Recht, iergendwann eng Kéier eng Revisioun dovunner ze froen. A wa mer net wëllen, dass d'Recht op Revisioun a Fro gestallt gëtt, da kënne mer net soen, och an deene Fäll, wou Leit condamnéiert gi sinn, an ech schwätzen emol net vum Casier, da géif dat fir d'Eiwegkeet ewechgehät. Et ass jo net dat, wat Der wäert proposéieren.

A wéi gesot: Dass aner Informatiounen ënner strenge Regeln accessibel bleiwen, ënner strenge Regeln, wa se bis archivéiert sinn, dat ass d'Realitéit haut op de Parqueten. Dat ass d'Realitéit. All aner Duerstellung, och, wéi Dir virdu gesot hutt, dass do Dausende Leit ouni iergendee Grond kënne Accès kréien, dat wësst Dir dach selwer besser, dass dat net geet.

Wann een an déi Fichieren erageet, muss e sech identifizéieren. Dat gëtt journaliséiert. Jiddweree kann noretracéieren, wie wat kucke gaangen ass a fir wéi een Zweck. A jiddweree gëtt dofir haftbar gemaach. Et hunn iwwerhaupt net all déi Leit, déi Dir genannt hutt, zu allem permanent Accès. Dat ass einfach nëmme falsch, dat krut Dir schon an der Kommissioun erkläert. Hei geet et ëm d'Be-soine vun der Stroferfolgung an déi si präzis limitéiert. Wa mer dat einfach esou géife maachen, wéi Dir et duerstellt, da kréie mer just nach Leit viru Geriicht, déi an der Flagrance erwëscht ginn, all déi aner kéinte mer vergiesen.

Ech droen dat als Justizminister net mat. Mir brauchen och zu Lëtzebuerg Stroferfolgung. An dofir brauch ee präzis a kloer Regeln. An do si mir bereet, iwwer alles mat lech ze diskutieren. Wa gemengt gëtt, dass dat Gesetz vum leschte Joer nach méi präzis soll gemaach ginn, da scheitert dat sécher net un de Justizautoritéiten an och net um Justizminister. Wou ech awer mat Sécherheet géif dergéint plädieren, dat ass, dass, wann déi do einfach Attitud de Wee soll fannen an d'Texter, well da gëtt d'Stroferfolgung zu Lëtzebuerg net méi esou effikass, wéi se ka sinn. Dann hu vun där do Diskussioun déi falsch Leit profitéiert. Net mat mir!

Dir hutt och Froe gestallt zu de Jugendlechen an deem Beräich. Vun de Jugendleche gëtt et am JUCHA - an nach eng Kéier, dat ass just e Regëster - keng Fichieren, déi mam Numm ze fanne sinn. Et ass d'Inhaltsverzeichnis, et ass net d'Buch, ech mengen, dass et awer kloer ass, wat dat heescht. Do sti just déi puer Informatiounen, déi ech lech virdu gesot hunn, an net den Dossier. Dee läit bei deem, deen dee Moment zoustännege fir déi Saachen ass.

Fir déi Mannerjäreg - well et gëtt och Mannerjäreg, déi mam Gesetz schweier a Konflikt gerode sinn, an dat hu mer jo och op anere Plaze scho mateneen diskutéiert - gëtt et am JUCHA e separate Volet. An deen ass nëmmen accessibel fir d'Jugendrichter a fir de Parquet Jeunesse a fir soss keen.

Är Suerg, wat dann elo am Fichier central ass, dat weess ech net, dat kann ech lech net beäntwerten, Här Roth, Dir hutt mir déi Fro gestallt, ech sinn awer net Policeminister.

Ech kënne lech awer soen: Wat d'Magistratur betrëfft, gëtt et am JUCHA, an deem Inhaltsverzeichnis, e separate Volet fir déi Mannerjäreg, deen nëmmen zougänglech ass - elektronesch verifiabel, soss kënnt een iwwerhaupt net do eran - fir d'Leit vum Parquet Jeunesse a fir d'Jugendrichter an d'Jugendgericht. Ech mengen, dass dat misst kloer sinn.

Dann zu den anere Remarken, déi Der nach gemaach hutt. Pardon, Här Roth, dat waren Är Remarken.

Ech ginn da weider bei deen Nächsten. Den Nächste war den Här Reding. Do wëll ech eigentlech just op eng Remark reagieren. Dir hutt an Ärer Interventioun gesot, dass de Secret d'instruction ganz wichteg wier an dass een deen och effektiv misst schützen. An Dir hutt och gesot, dee géif violéiert ginn aus Kreesser vun der Justiz.

Ech fuerderen lech hei an der Chamber op, fir ze soen, wien dat war. Wann Dir dat wësst, nennt Ross und Reiter, da kënne d'Justizautoritéiten deem nogoen! Dat ass fir mech inakzeptabel. Wann Der esou Saache wësst, da muss Der se soen. Wa Leit ouni Erlaabnis ...

(Brouhaha)

► **M. Roy Reding (ADR)**. - Neen, ech äntwerthen dem Här Minister ganz gär.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice**. - Neen, ech schwätzen hei, et geet jo dann ëm dee Schellen.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Ech hu guer kee Problem, dem Här Minister ze äntwerten.

Datt a wou Hausdurchsuchunge stattfanne bei bekannte Perséinlechkeeten, weess ee ganz enke Persounekrees.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Esou soll dat jo och sinn.

► **M. Roy Reding (ADR).** - A wann ëmmer erëm, ëmmer erëm dat vun der Press an Erfahrung bruecht gëtt a verëffentlecht gëtt an domadder all Prinzip vu Présomption d'innocence lächerlech gemaach gëtt an de Secret de l'instruction violéiert gëtt, dann ass also bei de Leit, deem Grappvoll Leit, déi dat dote wëssen, eng systematesch Fuite un d'Press. Voilà!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Okay.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Do muss eng Enquête stattfannen. Wann ech Procureur général wier, hätt ech scho laang eng Enquête ordonnéiert, fir erauszufannen, wou déi Fuite do hierkennt. Datt se do ass, dat wësse mer.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Wann dat do d'Integralitéit ass vun den Informatiounen, déi lech zur Verfügung stinn, da ginn ech déi genau esou integral weider un de Procureur général d'État.

(Interruption)

Dann zu de Remarque vun de Kollege vun déi Lénk. Do gëllt e bëssen dat, wat ech och schonn dem Här Roth virdrun hu misse soen. Déi vill Froen, déi ouni Äntwert bliiwe sinn, do sot Der: „Jo, esou séier kann een dat dann och net maachen.“ Mir haten eng jointe Kommissioun, wou Der duerno an den Interviewe gesot hutt, et wiere lauter Froen ouni Äntwert. Zënter där Jointe an haut leie jo Wochen. Dir sidd elo och haut net iwwerfall gi vun eis.

Ech huele jo un, dass déi Saach lech an de leschte Wochen e bësse Kappzerbrieches gemaach huet. Ech stelle just fest: Ech hat lech jo och an der Kommissioun schonn opgefuerdert, Är Froen ze stellen, well ech jo Är Skepsis am Gesiicht gesinn hunn. Déi war jo net verstopp. Ech hunn lech gesot: „Da sot eis déi Froen!“ Ech soen et haut och nach eng Kéier: „Stellt eis déi haut hei, wann Der Froen hutt.“ Dir hutt se an der Kommissioun net gestallt. Stellt se hei! Mir sinn hei fir d'Transparenz. Esou war et an der Jointe, esou ass et haut an der Plenièr. Wann Der Froen hutt, stellt se hei. Wann net, da ginn ech dervun aus, dass Der keng aner Froen hutt an dass se alleguete beäntwert sinn.

Mir sinn op jidde Fall dofir hei, Här Baum. An esou einfach kommt Der net derlaanscht, fir ...

(Brouhaha)

Dir kennt se ganz gäre stellen, mir si genau, genau dofir hei.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Neen, neen, neen! Ah neen, Här Mosar, neen, neen!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, mir lauschteren no.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Loosst wannegelift den Här Braz seng Ausféierung zu Enn féieren! An dann hutt Der d'Méiglechkeet, fir Froen ze stellen.

(Brouhaha)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Jo, an ech wäert och op dem Här Mosar seng Interventioun reagieren. An ech waarden nach ëmmer op all präzis an detailléiert Fro, fir se kennen ze beäntwerten, net just op Behauptungen an zum Deel souguer Niwwelkäerzen. Hei geet et em präzis Froen.

Da gëtt gesot, dass do och net ëmmer eng Base légale war. An der Vergaangenheet ass dat deelweis richtig. An der Vergaangenheet, beim Fichier central, den Här Bausch huet den Historique gemaach, do gouf et effektiv Momenter, wou kee Reglement do war an den 90er Joren, och bei der Justiz, dat war ufanks den 90er Joren. Wat d'Justiz betrëfft, ass zënter 2002 d'Base légale d'Dateschutzgesetz, an zënter dem 1. August 2018 dat neit Dateschutzgesetz, wat déi europäesch Direktiv an d'Reglement ëmgesat huet. Et ass also och do kloe: Wat de Fichier vun der Justiz betrëfft, gëtt et eng Base légale. Iwwert de Contenu vun der Base légale, ob déi gutt genuch ass oder net, dat ass eng aner Diskussioun. Mä et ass falsch ze soen, et wär keng Base légale fir déi Fichieren do. Ohne Wenn und Aber ass dat fir mech ganz, ganz kloer.

Dann hutt Der och geschwat iwwert de Procureur général, wou mer an där Kommissioun waren. Ech wëll lech awer och do rappellieren, Här Baum: Mir hunn, den Här Bausch an ech, Är Demande, déi Der formuléiert hutt als déi Lénk, fir eng Jointe ze organisieren, den Dag selwer ugeholl, wou Der se formuléiert hutt. Direkt! A mir hunn och bei den zoustännege

Presidente vun de Chamberskommissiounen intervenéiert, dass se eis wannegelift e méiglechst rapprochéierten Datum soll ginn, fir dass mer kennen all déi Froen, déi sech da gestallt ginn, beäntwerten.

Dir hat just den Här Bausch a mech invitéiert, fir iwwert de Fichier central ze schwätzen. Do ass also guer keng Ried gaange vun iergendepes vun der Magistratur, och net vun deem Eenzelfall. Ech hunn trotzdeem, trotzdeem, fir der Chamber entgéintzekommen, d'Madamm Procureure générale gebieden, ob se wëilt matkommen, obwuel se net invitéiert war, obwuel et dem Ordre du jour no guer net em si géif goen. Si huet dat akzeptéiert, ass och gäre matgaangen.

Wann dann duerno gesot gëtt, jo, si hätten awer do verschidde Froen, oder déi aner hätten eng PowerPoint gehat a si net, da fannen ech dat awer, also beim beschte Wëllen, awer ...

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - À qui la faute? D'Chamber oder de responsabele Minister?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - ... mindestens, mindestens onfair, mindestens onfair, wann eng Persoun, déi emol net invitéiert ass, déi sech gentiment zur Verfügung stellt, fir, le cas échéant, awer op ...

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Ass déi dann einfach esou komm?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Entschëllegt, däerf ech ausschwätzen, Här Baum?

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Dat war onfair vun lech.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech fannen dat onfair vun lech. Ech fannen dat onfair vun lech, wann Der hir dat reprochéiert, well si emol net invitéiert war, a si matkennt, fir de Fall, dass awer sollte Froen do sinn, well d'Vermischung jo schonn amgaange war. A si kennt dann a si äntwert op d'Froen, a wann dann herno gesot gëtt, jo, déi eng haten eng propper PowerPoint a si net, da fannen ech dat zumindest onfair.

Doropshin, Här Baum, hu se beim Parquet général fir déi Woch drop, wou se jo am Ufank mat invitéiert waren, fir dat dann nozehuelen, gell, fir dat awer nozehuelen, eng PowerPoint - an Dir kennt de Procureur général d'État adjoint, den Här Nies, wann deen eppes ufängt, da gëtt dat vun A bis Z gemaach -, eng PowerPoint vun iwwer 40 Säite preparéiert, déi se dann de 26. an der Justizkommissioun, wou se invitéiert waren ze kommen, mat der CNPD, sollte presentéieren. Den Dag virdu si se dunn ausgeluede ginn. Dat ass der Chamber hire Choix, dat ass kee Problem. D'Resultat dovunner war, dass de Parquet général déi ganz Méi, déi se sech ginn hunn, net wéi geplangt an der Justizkommissioun konnt un d'Deputéierten iwwerrechen. An hinne aus all deem elo nëmme iergendee Reproche ze maachen, dat fannen ech definitiv net an der Rei!

Zum Här Bodry. Ech brauch beim Här Bodry näischt bäizeflecken. Ech mengen, dass en eng ganz Partie Saachen op de Punkt bruecht huet, besonnesch, wann en no hanne kuckt, a besonnesch och, wann een intellektuell éierlech ass a seet: „Kommt, hei geet et em zwee Dateschutzgesetz, wou mer an engem Joer e Bilan kënne maachen!“ Dat betrëfft jiddwereen, jiddwereen. Ouni Skandalitis, ouni dass den Entrüstomat muss ugekierbt ginn, kann een och sachlech driwwer diskutieren. Dofir kann ech mam Här Bodry eigentlech nëmme d'accord sinn.

Fir dem Här Mosar seng Remarken, Här Präsident, do muss ech soen: Eigentlech misst ee beim Här Mosar ëmmer esou vill Riedezäit hu wéi den Här Mosar, fir nëmme hien ze beäntwerten. Do ginn esou vill Saache gesot, wou een eigentlech gradesou laang misst äntwerten, wat ech awer net däerf. All déi Behauptungen, do geet et emol net em Froen, well där sinn der net vill derbäi, mä do geet et ganz vill em Affirmatiounen, em Raccourci, em Vermischung vu Saachen. Um Enn ass vill Niwwel, awer weineg Kloecheet. An deen Niwwel aus der Welt ze kréien, dat ass mat nëmme e puer Minutten net dran.

Wat ech em awer ka soen: Dir schwätzt vum Handling vun där Affär duerch d'Regierung. D'Regierung huet hei iwwerhaupt keen Handling speziell gemaach. Si huet op d'Fro geäntwert vun der éischer Question parlementaire un iwwert déi zweet, ech mengen, am Ganze sinn et der mëttlerweil eng Dosen, déi Der och alleguete gëschter kritt hutt. All Fro hu mer eis beméit, laang virum Delai ...

► **Une voix.** - De Mëtting!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Jo, jo, mir hu se alleguerten, mir hu se alleguete gëschter nach erausgeschéckt.

(Brouhaha)

Jo, dat ass esou. Souwuel d'Police wéi och d'Justiz hunn déi Äntwerten, laang virum Delai, nach gëschter Mëtting alleguerten erausgeschéckt, laang virum Delai, an aller Transparenz, fir dass all d'Froen kënne beäntwert ginn. Dir hutt se doleien. An dat ass dat, wat mir vun Ufank un hei maachen. Mir beäntwerte Froen an enger Jointe, an enger Plenièr, virum de Mikroen, schréfflech, mir äntwerten a mir äntwerten a mir äntwerten. Ech stelle just fest, dass zum Deel déi Äntwerten einfach iwwerhaupt net zur Kenntnis geholl ginn. An do gëtt et dofir keng Kontradiktiounen an deenen Äntwerten, och net, wat d'Base légale betrëfft. D'Base légale ass eendeiteg.

Dat Eenzegt, wat kann diskutéiert ginn, do hu mir vun Ufank u gesot, dass mir souguer Demandeur sinn, dass een dat mécht, dass een dat Gesetz am Detail diskutéiert. Iwwregens, déi Froen, déi elo opgeworf ginn, och déi Remarken, déi den Här Mosar zum Deel mécht iwwert d'Base légale, déi si jo all iwwerhaupt net nei. Déi Froen do sinn all d'lescht Joer an der Chamber opgrond vum Avis vun der CNPD diskutéiert ginn. Déi Froe sinn all net nei, ob d'Gesetz méi detailléiert misst sinn oder net. Dat war am Avis vun der CNPD. An der zoustänneger Kommissioun - dat war net d'Justizkommissioun, dat war d'Mediekommissioun ënnert dem Här Berger, deen déi zwee Projete-loie presidéiert huet -, do sinn déi dote Froen in extenso diskutéiert ginn, an d'Kommissioun war sech d'lescht Joer eestëmmegeens doriwwer, och de Statsrot, deen op déi Awänn vun der CNPD reagiert huet, fir ze soen: „Neen, mir mengen net, dass een hei nach eng zousätzlech legal Basis brauch. Déi Prinzipie si kloer a si mussen ugewannt ginn.“ Et gëtt also och op deem dote Punkt keng nei Erkenntnis.

An ech soen trotzdeem: Wann awer elo d'Chamber géif mengen, dass een an deser Matière, a fir all déi aner Ministeré mat, eng Rei Saachen nach méi präzis soll schreiwen, da si mir als Regierung mat Sécherheet déi Lescht, déi sech do dergéint verwieren. An déi, déi se mussen uwennen, nach vill manner, well déi Leit, déi déi Gesetze do mussen uwennen, déi ginn hei op eng Aart a Weis zënter Wochen an de Mond geholl, ...

(Interruption)

... dass, wann ech si wär, ech scho laang an de Streik getruede wär a gesot hätt: „Ech pake keng Datebank méi un, bis de Stat steet! Wann Dir eis net klipp a kloer sot, am Detail, millimetergenue, wat mer ze maachen hunn, maache mir guer näischt méi.“

Wann dem Här Bausch seng Police géif soen, als Äntwert op déi ganz Ennerstellungen, déi mer permanent gemaach kréien: „Mir maachen net méi een eenzege Screening, net méi een eenzege Screening!“, da ginn eng ganz Rei Geneemegungen net méi eraus. Bei mir geet kee Waffeschäi méi eraus. Da gëtt et kee Juegd-schäi méi, da gëtt et och keng Juegd géint d'Peste porcine.

(Brouhaha)

Beim Gardiennage gi keng Leit méi agestallt, déi den Transport vu Fonge maachen. An ech kéint déi Lëscht laang weiderféieren. Dofir, wann et haut nei Erkenntnisser gëtt doriwwer, wat mer haut richtig fannen, solle mer dat sachlech diskutieren. Mä dat do ass alles näischt Neies. A wa mer éierlech sinn, hu mer dat doten alles schonn diskutéiert.

Dem Här Clement wollt ech och nach just kuerz äntwerten op déi Saach mat der Vorratsdatespäicherung, mir kommen awer herno nach eng Kéier dozou bei der Motioun. Ech wëll lech just soen, fir dat, wat Dir virgelies hutt: E puer Méint drop ass e Projet de loi vir mir deponéiert ginn, an dee läit zënter 2015 nach an der Chamber. Ech wëll lech dat just als klunge Rappel awer soen.

► **Une voix.** - D'Motiounen.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Braz. Et ginn Zousatzfroen vum Här Gilles Roth. Dann den Här Sven Clement, dann den Här Marc Baum, dann den Här Laurent Mosar. Fir d'Éischt den Här Gilles Roth.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Also Merci, Här Präsident. Ech hat gemengt, no enger Debatt vun dräi Stonnen an 41 Minutten, déi mer hei an der Chamber haten, déi ganz serein ugefaangen huet, ënnert der Présidence vun der Regierung, vun dem Statsminister Xavier Bettel, déi fraktiounsiwwergräifend, mengen ech, ...

► **Une voix.** - Dat ass net d'Présidence.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ... konstruktiv gefouert ginn ass, dass versicht ginn ass, dass d'Majoritéit an d'Oppositioun, zumindest, wat d'Deputéiert ubelaangt, sech openeen zoubewegen.

Mä dat, wat ech elo vun dem Justizminister - vum Justizminister! - hei héieren, dat ass fir eis inakzeptabel.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här Braz, dat, wat Der hei à l'adresse vun der Oppositioun gesot hutt, dat ass engem Justizminister vu Lëtzebuerg net würdeg.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Dir sidd de Minister, zesumme mat Arem Noper, dem Statsminister, dee muss fir de Rechtsstat stoen. A wat Der hei komme gelooss hutt, dat ass alles, mä dat ass eng Verleegnung vun dem Lëtzebuerg Rechtsstat. An ech huelen elo Punkt fir Punkt déi Uschëllungen, déi Ennerstellungen, déi Der sot.

Mir hunn als Oppositionsdeputéiert fraktiounsiwwergräifend konkret Froe gestallt. An da kommt Dir elo haut: „Wann Der déi Froen net méi ze stellen hutt, da si se beäntwert!“ Mä dat ass dach eng Frechheet, dat do!

An ech kommen elo op déi eenzel Punkten, déi Der gesot hutt.

Dir hutt gesot, et wier eng Base légale do, an den Här Mosar an den Här Roth wieren ennerschiddlecher Meenung. Ech soen lech gradesou kloer wéi den Här Mosar, dass Dir keng Base légale hutt fir d'Chaîne pénale vun der Justiz, dovu schwätzt Der jo, do hutt Dir keng Base légale haut am Lëtzebuerg Land, fir se esou funktionieren ze dinn, wéi se haut funktionéiert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Dir invoquéiert d'Base légale, d'Gesetz vun 2018. Also ech liesen lech et haart vir, Artikel 4: « Le responsable du traitement fixe des délais appropriés pour l'effacement des données à caractère personnel ou pour la vérification régulière de la nécessité de conserver les données à caractère personnel. » Dat ass widderluecht vun Aussoe vun der Madamm Lotty Prussen an der Justizkommissioun vun der Chamber. Et waren 30 Deputéiert uwiesend, an dee ganze Procès-verbal ass public. Also heescht dat, dass Är Base légale net stëmmt.

Da kennt den Droit à l'effacement. Do hu se gesot, dass dat net geet, dat kennt Der an Äre Procès-verballen noliesen. Artikel 15 (2): « Le responsable du traitement efface dans les meilleurs délais les données à caractère personnel de la personne concernée lorsque le traitement de ces données constitue une violation des dispositions prévues. » An esou an esou.

Sidd Dir also der Meenung, dass de Rechtsstat, de Rechtsstat zu Lëtzebuerg, muss jorelaang Donnée stockéiere vu Leit, déi acquittéiert gi sinn, vu Leit, déi rehabilitéiert gi sinn, vu Leit, wou d'Affäre klasséiert gi sinn, vu Mineuren? Fannt Der dat normal? Dat geet dach net an engem Rechtsstat! Da kennt Der dach net soen, Dir hätt eng Base légale dovunner. Jiddwereen hat déi Asiicht hei.

Ären Noper, den Här Bausch, deen hat déi Asiicht. Just Dir net. Dir wëllt hei einfach nëmme recht behalen. Dir sidd de Steigbügelhalter vu verschiddene Leit.

An dann dat Zweet. Wéi wëllt Der all déi Saachen, déi Der hei gesot hutt, ...

(Interruption)

... wéi wëllt Der déi Saachen hei vereinbare mat enger Présomption d'innocence? Fannt Dir et normal, dass e Mënsch, deen acquittéiert ginn ass, dass e Mënsch, deen rehabilitéiert ginn ass, dass deem seng Faite nach mussen an enger Datebank stoen? Dat fanne mir net normal. An dat geet och géint all Prinzipie vun engem Rechtsstat.

An dann déi Geschicht vun deem soi-disant „Bibliothécaire“, well et ass keen Attaché de justice, et ass e Bibliothécaire-référendaire gewiescht mat engem CDD, also engem zäitbefristete Kontrakt vun zwee Joer. Dat fält net ënnert den Artikel 11 (4) vun dem Attachésgesetz, wou Der mat Recht drog higewisen hutt, dass ech de Rapporteur war ënnert dem Justizminister Biltgen. Mä contrairement zu dem Justizminister Biltgen, zu dem Här Fischbach a villen anere virdrun, déi e Sënn vu Rechtsstaatlechkeet haten, déi e Sënn vu Mënscherechter haten, hutt Dir dat als Justizminister net. Dat hutt Der net! Well den Artikel 11 (4) vun deem Gesetz iwwert d'Attachés de justice, deen applizéiert sech net fir e Bibliothécaire-référendaire.

An et ass net normal, dass een, deen en Excès de vitesse zu Stroosbuerg op der Autobunn

huet, herno net méi dierf an de Statsdengscht goen. Dat soen ech och à l'adresse vun deene ganz ville Studenten, déi mer hunn, vun deene ganz ville Jugendlechen. Et kann dach net sinn, dass hei an deem Rechtsstat, wann ee mat 18 Joer eng Kéier zu Stroosbuerg ze séier gefuer ass, dann deem säin Droit, fir an d'Magistratur ze goen, à l'infini blockéiert ass. Dat geet dach net!

An da kommt Der an da sot Der, Dir hätt eng zweet Base légale, dat wier déi vun dem Statsbeamtestatut, den Droit à la moralité. Dee steet schon zënter 1979 am Statut vun dem Statsbeamten. Awer den Droit à la moralité, dee mussen awer net nëmmen déi Leit, déi bei der Justiz beschäftegt sinn, erfüllen, mä bei der mussen all déi 28.000 Statsbeamten erfüllen.

Da ginn ech also dervun aus, dass Dir als Justizminister der Meenung sidd, dass Der fir all Verwaltungschef, fir all Diplomatiechef, fir all Ambassadeur, fir all Member vum Corps diplomatique, an ech huelen nëmmen déi do, fir all Steuerbeamten, d'Recht hätt, grad ewéi bei dem Här Fürst, fir d'Donnéee vun der Police ze consideréieren, ob deen d'Moralitéit géif erfüllen, fir an e Ministère schaffen ze goen oder fir an d'Diplomatie schaffen ze goen. Mä elo rëselt Der mat Recht de Kapp. Dat geet net! Dat geet net. An duerfir kënne mir dat do net akzeptéieren.

Dir hutt eis gefrot: Stellt eis Är konkret Froen! Ma ech stellen lech konkret d'Fro: Sidd Dir der Meenung, dass eng Base légale do ass, dass, wann e Mënsch acquittéiert ginn ass, wann e Mënsch rehabilitéiert ginn ass, wann engem Mënsch seng Affär klasséiert ginn ass, deen nach kann zéng Joer an de Fiché vun der Justiz sinn? Jo oder neen?

Ech stellen lech konkret d'Fro: Wat ass d'Base légale, fir dass eng Persoun, déi e Casier vierge huet - e Casier vierge -, bei der Zeremonie vun Nationalfeierdag ausgeschloss gëtt? Jo oder neen?

An ech soen lech just eppes, Här Braz: Dir hätt haut kënnen, zesumme mat dem Statsminister, zesumme mat dem Här Bausch, zesumme mat de Majoritéitsfraktiounen an zesumme mat der Opposition, derzou bäidroen, dass een deen Dossier do zu engem konstruktiven Enn gefouert hätt. Mä ech soen lech eppes: Mir wäerten eis als Opposition an deem Dossier do net ginn!

A mir ginn eis net, bis dass déi leschte Fro do beäntwert ass a bis dass d'Bierger vun dem Lëtzebuerger Stat déi Rechter hunn, déi hinnen duerch europäesch Direktiven zoustinn. An et geet net duer, fir am Wahlprogramm vun déi gréng ze schreiwen: „Luxemburg zu einem europäischen und weiterhin Pionier im Bereich des Datenschutzes zu machen“. Wahlprogramm déi gréng.

Dat, wat mer vun lech haut héieren hunn, dat war alles, mä net dat do.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Roth. Ech ginn d'Wuert zréck un de Justizminister Félix Braz.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Meng Intention war et sécher net, den Här Roth esou rosen ze maachen. Meng Intention war just, op dat ze äntwerten, wat den Här Roth gesot huet, am Detail. A wann ech elo nach eng Kéier déi Froe kucken, déi Der stellt, hutt Der dat, wat ech gesot hunn, offensichtlech net richtig zur Kenntnis geholl. Wann ech schwätze vun der Base légale, hunn ech hannendrunn und direkt gesot: Wéi dat am Detail gemaach gëtt, doriwier si mir fir all Diskussion op. Mä wann ee seet, dass fir dee JUCHA u sech, wat e Repertoire ass, et iwwerhaupt keng Base légale gëtt, ass dat falsch.

Dir hutt jo selwer, Här Roth, an Ärer Introduktion gesot, et wär net de Problem vun der Base légale, et wär de Problem vun der Praxis. An do si mer eis eens. Ech hu just drop verwisen, dass Äre Fraktiounskolleeg de Contraire behaupt huet, deen nach ëmmer seet, et géif iwwerhaupt keng Base légale ginn. Et gëtt eng Base légale fir dat, wat d'Justiz do mécht.

Am Detail, wéi eng Donnéeë sollen dra sinn, wéi laang déi Donnéeë sollen dra sinn, hunn ech och net dat geäntwert, wat Dir elo hei widerholl hutt. Do hunn ech gesot, dass mer just mussen oppassen, wa mer deen Exercice maachen, wat wéi laang drableive soll, dass et net esou einfach ass, wéi Dir et am Ufank duergestallt hutt, just ze soen, alles dierf no ganz kuerzer Zäit do erausfléien. Am Detail brauche mir fir eng Rei Saachen an der Strafverfolgung,

Informationen, och bei Affären, wou mer net virukomm sinn, souguer ënner Ernstänn bei Affären, wou en Acquittement war, wou eventuell awer nach Joren duerno Informatiounen kënnen an enger neier Affär vun Interêt sinn. Et ass dat, Här Roth, et ass dat, wat ech gesot hunn, näischt aneres.

Dat, wat Dir mir elo hei resüméiert hutt, ass net dat, wat ech um Riederpult am Detail gesot hunn.

(**Interruption**)

Dofir, wat dee Referendaire betrëfft, och do soen ech lech nach eng Kéier: Ech verweisen op dat, wat de Parquet geäntwert huet. Ech hunn déi Decisioun net geholl, et ass eng Decisioun vun der Magistratur. Si si gefrot ginn an der Kommissioun. Si hu geäntwert, dass si zwou Base-légallen hunn. Wann deen Här e Recours mécht - ass iergendwou Waasser? Ech hunn Duuscht -, wann deen Här Recours mécht, kënnt dat virun e Riichter. Ech weess net - merci -, wat dee Riichter decidéiert. Ech kann lech just widerhuelen, ech kann lech just widerhuelen, et war sécher net, fir lech ze provozéieren oder rosen ze maachen, Här Roth, ech kann lech just widerhuelen, wat d'Antwerte sinn, déi de Procureur général op déi dote Fro ginn huet.

An ech hunn lech och op der Tribün gesot, dass de Procureur général selwer Demandeur wär, wann et op deem dote Punkt par rapport zu där Praxis, déi si hunn, wa se Leit astellen, e Problem gëtt, da si si Demandeur derfir, dass e Gesetz am Millimeter regelt, wéi se do solle virgoen. Si sinn iwwerzeegt, dass hir Base légale, déi duebel, déi se hunn, richtig ass. A wann d'Chamber dat anescht gesäit, da muss d'Chamber dat am Detail am Gesetz änneren, a si si souguer Demandeur derfir. Dat huet de Procureur général mir selwer scho gesot, well si déi do Zort Polemiken net wëllen, well si sinn do, fir d'Gesetz unzewennen. A wann déi Base légale elo op eemol géif contestéiert ginn, da si si als Eischt Demandeur fir eng nei Base légale, déi dat doten am Detail regelt.

An déi Duerstellung, déi Der gemaach hutt, dass Leit, déi iergendwann eng Kéier an engem PV eng Inscriptioun haten, dowéinst vu Statsplazen ausgeschloss wären, dat stëmmt net. Och an der Magistratur selwer sinn eng ganz Rei Leit, seet de Procureur général d'État adjoint mir, déi trotz Inscriptiounen déi Plazen awer kritt hunn. Et muss just bei hinnen awer kënnen driwwer geschwat ginn.

An déi Interpretation, Här Roth, vum Statut, déi Dir elo maacht, fir mir ze ënnerstellen, ech hätt gesot, dat géif heeschen, dass dat an Zukunft bei jiddwerengem soll gemaach ginn, dat ass guet net dat, wat ech gesot hunn. Ech hunn de Contraire gesot. Ech sot just, et gëtt eng Base légale am Statut vum Fonctionnaire, déi bei all Rekrutement verlaangt, dass eng Enquête de moralité gemaach gëtt. An ech hunn hannendrugehaangen: An dat ka vu Ministère zu Ministère eppes anescht bedeuten, zum Beispill bei der Police an zum Beispill bei der Justiz, well mer do, mengen ech, zu Recht verlaangen, dass méi muss gekuckt gi wéi nëmmen de Fait, dass ee kee Casier huet, wa rekrutéiert gëtt. Dat war also just de Contraire vun deem, wat Dir mir elo hei wollt an de Mond leeën.

Dofir géif ech lech bieten, déi Äntwerten als Äntwerten op Är Froen an op dat, wat Dir eis un de Kapp geheit hutt, ze consideréieren. Dir sot, Dir wëllt lech do net ginn. Ech mengen, heibanne wëllt kee sech ginn, well mir wëllen allegueren, dass mer um Enn net nëmmen e gutt Gesetz hunn, mä och iwwerall eng Praxis, déi konform ass zu de Gesetz. A wann een dofir d'Gesetz misst präziséieren, dann ass d'Regierung ganz oppen, dass een dat dote mécht, dat hu mer scho viru Woche gesot, den Här Bausch an ech. Also dorunner scheidert et net.

Ech wollt domadder, Här Roth, net den Terrain vun der Sachlechkeet verlossen. Ech wollt lech och net perséinlech attackéieren. Ech hunn awer just wëllen äntwerten op dat, wat gesot gëtt. An ech stelle fest, dass déi Froen - a mir sinn eis op der Äntwert da vläicht net eens - awer allegueren an deene leschte Woche beäntwert gi sinn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da wier et um Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Ech muss soen, dass d'Erklärungen, déi mer elo kruten, mech dann awer nach e bëssen interpelléieren, wat e puer méi konkret Froen ugeet. Esou huet den Här Braz a senger Äntwert zitéiert, dass et wuel während enger gewëssener Zäit keng Base légale fir déi Datebanke gouf, och wa sech dat op den Ufank vun den 90er Joren zréckbezieht.

Esou wollt ech dann awer explizit a kloer nofroen: Sinn déi Daten aus deenen Zäiten nach am Fichier? Oder goufen déi gelöscht,

well se illegal gesammelt goufen? Ech mengen, dat ass eng ganz konkret Fro. A wann et Phase gouf, wou d'Donnéeen net hunn dierfe stockéiert ginn, da soll de Bierger och d'Gewëssheet hunn, dass déi Donnéeën net stockéiert ginn.

Déi zweet Fro betrëfft dann de Login. Dir hutt dat nach eng Kéier kuerz ugeschwat, dass all Accès op déi Datebanke gellégt gëtt. Elo hunn ech dat awer am Verbatim vun der Kommissiounssetzung nogelies. Do hutt Der gesot: De Login fënnit dräi Joer statt. Mir wëssen awer aus Ären Aussoen, dass déi Donnéeën an deem Fichier méi laang wéi dräi Joer gehale ginn.

Duerfir wollt ech froen: Gëtt esou laang, wéi Daten am System sinn, déi kënnen accedéiert ginn, och garantéiert, dass all Accès op déi Donnéeë gellégt gëtt, och retroaktiv? Dat heescht, wann ech haut froen: „Wien huet meng Donnéeë gekuckt?“ Kann dann de ganze Lifecycle vu mengen Donnéeë bewise ginn, wien déi wéini gekuckt huet? Ech mengen och, dass et net ka sinn, dass de Stat während Jorzéngten Donnéeën iwwer seng Bierger späichert, de Bierger awer nëmmen dräi Joer weess, wien da kucke war oder net. A wie viru véier Joer oder dräi Joer an engem Dag kucke war, do hänke mer dann.

An dann hu mer e puer Bierger, déi eng Ufro gestallt hunn, an dat adresséiert sech éischer un déi zwou Ministeren, fir hir Donnéeën aus deene Systemer ze kréien. D'Äntwert dorobber war ënner anerem vun der Police, déi ech haut nach virleien hunn, dass dat zwee Méint dauere géif. Elo ass et esou, dass am RCPD drasteet « dans les meilleurs délais », dat ass natierlech relativ e Gummiparagraf, do ginn ech lech gäre recht. Et ass awer esou, dass am Gesetz iwwert d'transparent Verwaltung drasteet, dass eng Verwaltung soll Donnéeën, déi e Bierger uffreet, ënnert deem Statut dann, innerhalb vun engem Mount produzéieren.

Elo stellt sech mir d'Fro: Firwat sollen administrativ Donnéeën, déi e Bierger vun enger Verwaltung freet, méi séier produzéiert kënnen gi wéi seng eegen Donnéeën, déi hie betreffen?

Duerfir wollt ech d'Ministere froen: Ass et esou, dass si déi zwee Méint, fir op d'Donnéeen zougänglechen, als en Délai raisonnable gesinn, oder ob een do net sollt dru schaffen, fir dass dat mindestens op d'Vitesse zréckgefouert gëtt, déi eben och am Gesetz iwwert d'transparent Verwaltung steet? Respektiv kucken, fir déi Prozedur an deenen nächste Wochen a Méint, hoffentlech dann am nächste Mount, méi séier ze maachen?

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Bausch, wannechgelift.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Jo, ech kann eppes zu deem leschte Punkt soen. Also, ech hat jo scho virun e Pabeier erausdrécke gelooss, wat bei der Police um Site steet par rapport zu deem, wat den Här Clement elo freet. Bon, déi Regel vun zwee Méint, dat ass sécherlech net a Béton gegoss. Ech sinn éischer e Fervent, dass, wann de Bierger eppes freet, et soll esou séier wéi méiglech goen.

Et muss een natierlech bedenken: Hannert där ganzer Dateschutzveruerdung hänkt jo awer och Personal, wat muss agestellt ginn. An Dir musst wëssen, dass deen Dateschutzbeoptragten nach net laang do ass. Dat ass eng Damm, déi hat ech jo mätrüecht an d'Kommissioun, fir dass Der se och kenneléiert. An et ass esou, dass natierlech déi sech och elo Prozedure ginn huet. Dat ass awer net onwesentlech, wat déi un Aarbecht ze bewältegen huet. A mir mussen do kucken: Wa mer Méiglechkeete fannen, fir dass dat méi schnell geet, kee Problem. Also, déi zwee Méint - dat ass dat, wat den Här Schrantz lech geäntwert huet -, dat ass dat, wat elo an deene puer Méint, wou d'Praxis besteet, derbäi erauskomm ass.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann hat den Här Baum d'Wuert gefrot. Neen, den Här Braz wëllt nach äntwerten.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Den Här Clement hat mir jo och Froe gestallt. Zu deem leschtgenannte Punkt kann ech dat just ënnersträichen, wat den Här Bausch gesot huet. Et kënnt derbäi, dass dat Informatiounsrecht an deem heite Beräich en ageschränkt ass. Notamment steet am Gesetz, dass ee keng Informatiounen brauch erauszeginn, wann déi eventuell eng lafend Instruktioun kéinte behënneren.

Et geet also net duer, just ze kucken, wou déi Donnéeë stinn, an da wéi bei engem normale Fichier einfach ze soen: Hei ass d'Informatioun, hei hutt Der se! Hei muss fir d'Eischt eng Verifikatioun gemaach ginn, déi eigentlech och um Fong muss gemaach ginn. Dat heescht, wann esou eng Demande kënnt - an dat ass jo virge-

sinn, dat Recht gëtt et -, wann déi Demande erakënn, dat weess ech, da gëtt och probéiert, fir esou séier wéi méiglech drop ze äntwerten.

Par contre, am Verglach mat enger normaler Verwaltung, wou et nëmmen em Informationsbrutes geet, déi een nëmme brauch ze copy-pasten a weiderzeginn, muss hei den Impakt vun den Informatiounen, déi gefrot ginn, op eng eventuell lafend Instruktioun gepréift ginn. Dat geet natierlech net esou séier, wéi dat vläicht bei anere Verwaltung méiglech ass. Mä ech weess awer, dass sech beméit gëtt, déi Informatiounen esou séier wéi méiglech erauszeginn.

Dann zu deem, wat archivéiert ass. Bon, wat vun 1990 bis 1994 vun Donnéeë gespäichert ginn ass, dat kann ech lech net soen. Do war vergiess ginn, dat deemolegt Reglement ze verlängeren. Obwuel de Procureur général dat rappeléiert hat, huet et nach eng Zäitche gedauert, bis dat Reglement erëm do war. Bei der Police war et d'Period 1997 bis 2004, wou déi Lacunne waren. Mat de Späicherdelaien vun haut sinn déi Donnéeë sécher, ganz sécher net méi an deem aktive Fichier. Do gëtt jo haut zwee Joer fir Contraventionne gespäichert, dräi Joer fir aner Infraktiounen, an da flitt et an d'Archiv. An d'Archiv, dat ass eben net zougänglech, ouni dass ee vum Procureur général, dat gëllt och fir all d'Magistraten, eng extra Erlassung muss ufroen a kréien, déi een och muss begrënnen, firwat een an ee bestëmmte Fichier wëllt kucke goen.

An deem Fichier, an deem Historique, leie Saachen, déi ganz al sinn. Do kann ech lech net soen, ob do Saache vun 1990 bis 1994 dra sinn oder net, oder wéi vill. Wahrscheinlech ass et esou, dass d'Äntwert jo ass. Wéi vill vun deenen, dat kann ech lech net beäntwerten. Mä den Accès dozou ass vill méi komplizéiert.

Dann zu der Fro mam Login. Souwäit ech d'Praxis kennen, wéi se mir eben erkläert ginn ass an där jointe Kommissioun, ass et esou, dass fir déi Fichieren, déi aktiv sinn, also dat, wat nach net archivéiert ass, ee sech ëmmer muss aloggen. Soulaang déi Informatiounen also an deem aktiven Deel vum Repertoire sinn, muss ee sech aloggen an et muss een och de Grond uginn, firwat dass een drageet. Dat ass also net esou, dass do iergendeen einfach emol ka kucke goen. Dat geschitt net. Do gëtt et kloer Regeln. Duerno geet et an d'Archiven. An déi Saache ginn natierlech, souwäit ech weess, och gehalen, all déi, déi sech do age-loggt hunn, gi menges Wëssens gehalen. Mä do misst ech awer d'Techniker vum Parquet général froen, fir lech keng Äntwert ze ginn, déi vläicht net komplett wär.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - A bei der Police?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Dat weess ech net.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Méi wéi dräi Joer.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da wär et um Här Marc Baum.

► **Une voix.** - D'Äntwert.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Baum huet d'Wuert, wannechgelift.

(**Brouhaha**)

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Neen, ech mengen, bei der Police ass de leschte Stand, dass Der musst - fir egal, wat Der maacht - e Login maachen, dat heescht, et ass och retraçabel, an Dir musst och eng Motivatioun uginn. Ech hat dat virdu vergiess ze soen, well och e puer Leit gesot hunn, wéi wann een do einfach esou klack dorakéim. Dir musst wierklech schréftlech eng Motivatioun eraginn, firwat Der an dee Fichier eragitt. Et ass net, wéi wann do jiddweree kéint wahllos, esou, wéi e grad Loscht huet, eragoen. Dat ass natierlech wichteg. De Retracement ass jo wichteg an och d'Motivatioun, fir wann e Problem entsteet herno, dass ee kann nokucke goen: Jo, wat war dann do? Hat en eng Motivatioun? A wéini war et, wéi en dragaangen ass?

Bon, also ech kucken dat awer nach eng Kéier genau no, mä ech kann lech just soen, souwäit ech dat bis elo a mengen Informatiounen hunn, gëtt et bei der Police keen Delai. Dat heescht, dass gëllt iwwer dräi Joer eraus. Also, wann Der lech aloggt, ass dat ëmmer retraçéiert, dann hutt Der ëmmer e Logfile dran.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann huet elo definitiv den Här Baum d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech ka just dat deelen, wat virun de Gilles Roth gesot huet. No enger eigentlech ganz konstruktiver sereiner Debatt muss ech soen: Dat, wat de Justizminister den Deputéierte geäntwert huet, dass ass awer ganz staarken Tubak!

- **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, très bien !
- **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Véier Punkten.
- **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien !
- **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Éischtens, déi leideg Geschicht mat der Invitatioun vun der Madamm Procureure d'État. Als Lénk hu mir eng Demande gestallt, fir déi politesch Responsabel, lech, Här Justizminister, an de Policeminister, an d'Kommissioun ze ruffen.

(Interruption)

Op der Invitatioun vun der Chamber, vun eise Gremium, stoungt Dir zwee drop, net d'Madamm Procureure d'État, och net den Här Schrantz vun der Police. Déi waren net vun der Chamber invitéiert. Se waren awer do. Datt si do waren, dogéint hate mir an der éischter Sëtzung guer nâischt, well si hu kënne bähëllef, fir Opklärung ze ginn a fir d'Versteesdemech vun deenen eenzelne Prozesser ze maachen.

Also war et net d'Chamber, déi d'Madamm Procureure d'État invitéiert huet, mä wärscheinlech jo de Justizministère. Wann d'Madamm Procureure d'État dann no där Sëtzung seet: „Ech sinn um falsche Fouss erwëscht gi vun der Chamber!“ Mä da muss se sech un de Justizminister wenen an net un d'Chamber, well et sidd nâamlech Dir, dee se invitéiert hutt. A wa se net preparéiert war, dann ass dat op jidde Fall éischter Är Responsabilitéit, wéi datt et d'Responsabilitéit vun den Deputéierten ass.

► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Dunn ass da gesot ginn: Jo, fir déi Kéier drop hat de Parquet dann eng PowerPoint presentéiert, well se der Fläissaarbecht vun der Police net hannendru wollte stoen. An déi konnte se dann net presentéieren, well se den Dag virdrun ausgeluede gi sinn. Richteg! An der Chamber hu mer eis driwwer opgereegt, datt op Demande vun der CSV d'CNPD invitéiert ginn ass als Kontrollinstanz an datt mer et net ganz glécklech fonnt hunn - an esou hu sech och d'Majoritéitsvertreider ausgedréckt -, datt an dârselwechter Reunioun dann d'Madamm Procureure d'État och do wier. Dat ass de Grond, firwat gesot ginn ass, se soll ausgeluede ginn.

Wann et elo awer esou gewiescht wier, datt d'Chamberskommissioun gewosst hätt, datt et drëm gaange wär, eng PowerPoint-Presentatioun gemaach ze kréien iwwer d'Chaîne pénale, mä dann hätte mer en aneren Datum fonnt. Dann hätte mer dat op jidde Fall, als Chamber, mengen ech, unanime uegholl. Duerfir sinn déi Ennerstellungen, Här Minister, déi Dir der Chamber hei maacht, einfach net richteg. An et ass falsch, wann Dir sot, dat wär onfair, wann d'Chamber dorobber reagéiert. An dat wier net an der Rei, hutt Der gesot. Et ass net an der Rei, wéi Dir d'Saachen duergestallt hutt.

► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Zweetens, Dir sot: „Mä wou sinn dann Är Froen alleguer? Ech héiere keng Froen.“ Dir hutt et selwer virdu gesot: Mir haten lech als d'politesch Responsabel an d'Kommissioun geruff. Mir hu Froe gestallt, mir hunn Explikatiounen kritt. An ech hunn et och virdu gesot: All Explikatioun engendréiert weider Froen! Wat awer essenziell ass, an dat huet och viru sechs Joer d'Enquêtekommissioun vum SREL erausbruecht: Déi richteg Froen, déi féint en eigentlech érischt, wann ee wierklech befaasst ass mat den Donnéeën, wann een Accès huet zur Handhabung an déi och wierklech retracéiere kann. Da kommen d'Froen op, déi essenziell sinn. Deen Accès hu mir als Chamber am Moment awer op jidde Fall net. Duerfir mengen ech, ass et awer net ganz fair ze soen: „Dir stellt keng Froen!“ oder „Är Froe sinn alleguer beäntwert!“, wann all Moment ëmmer erëm nei Elementer erakommen.

Dann drëtens, an do muss ech awer soen, ginn ech an deem bestäegt, wat ech och schonn ëmmer virdrun an der Press gesot hunn: Mir hunn hei zwou Aart a Weisen, wéi mer mam Problem ëmginn. De Policeminister huet den Tour gemaach vun de Problematike vun deem Zentralfichier an huet gesot, wat do runner verbesserungswürdeg ass a wou d'Chantiere sinn, wou mer missten usetzen. Dir als Justizminister, Dir sot: „Mä et gi keng Problemer, mir hunn am Moment keng Problemer, duerfir loosst mech dach mat Rou domadder!“ Dat ass dach eng net nozevollzéiend Approche, déi Dir dozou entwéckelt. An da sot Der nach als Surplus: „Jo, wann Dir als Chamber mengt, Dir misst dat an dat änneren, da si mir als Justizministère nëmme Preneur, fir dat ze maachen.“

Ech mengen, an dat ass dann eng Fro un lech: Gëtt et dann, wat déi Fichieren, wat d'Chaîne pénale ueget, an der Justiz, vun lech als politeschem Responsabele vum Justizministère, Pis-

ten, wou Der sot, dat do wéilt Dir elo deem nächst änneren als Pisten, als Chantieren, déi Dir wéilt ugoen? Well et géif zumindest weisen, datt Der awer d'Bewosstsinn hutt, datt net alles an der Rei war esou, wéi et bis elo gelaf ass.

An da véiertens, an domadder halen ech op, dat war dat Lescht, wat Dir gesot hutt, wat ech ganz bedenklech fannen, wann een an d'Chamber kënnt a seet: „Wann ech an der Plaz vu verschidde Leit vun der Police oder vum Parquet wier, da géif ech ophale mat schaffen.“

Dat bedeit zwou Saachen a mengen Aen. Et bedeit, datt Der domadder probéiert, Drock ze maachen op d'Oppositoun, an net nëmme op d'Oppositoun, mä op d'Chamber als Ganz, déi bis elo eng ganz Rëtsch Kommissiounsaarbechte gemaach huet an ëmmer erëm Froen entwéckelt huet, datt dat wann-echgelift opzehalen hätt, well soss wier et jo nëmme nozevollzéien, datt verschidde Leit hir Aarbecht à la lettre géife maachen oder iwwerhaupt net méi maachen. Dat ass Erpressung, an dat ass dësem Haus net würdeg!

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An d'Wuert huet erëm de Justizminister.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci. Merci, Här President. Ech fänken dann direkt beim leschte Punkt un. Dat wäert jo net geschéien, dat do mécht jo keen. D'Fonctionnaire wäerte weiderhi gewëssenhaft déi Base-légallen, déi se hunn, ausfüllen an notzen. Dir schwätzt vun Drock. Ech wéll lech just soen, Här Baum, wann Dir dat als Drock empfann, elo déi lescht hallef Stonn: An där heiten Affär gëtt zënter Wochen Drock gemaach op all déi Leit, déi domadder schaffen.

Ech kann lech just soen, an ech si jo hire Firspriecher hei, dass et do eng ganz Rei Leit gëtt, déi veronséichert sinn, déi eis dat och soen, dass se veronséichert sinn dowéinst. Déi soen: „Ma mir probéieren, eis Aarbecht ze maachen, an egal wat mir maachen, steet den Dag drop an der Zeitung, dat wär falsch, dat géif net goen, dat wär skandaléis.“ Dobäi wenen déi just d'Gesetzer un.

De Plädoyer, deen ech de Mëtteg hei wollt halen, ass, fir ze soen, dass, wa mer mengen, dass déi Saachen, wéi se haut an de Gesetzer stinn, net gutt sinn, mer dann déi Gesetzer mussen änneren. Mä déi Saache fanne statt opgrond vun enger ganzer Rei vu Base-légallen. Wa Verifikatiounen do gemaach ginn, dann ass et, well et Gesetzer dofir gëtt.

Ech hunn lech Beispiller aus mengem Ministère genannt. Déi Leit, déi bei mir op deenen Dossierien do schaffen - déi, déi Waffeschäiner ausstellen -, wann déi héieren, dass gesot gëtt, dat géif iwwerhaupt guer net goen, dass do iergendeppes aneres wéi de Casier gekuckt gëtt, obwuel et kloer am Gesetz steet, da soen déi Leit: „Jo, ass dat, wat ech maachen, dann nach richteg oder ginn ech muer dofir verannant? Wann ech haut nach eng Verifikatioun bei der Police ufroen, froen ech dann eng Donnée u bei enger illegaler Basis oder net?“ Well esou gëtt et jo duergestallt, fir de Fichier central géif et keng Base légale ginn. Ech hunn de Mëtteg hei net probéiert ze erklären, dass déi Base légale perfekt wier. Ech hu just de Contraire gesot. Ech wiere mech just géint déi Virwërf. Dat muss Der eis awer och gutthalen.

Wa gesot gëtt, dass et fir all déi Aktivitéite guer keng Base légale gëtt, obwuel mer e Gesetz hu vum 1. August 2018, wann dann déi Leit, déi supposéiert sinn, aus mengem Ministère, bei der Police eng Verifikatioun ze maache fir e Waffeschäin - an där hu mer der vill, mir hunn, fir elo keng Dommheet ze soen, iwwer 15.000 Leit, déi Waffen hunn, dat ass permanent -, wann déi Leit, déi dat maachen, dann an der Zeitung liesen, dass esou e Fichier central vun der Police anscheinend komplett illegal wär an dass dat, wat se do maachen, net geet, da soen déi mir: „Mä wann ech elo fir all déi Waffeschäiner, déi ech haut soll ausstellen, eng Verifikatioun muss froen, kréien ech da muer net gesot, ech hätt elo wësselech quasi eng illegal Handlung begaangen, well ech nach op de Fichier central wollt zrëckgräifen an d'Police gefrot hunn, ob se eis eppes kéint soen iwwer deen doten Demandeur vun engem Waffeschäin?“ Déi Leit stinn zënter Wochen ëner Drock. Déi halen net op mat schaffen. Ech wéll just - wéi soll ech soen? - d'Gespier vun der Chamber dofir schärfen, dass dat, wat mir politesch diskutéieren, dee politesche Schlagabtausch, tatsächlech net ouni Wierkung op d'Leit bleift, déi domadder müsse schaffen.

Ech ginn lech en anert Beispill. Ech kréie permanent vun den Deputéierte Question-parlementairen, zënter Joren, wou och Zuele gefrot ginn, Statistike gefrot ginn. Esou. Déi Leit, déi beim Parquet schaffen, wann déi elo gesot kréien: „Dat geet alles iwwerhaupt guer net,

wat Dir do hutt!“ Da kënnen déi emol net méi iergendwellech Zuelen zesummestellen, well se domadder schonn Informatiounen iwwer vergaangen Affäre maachen.

Ech hat vun de Kollege vun de Piraten eng Fro gestallt kritt, déi ass, mengen ech, zrëckgaangen op 1992, Statistiken, wou se froen: „Wéi ass dat an deem Beräich vun haut bis 1992?“ Ma wou soll ech dat da kënne beäntwerten, déi dote Froen? Dat si jo Zuelen, déi mir selwer iwwerhaupt net hunn. Déi Informatiounen sinn iergendwou an der Justiz an den Archiven, well déi iergendwou doriwuer Buch féieren.

All déi statistesch Informatiounen, déi gefrot ginn, kënne mir net ginn, wa si elo soen: „Mir wëllen do ni méi e Reproche gemaach kréien.“ Mir hu Fichieren, déi hale mir fir déi Zwecker, déi am Gesetz stinn, a wa mir elo dorauer Statistike maachen, also déi Zuelen do iergendwou matenee kombinéiere ginn, da si mir, wann dat elo d'Liesart ass, emol net méi à même, lech d'Informatiounen ze ginn, all Kéiers dann, wann eng Question parlementaire gestallt gëtt.

Et ass dat, wat ech wéll soen, Här Baum. Deen Drock ass objektiv do op all deenen, déi am Moment mat deenen dote Saache schaffen, well déi veronséichert sinn. Déi maache weider hir Aarbecht. Firwat? Majo, well d'Politiker d'Verantwortung dofir iwwerhuelen. All Dag, wou ee vu menge Beamten e Waffeschäin ausstellt, nodeems en Informatiounen bei der Police gefrot huet, weess en, dass en dat ka maachen, well uewendriwwer ee Minister steet an deen d'Verantwortung iwwerhëlt. A wann dat da falsch wier, da muss de Minister dofir d'Verantwortung iwwerhuelen. Dofir schaffe se och weider.

Mä dat, wat ech do soen, Här Baum, dat ass net, fir iergendwou Drock ze maachen, dat ass Fakt. Dat sinn Informatiounen, déi mir hunn, an ech maache mech hei de Virspriecher.

Datselwecht gëllt, Här Baum, wat de Procureur général betrëfft. Dat, wat ech iwwer de Procureur général gesot hunn, war jo kee Virwurf un d'Chamber. Ech hu just de Procureur général d'État, dee sech jo hei net selwer ka wieren, deen hei net kann äntwerten, deen och net kann op alles äntwerten, wat an de Medien iwwer si gesot gëtt.

Ech hu just wëllen och do hei hire Virspriecher sinn, well si, wéi Dir ganz richteg sot, matkomm ass, obwuel se guer net invitéiert war, a gären disponibel war, fir matzekommen, fir de Fall, dass awer och scho Froen eventuell u si géife gericht ginn, well an der Éffentlechkeet - an obwuel Dir nëmme gefrot hat, fir iwwer de Fichier central ze schwätzen, ware jo schonn an der Éffentlechkeet Vermeschung vum deenen zwee, wat huet dat engt mat deem aneren ze dinn an esou weider.

Dofir hunn ech se gefrot: „Et wär vläicht gutt, wa mer d'Chamber wëlle richteg informéieren, dass Der direkt matkommt. Dat ass Äre Choix. D'Invitatioun ass emol net fir Äre Beräich, mä et kéint jo sinn, dass Froe kommen.“

Dat huet se du gemaach. Duerno hunn ech héieren, dass si kritiséiert gi wier. Ech wéll just hei op déi Kriticken un hir reagéieren, an net Kriticken un d'Chamber richten, well d'Chamber ass do komplett fräi ze maachen, wéi se wëllt, an ze invitéieren, wie se wëllt.

Ech wéll just hei äntwerten op déi Kriticken, déi si huet missen héieren. Dofir hunn ech lech och gesot, si wollt och déi Woch drop ...

(Brouhaha)

... net fir dat doten onbedéngt lasszeginn, mä si huet d'Geleeënheet wëllen notzen, wa mer schonn nach eng Kéier invitéiert sinn, da wëlle mer och an engems der Chamber eng anstänneg Powerpoint-Presentatioun ginn.

Wat ech domadder wéll soen: Ech mengen net, dass et richteg war, datt si Kriticken an der Éffentlechkeet doriwuer huet missen héieren, well si huet dat zum Beschte bei där enger Sëtzung gemaach an och zum Beschte wëlle bei där zweeter maachen.

Dat ass jo keng Kritik vu mir un der Chamber. Dat war just eng Äntwert op Kriticken, déi si héieren huet. A si ass net hei, fir sech dogéint kënnen ze wieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann hat nach den Här Laurent Mosar d'Wuert gefrot.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Här President, ech muss lech soen, de Mëtteg muss ee ganz vill Gedold hunn, besonnesch wann een dem Här Justizminister muss nolauscheren.

Ech wollt nach eng Kéier datt widderhuelen, wat och den Här Röth an den Här Baum scho gesot hunn. Ech hunn eigentlech fonnt, mir haten de Mëtteg eng ganz flott Debatt.

► Une voix.- Voilà!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Déi ass ugaange mam Här Statsminister, deen heihin-nerkënt, dee seet: „Et ass mir dru geleeën, datt hei all d'Froe beäntwert gi sinn.“ Duerno koum den Här Bausch, ech hunn dat virdu scho gesot, deen ech och ganz proaktiv an där ganzer Thematik fonnt hunn. Den Här Roth huet och Äschen op säin Haupt gestreet. Ech hunn duerno den Här Bodry héieren, deen eigentlech eng exzellent Ried gehalen huet. Den Här Berger koum, den Här Clement, den Här Baum, den Här Reding, ech selwer, ...

(Hilarité)

... a mir waren eis eigentlech alleguerten eens ...

(Interruptions)

... alleguerten eens, Här President, alleguerten eens, ...

► Une voix.- Elo geet et erëm vu vir un!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... datt mer keng zefriddestellend Base légale hätten. An ech hunn och gemengt, mir kéinten eigentlech domadder d'Sëtzung ofschléissen.

Elo ass awer erëm den Här Justizminister opgedaucht an hier huet dat doten erëm alles ganz anescht duergestallt. Ech muss lech wierklech soen: Mir stellen eis just Froen!

Ech wollt awer wierklech och nach Froe stellen, well, wat ech net acceptéieren, Här President, dat ass, datt den Här Braz virdu vu mir geschwat hat, ech wier am Niwwel. Huet den Här Braz ...

(Interruption)

Nee, nee, nee. Dat ass esou gesot ginn, ech wär am Niwwel, en hätt déi Froen, déi ech gestallt hätt, net richteg verstanen. Dat wär och net präzis gewiescht.

Ech soen lech elo nach eng Kéier, Här Braz, well ech dat och vis-à-vis vun engem Deputéierten, deen elo 25 Joer hei an der Chamber ass ...

Dir hutt vun deem JUCHA geschwat. Ech liesen dat elo nach eng Kéier vir, well ech mer net gär als Deputéierten hei eppes soe loossen, wat net richteg ass! Ech hat lech déi schrëflech Fro gestallt: „Kann d'Regierung d'Bedreiw vum esou Datebanke confirméieren?“

Ech schwätzen elo vun deene vun der ... Ech liesen lech vir, wat Dir mir geäntwert hutt, Här Braz!

(Interruption par M. Félix Braz)

Nee, sot elo net Neen! Lauschtert emol no, wat Dir mir geäntwert hutt. Dir hutt mir geäntwert: „Wéi ugedeit, besetzt d'Justiz zwou Datebanken, déi als äänlech zum Casier judiciaire kënne consideréiert ginn. Dat Éischt ass d'Datebank goAML, déi zënter Ufank 2017 operationell ass a vun der Cellule de renseignement financier am Kader vun hire Funktiounen benotzt gëtt. An dat Zweet ass, déi zweet Datebank gëtt fir d'Gestioun vun den Dossiere vun all Magistraten a vum Verwaltungspersonal, dat sech ëm d'Gesetzvollstreckung bekëmmert, benotzt.“

Dat ass Är Äntwert. Do hutt Dir kee Wuert gesot, Här Justizminister, iwwer e JUCHA! An ech acceptéieren net, datt mir hei bal fir domm dohinnergestallt ginn.

Hei ass eng schrëflech Fro, op déi Dir mir aneschters geäntwert hutt, wéi dat, wat d'Realitéit ass. An Dir kënnt elo honnertmol hei mam Kapp wénken.

Här President, ech leeën elo nach eng Kéier déi Fro dohinner, an d'Äntwert. Mä mir akzeptéieren net, wéi hei mat der Chamber, mat den Deputéierte verfuert gëtt! Dat ass einfach inakzeptabel!

Ech soen elo nach eng Kéier ganz zum Schluss: Mir hätten eis kënne virstellen, nodeems déi ganz Diskussioun eriwuer war - ausser lech, Här Justizminister -, datt mer hei hätte kënnen op ee ganz gudde Wee goen, zesumme mat der Majoritéit. Ech soen lech, Dir hutt dat alles verschäiss!

► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech wéll nach eng Kéier dem Justizminister Félix Braz d'Wuert ginn. An dann, well de Statsminister esou gutt ugefaangen huet, géif ech him dann nach eng Kéier d'Wuert ginn, fir den Debat ze clôturieren.

► Une voix.- O neel!**► Une autre voix.- D'Motiounen.****(Interruptions)**

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Fir d'Éischt emol den Här Justizminister.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Här President, et huet jo kee Wäert, fir ëmmer nees iwwert datselwecht ze schwätzen.

► **Une voix.**- Dann haalt op!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Och wat déi Froe betrëfft. Ech ruffe jiddwereen op, déi Froen an déi Äntwerten am Detail ze liesen. Da wäert Der gesinn, dass et do iwwerhaapt keng Kontradiktionen an dem Här Bausch an a menger Äntwert op déi Froe gëtt an dass och do ëmmer alles dat, wat et gëtt, erwäant ginn ass, an all aner Casier-äänlech, wéi dat genannt gi war, zu Lëtzebuerg net existent sinn. Dat hu mer beäntwert. Ech wëll net nach eng Kéier drop agoen.

Ech wëll fir mech dann och als Ofschloss fir haut soen, dass, och an deem Beräich, deem d'Magistratur betrëfft, de Wëllen do ass, fir Saachen, déi an der Praxis net gutt ugesi sinn, ze verbesseren, absolutt do ass. Wa meng Interventioun interpretéiert gëtt als iergendee Versuch, fir net op deen dote Wee ze goen, dat ass falsch.

Dat Eenzegt, wat ass: Ech muss awer och kënnen op déi Virwërf reagéieren, déi u Leit adresséiert ginn, déi net do sinn. D'Virwërf gi jo net u mech an u mäi Ministère - wou et eendeiteg ass, wat ech dozou muss soen. Hei muss ech op Froen äntwerten, zum Deel op Virwërf, zum Deel och op Ennerstellungen, déi Leit betreffe vum drëtten Pouvoir, déi net hei sinn, fir kënnen dorobber ze reagéieren. An dann ass et meng Roll als Justizminister, op déi Saachen do ze reagéieren an och op déi Saachen, déi an deene leschte Woche gesot gi sinn an déi zum Deel och vun der Magistratur wierklech als zum Deel verletzend empfongt gi sinn.

Dat muss awer hei an enger éierlecher Debatt och vu mir kënnen gesot ginn, och am Numm vum drëtten Pouvoir, deem net hei an der Debatt ka präsent sinn, fir op déi dote Saachen ze äntwerten.

Fir de Rescht, Här President, den Här Mosar huet gesot, och den Här Roth hätt „Asche auf sein Haupt“ gemaach. Här Mosar, Dir hutt gesot, den Här Roth hätt „Asche auf sein Haupt“ gemaach. Wann ech dat och elo soll maachen, wann dat zur allgemenger Pacificatioun ka bäidroen, maachen ech dat ganz gären.

Meng Intentioun war et sécher net, iergendee perséinlech oder och d'Chamber net mat Respekt ze behandelen. Wann also, Här Mosar, dat, wat ech als Erklärung ginn hunn, esou vun lech verstane konnt ginn - dat war net meng Intentioun. A wann ech och soll soen, „Asche auf mein Haupt“, fir dass déi Debatt an engem méi versöhnlechen Toun kann ausgoen, da maachen ech dat ganz gären.

Och bei eis ass de Wëllen do, fir an deem heite Beräich weiderzkommen. Dorunner soll keen Zweifel bestoen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Braz. An dann hat nach den Här Roy Reding d'Wuert gefrot gehat, wann en et nach wëllt.

(Brouhaha)

Nee? Den Här Gast Gibéryen, wannechgelift.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech mengen, wéi mer gëschter als Opposition hei gefrot hunn, datt de Statsminister an d'Chamber soll kommen, fir hei eng Kéier an éffentlecher Sitzung Ried an Äntwert ze stoen, do war dat net iergendwéi, fir e Stuerz hei ze maachen, mä et war einfach, fir d'Geleeënheet ze kréien, fir an enger éffentlecher Sitzung eng Kéier déi verschidde Meinungen auszutauschen a fir eben Äntwerten op déi Froen ze kréien, déi net nëmmen d'Deputéierte sech stellen, mä déi och vill Leit am Land sech stellen.

Ech mengen, d'Decisioun, datt d'Regierung haut heihinnerkomm ass, de Statsminister mat deenen zoustännige Ministeren, hu mer de Mëtteg alleguer begréisst. An ech hunn déi ganz Debatt hei opmierksam verfollegt. An ech muss soen, datt dat eng Debatt war, déi ganz loyal, korrekt a politesch fair hei ofgelaf ass. Ech hunn net fonnt, datt iergendee vun den Deputéierten, weder vun der Majoritéit nach vun der Opposition, iergendwéi an eng Tounaart verfall wier, déi eis et géif méi schwéier maachen, fir zesummen eng Léisung zu deem Problem ze fannen.

An ech hat mer dann och erwaart - an den Här President huet jo elo ugedeit, datt den Här Statsminister och nach gäre géif e Wuert schwätzen -, datt am Fong den Här Statsminis-

ter elo géif soen: „Ma mer haten eng gutt Diskussioun, da kommt, mir schaffen elo zesummen u deene Problemer, déi mer hunn, fir déi esou séier wéi méiglech, d'Chamber mat der Regierung zesummen, kënnen ze léisen.“ An da wier dat e flotten Ofschloss, menger Meinung no, vun deser Debatt gewiescht.

Duerfir bedauern ech am Fong, duerfir bedauern ech am Fong, datt elo de Justizminister aus där Rei erausgedant ass a gemengt huet, hei an engem laange Plädoyer awer erëm der Opposition Virwërf ze maachen, déi déi Zesummenaarbecht natierlech elo erëm beilaaschten.

Et hätt een elo kënnen erëm aner Saache maachen an erëm soen: „Ma wann dat den Toun ass, ma dann ass och vun eiser Säit erëm eng nei Aktioun méiglech.“

(Interruption)

A mir haten och eng Aktioun geplangt. Mä ech géif mengen, mir sollen da méi verstänneg si wéi d'Opposition ...

► **Une voix.**- Aah ! Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... an elo net erëm Uelech op d'Feier schëdden, trotz de Remarque vum Justizminister. A mir géife mengen, mir wieren elo gutt beroden als Chamber, zesumme mat der Regierung de Problem ze léisen. Et ass näamlech dat, wat d'Leit am Land gären hätten, an zwar esou séier wéi méiglech.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Da géif ech dem Statsminister d'Wuert ginn, fir desen Debat ze clôturieren.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Villmools Merci, Här President. Gëschter hunn ech gesot, dass mer géifen heihinnerkommen an op d'Froen äntwerten. Fir mech ass deen heiten Dossier een, wou d'Transparenz muss wierklech d'Maximum sinn.

Ech hunn hei eng direkt Fro gestallt kritt vun Här Mosar. Ech wëll mech net hanner Saache verstoppen. Et ass tatsächlech de Fall gewiescht, dass am Kader vun Nationalfeierdag och en Avis u de Protokoll geet mat Recommendationen vun der Police. An et ass de Fichier, vun deem mer schonn dee ganze Mëtteg geschwat hunn am Fong, deem d'Base ass vun där Situatioun. Mä fir elo präzis iwwert deen dote Fall kënnen ze zielen ... Deen Här huet jo och gesot, en hätt e Recours bei der CNPD gemaach. Dat heescht, et ass eng Affär, déi awer pendant ass. An duerfir mengen ech, dass et elo net opportun wier, fir hei iwwert dee spezifische Fait kënnen méi ze soen, wéi dat geschitt ass. Ech kann lech just soen, dass tatsächlech, Här Mosar, et net en Eenzelfall war an dass mer do Recommendationen kritt hu vun der Police op Basis vun deem Fichier central, deem do vun der Police gemaach ginn ass.

Ech hu fonnt, Här President, dass mer hei wierklech sollen evitéieren, an et ass dat och, wat vun alle Bänke gesot ginn ass, Schuldzuweisungen ze maachen. Mir alleguerten, alleguerten - an den Här Roth huet eis och drun ernënnert -, alleguerte souze mer och alternativement mat der CSV an enger Koalition. Mir souzen alleguerte schonn, bal alleguerten heibanne schonn an der Verantwortung, alleguer! An ech mengen, souguer déi, déi haut nach net an enger exekutiver Verantwortung waren, sinn haut an enger Verantwortung, dass mer zesummen als Majoritéit, als Opposition, als Parteie kucken, aus där Situatioun (veuillez lire: erauszekommen), wou et awer eng Onsécherheet gëtt, an déi brauch een net ze niéieren. Et gi verschidde Punkten, déi muss gekläert ginn a verbessert ginn, wa Verbesserungen néideg sinn.

An duerfir e waarmen Appell un d'CSV-Fraktioun, Madamm Hansen, och wann den Här Mosar gesot huet, dass elo déi konstruktiv Haltung vun der CSV op méi wackelege Feïss wier: Kommt, mir setzen eis zesummen! Et si verschidde Propositionen komm, dass souguer gesot ginn ass: „Et ass de Moment, fir dass mer eis och emanzipéieren, dass mer eng Proposition de loi ...“ Mir sollen eis zesummen un den Dësch setzen an esou séier wéi méiglech Konklusiounen zéien a kucken, dass do, wou d'Base-légalle wackelech sinn, déi gestärkt ginn, an do, wou Verbesserung gebraucht ginn, och Verbesserung kommen. An ech mengen, dass dat dee Fazit ass, dee mer aus deem Debat hei sollten zéien.

Ech mengen, et huet keen elo d'Responsabilitéit vun haut oder vu muer oder vu gëschter, déi e soll reprochéiert kréien. Fir mech ass et wichteg, dass mer muer, wa mer nees zesummen hei ronderëm den Dësch sëtzen, alleguerten an eng Richtung kucken an dobaussen och déi néideg Kloecheete kënnen de Bierger ginn, déi se och vun ons alleguerten hei verlaangen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Statsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss ...

Madamm Hansen freet nach d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci. Well den Här Premierminister mech ugeschwat huet. Also mir sinn u sech ëmmer konstruktiv an eis konstruktiv Haltung wäert och weidergoen. Ech wëll awer just soen, datt d'Attitud vun Här Justizminister eis staark hei enttäuscht huet an a ville Länner hätt dat ganz aner Konsequenzen. Mir wäerten ... Den Dossier ass fir eis egal wéi net zou. Am Prinzip si mer konstruktiv an dat bleiwe mer och.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Domadder ass d'Diskussioun fir haut ofgeschloss. A mir kéimen dann zum Vott vun deenen zwou Motiounen. Den Här Bausch, wannechgelift.

Motion 1

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.**- Ech wollt eppes froen zu där Motioun Nummer 1. Bon, d'Nummer 2, dat betrëfft mech net. Ech mengen, do kann den Här Justizminister eppes dozou soen. Dir hätt gäre, wann ech dat richtig verstanen hunn, ech schwätzen elo nëmmen, wat de Fichier central vun der Police ubelaangt, dräi, véier Beispiller, wéi dat opgebaut ass an deem Fichier central, déi anonymiséiert sinn.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Wéi dat ausgesäit.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.**- Wéi dat ausgesäit.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Also wéi et ausgesäit, jo.

► **M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure.**- Ech gesinn do kee Problem. Vu menger Säit aus gesinn, kann ech lech dat gäre liwweren. Ob ee mech duerfir iwwer eng Motioun muss opfuere? Mä wann ech lech dat hei versprechen, da kritt Der dat. Ech gesinn do absolutt kee Problem, fir lech dat ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kënnen mer iwwert d'Motioun Nummer 1 ofstëmmen. Kënnen mer dat à main levée maachen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass d'accord mat där Motioun, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Dann ass déi Motioun eestëmmeg ugeholl.

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Ass do ...

Den Här Justizminister, wannechgelift.

Motion 2

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Do kann ech just op de Koalitionsaccord verweisen, wou mer als Majoritéit kloer verweisen hunn op eng europäesch Solutioun. Dat do ass e ganz wichteg Thema. No deenen Arrëten, deem éischten Arrêt vum Abrëll 2014 ass eng éischte Kéier ënner Lëtzeburger Presidence iwwert dat Thema do geschwat ginn. A mir maachen als Lëtzeburger Regierung mëttlerweil zënter fënnf Joer Drock op d'Europäesch Kommission, fir dass se an deem doten Dossier endlech eng nei Proposition législative op den Dësch leet. An do ass och elo virun e puer Méint nach eng Kéier am Conseil eng Decisioun an deem dote Sënn geholl ginn.

D'Majoritéit huet sech am Koalitionsaccord also kloer fir eng europäesch Solutioun, net eng national Solutioun, op där doter Fro ausgeschwat. Ech mengen och, dass dat déi eenzeg richteg Approche ass. Dat hei ass en Deel vum gemeinsamen europäesche Raum vu Sécherheet, Fräiheet a Justiz. An da muss och déi Base légale, déi duerch d'Arrëten a mengen Aen essentiellement a Fro gestallt ginn ass, erëm op engem europäesche Plang reetabliert ginn, allerding's déi Kéier am Respekt vun den zwéi Arrëten, déi d'Cour geholl huet. An dofir plädéiere mir als Regierung ganz kloer och am Koalitionsaccord fir eng europäesch Solutioun an net fir eng zerstückelt Approche, wou all Land fir sech géif probéieren, eng nei Legislatioun an deem dote Beräich ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Justizminister. Den Här Gilles Roth huet d'Wuert gefrot an duerno den Här Sven Clement.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Mir hunn awer do e bëssen eng aner Meinung. Hei ass et offensichtlech, dass den Europäesche Gerichtshaff tranchéiert huet an dass déi Vorratsdatenspeicherung, esou wéi se elo applizéiert gëtt, och zu Lëtzebuerg applizéiert gëtt, net konform ass mat de Prinzipie vun dem EU-Recht. An da kann een net soen: Mir waarden, bis eng europäesch Léisung do ass. Nee.

De Stat, all eenzele Stat ass gefuerdert, fir dat an Aklang ze bréngen mat dem Dispositif, dat heescht mat de Schlussfolgerunge vun deem Uerteel. Dat Uerteel, wat gesäit dat vir? Dat Uerteel gesäit vir, dass een déi Vorratsdatenspeicherung an Aklang bréngt mat de Prinzipie vun der EU-Mënscherechtscharta, fir dat op Lëtzebuergesch auszedrücken, dat ass « la charte des droits fondamentaux de l'Union européenne ».

An ech fannen, da kann een déi Motioun, wéi se zu Recht, zu Recht, well hei geet et och ëm Mënscherechter, vun de Piraten erabruucht ginn ass, da kann een déi huelen, fir d'Regierung ze invitieren. An dat ass déi eenzeg Emännerung, déi mir géifen de Piraten proposéieren: Si hunn an hirem Dispositif stoen: „invitéiert d'Regierung, d'Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff ze respektieren“ - jo -, „an d'Vorratsdatenspeicherung esou schnell wéi méiglech ze ënnerbannen.“ Dat ass dat, wat d'Proposition ass vun de Kollege vun de Piraten.

Mir sinn der Meinung, dass ee sollt den Dispositif, dat heescht d'Schlussfolgerung vun dem Uerteel, vun dem Arrêt vun der Cour de justice européenne tel quel iwwerhuelen a mir géife proposéieren, dat ëmzännern an ze soen: „D'Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff ze respektieren an d'Vorratsdatenspeicherung an Aklang ze bréngen mat der Mënscherechtscharta vun der Europäescher Unioun.“ Well dann hu mer datselwecht iwwerholl wéi dat, wat am Uerteel vun der Cour de justice européenne steet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth. An dann huet den Här Clement d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Dat Éischt ass, déi zwéi Arrëte vun der Cour de justice um Kierchbiereg hu ganz kloer gemaach, datt mer hei am Moment géint d'Grondrechter verstoussen. Do sollt u sech keen Doute dru sinn, well et ass zweemol vum héchste Geriicht, wat mer an där Fro hunn, tranchéiert ginn. D'Gericht war ganz kloer an d'Gericht huet ganz kloer gesot: Hei gi Mënscherechter, hei gi Grondrechter vun all de Citoyenen an der EU mat Feïss getrëppelt.

Datt mer elo soen, „mir waarden op eng europäesch Léisung“, jo, mä an der Zwëschenzäit sollt mer net weider sammeln. Ech mengen, dat ass d'Kärausso vun deser Motioun. D'Motioun seet net: „Mir verschléissen eis engem Debat iwwert d'Balance tëschent Sécherheet an Dateschutz am Future.“ Wann et eng europäesch Léisung gëtt, da muss mer déi europäesch Léisung diskutieren am Subsidiaritätsprinzip, wou mer hei am Parlament dann en Debat kënnen hunn, éier do zu Brëssel eppes entscheet gëtt. Ech mengen, do ginn et Prozeduren.

Fakt ass haut: D'Direktiv, op déi mir eis hei befragen, ass ausser Kraaft gesat ginn, ass invalidéiert gi vun der Cour de justice. An deementsprechend sollt mer eis do dann och deenen Arrête conforméieren.

Wann et fir eng Majoritéit duergeet, datt mer dee Saz änneren a soen: „Mir conforméieren eis dem Arrêt“, da si mir gäre bereet, dat als Kompromëss matzedoen an ze soen, mir änneren dee Saz esou of. Dat ass dann awer en vuer vun enger Majoritéit heibannen ze gesinn. Wann net géife mer eis fir d'Ennerbanne weiderhin ausschwätzen. Ech mengen, dat ass dann ... Do ginn ech de Ball eng Kéier eriwuer.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Domadder ginn ech d'Wuert och zréck un den Här Justizminister.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Jo, wat Der gesot hutt, kann ech zu engem Deel och ënnerstëtzen. Et muss een awer just soen, dass déi Arrëten, déi 2014 an 2016 geholl gi sinn, net déi national Legislatiounen domadder juristesche ausser Kraaft setzen. Dat ass wichteg ze verstoen.

(Interruption)

Déi Arrëten hunn hir Portée a soen och ganz kloer, mengen ech, wéi een an Zukunft muss mat der Vorratsdatenspeicherung an Europa ëmgoen. Déi national Gesetzter sinn awer reng juristesche och alleguerte stoebliwwen. An d'Fro, déi sech d'Politik an deem doten Dossier muss stellen, an doriwwer diskutéieren mer zënter fënnf Joer - zënter fënnf Joer! - um Niveau vun dem Europäesche Conseil, ass déi, ob mer wëllen, dass et an deser Matière, wéi et virdu jo och war, zu Recht eng europäesch gemeinsam Solutioun soll ginn, déi kloer seet, wat an all de Länner an deem dote Beräich muss gellen.

Ech ginn lech och zwéi Grënn, firwat dass dat europäesch muss sinn. Well mir alleguerten hunn, wa mir eis deplacéieren, strictement näischt dervun, wa mer an deem oder an deem Land besser oder méi schlecht Solutiounen hunn. Wa mir eis an Europa deplacéieren,

wëlle mer alleguete wëssen, europawäit, wéi do den Émgang mat den Donnéeën ass.

Eng national Solutioun mat 27 verschidde nationalen Regime gëtt keng zefriddestellend Antwort, a scho guer net op déi europäesch Charta vun de Grondrechter. Dofir ass d'Lëtzebuerger Regierung an dem Koalitionsaccord ganz kloer der Meinung, dass een hei muss eng europäesch Initiativ huelen.

Mir hu fir den éischten Arrêt jo och als Regierung e Projet de loi deposéiert, dee läit schon zënter e puer Joer an der Chamber, deen eng Rei méi technesch Aspekter vun eise aktuellen Gesetz kann änneren. Fir mech schwätzt do näischt dergéint, fir den Text do och virunzibréngen. Dee läit an der Chamber. Mir hunn en deposéiert, well mer mengen, dass eng Rei Punkte kënnen verbessert ginn.

Par rapport zum zweeten Arrêt, deen de Prinzip selwer wesentlech méi a Fro stellt, mengen ech, wier et net opportun, an Europa op 27 verschidde national Legislatiounen ze goen.

Et kënn derbäi, datt dem eenzelne Bierger seng Rechter, Här Clement, jo gewährt bleiwen. Wann iergendee Bierger am Kader vun enger Affär géint sech op Informatiounen a sengem Dossier trëfft, déi op esou eppes zréckginn, ass et jiddwerengem fräigestallt, an där Affär och dat doten ze plädéieren.

Et ass also net, dass am Einzelfall elo kee méi seng Rechter an deem dote Beräich kéint akloen. Dat Recht huet jiddwereen, deen an enger Affär mat esou Donnéeën konfrontéiert wier. Dofir ass d'Regierung ganz kloer der Meinung, dass et hei bal méi Problemer géif schafen, wa mer géifen op 27 national Solutiounen iwwergoen. Mir sinn der Meinung, mir solle bei deem, wat am Koalitionsaccord steet, bleiwen an eis weider derfir asetzen, dass et séier eng gesamteuropäesch Solutioun fir dese Beräich gëtt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, Pardon, ech muss hei nach eng Kéier intervenéieren, well den Här Braz eppes gesot huet, wat hei net gefuerdert ass. Hei steet net dran: „Mir wëlle 27 eenzel Regimem.“ Hei steet net dran: „Mir wellen eng Zerstückelung vun der europäescher Landschaft.“

Mir hunn déi Zerstückelung vun der europäescher Landschaft haut! Lëtzebuerg huet en nationaalt Gesetz, wat net attackéiert gouf vum EUGH. Dat stëmmt! Däitschland huet entscheet, politesch: „Mir schafen d'Vorratsdatenspeicherung of.“ Dat heescht, e Land mat 82 Milliounen Bierger huet haut de facto keng Vorratsdatenspeicherung méi.

Dat heescht, hinzegoen an ze soen, mir géifen, wa mir et géifen ofschaffen, domadder d'Grondrechter vun de Bierger, fir déi mer heibannen alleguerten nach virun e puer Minutte waren, a Fro stellen, da muss mer wierklech higeno a soen: Ma Däitschland mécht et, Frankräich mécht haut eppes aneres, Groussbritannien mécht nach eppes aneres, an Holland souwisou.

(Interruption)

Mir sinn haut an enger Welt, wou et 28 verschidde Länner gëtt mat 28 verschidde nationale Gesetzgebungen. Datt déi par hasard nach konform si mateneen, well se sech eben op déi nämlech Direktiv baséiert hunn, dat ass just nach där attackéierter Direktiv ze verdanken.

Den Arrêt 2016, an den Här Braz huet et gesot, huet de Prinzip vun där Datespäicherung vill méi konkret a Fro gestallt, wéi dat elo hei vläicht erauskomm ass. Fir eis ass et eng Fro: Schwätze mer hei véier Stonnen iwwert d'Grondrecht Dateschutz a loossen d'Vorratsdatenspeicherung trotz zwee Arrête vun der Cour wiederlafen oder soe mer: „Ma, bis et eng europäesch Léisung gëtt, sammele mir näischt“?

Dat wär Courage gewisen a gewisen: Den Dateschutz ass e Grondrecht. Dat ass e fundamentaalt Recht. A mir als Chamber sinn eis deem bewusst, mir conforméieren eis zu den Arrête bis eng europäesch Léisung, déi konform zu der Mënscherechtscharta ass, fonnt ass. A wann déi fonnt ass, schwätzt näischt dergéint, fir erëm e Gesetz ze maachen a weiderzefueren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, et ass elo alles gesot zu där Motioun. A mir kënnen elo zum Vott kommen.

(Brouhaha)

De Vote électronique ass gefrot.

► **Une voix.**- Här President, wat fir een Text?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Motioun Nummer 2, esou wéi se presentéiert ginn ass. En ofgeännerten Text hu mer net virun eis

leien. Da stëmme mer elo of iwwert d'Motioun, esou wéi se deponéiert gouf.

Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme, 31 Neestëmme a 25 Abstentiuonen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Aehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

4. 7448 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national pour un développement durable (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi zur Orientéierungsdebat iwwert den Avant-projet vun engem nationale Plang fir déi nohalteg Entwécklung deponéiert gouf.

Motion 1

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här President, ech froen d'Wuert, fir Stellung zur Motioun ze huelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Wann Dir Stellung wëllt huelen zu där Motioun, kënn Dir dat nach maachen.

(Brouhaha)

Awer d'Debatt iwwert den Avant-projet vun engem nationale Plang fir nohalteg Entwécklung ass eriwuer. Mir sinn elo just am Zeenario vun der Motioun. Dir däreft roueg Stellung huelen zur Motioun an lech stinn duerfir fënnf Minutten zur Dispositioun.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir wëllt soen, ech hu keng 31 Minutten, ech hu 5 Minutten, Här President. Dat hat ech verstanen. Duerfir e puer Aussoen, déi ech awer wëll haut maachen zu dem Avant-projet an zur Motioun selwer.

De Prinzip vun der Nohaltegkeet, mengen ech, deen ass a jiddwer Discours erëmkommt, dat ënnerstézt mer alleguer. Ma wann ech d'Realitéit kucken, dat, wat dagdeeglech an der Politik émgasat gëtt, dann ass dat e weineg anescht.

De Projet de rapport, deen huet vill sympathesch Propositionen, viles, wat och scho gemaach ginn ass, ma awer och eng Rei Saachen, déi am Regierungsprogramm stinn, déi d'ailleurs elo net am Avant-projet, ma hauptsächlich an den Avisa vun der Chamber hei stoungen.

Ma meng Haaptausso, déi ech hei wëll maachen, dat ass déi: Wann een e Rapport iwwert den Développement durable mécht, dann, mengen ech, muss een och de Courage hunn, fir déi Froen ze stellen an ze beäntwerten, déi awer an deem Domän zentral Froe sinn! An dat gëtt an deem Rapport weder am Rapport nach an den Avisa vun de Kommissiounen gemaach. An ech ginn lech just dräi Beispiller derfir, déi och explizéieren, firwat mer des Motioun net kënnen matdroen.

Dat éischt Beispill, dat ass, datt ech an deem Rapport, deem Projet de rapport vum Développement durable op kenger Säit am Fong richtig en Zentralproblem, wat mer hei am Land hunn, ugeschwat gesinn. An dat ass dat, wéi mer an Zukunft politesch mat deem Wuesstum, deen eist Land kennt, wéi mer mat deem wellen émgoen. A soulaang mer net Antworten op déi zentral an op déi primär Fro, wéi mer

am Wuesstum émginn, wéi mer dee geréieren, wéi mer deen am Grëff behalen, soulaang mer keng zentral Antwort op déi Fro ginn, ass och alles, wat an deem Rapport iwwer Mobilitéit geschriwwen gëtt, iwwer Logement geschriwwen gëtt, iwwert de Respekt vu Resource-naturellé geschriwwen gëtt oder iwwer Integratioun a sozial Kohäsioun vun eiser Gesellschaft net sënnvoll, well et der Basis net entsprécht vun deene Froen, op déi mer mussen äntwerten.

A wa just op enger Säit gesot gëtt: „Mir maachen elo Rifkin an dat ass eis Zilsetzung, fir de Wuesstum an de Grëff ze kréien“, da froen ech, ob dee Wuesstum - 3, 4, 5 %, dee souguer nom Här Rifkin bis zu 24.000 Leit d'Joer hei am Land bäi géif heeschen, soudatt mer zu 1,2 Milliounen wäeren an 3, 4 ... (veuillez lire: an 300.000-400.000 Grenzgänger) -, ass dat dat, wat des Regierung, wat des Majoritéit a wat och déi gréng Partei als Wuesstumsstrategie, esou wéi et hei an deem Plan national de développement durable steet, dem Land an deenen nächste Jore wëlle ginn? Ass dat, datt des ganz Majoritéit dem Här Schneider senger Politik vun engem Wuesstum, dee mer net an de Grëff kréien, noheet, déi offiziell Politik vun der Regierung? Dat ass dat, wat ech déi eenzel Parteien hei och froen, wann een dee PNDD liest.

Zweet Beispill, dat ass dat vun de soziale Systemer. Eng vun de groussen Erausforderunge vun dem Développement durable ass, datt mer eis sozial Systemer och laangfristeg sollen am Grëff behalen. Ech liese just, wann ech de PNDD ... Dir weist mer de Programm vun der OCDE, dee mer de Moie virgestallt kritt hunn, genau do steet et dran! An d'ailleurs seet d'Kommissioun genau datselwecht. Ech fanne just am Rapport vum Plan national de développement durable näischt doriwwer! Laangfristegkeet geet awer och iwwer laangfristeg Öfsicherung vun eise Sozialsystemer. Ech hätt mer zumindest erwaart, datt éischters am PNDD an zweetens an den Avisa vun der Chamber eng Rei vun deene Saache géifen erëmkommen.

A mäin drëtt Beispill, well ech nëmmen eent wëll erauspicken, well ech nëmme fënnf Minutten hei hunn, dat ass dat vun der Gesondheetspolitik. Ech liesen hei eng ganz Rei Propositione fir d'Gesondheetspolitik: néng Pläng, néng Analysen, néng Enquête sollen hei gemaach ginn. An dat soll dann eng Politik vum Développement durable an der Gesondheetspolitik sinn.

Ech soe just, mir hunn an der Gesondheetspolitik eng ganz Rei Erausforderungen a grouss Froen, déi sech stellen: de schnellen Accès zur Gesondheet, d'Zwouklassemeezinn, wéi gi mer mam Wuesstum eens, wa mer wellen d'Politik vun der Gesondheet entwéckelen?, nei Technologien, Penurie vu Personal, wat eng ganz Rei vun de Saachen a Fro stellt. Dorobber hätt ech gär Äntwerte gehat. An déi Äntwerten hu mer net am Plang erëmfonnt.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här Wiseler, just eng Tëschebemierkung. Am Avis vun der Kommissioun sinn alleguer déi dote Punkten.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Dir hutt net d'Wuert!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Déi ginn net zur Satisfaktioun do beäntwert, bäi Wäitem net!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dach!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Den Développement durable ass an eisen Ae wichteg, ma et muss een awer bereet sinn, déi richtig Froe vun der Nohaltegkeet och ze stellen, fir d'Erausforderungen, déi sech an deenen heite Pläng an an anere Pläng stellen, och an d'Aen ze kucken. A wann des Majoritéit respektiv déi eenzel Parteie bereet sinn, déi richtig Erausforderungen unzeschwätzen, da fanne se bei eis e Partner, dee partant ass fir esou eng Diskussioun. Ma soulaang e Rapport esou hei läit, deen net bereet ass, deen net de Courage huet, fir déi zentral Froen unzegoen, kënnen mer dat net als seriö consideréieren.

An duerfir erlabe mer eis, gradesou wéi bei all den Avisa vun de Kommissiounen, des Motioun net matzestëmme.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Den Här Minister François ... Neen, den Här Gibéryen fir d'Éischt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och d'ADR wäert des Motioun net matzestëmme. An zwar vermësst mer an deser ganzer Diskussioun, wa mer iwwert d'Nohaltegkeet schwätzen ... Wa mer e bëssen zréckkucken, dann hu mer gesinn, datt mer am Fong schon 1999 esou eng Debatt hei an der Chamber haten, mir haten 2010 eng a mir hunn elo erëm eng. Dat heescht, et kann ee

soen, am Rhythmus vun all zéng Joer maache mer deen Exercice hei. A wa mer awer kucken, wat d'Resultat war an deene leschten 10, 20 Joer, da gesi mer, datt dat, wat an deenen Debatten ëmmer hei diskutéiert ginn ass, an der Regel net agegrat ass.

Firwat ass et net agegrat? Ma eben, well mer ons net mat der Wuesstumsfro beschäftegt hunn. Wann een d'Entwécklung vun der Populatioun kuckt iwwert déi 10, 20 lescht Joer, wann een d'Entwécklung kuckt vun den Aarbechtsplazen, wann ee kuckt, wivill datt mer am Land zoubetonéiert hunn, wann ee kuckt, datt mer, wat den Tanktourismus ubelaangt, net iergendwéi eng Stagnatioun oder en Zréckgoen hunn, ma datt mer ëmmer nei Progressiounen kritt hunn, esou gesäit een am Fong, datt mer an deenen Diskussiounen, déi mer déi lescht 10, 20 Joer an deem Domän gefouert hunn, absolutt näischt Positives Opweises hunn.

A mir als ADR sinn der Meinung, ier mer esou eng Debatt wëlle féieren, misst am Fong d'Regierung eis soen, wéi si d'Entwécklung vun Land gesäit an den nächsten 10, 20 Joer, wat d'Populatioun ubelaangt, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, wat d'Wunnengen ubelaangt, datt ee weess, wouhinner déi Regierung hei wëll steieren! Ma mir schwätze guer net iwwert déi Diskussiounen! Et seet keen eis: „Ma, mir maachen elo e Plang, wou mer an zéng Joer erëm 100.000 oder 150.000 Leit weider hunn, duerfir brauche mer esou vill Logement.“ Wou gi mer dee Logement sichen?

Mir maachen hei Pläng am Land, wou mer soen, wou nach där gebaut ginn, wou nach därfeen Industrië kommen. A mir wëssen all, datt dat nëmme kuerzfristeg gekuckt ass, well mer wëssen, datt, wa mer déi sektoriell Pläng scho viru fënnf oder zéng Joer gestëmmt hätten, da wiere vill vun deene Projeten, déi haut realiséiert ginn am Land, iwwerhaupt net néideg gewiescht, well da wieren nämlech an deene sektorielle Pläng virun zéng Joer déi Terrainen zum Deel ausgeschloss gewiescht, wou mer haut Terrainen (veuillez lire: Logementer), Industrien, Fussballstadionen esou viru bauen. Dat heescht, an anere Wieder, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... et huet d'Politik am Fong arrangéiert, datt mer déi Pläng net haten, well dann ebe konnt weider hei am Land zoubetonéiert ginn.

Also, mir hätte gare vun der Regierung, wa se gären iwwer esou eng Debatt wëllt diskutéieren, datt se eis wierklech seet: „Mir wellen esou vill Prozent Wuesstum d'Joer, dat ass an eise Plang. Dat bréngt mat sech esou vill Awunner, et bréngt mat esou vill Aarbechtsplazen, et bréngt mat, datt mer esou vill Frontaliere mussen hunn“ oder Gott weess, wou mer déi Aarbechtsplazen alleguer siche ginn a wéi se dann de Problem vun der Mobilitéit, wéi se de Problem vun Logement wëlle léisen. Ma alles dat ass aus där Diskussioun ausgeschloss ginn. Ma dat ass d'Viraussetzung - dat ass d'Viraussetzung! -, fir esou eng Diskussioun ze féieren. A mir bedauern, datt des Regierung am Fong just eng op stramme Wuesstum setzt, ouni mat iergendwéi engem Wuert d'Konsequenze vun deem Wuesstum unzeschneiden!

Dann hate mer virun enger Rei vu Joren als ADR eng Impaktstudie, hate mer eng Interpellatioun hei gemaach iwwert d'Zukunft Lëtzebuerg. An deemools war ech awer der Meinung, datt mer hei och e Konsens, wéi eventuell e bëssen och an där Debatt vun de Mëtteg heibannen, haten, datt mer gesot hunn: „Ma an Zukunft huele mer kee Betrib méi an d'Land vun enger gewëssener Envergure, wou mer net als Regierung higin a mir maachen eng Impaktstudie: Wat huet dee Betrib als Konsequenze, souwuel am Positive wéi am Negativen? Wat brauch e vun Terrain? Wat brauch e vun Aarbechtskräften? Wat brauch e vun Energie? Wat fir eng Leit kommen dohinner schafen? Hu mer déi Leit? Wat muss de Stat, wat mussen d'Gemengen un Infrastrukturen zur Verfügung stellen? Wat sinn eventuell d'Resource fir de Stat als Steieren? Alles dat gekuckt an dann ënner dem Stréch gekuckt: Huet et e Wäert, datt mer dee Betrib an eist Land huelen oder net?“

Mir stellen awer fest, datt dat net gemaach gëtt. Au contraire! Wa mer zwee rezent Beispiller huelen, d'Juggurtsfabrik a Google, da gesi mer, wéi des Regierung verfiert. Si versicht, esou mann wéi méiglech iwwerhaupt Donnéeë prett ze halen an et gëtt sech ëmmer hanner Prozedure verstoppt, hanner Etüde verstoppt a mir kréie keng Informatiounen. Am Fong misst an esou engem Fall eng Regierung transparent spillen. Si misst soen: „Hei ass alles, wat dese

Betrieb u Positivem an un Negativem bréngt“, amplaz datt déi Betriber schonn am Virfeld Terraine verkaaft kritt hunn oder kafen, an da gëtt diskutéiert an herno gëtt e Fait accompli geschaaft an et gëtt einfach net gekuckt, wat dat fir positiv oder negativ Repercussione fir Lëtzebuerg huet. Duerfir, mengen ech, ass dat en zweete Punkt.

An dann ofschléissend e leschte Punkt: d'Rente-problematik, egal wéi mer driwwer diskutéieren. Am Abléck hu mer keng Problemer. Am Abléck hu mer Reserven. Mä jiddwereen, deen déi Problematik e bësse realistesch kuckt, ...

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... dee weess, datt déi nächst Generatiounen an 10, 15, 20 Joer Riseproblemer kréien, wa mir haut net de Courage hunn, driwwer ze diskutéieren, wa mer net bereet sinn, de Courage ze hunn, fir partiivvergräifend ze soen: „Hei, wa mer eis Kanner an eis Kanneskanner net wëlle virun eng onméiglech Situatioun setzen, ...“

(Coups de cloche de la présidence)

... da muss mer haut diskutéieren a reagéieren.“ An alles dat feelt, an dat sinn awer d'Viraussetzungen, ier een iwwerhaapt iwwer esou eng Nohaltegekeetsdebat diskutéiert. An duerfir stëmme mir des Motioun net mat.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Den Här Minister Bausch huet d'Wuert gefrot.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci, Här President. Ech schwätzen elo hei e bëssen als Vertrieeder vun der Ministerin Madamm Carole Dieschbourg, déi jo haut elo natierlech net hei ass, well déi Debatt gëschter war. Mä dat ass awer kee Problem. Ech wëll gär haaptsächlech e puer Saache soen zu där zentraler Fro, déi vum Här Gibéryen a vum Här Wiseler opgeworf ginn ass, déi mech och zënter Laangem staark beschäftegt, nämlech där, wéi d'Land sech soll weiderentwéckelen an zu der Fro vum Wuesstum.

Dat ass eng Debatt, déi kann een natierlech abstrakt féieren, am Vage féieren, wéi se meeschtens gefouert gëtt, andeem esou gesot gëtt, wéi wann de Wuesstum eppes wär - wéi soll ech soen? -, wat eis géif uwendropfale wéi en Däiwel, deen hei zu Lëtzebuerg géif wüten an dee géif maachen, datt d'Liewensqualitéit ëmmer méi schlecht géif ginn. An et geet een awer ni op den Terrain selwer, wou ee seet, wéi een da géif zum Beispill den Hiewel usetzen, fir mat deem Wuesstum do ëmzegoen, fir deen ze steieren.

Ech behaupten - ech behaupten -, datt, esou wéi Lëtzebuerg opgestallt ass, ee Land, wat zu 80 % vum Export leeft, datt Lëtzebuerg eleng als Land an där Dynamik, wou mir haut sinn, ganz sécher net kann einfach esou de Wuesstum vum PIB steieren oder de Wuesstum vun den Aarbechtsplaze schafen. Et kann ee sécherlech eenzel Saache maachen a Schwéierpunkte setzen; déi eng oder aner Fabrik, ob een déi wëllt oder net.

Mä kommt, mir sinn awer och éierlech! Och wa vill iwwert dat Beispill vu Beetebuerg geschwat gëtt, do kann een elo gedeelter Meinung sinn, wat een dovunner hält, mä et ass jo awer net elo dat, wat d'Beispill ka sinn oder wat eise Wuesstum eigentlech ausmécht. Mir wëssen awer hoergenee, datt de Gros vum Wuesstum vun der Finanzplaz, duerch ganz aner Secteure kënnt!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass alles.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- E kënnt enner ... Jo, Här Gibéryen, alles, et ass virun allem zum Beispill de Finanzsecteur, dee mécht, datt mer esou attraktiv sinn an datt mer esou vill Wuesstum zu Lëtzebuerg en général hunn.

Wat ass dann zum Beispill deene Leit hir Meinung par rapport zum Finanzsecteur? Da wësst ech gär, wann dat relativ kloer ass, datt dat deen ass, dee Lëtzebuerg dynamiséiert huet an och haut dynamiséiert: Wat maache mer dann? Baue mer deen of, de Finanzsecteur? Wie wëllt dat? Ech hunn nach keen héieren dat soen. Ech héieren ëmmer nëmme den Contraire soen. Ech gesinn och nëmme, wa mer Gesetzter hei an der Chamber stëmme zum Finanzsecteur, déi gi meeschtens mat 60 Stëmme ugeholl.

Et muss ee sech vläicht awer emol e bësse konsequent sinn. Wann een déi Froe wëllt opwerfen aus der Perspektiv eleng, wat et heescht,

Wuesstum vum PIB oder vun den Aarbechtsplazen, da muss een och bereet sinn, déi waarm Eisen unzepakten, déi een da muss zerschloen - wat net meng Meenung ass, soen ech lech awer direkt, fir déi ze zerschloen.

Et gëtt awer sécherlech Méiglechkeeten, wéi een d'Land ka gestalten! An ech war jo Landesplanungsminister déi lescht fënnf Joer, an do wäert och elo ganz kloer eng Visioun komme vun der Regierung, well mir musse jo nach Plan-sectoriellen ... Iwwregens, Här Gibéryen, déi sinn elo an der leschter Versioun no der Prozedur jo vun der Regierung ugeholl ginn. Dat heescht, déi ginn elo bei de Statsrot a mir wäerten an deenen ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, mir waarden dorobber.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir braucht net vill ze waarden, dat leeft elo sai Wee. Do kommen elo d'Avise vum Statsrot an da wäerten déi Pläng rechtskräfteg ginn. Ëmmerhin hu mer dat an deene leschte fënnf Joer fäerdegbruecht, fir endlech, ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sechs Joer.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- ... wéi Der et richteg ... Jo, och nach sechs Joer, okay, sechs Joer. A sechs Joer hu mer et fäerdegbruecht, komplett iwwerschaffe Pläng mat enger komplett iwwerschaffter neier legaler Basis ze schafen, fir datt déi Pläng endlech elo rechtskräfteg kënne ginn.

Mä da kënnt jo och nach eppes hannendrun, an dat ass de Programme directeur vun der Landesplanung! An de Programme directeur vun der Landesplanung, dat ass näischt aneres wéi esou eng, ech wëll net soen, eng Bibel, mä awer e Basisdokument, an deem mer beschreiw solle fir déi nächst 15, 20 Joer, wéi mer Lëtzebuerg gesinn. An do wäert d'Regierung dat virleeën! D'Regierung wäert eng Visioun virleeën, wéi se Lëtzebuerg gesäit a 15, 20 Joer. An da wäerte mer och hei an der Chamber eng Debatt doriwwer kréien, fir doriwwer ze diskutéieren.

Ech verlaangen awer och ... An, wéi gesot, ech si fir déi Wuesstumsdebat an ech fannen, déi muss gefouert ginn, well ech sinn dee Minister souwisou, ech sinn elo net méi Landesplanungsminister, mä ech hunn nach ëmmer d'Infrastrukturen, ech hunn nach d'Police elo bäikritt, dat ass op den Infrastrukturen an um Niveau vu wat et kascht. Main-d'œuvre-méisseg an esou weider weess ech genau, wat dat kascht, nämlech relativ vill, well de Wuesstum an d'Entwécklung vum Land bedeuten natierlech och, datt mer an den Infrastrukturen an och an de Leit, déi mer mussen astellen am Statsapparat, dee mer mussen opbauen, zum Beispill an deem heite Fall fir d'Sécherheet ze garantéieren, datt mer do mussen dauernd nobesseren. Also, d'Konsequenze sinn ech amgaangen dauernd ze spieren.

Ech si fir déi Debatt! Mä, wann d'Regierung eng Meenung wäert virleeën, da verlaangen ech awer och, datt dann d'Opposition hei vun Allgemengplazen ewechkënn an awer och seet, wat se esou mengt!

An dat nämlech betrëfft d'Renteproblematik. Et geet mir net duer, ze soen: „Mir ginn dovun aus, datt a 25 Joer e Renteproblem kënnt.“ Mä ech wësst awer dann och gär: Wat sinn dann d'Pisten, déi ee wëllt, un déi ee wëllt upaken, fir datt mer de Renteproblem, wann et dann ee gëtt a 25 Joer, fir dee geléist ze kréien? Et geet net einfach nëmme duer, ze soen: „Do gëtt et e Problem“, well och d'Opposition ...

(Interruptions diverses)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir ware jo bereet, fir doriwwer ze diskutéieren! Dir refuséiert als Majoritéit ze diskutéieren!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Wéini huet d'Majoritéit da refuséiert, dat wësst ech gären, hei ze diskutéieren iwwer Renteproblemer? Wéini war dat?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ma permanent! Permanent!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här Gibéryen, Dir hutt dach, Dir hutt e Reglement, do hutt Der genuch Instrumenter dran. An do kënnt Der eng Interpellatioun ... Mä maacht eng Interpellatioun zur Renteproblematik! Maacht se!

(Coups de cloche de la présidence)

Oder den Här Wiseler ka se och maachen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da bréngen ech muer de Bréif mat.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Ma voilà! Da kënne mer déi féieren. Mä kommt awer net heihinner an da sot Der, wann Der dann eng Interpellatioun maacht: „Et gëtt e Renteproblem a 25 Joer a wannechgeléift d'Regierung, sot Dir eis elo, sot Dir eis elo ...“

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wäert elo selwer wëssen, wat ech weess.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir wësst ëmmer gär, wat Der ...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Bausch, Dir musst och esou lues zum Schluss komme vun Ärer Interventioun an den Här Wiseler wëllt lech nach eng Fro stellen.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Neen, ech wëll lech näischt virschreien, Här Gibéryen, mä Dir zielt ëmmer gären déi Saachen, Dir wëllt ëmmer gäre Saache vun anere wëssen, mä Dir selwer widerspricht lech vu moies bis owes.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Gibéryen, den Här Bausch huet nach ëmmer d'Wuert!

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här President, duerfir, déi Debatt iwwer Wuesstum, déi muss gefouert ginn an déi soll och gefouert ginn an déi wäert och gefouert ginn. Mä ech soen awer och, déi huet awer net eppes ..., déi huet natierlech e Lien zu deem, wat hei elo diskutéiert gëtt a wat gëschter diskutéiert ginn ass hei an der Chamber. Mä et ass awer net, datt een elo ka soen, dat, wat do proposéiert gëtt, do gi jo eng Rei Propose gemaach, datt een dat einfach kann ofleenen, well do sinn e ganze Koup Saachen dran, déi, soen ech lech elo, och wa mer d'Wuesstumsdebat eng Kéier gefouert hunn, wäerten déi do Saachen awer noutwendeg sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wiseler hat nach d'Wuert gefrot.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech wollt am Fong just soen, datt den Här Bausch elo sechs Minutten iwwert déi Wuesstumsdebat geschwat huet. Ech begrëissen dat. Dat Eenzezt, wat ech am Fong regrettéieren, dat ass, datt am PNDD iwwerhaapt kee Wuert driwwer gesot gëtt. Dat vermessen ech. De Problem ass, datt mer do, wou mer den Développement durable wëllen definéieren, iwwert d'zentral Problemer guer net schwätzen. Mir sinn och fir déi Diskussioun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech mengen, da kënne mer zum Vott komme vun der Motioun.

(Interruptions)

Vote sur la motion 1

De Vott fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 33 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme an 22 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est adoptée par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

5. 7269 - Projet de loi complétant le Code du travail en portant création d'une activité d'assistance à l'inclusion dans l'emploi pour les salariés handicapés et les salariés en reclassement externe (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7269, eng Erweiderung vum Code du travail duerch d'Schafe vun den Activités d'assistance à l'inclusion. Den Text steet am Document parlementaire 7269^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7269 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7269 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7398 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 décembre 2012 sur les services postaux (suite)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7398, eng Ofännerung vum Postgesetz. Den Text steet am Document parlementaire 7398^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7398 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7398 ass bei 56 Jo-Stëmme an ...

► **Une voix.**- 56?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... 56 Jo-Stëmme a 4 Nee-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Marco Schank), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.



Ont voté non: MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. Motion de M. Laurent Mosar et M. Mars Di Bartolomeo invitant le Gouvernement à faire sienne la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA et à renforcer et soutenir les mesures de sensibilisation et éducatives dans le cadre de la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence

Ech ginn elo dem Här Laurent Mosar d'Wuert fir den Depot vun enger Motioun iwwert d'Définitioun vum Antisemitismus an d'Ennerstëtzung vu Mesuren am Kampf géint d'Intoleranz, d'Diskriminatiounen a besonnesch den Antisemitismus a géint all Akt vun Haass oder Gewalt, déi mir am Uschloss diskutéieren an ofstëmme wäerten. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Dépôt et exposés

► **M. Laurent Mosar (CSV), coauteur.** - Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Verrieder vun der Regierung! Antisemitismus, Antihumanitéit, Auschwitz: Sou kann een an dräi staarke Wierder déi ganz Thematik vum Antisemitismus op de Punkt bréngen, well fir Auschwitz als Spëtz vum antisemitischen Äisbierg ze verstoen, muss een déif an d'Geschicht andauchen.

Jo, den Antisemitismus ass wéi en zivilisatoresch schwaaarzt Lach, wéi et schon de Primo Levi gesot huet. Eng negativ Gravitation, déi just vun Haass a vun Niddertrucht ugedriwwen gëtt an déi duerfir och d'Menschheet an hir fir éiweg däischterst Nuecht, fir den Elie Wiesel ze paraphraséieren, eragedriwwen huet, an d'Antihumanitéit vun Auschwitz, vun der Shoah, vum Holocaust. D'Wierder feelen eis hei, fir dës onmenschlech Barbarei ze beschreiwen, awer si hunn ni gefeelt, fir dës Barbarei erbäufelieren. A si feelen och haut nach net. Duerfir ass d'Debatt vun de Mëtteg an duerfir ass déi Motioun och esou wichteg, net just fir zréckzekucken, mä fir d'Wuerzel vum Antisemitismus aus dem Haassbuedem erauszerrappen a fir en neien Zukunftsbaum vun Humanitéit, Mënschlechkeet an Humanismus ze planzen.

Duerfir, Här President, och ee Wuert zu dëser Motioun, déi keen dréchenen Text fir den Tirang soll sinn, mä déi e Signal vu Solidaritéit a Matmënschlechkeet, awer och e kloer Refus vun all Form vun Antisemitismus, awer och vu Rassismus a Xenophobie an och soss vun Intoleranz an Diskriminatioun soll setzen. Esou steet et jo och direkt an eise Consideranten.

Mä, wéi gesot, de Begrëff „Motioun“ heescht jo net just parlamentaresch eppes, mä Motioun heescht eigentlech och Bewegung. A grad beim Antisemitismus geet et net duer, als Gesellschaft nozekucken. Neen, et muss ee sech aktiv bewegen an zesummeréckelen. Duerfir ass et och esou wichteg, datt mir eis haut hei als Chamber, als Verrieder vum Lëtzebuerg Vollek zur Antisemitismusdefinition vun der IHRA, der net bekannt genuchener International Holocaust Remembrance Alliance, bekennen.

Ech wëll hei just hir zentral Punkten opzielen: Perception, den Haass, d'Manifestation vun dësem Haass géintwuerter jiddesche Matbiirger an hirer Communautéit oder hiren Institutiounen, egal ob et elo reliés oder net ass. An dat ass jo awer e Minimum, op deem ee sech eigentlech hei misst kënnen eenegen.

A fir et kloer ze soen, Kolleeginnen a Kolleegen, dës Definitioun verbitt keng Kritik an der Politik vun der israelischer Regierung oder vun der Knesset. Awer si kritiséiert kloer all Haassmesagen och géint Israel oder d'jiddesch Communautéit, virun allem, wa se Israel d'Existenzrecht wëllt ofschwätzen. Hei muss een also ganz kloer ënnerscheeden, grad ewéi een och kloer soe muss, datt ee keen Antisemit ass, wann een zum Beispill eng Aktioun vum Här Netanjahu kritiséiert. An dat huet jo och den Ambassadeur Georges Santer kloer ënnerstrach an de leschte Méint.

Dëst gesot, wëll ech op dëser Plaz dem Ambassadeur Santer e ganz groussen an häerzleche Merci soe fir säin exemplareschen Engagement an dëser wichtiger Thematik, mä och allgemeng fir déi Aart a Weis, wéi en d'Presidence vun der IHRA am Numm vu Lëtzebuerg leet.

A wann ech bei de Mercie sinn, e ganz grouse Merci dem Kolleeg Marc Angel, President vun

der aussepolitischer Kommissioun, deem hei mat ganz vill Fingerspëtzegefill déi Debatte geleet huet, wou mer och ganz vill Leit gehéiert hunn: e grouse Merci! E Merci geet awer och u mäi Coauteur, de Kolleeg a fréiere Chamberspresident Mars Di Bartolomeo, dee mat mir zesammen déi Motioun do deponeiert, och e ganz grouse Merci un hien, well wann et ëm eng Fro geet, wou mir, mengen ech, als Demokraten an Humaniste mussen zesummestoen, dann ass et grad den Antisemitismus.

An déi Mercie wëll ech awer och aschleissen all déi vill Kolleegen aus verschiddenen anere Fraktiounen, déi och bereet sinn, déi Motioun hei matzedoen, well ech mengen, et ass wichteg, datt mer déi mat enger méiglechst grouser Majoritéit wäerte stëmmen.

Jo, Här President, a Westeuropa muss mer an der Lescht ëmmer méi Akten a Verbrieche vun Antisemitismus feststellen. Dat weisen all Etüden an Erfahrungen. An och hei bei eis am Land muss mer kloer an däitlech soen: Lëtzebuerg ass leider och keng Insel ouni Antisemitismus, weder historesch nach aktuell. Mä och doriwwer eraus ginn déi antisemitesch motivéiert Strofdoten zu Lëtzebuerg erop. 2017 waren et dier nach 12, 2018 schon duebel esou vill. An dëst Joer si mer elo scho bei ronn 30 Afären, esou d'Zuele vun der Aarbechtsgrupp Recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg, déi och bei eis an der aussepolitischen Kommissioun diskutéiert gi sinn.

An och historesch hu mir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach ganz villes opzeschaffen. An et ass gutt, datt mir och hei verstärkt wëssenschaftlech doriwwer schwätzen, well wann den Antisemitismus eppes net verdréit, ass et, wann d'Luucht vun der Wourecht op e gericht gëtt.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Laurent Mosar (CSV), coauteur.** - Duerfir dierfe mir an Zukunft keng donkel gesellschaftlech a politesch Ecken ouni Mënschlechkeet méi zouloossen.

Här President, mä iwwert dës dach akademesch Definitioun an Aktioun an och iwwert d'Deklaratioun vu Stockholm eraus, bleiwen déi politesch Mainstream-Messages an och déi gesellschaftlech Terrainsaktiounen och vun eis als Politiker a Bierger wesentlech, well fir den Äisbiirg vum Antisemitismus fir ëmmer un d'Schmëlzen ze kréien, brauch een e positiven, zivilisatoresche Klimawandel, grad am Alldag vun de Leit an och am politeschen Diskurs. Hei muss mer alleguerten ufänke mat enger neier Mënschlechkeet, mat Respekt an Toleranz, mat de geliefte Wäerter vun enger oppener Gesellschaft an och mat enger permanenter politischer Bildung vun eise jonke Leit, déi och an dëser Motioun agefuert gëtt.

Virun allem muss mir den Antisemitismus am Alldag bekämpfen, well den Antisemitismus fänkt am Alldag un. A genee an dësem Alldag muss een e bekämpfen an denoncieren, ëmmer an iwwerall, och um Web an an de soziale Medien, an am beschten, andeem een dem Antisemitismus eng nei Humanitéit entgéintsetzt.

Virun a puer Woche war an der „Neue Zürcher Zeitung“ en exzellenten Interview vum Mathias Döpfner ze liesen, dee gesot huet, an ech zitieren en: „Dass Juden sich hier nicht mehr sicher fühlen, ist eine Schande für Deutschland.“ Ech géif soen, wa Judde sech net méi sécher fillen iwwerhaupt an Europa, ass et eng Schan fir Europa!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten als CSV-Fraktioun dës zukunftsweisend Motioun matstëmmen an hire Geescht vu Matmënschlechkeet an eis oppe Gesellschaft erausdroen, grad och am politeschen Alldag. Et geet also net duer, „nie wieder“ just op d'Monumenter ze schreiwen an dann den Alldag ze vergiessen. Mir mussen „nie wieder“ all Dag erëm liewen, an dat mat null Toleranz fir den Antisemitismus, well grad hei ass och nëmme den Uschäin vun Toleranz déi falsch Politik. Oder, wéi de Primo Levi et emol eng Kéier formuléiert huet: „De Mond halen ass e Feeler, bal e Verbriechen.“ Dëse Feeler dierfe mer ni méi widerhuelen!

Ech soen lech Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

- *dénonçant toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence,*

- *constatant que l'antisémitisme reste un fléau de notre temps et que les actes antisémites sont en forte hausse dans le monde occidental, comme le confirment le rapport de l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne (FRA) de 2018 et le dernier rapport annuel de la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI),*

- *notant le travail de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile sur le sujet de l'antisémitisme, y compris, entre autres, des échanges de vues avec Monsieur Georges Santer, dirigeant de la présidence luxembourgeoise de l'Alliance internationale pour la mémoire de l'Holocauste (IHRA), le 25 février 2019 ; avec Monsieur Michael O'Flaherty, Directeur de la FRA, le 11 mars 2019 ; avec Madame Katharina von Schnurbein, Coordinatrice européenne de la lutte contre l'antisémitisme, le 16 mai 2019 ; ainsi qu'avec Monsieur Bernard Gottlieb, Président du RIAL (Recherche et Information sur l'Antisémitisme au Luxembourg) et Monsieur François Moysse, un représentant de la communauté juive du Luxembourg, le 1^{er} juillet 2019,*

- *considérant que le Luxembourg préside actuellement l'IHRA,*

- *notant que l'IHRA a adopté le 26 mai 2016 par consensus une définition juridiquement non contraignante, dite de travail, de l'antisémitisme,*

- *soulignant que l'école offre une occasion unique de transmettre les valeurs de tolérance et de respect, puisqu'elle s'adresse à tous les enfants dès leur plus jeune âge,*

- *considérant que l'enseignement de l'Holocauste (la Shoah) à l'école revêt une importance particulière dans un contexte où ses témoins disparaissent progressivement,*

- *considérant que le Parlement européen a adopté une résolution le 1^{er} juin 2017 appelant les États membres de l'Union européenne à adopter et à appliquer la précitée définition de l'antisémitisme,*

- *considérant que le Conseil de l'Union européenne a adopté une Déclaration sur la lutte contre l'antisémitisme et la mise en place d'une approche commune en matière de sécurité afin de mieux protéger les communautés et institutions juives en Europe le 6 décembre 2018,*

invite le Gouvernement

- *à faire sienne la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA,*

- *à renforcer la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence,*

- *à renforcer et soutenir les mesures de sensibilisation et éducatives dans le cadre de la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence.*

(s.) Laurent Mosar, Mars Di Bartolomeo, Marc Angel, Eugène Berger, Sven Clement, Stéphanie Empain, Fernand Kartheiser.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. An da ginn ech dem Här Mars Di Bartolomeo, Coauteur vun dëser Motioun, d'Wuert. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), coauteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Statistike weise leider e kloeren Trend: Diskriminierungen, Optriff zum Haass an zur Gewalt, Intoleranz huelen net of, am Géigendeel, a ginn och zum Deel begünstegt duerch Anonymitéit a Pseudonymen op de sozialen Netzwierker.

Et gëtt ëmmer erëm an Europa Tëschefäll, bei deenen engem d'Schudderden de Réck eroflafen a mer un däischter Kapitelen an eiser Geschicht erënnert ginn. An eben dës Erënnung muss fir eis Verflüchtung sinn, fir eis esou Tendenz schon am Usaz an de Wee ze stellen. Dat géllt a besonneschem Mooss och fir antisemitische Äusserungen, Akten a Gewalttaten.

Nodeem mer eis 2015 a beispillhafter Geschlossenheit bei eiser jiddescher Communautéit fir d'Bäihëllef vun Deeler vun eisen Administratiounen a Responsabele bei der Verfollegung, Verschleefung an Ermuendung vu jiddesche Matbiirger entschëllegt hunn, hu mer zënterhier ënner anerem mat MemoShoah, dem Monument am Häerz vun eiser Hauptstadt, a weidere Recherchë wichteg Zeeche gesat hunn.

Och wa mer hei zu Lëtzebuerg wäitgeënd vun antisemitischen Tëschefäll verschount sinn, gouf et awer Unzeechen - Erënnung un déi lescht Landeswahlen -, dass och bei eis de Prinzip muss gëllen, dass ee vun Ufank u reagiert an den Diks muss setzen. De Stat huet d'Obligatioun, de Respekt an d'Sécherheet vun all senge Bierger ze schützen, dat heescht, Optriff zu Haass a Gewalt an Aggressiounen ze verhënneren an déi, déi derfir verantwortlech sinn, stroferechtlech ze verfollegen.

Gradesou huet de Stat d'Aufgab, fir Reliouns-, Glawens- a Meenungsfräiheet ze suergen. Net zulescht, well Lëtzebuerg dëst Joer d'Presidence vun der IHRA iwwerholl huet, dat ass déi

International Allianz fir d'Memoire vun der Shoah, wollt eist Parlament e staarkt Signal géint den Antisemitismus erausginn.

De Laurent Mosar hat d'Iddi, dass zwee fréier Parlamentspresidente gutt placéiert wäeren, fir hei d'Initiativ ze huelen. Ech soen em Merci do derfir, an dës Motioun soll de Message erausstralen, dass mir decidéiert sinn, fir net nëmme mat Wierder ze reagieren, mä bereet sinn, eis zesammen esou Tendenzen entgéintzestellen.

Mir hunn deem Text no Entrevuen an Diskussioun mat Experten a vill konstruktiver Matarbecht vun de Kolleegen a Kolleeginnen aus der Kommissioun bal eestëmme kënnen finaliséieren. Ech ginn d'Hoffnung nach net op, dass d'Eestëmmegeek ka kommen.

Dës Motioun iwwerhëlt d'IHRA-Definitioun vum Antisemitismus a proposéiert eng Rei vu Mesuren, fir den Antisemitismus an d'Intoleranz, den Haass a Gewalt iwwerall do, wou se opdauchen, ze anticipéieren an ze bekämpfen. D'Sensibiliséierung a Bildung a Schoul an am Liewe sollen zu Toleranz, Respekt a friddlechem Matenee bäidroen. Mir hu bewosst op iergendwellech Beispiller verzicht, well mer dobäi risquéiert hätten, Wichteges ze vergiessen.

A mir hunn opgepasst, dass Antisemitismus a Kritik un der Politik an den Aktiounen vun Israel als Stat net an een Dëppe gehäit ginn. Et ass fir eis evident, dass Israel, dat e Land ass wéi aner, ka kritiséiert ginn, ouni dass engem gläich Antisemitismus virgehäit gëtt, wuelverstanen - an de Laurent Mosar huet dat ënnerstrach -, dass et fir eis en No-Go ass, fir d'Existenz vun deem Stat a Fro ze stellen.

Ech wollt dem Coauteur an de Kolleeginnen a Kolleegen aus der aussepolitischen Kommissioun an den Experten, déi eis begleet hunn, Merci soen, an lech, Kolleeginnen a Kolleegen, invitéieren, dës Motioun mat breeder Majoritéit ze stëmmen an domat e staarkt Zeeche vun Toleranz, Zesummenhalt, géigesäitegem Respekt a Respekt vu Minoritéiten ze setzen, a soen lech Merci.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen lech Merci, Här Di Bartolomeo, a ginn direkt d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Très bien !

Discussion générale

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, d'Juddefindlechkeet ass u sech keen neie Phenomeen. Dat gouf et scho virun 2.500 Joer; esou laang sinn d'Judden Affer vu Verdriewung, vu Vëlkerdand an och vun Ausgrenzung. An där Zäit sinn och eng Villzuel vu Biller, Karikaturen a Klischeeën ëm d'Judden opgebaut ginn. A wat opfälleg ass, ass, datt iwwert déi 2.500 Joer och eng gewisse Konstanz doranner besteet. Den Term „Antisemitismus“, dee besteet u sech eréischt zënter 1879. Den Antijudaismus, deem huet u sech véier Ursachen: politesch, reliés, sozial a virun allem eng, déi engem awer muss ze denke ginn, eng biologesch an och pseudowissenschaftlech.

Den Antisemitismus, dat wësse mer, war u sech d'Statsideologie vum Nationalsozialismus. Leider gëtt et awer och, an dat hunn déi vill Gespräicher an deene leschte Wochen a Méint gewisen, ëmmer méi Unzeechen an Europa, mä och bei eis heiheim, vun neien antisemitischen Aktiounen. An ech muss hei op dëser Plaz och nach eng Kéier un déi verwerflech, wierklech verwerflech Schmieraktioun erënnere, aneschtens kann een dat net nennen, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gusty Graas (DP).** - ... wou zwee Spëtzekandidate vu menger Partei, de Xavier Bettel an d'Corinne Cahen, Affer gi ware bei de leschte Chamberswahlen.

D'Fro, déi ee sech natierlech muss an deem ganze Kontext hei stellen: Erliewe mer e gewëssene Parallelismus tëschent den 30er Joren aus dem leschte Jorhonnert an där haiteger Zäit? Ech mengen, dat kann een net onbedéngt direkt mat Jo beäntweren, mä et muss ee vigilant sinn. Et muss een déi Zeechen, déi sech bemierkbar maachen dobaussen, awer eescht huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut mat enger Motioun hei konfrontéiert, wou et drëms geet, jo, fir d'Aarbechtsdefinitioun vun der International Holocaust Remembrance Alliance, der IHRA also, esou och ze akzeptéieren. Ech wëll drun erënnere, datt Eissträich dat den 21. Abrëll 1917 (veuillez lire : 2017) gemaach huet an Däitschland am selwechte Joer den 20. September.

Do muss een allerdéngs éierlech sinn, datt dës Aarbechtsdefinitioun och gewisse Kriticken ervirgeruff huet; ech wëll net op d'Detailler agoen. Et ass virun allem ee Punkt, an deem ass och scho vu menge Virriedner hei undiskutéiert ginn, dat ass natierlech deen: Aussoe vis-à-vis vum Stat Israel. Ech mengen, et ass och fir eis evident - evident -, datt, wann et ëm d'Form vun der Politik vun der aktueller Regierung an Israel geet, een d'Recht muss hunn, ze kritiséieren. Et muss een d'Recht hunn, kënnen iwwert d'Siedlungspolitik ze schwätzen, et muss een d'Recht hunn, iwwert d'Gazasträif ze schwätzen, ouni datt een domat als Antisemit duergestallt gëtt.

Op där anerer Säit, wann allerdéngs dem israelische Stat Nazimethoden ënnerstallt ginn oder och rassisteschen Hannergrond, ech mengen, dann ass eng gewisse Schwell iwwerschritt ginn, da kann ee roueg soen: Dat sinn antisemitisch Aussoen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gusty Graas (DP).** - Selbstverständlech muss ee sech och d'Fro stellen: Wéi kënnen mer dee Fleau do an Zukunft besser an de Grëff kréien?

Da si mer natierlech och ganz séier bei der Educatioun, bei der Formatioun. Da si mer och ganz séier bei eiser Schoul. Sécher gëtt d'Schoul ëmmer ganz vill sollicitéiert, wann et drëms geet, fir jonk Leit zu mündege Bierger auszubilden, datt se wierklech Wäerter wéi Toleranz, Akzeptanz vu Minoritéiten an herno kënnen am spéidere Liewen akzeptéieren.

Et ass also wichteg, datt eise Schoulsystem och deem Aspekt grouss Rechnung dréit. An ech soen dat elo emol éischter vläicht a mengem perséinlechen Numm: Ech wier frou, wierklech frou, wa virun allem de Geeschteswëssenschaften an Zukunft nach géif méi eng Opmierksamkeit an dem Schoulsystem reservéiert ginn. Ech denken do virun allem un d'Geschicht, ech denken awer och un d'Philosophie. Et si grad déi Fächer, déi am Fong geholl d'Méiglechkeet ginn, fir wichteg Elementer vun Toleranz, vun Akzeptanz, wéi gesot, vu Minoritéiten och kënnen weiderzepromouvéieren, well d'Schoul ass net nëmmen do, fir d'Leit herno op de Wirtschaftsmaart ze preparéieren, mä se ass och do, fir hinnen eng méiglechst breet Bildung mat op de Wee ze ginn.

An deem ganze Kontext kënn een natierlech och net derlaanscht, fir nach e Wuert iwwert d'sozial Medien ze verléieren. Dat, wat sech do an deene leschte Méint, Joren ofspilt, ass a ville Fäll inakzeptabel. D'Fro natierlech: Muss d'Politik net do méi agräifen? Natierlech bewege mer eis dann op engem ganz geféierlechen Niveau. Mir si ganz séier bei der Diskussioun vun der Meinungsfreiheet. Mä och d'Meenungsfreiheet, dat soen ech och ganz kloer als Liberalen hei, muss hir Grenzen hunn. An net méi spéit wéi gesot huet zum Beispill d'Assemblée nationale a Frankräich e Gesetz gestëmmt, dat hir d'Méiglechkeet gëtt, anzegräifen, wann ënner anerem och zum Beispill antisemitisch Ausserung gemaach ginn an de soziale Medien, fir do och kënnen juristesche anzegräifen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg.

Op där anerer Säit, wat awer och muss nach verstärkt kommen, ass d'Oplklärung, d'Oplklärung virun allem vis-à-vis vu jonke Leit. Do gëtt villes gemaach. Ech weess, datt et engagéiert Leit ginn, och Politiker, déi mat Klassen op Auschwitz ginn. Et wier gutt, wann d'Méiglechkeet géif bestoen, datt jiddwereen a sengem Liewen eng Kéier kéint an de Musée de Yad Vashem op Jerusalem goen. Ech war selwer viru Joren do, ech kann lech soen, och wann ee vläicht net onbedéngt zu deene grouse Sinsbele gehéiert, mä wann een dee Musée duerchgaangen ass, da mécht ee sech Gedanken, da mécht ee sech vill Gedanken: Wéi ass et méiglech, datt d'Méischheet iwwerhaapt ka sech dozou hiräisse loosser, fir esou Aktiounen, wéi se virun allem am Zweete Weltkriich geschitt sinn, ze maachen?

Och do, wéi gesot, ass et wichteg, datt mer an Zukunft verstärkt Oplklärungsaarbecht maachen, virun allem bei deene Jonken, datt se sech solle bewosst sinn, wéi séier, wéi séier datt och kann an enger Gesellschaft d'Meenung ëmschloen an datt kënnen barbaresch Aktiounen, haaptsächlech vis-à-vis vu Minoritéiten an an deemem Fall vu Jidden, geholl ginn.

Duerfir ass et wichteg, datt mer haut och als Parlament dës Motioun hei duerchdiskutéieren. Ech soen och deenen zwee Auteuren, de Kollege Mosar an Di Bartolomeo, e ganz grouse Merci. Ech mengen, déi Initiativ huet e ganz grouse Wäert. Et erübrégt sech bal ze soen, datt eng Partei wéi d'Demokratesch Partei natierlech voll hannert där Motioun hei steet.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drun erënneren, datt d'Demokratesch Partei wierklech eng Partei ass, déi grad déi Wäerter, géif ech scho bal soen, magistral vertritt. Mir trieden derfir an, datt eis Gesellschaft u sech méi Gerechtegkeet soll kréien. An een, deen eis Lëschten zum Beispill vun deene leschten dräi Wahlen analyséiert, dee gesäit och do, datt mer konkret dat och ëmsetzen, datt mer virun allem deene Leit, déi an eiser Gesellschaft oft Schwieregkeeten hunn, sech ze behaapten, well se en Handicap hunn, sief dat e geeschtegen, sief dat soss een aneren, mä datt grad déi Leit mussen eng Chance hunn, an et ass inakzeptabel, wa Minoritéiten ausgegrenzt ginn. An dowéinst ass et gutt, wéi gesot, datt mer déi Diskussioun hei féieren.

An ech brénge selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An da wär et um President vun der aussepolitische Kommissioun, dem honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Ech schlësse mech natierlech all de Wieder vun de Virriedner un a besonnesch och vum LSAP-Spreecher Mars Di Bartolomeo, deen ee vun den zwee Coauteure war vun dëser Motioun. Wéi déi zwee fréiere Presidente Laurent Mosar a Mars Di Bartolomeo mech ugeschwat hunn als President vun der aussepolitische Kommissioun am Januar, nodeems déi Etüd vun der Fundamental Rights Agency erauskomm war, wou an zwielef Länner an Europa - do war Lëtzebuerg net derbäi - déi Ëmfro gemaach ginn ass ënnert der jiddescher Bevëlkerung hei an Europa an déi katastrophen, beängstegend Resultater erauskomm waren, hu se berechtigt gesot, mir sollten eis och mat deem Thema hei zu Lëtzebuerg beschäftegen, well, wéi mer dat och héieren hunn, Lëtzebuerg keng Insel ass.

An ech wëll dofir och deenen zwee Auteure Merci soen, dass se mech ënnerstëtzt hunn an där Demarche, fir net à chaud direkt eng Motioun am Januar ze hannerleeën, mä fir den Thema ze creuséieren. A mir hate wierklech dräi ganz interessant Reunionne mat Expertinnen an Experten. An duerno huet dat awer geschéngt, mir kënnen awer net elo ofschléissen, ouni dass mer och an den Dialog mat der Lëtzebuurger jiddescher Communautéit trieden. An dofir waren och zwee Verrieder vun der jiddescher Communautéit bei eis an der Kommissioun, wou mer konkret wolle wëssen, wéi si den Alldag hei zu Lëtzebuerg liewen a wéi Antisemitismus sech hei zu Lëtzebuerg ausdréckt.

Doropshin hu mer dunn de leschte Méindeg eng Motioun presentéiert. Dir hutt se virun lech leien. Mir hunn du konstruktiv, am Dialog mat alle Fraktiounen, fir esou breet wéi méiglech e Konsens ze fannen, um Text geschlaff. A fir dass ech net de Reproche sollt kréien als President, ech hätt dat iwwert de Knéi gebrach, hate mer mëttes zoufälleg nach eng Kéier eng aussepolitische Kommissioun. D'Wuert hu mer do nach eng Kéier mëttes, nodeems all Méisch nach konnt déi annerhalfe Säit Text bearbechten, studéieren, se beschwätze mat aneren, decidéiert, deen Text unzuhuelen an der Kommissioun, deen hei elo zum Vott läit. Dat wollt ech soen.

Fir mech ass et och ganz wichteg, dass mer drop aginn an där Motioun, dass et wichteg ass, dass an de Schoulen, dass eis Jugend vill méi informéiert gëtt iwwert den Holocaust. Well, Dir wësst, dass déi lescht Iwwerliewend vun Auschwitz a vun all de Konzentrationslager, dass et der ëmmer manner sinn, an dofir ass et wichteg, dass mer do an de Schoule vill méi drop pochen. An ech sinn och frou, dass den Educatiounsminister Claude Meisch de 4. Juni e Partenariat agaangen ass mat Yad Vashem. An ech mengen, dat soll och hëllefen, deen Thema besser an de Schoulen och nach ze traitéieren.

Ech wëll och dem Ambassadeur Georges Santer Merci soen. Hien ass President elo fir dëst Joer am Numm vu Lëtzebuerg bei der IHRA, a mir waren invitéiert op déi éischt grouse Konferenz, déi zu Mondorf stattfonnt huet. An ech mengen, dat ass exzellent verlaf. D'Diskussioun ware ganz gutt, an ech wäert him weiderhin eng gutt Hand wënschen am Numm vun eis alleguer fir déi Presidence, wou wichteg Anniversairen dra sinn, d'Befreiung vun Auschwitz an esou weider, dass déi Presidence gutt zu Enn bruecht soll ginn.

Fir d'LSAP, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Schutz vun de Minoritéiten, de Kampf géint all Forme vun Diskriminierung an och den Asaz fir Gläichberechtigung, dat läit an eiser DNA. An dofir, mengen ech, wëlle mer dës Motioun zoustëmmen, well se wierklech e staarkt

Signal gëtt, fir géint den Antisemitismus hei zu Lëtzebuerg an doriwwe eraus virzegoen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Angel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech géif och fir d'Alleréischt gären e grouse Merci soen un déi zwee Initiateure vun deem Dokument, well et e wichtegt Dokument ass, wou, wéi ech mengen, mer allegueren och e bësselchen e perséinleche Lien dozou hunn, well mer iergendwou schon allegueren eng Kéier derbäi waren, grad just dovéinst ass et och wichteg, dass mer och op dese Wee gaange sinn.

Also ech muss soen, ech hu mech elo eng Kéier derhannertgesat - ech sinn näamlech am Ufank dovunner ausgaangen, hei zu Lëtzebuerg ass dat jo net esou dramatesch -, fir eng Kéier e bësselchen e Feeling derfir ze kréien. Ech hu mech ameséiert, eng Kéier e bësselchen och sozial Netzwerker duerchzeforsten a war éierlech gesot e bësselchen erstaunt iwwert dach verschidden Aussoen, déi ech doruechter fonnt hunn. An ech mengen, grad just dovéinst ass et och wichteg, dass mer och op dese Wee gaange sinn.

Bon, dat heiten ass eng Aarbechtsdefinitioun, déi huet elo keng juristesche Valeur. Et ass awer fir mech och e ganz wichtige Schrëtt an der Prise de conscience, dass mer d'Thema och erëm offensiv no vir bréngen.

An et ass vill d'Schoul ugeschwat ginn, an ech si ganz domadder d'accord, dass mer den Holocaust an déi ganz Thematik och breet an der Schoul diskutéieren. Ech denke just, dass et och wichteg ass, dat Ganzt ausserhalb vum schoulesche Kader ze maachen. An dofir ass et eben och gutt, dass mer dës Definitioun hunn.

Firwat soen ech dat? Ech war selwer a menger Lycéeszeit och eng Kéier op Auschwitz matgaangen. Do war dee Guide, deen eis do begleet huet, dat war den Här Benjamin Silberberg, dee leider elo, wéi ech an der Zeitung hu misse liesen, virun e puer Woche gestuerwen ass. An dat ass eng Persoun gewiescht, déi mech immens markéiert huet. Seng Berichter sinn engem wierklech nogaangen.

Ech hat deemools 18 Joer, wéi ech do matgaange sinn. An ech ka mech erënneren, wéi ech heemkomm sinn, war ech quasi während zwee, dräi Méint en anere Méisch. Ech hu jiddwerengem dovun erzielt. An déi erwuesse Leit ronderëm mech, déi hunn net verstanen. Ech hat d'Gefill, et huet kee verstanen, ëm wat et geet.

An et ass e bësselchen dowéinst, wou ech mer soen, et ass eben net just wichteg, dat Ganzt an der Schoul ze maachen. Et ass wichteg, dass mer iwwerhaapt breet an der Gesellschaft d'Thema uschwätzen, dass déi Prise de conscience net just bei deene Jugendlechen ass, mä allgemeng an der Gesellschaft.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Den Antisemitismus ass erëm um Klammen. Dat hu mer jo elo och e puermol ugeschwat. An ech muss soen, säin ellent Gesiicht weist en definitiv. Och dat heiten elo, d'Wichtegkeet vun deem Dokument ofzeschätzen, ass vläicht relativ schwiereg. Fir mech ass et zwar just een Element, mä et ass e ganz wichtegt Element an der Lutte géint den Antisemitismus.

An all meng Virriedner hunn et gesot, ech géif et just och nach eng Kéier gäre widerhuelen: Et ass e wichtegt Element, wat awer net verhënnert, dass mer Kritik ausüben un enger etwaiger Politik vun engem Stat. Vun dohier denken ech, dass mer allegueren hei net nëmmen haut dat sollten ofstëmmen, mä dat och herno an déi geliefte Praxis bréngen an eis och an e puer Joer nach deen Text hei ëmmer erëm virun Aen halen.

An dofir ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorablen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëll mech och als Alleréischt all deenen uschlëssen, déi Merci gesot hunn: Merci dem Här Mosar, deen déi éischt Initiativ hat, fir dat hei ze lancéieren; Merci dem Här Mars Di Bartolomeo, dee Coauteur ass vun deem Text, an all deenen aneren, déi gehollef hunn. Merci och dem Här Gottlieb, deen eis mat deene Rapporten vum RIAL all

Joer aktuell um Stand vun der Situatioun hei zu Lëtzebuerg hält, an un den Ambassadeur Georges Santer. Ech mengen, et ass eng wierdeg Aufgab fir d'Lëtzebuurger Regierung, fir d'Presidence, déi mer am Abléck vun der IHRA hunn, och aktiv ze gestalten an op e ganz gutt Enn ze féieren. Et ass eng héich Verantwortung, déi eist Land huet.

Deen Text hei droe mer selbstverständlech mat. Ech muss allerdéngs soen, fir d'ADR hätt e kënnen méi staark sinn an enger Rei Punkten. Méi staark och, ech gesinn hei den Här Statsminister, an ech wëll do direkt och soen, datt mir eis uschlëssen un dat, wat den Här Graas gesot huet: Et ass absolut inakzeptabel an der Lëtzebuurger politescher Kultur, datt Schmiere-reien op e Plakat vun engem Kandidat gemaach ginn, deen do als Judd bezechent gëtt oder esou! Inakzeptabel! An ech mengen, et ass e gemeinsamen Opdrag vun eis alleguer heibannen, fir, wa mir am Dialog sti mat der Gesellschaft dobaussen, fir derfir anzutrieden, datt esou eppes iwwerhaapt net a Fro kéint.

An ech ënnerstëtzen och ganz kloer jiddwereen, dee gesot huet, et muss een an d'Konzentrationslager goen, als jonke Méisch a méiglech, mä egal wéini am Liewen, fir dat ze gesinn a fir eng Virstellung vun deem Leed ze kréien, wat do geschitt ass.

Elo ass et awer, mengen ech, wichteg, datt mer iwwert deen Text hei schwätzen. An ech wëll do just zwou oder dräi Bemierkunge soen.

Et wär gutt gewiescht an eisen Aen, wa mer gesot hätten, déi Definitioun, vun där mer soen, de Lëtzebuurger Stat soll sech et zu eege maachen, déi Definitioun vun Antisemitismus, déi soll een als Ganzt huelen. Et si Beispiller bei där Definitioun. Mir hätten eis gewënscht, datt mer gesot hätten, mir sollen déi Definitioun mat de Beispiller unheulen, well dat hätt nach eng Kéier eng nei Dimensioun, eng méi licht verständlech, global Approche zu där Thematik ugebueden.

Dat Zweet ass, mir hätten eis och gewënscht, wéi d'Europaparlament et vun de State gefuerdert huet oder se invitéiert huet, fir dat ze maachen, fir en Antisemitismusbeoptragten an all Land anzeféieren. Lëtzebuerg huet déi Optioun net geholl. Mir hoffen awer, datt dat nach ëmmer kann de Fall sinn an datt och Lëtzebuerg sech iergendwéini eng Kéier en Antisemitismusbeoptragte gëtt.

Dat Drëtt ass de BDS. Dir wësst, et gëtt eng Campagne, eng international Campagne „Boycott, Desinvestissement a Sanktiounen“ géint Israel. An den Däitsche Bundestag, deen huet elo viru Kuerzem, de 15. Mee, eng Resolutioun ugeholl, wou en d'BDS-Campagne kloer als antisemitisch veruertelt huet!

Mir hunn awer och hei am Land op d'mannst eng Organisatioun, déi déi BDS-Campagne aktiv bedreift! Mir mussen eis also och d'Fro stellen, ob mer net sollte vill méi aktiv a méi engagéiert géint esou Campagnen virgoen, déi den Däitsche Bundestag hei och explizit verkaaft huet (veuillez lire: vergläch huet) mat Campagnen „Kauft nicht bei Juden!“, wéi mer se aus der Vergaangenheet jo kennen.

Et ass esou, datt mir mengen, datt déi Lëtzebuurger Regierung dës Motioun, déi mer haut hei stëmmen, deenen Opruff, dee mer haut hei stëmmen, selwer muss ganz eescht huelen a kucken, ob net Organisatiounen vun der Säit vun der Regierung ënnerstëtzt ginn, déi d'BDS-Campagne droen, déi och Accès an d'Schoulen hunn.

Et ass natierlech gutt, datt mer elo mat Yad Vashem zesummeschaffen. An dofir kann een dem Här Meisch nëmme felicitéieren. Mä gläichzäitig hu mer Accès an eis Schoulen, an den Institut de formation de l'Éducation nationale an an déi Lëtzebuurger Kulturinstitute vun enger Campagne, déi vehement antisiraalesch optrëtt an engem Grad, deen ech selwer dacks als antisemitisch empfanen, an ech net eleng!

Ee leschte Punkt wëll ech soen, dat ass dee vun de sozialen Netzwerker. D'ADR ass eng Partei, déi steet fir Meinungsfreiheet, well mer wëssen, datt, wien d'Meenungsfreiheet aschränkt, den éischte Schrëtt a Richtung Totalitarismus geet.

Et ass heiansdo net ze erdroen oder schwéier ze droen, wat een op de sozialen Netzwerker gesäit, net nëmmen op de sozialen Netzwerker. Mä d'Antwort ass net de Verbut! D'Antwort ass, datt jiddwereen vun eis heibannen, deen an der politescher Verantwortung steet, an der Regierung, an der Chamber oder egal wou an der Verantwortung steet, och eis Enseignanten an de Schoulen, och vill aner Leit, déi als Virbild an der Gesellschaft stinn, argumentativ opstinn, argumentativ äntworten an dat verdeedegen, wat e Grondstack vun eiser Mëschlechkeet ass. Am Kampf géint Rassismus, géint Diskriminierung an och Antisemitismus mat verbaler Iwwerzeegungskraaft a perséinlechem Virbild entgéintrieden, dann hu



mer eppes geschafft. Da gi mer och net an den Totalitarismus, mä da gi mer an eng Gesellschaft, déi kann houfreg sinn op hiren Engagement.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, ech mengen, den Här Kartheiser huet et schlussendlech op de Punkt bruecht an et u sech e bëssen expriméiert, wouréms et gewësse Leit wierklech geet bei dëser Motioun, leider.

Ech hunn net vill Zäit. Ech si relativ rosen, muss ech och soen. Ech kommen aus enger politescher Tradition, déi lupenrein ass, wat den Antisemitismus ugeet. An de KZer, de Rouden Triangel, dee war ganz oft nieft dem Davidstär, ganz oft! An den 30er Joren, mir hunn net geschriwwen „De Wecker rabbelt“, et kënnt net vun eis. Mir hunn net aner Saache gesot, mir waren ëmmer op vorderster Front zesumme fir d'Befreiung vu jiddwerengem an och vun de Judden, zemoos vun de Judden, deene mer esou vill och an eiser Tradition ze verdanken hunn, soudatt mer ëmmer vun den Antisemiten jo och vernannt gi sinn a pourchasséiert gi sinn. Ech hunn dat selwer zu Paräis erlieft, wou ech an der LCR war a wou de GUD a rietsex-trem oder riets Organisatiounen d'Chasse gemaach hu géint eis a se hunn eis „Parti de juifs“ genannt. Dat wollt ech fir d'Éischt emol soen.

A mir condemnéieren ëmmer den Antisemitismus ohne Wenn und Aber, genausou wéi mer Homophobie condemnéieren ohne Wenn und Aber, Islamophobie condemnéieren ohne Wenn und Aber. Ech hoffen, ech si mer awer net ëmmer sécher, ob dat ëmmer hei wierklech och esou gedeelt gëtt op alle Säiten. Soit!

Wéi Der wësst, hu mir e Problem elo mat dëser Definitioun als déi Lénk, a mir sinn net déi Eenzeg. Net onbedéngt mat der Definitioun, déi korrekt ass an der Essenz, mä awer mat de Beispiller. Mir sinn net déi Eenzeg, déi Problemer domadder hunn: D'Commission nationale consultative des droits de l'homme a Frankräich ass dergéint, 40 jiddesch Organisatiounen weltwäit, keng kleng Groupuscullen, hu Problemer domadder. D'Ligue des droits de l'homme a Frankräich ass dergéint an esou weider. An och zu Lëtzebuerg hätt ee vläicht kënne waarden, bis d'Commission consultative des droits de l'homme sech vläicht och expriméiert. Ech bleiwen derbäi, datt mer ze schnell gehandelt hunn.

Här President, ech si fäerdeg, mä ech mengen, den Här Mosar huet em dräi Minutten iwwerzunn. Ech wier frou, wann ech vläicht dann och - ech sinn deen Eenzege, dee kritesch schwätzt - eng Minutt géif kréien, fir ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... net ënnerbriechen. Ech géif lech viruschwätze loosse. De Sujet ass ze wichteg, et geet net em eng Minutt oder esou.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo. Ech versichen awer trotzdem, schnell ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Fuert roueg weider!

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Ech hat och proposéiert, datt mer vläicht waarden op d'Commission consultative des droits de l'homme oder datt mer wéinstens och ... Mir hu Leit agelueden à juste titre an der Kommission, an der aussepolitischer Kommission, déi eng Meenung hunn, mä déi awer éischter derfir sinn. Mir hate keng kontradiktorech Debatt. Dat bedauern ech awer e bëssen, well dat hätt ee kënne och maachen, fir eng aner Glack ze héieren, well dat, wat mer elo maachen, ass juristesch problematesch.

Ech zitieren och zwee Beispiller, well et ass weiderhi jo och net kloer, ech hu jo och mat Juriste geschwat, ob elo wierklech duerch déi Motioun d'Beispiller vun der IHRA, déi verschidde Beispiller - déi meescht sinn och okay, déi meescht Beispiller sinn okay -, ob déi net awer tatsächlech kéinte jee nodeem och esou benotzt ginn. Ech zitieren ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir waren dozou ganz kloer.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Neen, ech krut an der Kommission gesot, déi Beispiller sinn do ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir waren ganz kloer. Wann Der nogelasscht hutt, wat ech gesot hunn, mir waren ganz kloer, mir hu bewosst keng Beispiller zitieréiert, och well mer net wëllen aner Beispiller, déi ee ka ginn, vergiessen. Also hu mer bewosst dorop verzicht.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Ech hunn d'Fro gestallt an der Kommission, bon, dat misst am Procès-verbal drastoen, ech hunn

d'Fro gestallt: Sinn d'Beispiller wierklech exclus? Du krut ech fir d'Éischt keng Antwort. An déi zweet Kéier krut ech gesot, d'Beispiller sinn do, fir och kënne den Antisemitismus fir déi, déi wierklech net verstinn, wouréms et geet, fir datt si dat kéinten explizéieren.

Ech zitieren awer zwee Beispiller, ...

(Interruption)

... well et ass net gemaach ginn: « Nier au peuple juif le droit à l'autodétermination, en prétendant par exemple que l'existence de l'État d'Israël est une entreprise raciste. » Et kann een ..., well et gouf gesot vum Här Gusty Graas, ze behaupten, datt Israel e rassistesche Stat wier, datt wier Antisemitismus. Ech weess net! Ech soen net, datt een dat muss behaupten. Et gëtt eng Kolonialpolitik bedriwwen!

Ech sinn ëmmer geléiert ginn, Kolonialismus ass Rassismus. Haut ginn ech vläicht geléiert, datt Kolonialismus näischt mat Rassismus ze dinn huet.

Déi Leit, an et si vill Deputéierter hei, déi waren op der Plaz, ech mengen, déi kënne e Lidd dovunner sängen, fir ze gesinn, ob do awer net vläicht e puer rassistesche Tendenze sinn, d'autant plus, datt déi aktuell Regierung jo och decidéiert huet, datt Israel de Stat vun de Judde soll sinn. 20 % vun der Bevëlkerung ass net jiddesch. A souguer d'UNO gesäit dat net esou.

En zweete Problem, zweet Definitioun: « Faire preuve d'un double standard en exigeant de sa part », also Israel, « un comportement qui n'est attendu ni requis d'aucun autre pays démocratique. » Wann ee fuerdert, datt Israel d'Menscherechter, y compris an zemoos an de Kolonië soll respektéieren, da fuerdert een net d'Welt, a Wierklechkeet. Dat fuerdert een och vu quasi all aner Land. An et ginn aner Länner ...

(Interruption)

Jo, ech hoffen, Dir verstitt jo, wat ech wëll soen. Et ass net kloer etabléiert, datt déi Beispiller, et ass net kloer etabléiert, an ech hu mat Juriste geschwat, et ass net kloer etabléiert, datt déi Beispiller bei iergendenger Interpretatioun, wann elo ee kënnt, eng Plainte mécht, well vläicht eng Organisatioun fir de BDS ass.

Ech soen lech, ech si perséinlech fir de BDS. Ech kéint och eng Kéier doriwwer diskutéieren. Wann ech elo gewësse Leit héiere schwätzen, da wier ech en Antisemit, well bis elo huet kee sech getraut, duerch main Aktivismus mir Antisemitismus virzwerfen, well se genau wëssen, ma da gesi mer eis virum Riichter a si verléieren, well ech keen Antisemit sinn. Da misste se awer wäit siche goen.

Mä elo, awer well ech fir de BDS sinn, à titre personnel, ech kann dat och beleen, an dat huet näischt mat Antisemitismus ze dinn, ech weess net, ob ech, wa mer dës Motioun unhuelen, vläicht sinn och net deen Eenzege, deen derfir ass hei am Sall, ob net iergendeen eng Kéier kéint kommen, eng Plainte maachen an datt, deemno wéi et interpretéiert géif gi viru Gericht, do eppes kéint geschéien. Ech si mer net sécher, ech sinn net deen Eenzege, deen net sécher ass.

Dofir soen ech, et hätt ee missen dat e bësse besser formuléieren an e bësse méi Rou walte loosse, well esou presséiert si mer net. Am Oktober geet et och nach. Et leeft net fort.

Ech mengen, mir maachen e Feeler.

Eng lescht Saach: Et soll een net, et soll een net Antisemitismus mat engem geopolitische Problem op enger anerer Plaz verméschen. Dat maachen Antisemiten oft: „Judden ass gläich Israel.“ Dat ass degueulasse, hunn ech selwer ni gemaach. Et soll een och gutt oppassen, datt een och net, wann ee vun Antisemitismus schwätzt, op eemol vun Israel schwätzt, wat gewësse Leit maachen, well déi Kritik géint Israel ass legitim, et ass eng politesch Kritik.

Ech soen lech Merci. Mir wäerten eis leider enthalen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt emol e grouse Merci un d'Kollege Mars Di Bartolomeo a Laurent Mosar fir dës Resolution (veuillez lire : Motioun), déi eise volle Support féinnt.

Mir haten am Ufank e bëssen iwwer eenzel Wierder dra gestriden, e bëssen diskutéiert. Ech mengen, dat ass, wat Parlamentarismus, wat Demokratie ausmécht, fir Kompromësser ze fannen, mat deenen herno jiddweree liewe kann. An dat hu mer hei gepackt.

Et ass e wichtegt Thema, et gouf schon ugeschwat. Ech perséinlech gehéieren heibannen

als ee vun deene wéinegen zu där Generation, déi esou just nach Zäitzei vum Zweete Weltkrich kann hunn, déi esou just nach konnte mat Grouselteren iwwert den Horror, deen Antisemitismus mat sech bréngt, schwätzen. Leider wäerten déi nächst Generationen dat net méi hunn! Dat heescht, et ass ebe grad elo wichteg, wou e gewëssenen Oubli ufänkt stattzefannen, wou online ongenéiert Vergläicher gezu gi mat Gaskummeren, mat „Mir sollten do emol Bensinn droppuchen“, datt et do wichteg ass, en Zeechen ze setzen, datt mer Antisemitismus net akzeptéieren, net toleréieren. Op Wahlplakater oder Online-Foren, et ass iwwerall deen nämlechte Message. Mir musse kloer eis Outilen, déi mer hunn, notzen, fir Antisemitismus ze condemnéieren an dann och ze persekutéieren.

Et ass ganz kloer hei, wa mer iwwer Antisemitismus schwätzen, schwätze mer iwwer Haass vis-à-vis vu Judden, deen zu Gewalt oder zu anere Gräueldote ka féieren. Mir schwätzen net dovunner, Israel ze kritiséieren. Et gi legitim Kritikken un all Stat op der Welt a ganz besonnesch un der Besiedlungspolitik vum Stat Israel. Dat wäerten och, mengen ech, heibannen déi wéinegst a Fro stellen. Dat heescht awer net, datt mer engem ganze Vollek, enger ganzer Reliounsgrupp solle weiderhi soen, majo, Antisemitismus ass unter ferner liefen. Dat heiten ass e staarkt Zeeche fir de Rechtsstat. Dat heiten ass e staarkt Zeechen, fir och all Judd ze weisen, mir akzeptéiere keen Antisemitismus!

An dofir nach eng Kéier e grouse Merci un d'Rapporteurs. E grouse Merci un all déi aner Fraktiounen, déi konstruktiv un där Motioun matgeschafft hunn. A mir als Piraten wäerten dës Motioun matstëmmen.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, de Premier a Statsminister Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech soen och den Auteurs vum Text Merci. Antisemitismus ass inakzeptabel dans toutes ses formes an och a senger plus petite forme. An dat, wat d'honorabel Madamm Empain hei gesot huet, hunn ech och erlieft. Ech war op Auschwitz, Här President, a wann ee bis eng Kéier zu Auschwitz war an et gesäit ee Säll, déi voll sinn, deen ee mat Wallissen, deen ee mat Hoer, deen ee mat Brëller, deen ee mat Protheesen a mat Nimm nach op de Wallissen, an et geet een dann no an et gesäit een d'lewen, wou d'Leit verbrannt gi sinn, a wann ee bedenkt, dass dat Mënsche gemaach hunn an hautdesdaags et Leit ginn a Parteie ginn, déi déi Naziideologie probéieren nach ëmmer ze promovéieren, musse mer alles maachen, fir dergéint ze kämpfen.

An ech soen lech et ganz éierlech, Här President: Géint d'Populisten, ech denoncieren de Populismus, mä den Extremismus, je le combats, dee bekämpfen ech! An dowéinst ass fir mech dësen Text och wichteg. Mir hunn zu Lëtzebuerg de Code pénal, dee schon eng Retsch vun Texter virgesäit, mä dat ass a posteriori! De Code pénal ass do, fir streng Regeln ze hunn, wann ee sech net drun hält. Mä de But ass d'Préventioun virun allem! Dat heescht, wa méiglech kucken, dass déi Dot net stattféinnt. An ech wëll just drun erënneren, dass nach virun e puer Wochen de Claude Meisch mat Yad Vashem en Accord ënnerschriwwen huet, justement fir am Enseignement méi enk zesummenzeschaffen an iwwert déi Fro vum Antisemitismus kënne och do méi konkret ze ginn.

Mir gehéieren och zu den 31 Delegatiounen, Här President, déi de 25. Mee déi „non-legally binding working definition of antisemitism“ ugeholl hunn an, esou wéi et och schonn hei gesot ginn ass, hu mer säit Mäerz vun dësem Joer d'Chance, mam Georges Santer e President un der Spëtzt vun der IHRA ze hunn. Ech ka mech erënneren, wéi ech mech mam Här Santer, wéi en nach Ambassadeur zu Berlin war an no beim Depart war, getraff hunn an em gesot hunn, dass mir d'Méiglechkeet hätten, d'Presidence ze kréien, an dass mir der Meenung wieren, dass hien och déi richteg Persoun dofir wier. An dofir wëll ech och de Membere vun deene verschidde Parteien hei, déi och dem Här Santer seng Aarbecht gelueft hunn, Merci soe fir déi Unerkennung fir déi Aarbecht, déi den Här Santer an deem ganzen Dossier huet.

Erlaabt mer just, dass ech och ... Dir hutt vu Souvenir geschwat. Dowéinst war et fir eis wichteg, dass mer och e Monument d'lescht Joer ageweit hunn. E Monument d'lescht Joer ageweit hunn, wat um Passage ass, wou d'Leit och laanschtginn, wou dann och deen een

oder deen anere sech d'Fro stellt: Wat ass et? a wou en dann och ebe mat der Realität konfrontéiert gëtt. An d'Monument ass fir eis och um Wee vun der Journée vun der Commémoration nationale, et gehéiert, et ass elo e festen Deel vun deem. An dat war ni de Fall virdrun! A fir eis ass et dofir och wichteg, dass mer et haut fäerdegbréngen, dat Ganzt ze maachen.

A last but not least, Här President, och am Kontext vun der Aarbecht vun der Regierung am Opschaffe vun der Lëtzeburger Geschicht vum Zweete Weltkrich si mer amgaangen, zesumme mam Consistoire a mat der World Jewish Restitution Organization e Plang opzesetzen, wéi ee kéint och am Dossier vun de Spoliatiounen vun de Judden hei am Zweete Weltkrich weider zu Léisunge kommen. De Rapport Dostert ass eng éischt Etapp gewiescht, déi wichteg scho war, mä, wéi gesot, et muss och nach weider dru geschafft ginn. Ech mengen, dass mer och, an ech wëll lech do felicitéieren, der viregter Chamber och, well déi eng Deputéierte si vläicht net méi hei, wou mer och eis Excusé vis-à-vis vun der jiddescher Communautéit gemaach hunn.

Et war spët. Et war spët! Mä ech si frou, dass mer se gemaach hunn. An haut wëllen net alles ze maachen, fir den Antisemitismus ze bekämpfen, ass d'Dier nees opzemaachen a vun onser eegener Geschicht näischt geléiert ze hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Statsminister.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun.

Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Absentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hettogaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hettogaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par M. Marco Schank), Georges Mischo (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Emile Eicher), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

8. Dépôt d'une résolution par M. Fernand Kartheiser

Ech géif dann dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun (veuillez lire : Resoluitioun).

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech mengen, all déi Diskussiounen, déi mer haut de Mëtten haten, déi haten hir Wichtigkeet, ob mer iwwert d'Entwicklung vum Land schwätzen, elo wéi mer géint den Antisemitismus virginn oder am Ufank, wou mer ganz vill iwwert de Rechtsstat geschwat hunn. An all déi Diskussiounen haten eppes gemeinsam, wat eis hei scho bal net méi opfällt: Si woren op Lëtzebuergesch!

Mä wa mer elo op de Chambersite ginn, de chd.lu oder de Portail a mir kucken, wéi eis Aarbecht reflektéiert gëtt, da gesi mer se op Franséisch! Mir denken, a mir haten dat jo och

am leschte Wahlkampf, déi eng, déi ware fir d'Zukunft op Lëtzebuergesch, anerer hunn och den Dossier entdeckt. An ech mengen, mir sollen déi Dynamik opgräfen a soen, datt mer och an der Aussenduerstellung vun eiser Aarbecht hei an der Chamber déi Méisproochegkeet vum Land sollte korrekt reflektéieren. Wat op Lëtzebuergesch ass, soll och op Lëtzebuergesch um Chambersite sinn. Wann een eng däitsch parlamentaresch Fro stellt, dat gëtt et och, ka se roueg op Däitsch dohinnegeet, déi sollen och méisproocheg sinn. Dat ass d'Realitéit vun deem, wéi mer schaffen. Et ass d'Realitéit vum Land. Et kënnt de Leit entgéint, well eben deen ee besser déi eng an anerer besser déi aner Sprooch schwätzen.

Et ass net realistesch, fir ze soen, mir solle kuerzfristeg alles op eisen dräi Sproochen hunn. Ech mengen, dat géif och de Chambers-apparat wéinstens kuerz- oder mëttelfristeg de-passéieren. Awer mir sollen eis Duerstellung souwuel um Portail wéi op chd.lu opmaache fir eis Méisproochegkeet an och virun allem natierlech fir d'Lëtzebuergesch Sprooch, an där mer jo awer hei schaffen.

An deem Sënn, Här President, wëll ech lech eng Resoloutioun am Numm vun der ADR iwwerreechen. Merci.

Résolution

D'Chamber vun den Deputéierte

stellt fest,

- datt den Internetsite (www.chd.lu) ewéi och den internen „Portail“ (www.portail.chd.lu) vun der Chamber nëmmen op Franséisch ugeluecht sinn; erënnert dorun,

- datt Lëtzebuerg dräi administrativ Sproochen huet, eng dovun ass d'Nationalsprooch Lëtzebuergesch;

- datt et och Leit zu Lëtzebuerg ginn, déi net esou gutt oder esouguer kee Franséisch kënne;

- datt grad d'Lëtzebuergesch Sprooch och op den Internetsäite vun der Chamber vertrauede si muss, virun allem och op där effentlecher, fir de Wäert an d'Bedeutung vun der Lëtzebuergesch National-sprooch ze ënnersträchen an ze stäerken;

notéiert,

- datt d'Chamber, als eng vun deene wichtigste staatléchen Institutiounen vum Land, hir effentlech Aarbecht esou wäit ewéi nëmme méiglech an deenen dräi administrative Sproochen no baussen droe soll;

- datt, ganz am Sënn vun der Promotioun vun der Lëtzebuergesch Sprooch, besonnesch de Gebrauch vum Lëtzebuergesch am Kontakt mat de Bierger soll ausgebaut a gestärkt ginn, woufir d'Lëtzebuergesch op alle staatléchen Internetsäiten eng fest a prominent Plaz soll kréien; decidéiert:

- datt den Internetsite vun der Chamber an Zukunft an deenen dräi administrative Sproochen, also och op Lëtzebuergesch an Däitsch, muss ugeluecht ginn;

- datt och elo scho Kontributiounen op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch um Internetsite www.chd.lu publizéiert gi sollen;

- datt d'Chamber sech mëttelfristeg déi personell an aner néideg Moyene gëtt, fir hir Internetsäiten an deenen dräi administrative Sproochen ze bedreiwen.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools.

9. Question élargie n° 15 de M. Dan Biancalana au sujet de la dynamisation des commerces de centre-ville

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 15 vum Här Dan Biancalana iwwert d'Dynamisatioun vun de Stadkären. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell Zousatzfroen ze stellen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

► **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, « Comment la France a tué ses villes », ass e Buch, dat 2016 de franséische Journalist Olivier Razemon publizéiert huet, wou hien e ganz schlechten Zoustand vum Einzelhandel an de franséische Mëttestied, vun der sougenannter

Désertification commerciale schëldert. Hie mécht d'Analys, dass duerch eng Politik vun der Usidlung vu Centres commerciaux, regelrechte Konsumtempelen an der Peripherie, lues mä sécher d'Gemengen an en Däiwelskrees komm sinn, wou se d'Kafkraaft net méi banne konnte vun hire Bierger, d'Geschäfte zougemaach hunn an d'Leerstänn zougeholl hunn, mat der batterer Konsequenz, dass d'Attraktivitéit vun de Stied drënner leit.

Am Mee 2016 ass awer och um europäesche Plang de Pacte d'Amsterdam ugeholl ginn, deen ënner anerem och den Akzent op gutt funktionnéierend Commercen am urbane Raum setzt.

Déi ganz dramatesch Zoustänn a Frankräich hu mer hei zu Lëtzebuerg an eise Stadkären nach net an deem Ausmooss, och wa sech viles an der Peripherie deet, an awer ass et fir den Einzelhandel an eise Lëtzebuergesch Gemenge richteg schwierig. Et ass wichtig, en Equiliber ze hunn tëschent Stadkär a Peripherie. Et kann ee sech also d'Fro stellen, wéi et zu Lëtzebuerg mat deem Equiliber ausgesäit, wann ee weess, wat vu ganz rezente Projete emgesat gouf a wéi eng nach kommen.

De Stadkär ass d'DNA, ass d'Réckgrat vun enger lieweger Stad, vun enger lieweger Gemeng. Et ass oft an engem Stadkär, wou d'Leit sech gäre begéinen a gären ophalen. Et ass hei, wou et ëm d'soziaalt Liewe geet, ëm sozial Kohäsioun, sozial Kontakter, Konvivialitéit, alles dat am effentleche Raum.

Dass d'Suerg grouss ass an d'Bestriewen do ass, en attraktive Stadkär ze hunn, dat weisen eng ganz Rei Gemengen, déi selwer d'Initiativ huelen, aktiv ze ginn, andeems si eng Strategie ausschaffen, e City Manager astellen, sech selwer op d'Sich maachen no neie Geschäfte an och eidel steeënd Geschäftslokaler kafen oder ulounen. Si huelle sech der Revitalisatioun an och der Promotion commerciale vun hirer Stad un, probéiere géigenzesteieren, well se wëllen, dass hire Stadkär sech net regelrecht zu enger Friche entwéckelt.

Derbäi kommen dann och nach d'Demande vun de Propriétaires vun de Geschäftslokaler selwer ronderëm d'substanziell Erhéijung vun de Loyerer, mat där verschidde Geschäftsleit konfrontéiert ginn. D'Gemenge scheie keng Méi, fir esou gutt wéi méiglech e favorabelt Umfeld ze schafe ronderëm Noveruierung, mat Akzent och ronderëm Urbanismus, Transport an Accessibilitéit, a schaffen dann och nach mat de Geschäftsverbänn zesummen.

Et geet also hei ëm e Projet politique an eng volontaristesche Approche. Et ass eng Saach vun der Gouvernance, vum Image a vun der Identitéit vun enger Gemeng. An dëst maachen d'Gemengen à ce stade an Eegeregie, op eegen Initiativ.

Am Ausland gëtt et déi net profitorientéiert „Bundesvereinigung City- und Stadtmarketing“, déi 440 Memberen huet mat Stied a verschidde Greissten. Et gëtt och en „Weißbuch Innenstadt“. A Frankräich huet déi aktuell Regierung als Hëllefstellung an als Steueringsinstrument en „Plan de revitalisation des centres-villes“ an d'Liewe geruff, fir d'Gemengen ze ënnerstëtzen. E Wäissbuch fir d'Revalorisatioun vun de Stadkären ass och 2018 mat Hëllef vum Europaparlament publizéiert ginn.

Sécher, hei zu Lëtzebuerg ass fir déi besteeënd Geschäfte d'digital Plattform, déi de Ministère an d'Gemengen zesumme geschaaft hunn, en Atout, mä et ass en Atout fir déi Geschäfte, déi scho bestinn.

Ech hat an enger rezenter Question parlementaire d'Fro gestallt, wéi mer zu Lëtzebuerg an eise Gemengen de Commerce de proximité ënnerstëtze kënnen a wéi et ëm d'Schafe vun engem interministeriellen Aarbechtsgrupp zur Verhënnung vun der Desertifikatioun vun eise Stadkäre steet. Déi dräi Regierungsmembere verweisen an hirer Äntwert allerdingen an der Haaptsaach op verschidde Elementer aus dem Pakt PRO Commerce, dee ganz positiv ass.

Et ass sécher eng gutt Saach, wa mir eis Instrumenter ginn. Allerdéngs muss mer eis agestoen, dass dëst net duergo kann. D'Gemengen, virun allem déi manner grouss Gemengen, mussen eng proaktiv Ënnerstëtzung kréien. Et ass a bleift komplizéiert a komplex. Net all Gemeng huet déi néideg finanziell Mëttelen, fir déi verschidde genannten Initiativen ze ergräifen.

Aus deemem Constat eraus meng Froen un den Här Minister. Et sinn der véier.

Déi éischt: Wat ass Är Appreciatioun vun der Noutwendegkeet, fir den Developpement vu lokale Commercen an de Stadkären an eise Gemengen ze professionaliséieren?

Déi zweet: Wéi eng zousätzlech Dispositiven a Mesurë géift Der an deem Kontext ergräifen, fir d'Gemenge bei all hiren Efforten ze ënnerstëtzen?

Déi drëtt: Wéi gesäit eng national Strategie aus? A gëtt se ausgeschafft esou, dass och déi lokal Strategie mat integréiert kënnen ginn?

A wéi wëllt Der bei Promotiounsreesen an d'Ausland déi verschidde Profiller vun eise Gemengen am Hibleck op d'Unzéie vu Commercen en valeur setzen an och weider vermëttelen?

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Biancalana. An d'Wuert huet elo de Mëttestandsminister, den Här Lex Delles. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes*.- Merci villmools, Här President. Ech wëll fir unzefänken dem Här Biancalana villmools Merci soe fir déi Fro, déi ganz wichtig ass, déi besonnesch eben och de Mëttestandsministère op ganz ville Plaze betrëfft, wou op där anerer Säit awer natierlech och Voleten vum Innenministère sinn an natierlech och vun der Economie.

Fir unzefänken d'Erklärung just zu de Centres commerciales par rapport zu engem Stadkär, dee belieft ass, an do ginn ech dem Här Biancalana vollkommene recht. Et dierf ee just net op de Wee goen, dass een deen ee géint deen anere gesäit. Dat soll net d'Iddi hannendru sinn. An ech mengen, dat war och net Är Intention. Et soll ee gesinn, dass dat eent ka complementaire sinn zu deem aneren. A besonnesch wann een et awer och an engem europäesche Kontext kuckt, gesäit een, dass an der rezenter Vergaangenheet trotzdem eng Redynamisierung vum Commerce de proximité a ganz ville Stied erëm lues a lues zouhëlt.

Et gi verschidde Voleten, wou mir als Ministère betrëfft sinn. D'Direction générale vun de Classes moyennes këmmert sech hei zum Beispill, an Dir hutt et selwer ugeschwat, ëm Gemengen, déi Etüde maachen, fir ze kucken, wéi se kënnen hiert Duerfliewen, hir Stadkären erëm redynamiséieren. Do si Gemengen, déi profitéieren dovun, dass mir um Budget en Artikel hunn, wou mir bis zu engem Drëttel vun deene Fraisen iwwerhuelen, fir ebe grad déi Etüden an de Gemengen, déi och vläicht aner primär Besoinen hunn, sech awer derfir engagéieren, och kënnen ze ënnerstëtzen. An dat si Gemenge wéi zum Beispill Esch, Diddeleng, lechternach an Ettelbréck, déi dat scho gemaach hunn, déi sech also och domat engagéieren an déi och dann deen Drëttel vun deenen Etüde vun eis vum Ministère bezuelt kréien.

Natierlech ass et hei och eng Autonomie communale, déi matspillt. Dat ass e Volet, deen éischer den Innenminister betrëfft, wa mer iwwert d'PAGe schwätzen, wéi Der selwer gesot hutt. An ech mengen, dass et dofir verschidde Voleten gëtt, wou et ganz wichtig ass, dass de Ministère ka mat agräifen.

Ech mengen, et muss een awer dat Ronnt gesinn a besonnesch bei mir an der Direction générale muss ee gesinn, dass et de Commerce gëtt op där enger Säit, de muss ënnerstëtzt ginn, an op där anerer Säit: Wéi ënnerstëtze mer d'Gemengen?

Deen éischte Volet, do hu mer eng nei Loicadre, fir Aidë kënnen ze ginn. Do hu mer elo eng Roadshow gemaach duerch d'ganz Land op ganz ville verschidde Plazen, wou ech och all Kéiers mat derbäi war, wou eng ronn 600 Betriber sech informéiere komm sinn, fir ze kucken: Wéi kann ech mäi Betrib ufänken? Wéi kann ech en ausbauen? Wéi eng Aidë kann ech kréien?

Deen zweete Volet, dat sinn d'Fit 4 Programmer, Fit 4 Digital, Fit 4 Service an all déi aner Programmer, déi mer hunn.

An dann hutt Der deen anere Volet selwer ugeschwat, wou et ganz wichtig ass, dass d'Gemengen zesumme mam Stat an natierlech awer och mat der Chambre de Commerce schaffen, dat ass déi Plattform „LetzShop“, wou een et erméiglecht, de Commercen en zweet Standbeen ze ginn, en zweet Standbeen, fir sech och kënnen anescht opzestellen, besonnesch wann ee spezifesch Saachen a sengem Commerce de proximité huet, fir déi och kënnen dann iwwert déi Plattform hei ze verkafen.

Ech erënnere just nach eng Kéier drun, d'Plattform „LetzShop“ ass eng Plattform, déi eng Relatioun tëschent dem Client an dem Commerçant mécht, wou och ganz vill Gemenge mat derbäi sinn. An ech mengen, hei schwätze mer allen zwee aus engem Mond, Här Biancalana. Iech als President vun der „LetzShop“, vum GIE, brauch ech net ze soen, wéi wichtig dass deen Outil ass a 17 Gemengen, déi scho matmaachen, natierlech an nach aner Gemengen, déi sech wäerten derfir interesséieren.

An ech sinn och ganz frou, dass ech konnt um Buergermeeschterdag zu Munnereff déi Initiativ

nach eng Kéier erklären, wou nach aner Gemenge sech direkt bereet erkläert hunn, sech gemëllt hunn, fir och bei deem GIE matzemaachen, well ebe grad och do d'Gemenge gesinn, dass en Interêt do ass, fir zesumme mat an dee GIE eranzekommen an de Commerce do kënnen ze ënnerstëtzen um Wee vun der Digitalisierung an um Wee natierlech awer och, fir hir Geschäfte erëm nei ze dynamiséieren, ze redynamiséieren duerch zum Beispill de ROPO-Effekt - „research online, purchase offline“ -, dass een um Internet sicht an dann awer selwer an d'Geschäft erageet.

An ech soen et ëmmer: Ee Geschäft zitt dat anert an engem Duerfkär och un. Dat heescht, wann een esou Initiativen als Gemeng mat ënnerstëtzt, kann een op där anerer Säit awer natierlech och säin Duerfliewen a säi Stadkär beliewen, wou dann och vläicht aner Geschäfte sech kënnen mat usidelen.

Dat sinn déi dräi direkt Voleten, wou mer intervenéieren.

Dann natierlech d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen. Firwat hunn ech als Mëttestandsminister op de Pakt PRO Commerce higewisen? Majo, well et deen Outil ass, dee mir als Ministère hunn, wou mer ganz enk zesumme mat der CLC eben eng Konventioun hunn, fir kënnen ze hëlfe, dass mer d'Gemenge beroden. D'CLC ass eise Partner. Dat hat d'lescht Joer e Budget vu ronn 180.000 Euro, wou mer an där Konventioun da kucken, dass d'CLC mat de Gemengen zesumme verschidde Saache mécht.

An ee Wee dovun ass de Cadastre du commerce. Och do hunn ech op d'Question parlementaire geäntwert. De Cadastre du commerce ass eng Opnam, eng Bestandsopnam vun allegueren de Surface-commercials, déi et am ganze Land an all Gemeng gëtt. Do ass et esou, dass de Ministère den Outil bezuelt huet, op där anerer Säit d'Chambre de Commerce eng Persoun engagéiert, also finanzéiert bei der CLC, fir deen Outil och kënnen weider auszeschaffen, fir och de Leerstandsmanagement op där enger Säit kënnen ze maachen, op där anerer Säit awer och, fir kënnen ze kucken: Wéi ass d'Anzeigungsgebit? Wat sinn déi verschidde Voleten?

Ech wëll awer hei nach eng Kéier ënnersträchen, dass mer déi Donnéeën nach net wëllen erausginn. Mir wëllen et nach net, well et ass eng éischt Bestandsopnam gemaach ginn, wou Leit duerch d'ganz Land gaange sinn. Mir wäerten als Ministère net wëllen, dass déi Donnéeën elo schonn erausginn, well se net fiabel sinn.

Mir mussen am Moment nach kucken, do si verschidde Saachen nach dran, déi op den éischte Bléck opgefall sinn, wou ee gesinn huet: Hei, do si verschidde Saachen, déi ware vläicht an der Konstruktioun, déi sinn elo hei als Leerstand an deem Outil festgehalen. Op där anerer Säit sinn et awer och scho Change-menter ginn, wéi d'Bestandsopnam gemaach ginn ass. Dofir ass et ganz wichtig, dass mer do nach eng zweet an eng drëtt Opnam maachen, ebe grad fir déi Saachen do erauszehuelen aus deem Outil an ze gesinn, wéi d'Evolution an der Zäit mat deene verschidde Geschäfte ass.

An da komme mer ganz konkret op déi véier Froen, déi Der gestallt hutt.

Ech mengen, d'Noutwendegkeet matzehëlfen, do ginn ech lech vollkommene recht, do stinn ech och 100 % dozou. A grad mat deem Outil hei, mam Cadastre du commerce muss mer kucken, dass mer véier Pilotprojete bei véier verschidde Gemenge maachen. Mir hunn eis virgeholl, déi bei esouwuel klengen, rurale Gemengen ze maachen, déi ebe grad net e City Manager hunn, fir dee Suivi kënnen ze maachen, wou och vläicht e Service technique respektiv e Service urbanisme net esou opgebaut ass wéi vläicht an anere ganz grouss Gemengen.

Mir wëllen awer och grouss Gemenge mat derbäi hunn. Mir wëlle se aus dem Norden, aus dem Süden, aus dem Zentrum an natierlech och aus dem Osten hunn, also véier Gemengen aus deene véier Bezirker, grousser a klenger, mat deene mer wëllen e Pilotprojet maachen, fir ebe grad do Donnéeën erauszéien: Wat sinn déi verschidde Saachen, déi Best Practices, déi ee kann erauszéien, déi vläicht op vill Gemengen zoutreffen, wou ee ganz séier eng Wierkung kann hunn?

Op där anerer Säit: Wat si Saachen, déi vläicht méi laang brauchen, sief et iwwert d'Amenagementpläng, sief et iwwer aner Voleten? Dat heescht, kommt, mir waarden emol nach déi véier Pilotgemengen of, dass mer wierklech do kënnen d'Saachen erauszéien!

Bis dohin hu mer och eng zweet Opnam, och vläicht eng drëtt Opnam gemaach, wou mer da genau wëssen, wou mer dru sinn. Do hu mer schonn eng kleng Evolution, zwar nëm-

men op e Joer, fir da schonn do kënnen aner Donnéeën erauszezéien, wéi mer dat bis elo hunn.

Natierlech ginn et Gemengen, déi ebe grad kee City Manager hunn. Et gi Gemengen, déi anescht opgestallt sinn. A grad do, wa mer och hei deen Outil kënnen huelen, zesumme mat eise Partner als Ministère, fir kleng Gemengen ze ënnerstëtzen an hinne verschidden direkt, konkret Aktiounen kënnen ze proposéieren, déi se um Terrain kënnen maachen, dann ass dat, mengen ech, eng ganz gutt Saach, an op där anerer Säit awer och grouss Gemengen, déi ganz aner Moyenen hunn, déi ee kann anescht suivéieren a wou een da ka kucken, wéi déi solle funktionéieren.

Eng national Strategie. Ech mengen, wéi gesot, mir kucken, dass mer mat deem Outil hei kënnen déi Donnéeën eraushuelen, well am Moment schwätze mer ganz vill iwwer Gefillssaachen. A Gefillssaachen héiert een ëmmer erëm: Majo, a ganz ville Gemenge ginn d'Papeterien zou, an anere Gemenge ginn d'Boulangieren, d'Bäckereie vläicht zou, soudass mer hei mat deem Outil wierklech kënnen ganz konkret kucken: Ass eng Verschiebung do op d'gréng Wiss oder ass déi just subjektiv?

Hu mer op där anerer Säit vläicht eng Gemeng, déi an hirem PAG eppes geännert huet, dass mer se net ..., dass mer mierken, dass e Changelement vun de Fluxe war vun de Leit, déi duerch d'Gemeng gaange sinn, wou een da ganz genau gesäit: Ma dee Quartier do ass vläicht net méi esou gutt ugeschloss, wéi e vir-dru war! Grad dofir ass deem Outil hei ganz, ganz wichteg. An deen Dispositif mussen mer huelen, fir och do kënnen als Ministère d'Gemenge mat ze ënnerstëtzen.

Dir hutt och nach geschwat vun: Ganz vill Gemenge kënnen et sech net leeschten, e Commerce opzekafen an dann zu engem anere Präis ze verlounen. Ech mengen, dass et menger Meenung no net e prioritäre Rôle vun enger Gemeng ass, e Commerce opzekafen an dann zu engem vill méi bëllegen Taux kënnen weiderzevelounen. Op alle Fall fir de Ministère kann ech soen, dat ass definitiv net de Rôle vun Ministère. Ech mengen, et muss ee kucken, dass jiddweree kann Hand an Hand funktionéieren. Mir sollen net an eng Situatioun kommen, wou mer vläicht eng Verschiebung vun der Konkurrenz hunn, well verschidde Lokaler zu engem anere Präis verlouent gi wéi aner. Dofir, mengen ech, ass dat dote vläicht een eenzege Punkt, deen een an enger ganzer Strategie kann als Gemeng huelen, mä ech mengen, et ass awer net dee fundamentale Punkt.

Ech mengen, ech hunn lech op Är Froe geäntwert. Merci villmools!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. Här Biancalana, hutt Dir nach eng Zousazfro?

(*Négation*)

Dat ass net de Fall. Da soen ech lech allen zwee Merci.

10. 7190 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement du Traité sur un système d'information européen concernant les véhicules et les permis de conduire (EUCARIS) et la déclaration conjointe, faits à Luxembourg le 8 juin 2017

A mir ginn zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwer. Dat ass de Projet de loi 7190, en Amendement zum Traité iwwer en europäeschen Informationssystem betreffend d'Gefierer an d'Führerschäiner. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Carlo Back. Här Back, wannechgelift.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur.* - Merci, Här President. Kolleegeinnen a Kolleegeen, wéi de President scho gesot huet, geet et hei em d'« Approbation du Protocole portant amendement du Traité sur un système d'information européen concernant les véhicules et les permis de conduire (EUCARIS) et la déclaration conjointe », déi hei zu Lëtzebuerg den 8. Juni 2017 gemaach goufen.

Den Traité EUCARIS ass den 29. Juni 2000 zu Lëtzebuerg vu folgende Länner ënnerschriwwen ginn: Bundesrepublik Däitschland, Belsch, Lëtzebuerg, Niederlanden a Groussbritannien. D'Ofkierzung EUCARIS steet fir European Car and Driving Licence Information System. Domadder bezeeche mir en elektronneschen Informationssystem, deen et erlaabt, Informationen tëschent de Memberstaaten iwwert

d'Ausstelle vu Führerschäiner an iwwert d'Immatrulation vu Gefierer en temps réel auszeschauen.

Bei der Immatrulation vu Gefierer geet et drëms, fir ze verhënneren, dass an engem Memberland als geklaut, detournéiert oder suspekt gemellte Gefierer an engem anere Memberland zum Traité kënnen erëm ugemellt ginn. A bei de Führerschäiner, déi si jo och hei betraff, ass et natierlech äänlech. Hei geet et drëms, ze verhënneren, dass eng Persoun hire Führerschäin an engem Land ëmschreiwe loosse kann, obwuel se schonn an engem anere Land duerch eng gerichtlech Sanktioun hire Führerschäin verluer huet.

Mëttlerweil gëtt déi technesch Plattform vum EUCARIS-System awer och fir aner Echangé vun Donnéeën benotzt, déi op aneren Actes juridiques vun der EU baséieren oder op bilateralen oder multilateralen Accorden.

Ee Beispill ass den Austausch vun Donnéeën am Kader vun der grenziewerscheidender Policekooperation, zum Beispill am Fall vun Infraktiounen am Domän vun der Sécurité routière oder fir Kriminalitéit an Terrorismus ze bekämpfen - eng Kooperation, déi eng Rëtsch Länner, dorënner och d'EUCARIS-Memberländer, schonn 2005 mam Traité de Prüm agefouert hunn. Dës multifunktionell Benotzung war net explizitt am originalen EUCARIS-Traité festgeschriwwen, mä mat der Mise à jour vum Traité gouf dat elo geännert. D'Méiglechkeet fir dës multifunktionell Benotzung gouf elo an den EUCARIS-Traité selwer integréiert.

Niewent e puer weideren Traité-Amendementer, déi just redaktionell Modifikatiounen a Klarifikatiounen betreffen, ass am neien EUCARIS-Traité och festgehale, dass dës Benotzung vun der technesch Plattform nëmme méiglech sinn am Aklang mam EU-Datenschutzreglement an am Accord mat den nationalen Bestëmmunge vun Empfängerland vun deesen Donnéeën.

Déi ënnerzeechend Länner hunn niewent dem Traité dann och nach eng Déclaration conjointe ugehol, wou se sech dozou engagéieren, dass deen automateschen EUCARIS-Datenaustausch nëmmen am Kader vun deem Traité ka benotzt ginn. Et gouf keng Opposition formelle vum Statsrot an aner Avise louchen och keng vir.

Eis Kommissioun huet dese Rapport an der Sëtzung vum 20. Juni 2019 ugehol a proposéiert deemno och der ganzer Chamber, dese Gesetzesprojet unzehuelen.

An deem Sënn ginn ech heimadder dann och den Accord vun där grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. Bon, fir deene Kolleegeen, déi nach dobausse sinn, d'Chance ze ginn, fir eranzekommen, géif ech da fir d'Éischt d'Madamm Martine Hansen froen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Merci, Här President. Ee grouse Merci un de Rapporteur fir säi ganz komplette Rapport, an ech ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci. Den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP). - Bon, wann de Rapporteur esou komplett ass, wéi dat hei de Fall war, da brauch een net méi vill ze soen, ausser Jo. Merci fir Äre schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech géif dann och den Accord hei gi vun der demokratescher Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Dann den Här Biancalana.

► **M. Dan Biancalana** (LSAP). - Merci, Här President. Ma, dem Rapporteur e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn den Accord och vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Den Här Engelen.

► **M. Jeff Engelen** (ADR). - Merci, Här President. Ech wëll dann och dem Här Carlo Back als Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech mengen, en huet alles gesot. Et ass perfekt, kann ee soen. An duerfir géif ech dann den Accord vun der ADR zu deem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci. Dann den Här Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten). - Merci dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport. An och mir Piraten wäerten deem zoustëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - An dann nach den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. De Quorum ass bal erreecht.

(*Hilarité*)

Dofir, ech soen och dem Rapporteur Carlo Back Merci, deen dat, wéi ëmmer, ganz gutt gemaach huet. A mir wäerten dat matstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci. Dann den Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.* - Här President, bei esou vill Harmonie hunn ech näischt méi bäizefügen.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Da géif ech mengen, dass mer zur Ofstëmmung kënnen iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7190 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

► **M. Marc Angel** (LSAP). - Bei mir ass et net gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Dat ass kee Problem.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

59-mol jo. Unanimitéit vun all deenen, déi ofgestëmmt hunn. Domat ass de Projet ugehol.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7190 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Georges Mischo (par M. Léon Gloden), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galle), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsche, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 7275 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 7275, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Stroosseverkéier, besonnesch wat verlosse Gefierer ugeet. An d'Wuert huet deeselwechten ...

(*Interruption par M. Alex Bodry*)

Wat gelift?

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Dir maacht et spannend, Här President.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Jo. Wann et esou weidergeet wéi elo, dann ass et net esou spannend. Mä e spannende Rapport waart op eis.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - An, ech mengen, den Här Carlo Back ass prett, fir en ze maachen. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur.* - Merci, Här President. Merci fir d'Wuert. Kolleegeinnen a Kolleegeen, de Gesetzesprojet 7275, deen ass de Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques. An de President huet schonns kuerz resuméiert, em wat datt et hei geet. Et geet hei em eng Upassung vum ofgeännerte Gesetz vum 14. Februar 1955 betreffend d'Reglementatioun vun der Circulation op allen öffentliche Weeër.

Als Éischt gëtt d'Terminologie iwwert d'Voirie de l'Etat adaptéiert un déi aktuell Gesetzgebung iwwert de Vélosreseau vun 2015. An deem Sënn kënn den Term « Itinéraires cyclables nationaux » vir, datt kloer ass, datt och déi zur Voirie gehéieren.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Déi aner méi grouss Ännerung, déi hei agefouert gëtt, betrafft virun allem d'Definition vun engem Véhicule abandonné, dëst op Demande och vun der Polizei a vun einzelner Gemengen, fir déi esou abandonnéiert Gefierer oft e Problem duerstellen. E Véhicule abandonné ass ee Véhicule, deen iwwer eng länger Zäit onbeweegt op der Voirie steet.

Mat deem Gesetzesprojet ännere mir d'Definition, wat d'Delaien ugeet, ab wéini esou ee Gefier als „abandonné“ géllt, an dann och de Moment, wou en ewechgeholl ka ginn.

Dësen Delai bleift onverännert bei engem Mount, dat, wat déi normal Voie publique ugeet. Mä op der grande Voirie, dat ass d'Autobunn, an op den Nationalstroossen ausserhalb vun Agglomeratione proposéiert dese Projet de loi den Delai vun elo 8 Deeg op zukünfteg 24 Stonnen erofzesetzen. An an der Enceinte vun engem Centre de contrôle technique ass den Delai 8 Deeg.

Dese Projet de loi gesäit des Weidere vir, datt, wann ee Gefier op der Autobunn oder enger Nationalstrooss eng Gefier fir d'Sécherheet duerstellt oder d'Flëssegkeet vum Verkéier an enger sensibeler Weis behënnert - d'Betounung läit hei op „sensibel“ -, dann dierf d'Polizei dëst Gefier an Zukunft als abandonné consideréieren an direkt ofschleefe loosse respektiv an d'Fourrière setze loosse. Dëst natierlech ënnert der Konditioun, datt d'Polizei de Propriétaire net konnt kontaktéieren oder dese refuséiert huet, säi Gefier ze deplacéieren.

Dese Projet de loi gesäit och äänlech Dispositione vir am Artikel 3 am Fall, wou ee Gefier immobiliséiert ass am Fall vun engem Cas de force majeure, wéi zum Beispill eng Pann, an d'Sécherheet oder d'Flëssegkeet vum Verkéier sensibel beanträchtegt gëtt. Dës Disposition viséiert virun allem d'Camionen oder aner „schwéier“ Gefierer, déi eng Pann hunn an enner Ermänn ganz laang a geféierlech do stinn, bis d'Depanneuse do ass.

Hei gouf enner anere de Fall mentionnéiert vu Camionsfirmen, déi fir esou Pannen e Kontrakt mat enger Firma hunn, déi net onbedéngt zu Lëtzebuerg baséiert ass, zum Beispill Camionen aus Frankräich oder aus Däitschland, an dann aus dem Ausland mussen heihinner gefuer kommen. De Moment brauche si natierlech wesentlech méi Zäit, fir op d'Plaz ze kommen an de Camion ze deplacéieren. De Camion steet also deelweis immens laang do, ier en ofgeschleeft gëtt, a stellt während där Zäit eng potenziell Gefier fir d'Sécherheet an d'Flëssegkeet vum Verkéier duer. An hei géllt d'Konditioun, datt d'Polizei de Propriétaire net konnt kontaktéieren oder, wéi gesot, dese refuséiert huet, säi Gefier an engem gewësenen Zäitraum ze deplacéieren.

D'Kommissioun hat an deem Kontext eng Diskussioun iwwert den Term „sensiblement“, dee jo eng gewëssen Interpretatioun zouléisst. D'Kommissioun huet dann och gemengt, datt d'Agente vun der Polizei hei sollte forméiert ginn, fir den Term „sensiblement“ kohärent an novollzéibar ze applizéieren. Dëst virun allem, fir d'Agente viru gerichtleche Suiten ze schützen, sougutt an deem wéi an deem anere Fall.

Et gouf zu deem Projet keng Opposition formelle zum Statsrot. D'Kommissioun huet de Rapport an der Sitzung vum 27. Juni ugehol a proposéiert deemno och der ganzer Chamber, dese Gesetzesprojet unzehuelen.

An natierlech ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Back. Ech ginn dervun aus, datt d'Madamm Martine Hansen, den Här Max

Hahn, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen ageschriwwene sinn, fir den Accord zu deemem Projet ze ginn.

(Interruption par M. Marc Goergen)

Den Här Goergen wëllt awer nach eppes méi soen.

► **Une voix.** - Et war gutt probéiert.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et hätt kënne goen.

Discussion générale

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Et hätt kënne goen, jo. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz erklären, wat och eis Positioun an der Kommissioun war, fir dat awer komplett ze maachen. Also, mir hu grondsätzlech guer näischt dergéint ze soen a mir begrëissen och, dass dat Gesetz kënnt. Et ass awer d'Kritik, déi bei engem Wuert ass, an zwar bei „sensiblement“ virum dem Wuert „Code de la route“, oder „sensiblement“ den Trafic beafloossen.

Mir stéieren eis wéi och d'Polizisten um Wuert „sensibel“, well do gi mir de Polizisten um Terrain vill Verantwortung. Besser wier ze soen „wann en Auto de Code de la route stéiert“ ouni „sensibel“. Well wann elo e Polizist eng Kéier net ofschleefe léisst, da riskéiert hien herno d'Verantwortung ze droen, well en d'Situatioun als net sensibil ageschat huet. Do wär et besser, dat Wuert ewechzeloossen, fir de Polizist net engem Risiko auszusetzen.

Mir begrëissen, dass an der Kommissioun eise Kommentar berücksichtegt ginn ass an elo och eng Informatioun un all Polizist wäert erausgoen, wéi dat Wuert besser ze bewäerten ass an der Situatioun.

Bis op dee Punkt gesi mir awer kee gréissere Problem mat dem Gesetzestext a géifen eisen Accord hefir ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - D'Regierung schléisst sech deem un.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7275. Den Text steet am Document parlementaire 7275³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7275 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emilie Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies (par M. Marc Spautz), Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

12. 7414A - Proposition de révision de l'article 95ter de la Constitution

Als Nächst hu mir d'Vefassungsöfännerung 7414A iwwert d'Suppleanté fir d'Riichter vum Verfassungsgericht. Et sief drop higewisen, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Léon Gloden (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Mir änneren den Owend ... oder et gëtt proposéiert, den Owend en Deel vun der Verfassung ze änneren, näämlech den Artikel 95ter, deen iwwert d'Cour constitutionnelle geet, also d'Vefassungsgericht, dat héchst Gericht, wat mer hei am Rechtsstat Lëtzebuerg hunn. D'Emännerung vun der Cour constitutionnelle ass virgesinn an der globaler Verfassungsreform vun der Proposition Nummer 6030.

Firwat elo hei déi virgezunnen Ännerung vun engem Deel vun dem Verfassungsgericht? Et huet sech erausgestallt, dass eng gewëssen Urgenz do besteet, well an enger präziser Affär d'Cour constitutionnelle net ka siegieren.

Firwat ka se net siegieren? Dat kënnt duerch d'Kompositioun vun der Cour constitutionnelle, well déi souzesou keng Vollzäitriichter an deem Organ huet, mä dat sinn haaptsächlech Riichter an anere Jurisdictionen. An där Jurisdiction, déi de Renvoi vun där Affär bei d'Cour constitutionnelle prononcéiert huet, do sëtzen och zum Deel déi Riichter an der Cour constitutionnelle, soudatt et net méiglech ass, dass d'Cour constitutionnelle siegiert.

Et war e Colloque 2017 eng Kéier organiséiert ginn ënnert dem Titel « Les 20 ans de la Cour constitutionnelle : trop jeune pour mourir ? ». Mir wëllen net, dass se stierft an dass se och net den Hick kritt, well dat kéint och emol interpretéiert ginn als en Déni de justice, wann eng Jurisdiction net ka siegieren. Ech mengen, mir hunn haut vill iwwert de Rechtsstat geschwat, a mir wëllen, dass de Rechtsstat tadellos funktionéiert.

Wat ännere mer oder wat proposéiere mer ze änneren? Op där enger Säit proposéiere mer, Suppleanté bei der Cour constitutionnelle anzeféieren, wéint eben deem Problem, dass d'Riichter, déi an der Jurisdiction de renvoi sëtzen an an der Cour constitutionnelle sëtzen, e Conflit d'intérêt hunn - nenne mer et emol esou -, dass déi kënne duerch Suppleanten ersat ginn.

Déi Iddi vun de Suppleanten, Här President, ass net nei. Si ass scho regelméisseg op Neijerschdagsreceptiounen vun der Cour opgeworf ginn. Si ass och an deem Colloque do opgeworf ginn.

An et war d'ailleurs schon 2010 eng Tentative vum Ministère de la Justice, fir den Artikel 95ter ze änneren, wat deemools awer net geschitt ass.

Eng zweet Tentative ass 2012 probéiert ginn, wou an engem Projet de loi proposéiert gi war, d'Zuel vun 9 op 10 Memberen eropzesetzen. Domadder war de Statsrot awer net d'accord, an am Fong och mat Recht, well d'Kompositioun vun dem Verfassungsgericht an der Konstitioun festgeluecht ass, soudatt een déi net einfach duerch e Gesetz kann änneren.

D'Iddi vun de Suppleanten, déi steet an der Proposition de loi, déi vum Paul-Henri Meyers deposéiert ginn ass, wou dann d'Suppleanté virgesi waren, well mer waren eis an der Institutionskommissioun där Problematik bewosst opgrond vun all deenen Interventiounen. Et stoung awer keng Zuel vun de Suppleanten an där éischter Proposition.

An hei, no Diskussiounen, ware mer der Meenung, et wier gutt, dass mer eng Zuel vu Suppleanté géifen drasetzen. An hei hu mer elo proposéiert, 7 Suppleanté bei der Cour constitutionnelle bäizesetzen, well mer der Meenung sinn, 7, dat misst duergoen, fir dass d'Cour constitutionnelle an Zukunft ka siegieren, ouni dass e Conflit d'intérêts nach kéint opkommen.

Ech erënnere och drun: Wa mer dat haut stëmmen, muss mer jo souwisou nach en zweete Vote constitutionnel maachen an et muss och nach e Gesetz deposéiert a gestëmmt ginn. Do hate mer och eng éischt Diskussionsronn an der Institutionskommissioun iwwert de sougenannten „Avant-projet de loi“, mengen ech, huet et scho geheescht, Här Minister, wou mer nach iwwert d'Zuel vun de Suppleanten diskutéiert haten. Ech mengen, et waren der 9 proposéiert ginn. A mir hu finalement de Chiffer vu 7 zrëckbehalen.

Da maache mer och nach eng, oder proposéiere mer nach eng Ännerung an der Kompo-

sitioun oder doranner, wéi se siegiert, besser gesot. Haut steet am Text, dass d'Cour constitutionnelle an enger Chamber vu 5 siegiert. Mir waren awer der Meenung, vu dass et dat iewescht Gericht vun eisem Land ass, dass a ganz wichtege Affäre souzesou de Plenum ka sëtzen. An dat hu mer dann och an dës Proposition mat eragesat. Dat heescht, wann eng Affär unhängeg ass, wéi et am Text steet, déi eng Importance particulière huet, da kann d'Cour constitutionnelle an der voller Formation sëtzen, also mat 9 Leit.

Mir haten als CSV dunn och proposéiert, dass mer nach den Effet vun den Arrête prezisiéieren, well dat ass am Fong och ee vun den Haaptproblemer haut am Kader vum Fonctionnement vun der Cour constitutionnelle. Wann d'Vefassungsgericht eng Dispositioun vun engem Gesetz inconstitutionnel deklaréiert, da steet am Text am Fong net direkt, wat fir eng Konsequenzen dat huet.

Et war och e bëssen e Message un de Legislatuer, dass dee soll agéieren innerhalb vun engem gewëssenen Delai. Mir hunn eis do inspiréiert zum Beispill bei der éisträichescher Verfassung, wou mer gesot hunn: D'Cour kann decidéieren, dass een Zäit huet, innerhalb vun zwielef Méint eppes ze maachen. Leider war de Statsrot do net ganz d'accord. De Statsrot huet eng Rei Froen opgeworf, fir deen Artikel ze prezisiéieren, fir dass et kloer ass, wat en Effet inter partes ass, wat en Effet à moyen / à long terme ass; fir dat elo emol hei graff ze resuméieren.

A mir hunn och dunn an der Institutionskommissioun decidéiert, deen Text nach eng Kéier ze änneren. Dat bréngt natierlech e Renvoi erëm eng Kéier bei de Statsrot mat. Duerfir kënne mer dee Volet haut hei net ofstëmmen. Mir waren eis awer an der Institutionskommissioun eens, dass mer géife probéieren, wa mer deen zweete Vote constitutionnel vun dëser Proposition maachen, dass een dann den éischte Vote constitutionnel vun där Partie iwwert den Effet vum Arrêt vum Verfassungsgericht ka maachen. Dann huet dat awer e gewëssene Lien, well et gehéiert alles zesummen.

An ech ginn dann och den Accord vu menger Fraktioun. Mir stëmme jo herno eenzel of.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel agedroen. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt en häerzliche Merci un den Här Rapporteur Léon Gloden fir säin exzellente schréftlechen a mündleche Rapport an dëser dach lücht komplizierter Matière.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stinn haut virun lech mat engem laachenden an engem kräischenden A.

Fir d'Éischt mä laachend A, et ass zu spéider Stonn, mä och fir eng gutt Laun, dass ech mech immens freeën, dass mer et elo fäerdegbréngen, mat dëser Revisioun en Hick aus eiser Konstitioun erauszehuelen, deen eis scho laang Méint Kappzerbrieches bereet huet an deen och eng Affär op der Cour constitutionnelle blockéiert huet. Et war eis also immens wichteg, dësen Artikel 95ter aus dem ganze Package vun der Reform erauszehuelen an en u sech virzeziehen, fir dass mer déi Saach kënne regulariséieren/kompletteieren.

Wéi mer duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1997 endlech an als bal lescht Land vun europäesche Kontinent e Verfassungsgericht zu Lëtzebuerg kritt hunn, an dann Diskussiounen waren - Contrôle ex post, Contrôle ex ante - a mer decidéiert haten, mir géifen nëmme professionell Riichter do drasetzen, ware mer frou, dass mer déizäit néng ganz kompetent Magistrate fonnt hunn, wat u sech Presidente ware vun eisen ieweschte Geriichter, an nach dichteg Conseilleren.

An u sech, esou wéi d'Atmosphär déizäit war, huet sech net direkt d'Fro, well mer néng Magistraten agesat hunn, vun de Suppleanté gestallt. Mir ware frou, dass mer dat do hikritt hunn a mir hu geduecht, dat géif mat der Mobilitéit duergoen, déi téschent eise Geriichter besteet.

Dofir ass et elo wichteg, dass mer dës Revisioun maachen. Elo komme siwe Suppleanten. Mir hoffen, dass dat duergeet. An dee Moment ass eist Verfassungsgericht nees eng Kéier voll operationell.

Ech muss awer dann och zu mengem zweeten a kräischenden A kommen. Wéi mer an der Institutionskommissioun déi lescht Méint zesumme geschaff hunn, hu mer all zesummen an iwwerparteilech decidéiert, dass mer dat hei

géife maachen. Mir géifen den Artikel 95ter aus dem Package erauszehuelen, fir ebe just d'Situatioun ze regulariséieren, fir méi séier ze schaffen a fir dass d'Vefassungsgericht erëm eng Kéier, wéi gesot, kéint senge Flichten a senge Missiounen gerecht ginn.

Wat keen, oder jiddefalls ech net, vläicht war ech blauäugig, sech geduecht huet, wéi mer dat hei preparéiert hunn, an dofir soen ech „e kräischend A“, dat ass, dass dës Revisioun vläicht elo fir eng länger Zäit, an, ech hoffen, net ze vill laang Zäit, déi lescht ass, déi mer als Modifikatioun vun eiser gudder aler Verfassung vum 17. Oktober 1868 da virhuelen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi ass gutt!

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, ech war consternéiert iwwert déi Saachen, déi ech an de leschte Wochen hu missen an der Press liesen. Wéi gesot, mir hunn all déi Joren un där Konstitioun geschafft. Mir hu versicht, iwwerparteilech rasonabel, mat gesondem Mënscheverstand, mat engem gudden Demokratieverständnis, mat enger Sensibilitéit fir de Lëtzebuerg System a mat enger Kenntnis vun de Force-profonde vum eiser Populatioun an eisem Land virzegoen.

Dat hu mer dunn déi lescht Méint fäerdegbruecht. Haut hu mer dat beschte Beispill, dass mat dem rasonabe Verhalten an dem Verantwortungsgéfill vun der Opposition mer dësen Artikel elo hikreien, dee wichteg ass fir eis Institutionen. An dofir muss ech eben elo soen „e kräischend A“, well, mir wëssen alleguerten: Mir brauchen eng Verfassung, déi et erlaabt, dass all eis Pouvoire kënnen effikass schaffen am Intéressi vun de Lëtzebuerg Bierger an och eng zolidd Protektioun vun eise Grundrechter garantéieren.

Dofir erlaabt mer, an ech wäert dann domat ophalen, e gentilen Appell un d'CSV: Wéi Der et elo haut fäerdegbruecht hutt, wou Der rasonabel a verantwortungsvoll waart, wär ech ganz frou, wann Der bei der grousser Reform och géift zu Ärem Wuert stoen. Ech mengen, eleng och fir Honneur ze maachen eisem aller Kolleeg, dem Paul-Henri Meyers, dee sech während laange Joren all Méi ginn huet, mat lech an eis zesummen, fir en uerdentlechen Text ze kreien, zu deem mer eigentlech stoungen. An Dir wësst, et ass Tour de France, an ech wier frou, wa mer och an absehbarer Zäit déi grouss Reform iwwert d'Ligne d'arrivée géife kreien.

Ech bréngen den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Beissel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Rapporteur, de Léon Gloden, et ganz richtig bemierkt huet, ass deen heite Projet vun der Revisioun vun eiser Verfassung ee Stéck, wat lassgebrach ginn ass vun dem gesamte Projet vun der neier Verfassung fir Lëtzebuerg, un deem mer elo zënter méi wéi 15 Joer gemeinsam schaffen.

Mir hunn dat gemaach op Demande hi vun den héchste Gerichtsinstanzen. An d'Regierung huet sech e bëssen de Porte-parole gemaach vun deenen Doleancen, déi d'Gerichtsinstanzen an notamment d'Vertrieder vun der Cour constitutionnelle virbruecht hunn, well se effektiv e ganz praktesche Problem ze léisen hunn, wat hir Capacitéit ugeet, fir an engem präzise Fall kënne an enger utiller Kompositioun zesummesetzen, fir eng Decisioun ze huelen.

An et kann eiser Meenung no net sinn, dass u sech dat iewescht Gericht, wat do ass, fir d'Vefassungsméissegkeet vun de Gesetzer ze kontrolléieren, net méi kann an engem Fall tagen an dass et och souguer net abwegeg ass sech virzustellen, dass sech och an nächster Zukunft nach äänlech Problemer vun Zesummesetzung vun der Cour constitutionnelle géife stellen.

Duerfir hu mer gemeinsam decidéiert, fir deen heite Punkt virzeziehen. Et war e Wonsch da gläichzäitig, déi aner Froen, déi mat dem Verfassungsgericht zesummenhängen, och da virzeziehen par rapport zum gesamte Projet vun der neier Verfassung.

Hei zéie mer elo dee méi wichtege an urgenteste Wee vir, wat d'Kompositioun vun der Cour constitutionnelle ugeet, mat der Méiglechkeet also haaptsächlech, fir och Jugsuppleanten hei virzegesinn, siwe Stéck an der Zuel, déi op déiselwecht Aart a Weis genannt gi wéi déi fest Membere vun der Cour constitutionnelle, dat heescht also vum Grand-Duc genannt ginn, an no Avis conjoint vun der Cour supérieure de justice a vun der Cour administrative.



Wichtig war et, fir si och déiselwecht Onofhängegkeet ze garantéieren, déi eis Verfassung haut schonn den effektive Membere vun der Cour constitutionnelle garantéiert. Mir hu keng politesch Nominatiounen bei eise Verfassungsgeriicht. Mir sinn eng vun deene raren Demokratien, dat esou e Verfassungsgeriicht hunn, wat nëmme aus professionnelle Riichter zesummesetzt ass. Dat gëtt och heimadde net geännert.

Och op Wonsch eigentlech vun der Cour constitutionnelle selwer, wou mer och direkt e Gespréich mat hinnen haten, ass hei och eng aner Iddi erakomm, dass an aussergewöhnleche Fäll, wou et sech ëm besonnesch wichteg Affären handelt, d'Cour net an hirer normaler Zesummesetzung vu 5 Membere zesummekennt, mä a Plenarform vun hiren 9 Membere zesummekennt. Dat soll selbstverständlech d'Exceptionion bleiwen. Et kann ee sech awer virstellen, dass et a ganz wichtige prinzipielle Fäll ubruecht ass, fir esou eng ganz speziell Kompositioun dann och virzugesinn. Déi Méiglechkeet schafe mir heimadde.

De Corollaire vun deem heiten Text, wa mer en elo hei mat den néidege Majoritéit guttheeschen, heescht och, dass schnellstens muss e Projet de loi net nëmme abruecht ginn, mä och behandelt ginn, a praktesch zäitgläich mat der Akraaftriedung vun de Verfassungsännerungen nom zweete Vote constitutionnel, dat dann och d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Cour constitutionnelle ugepasst gëtt un deen neie Verfassungstext.

Dat si kleng Modifikatiounen, déi musse gemaach ginn. Mä ouni dat kann eigentlech déi Verfassungsbestëmmung net gräifen, wann net d'Ausféierungsgesetz och parallel dozou a Kraaft gesat gëtt. Ech ginn dovunner aus, dass d'Regierung do all Dispositiounen geholl huet, fir dass dat méiglech gëtt an dass d'Chamber natierlech och wäert hëllefen, dass dat dote kann esou zäitgläich geschéien.

Mir hunn nach en zweete Volet elo unhängeg, dee wéinst der Diskussioun mam Conseil d'Etat nach net an deemselwechte Stadium ass, fir hei scho kënnen am éischte Vott gestëmmt ze ginn. Dat betrëfft déi wichteg Fro vun den Effete vun den Decisiounen vun der Cour constitutionnelle, wou mer en neie Wee wëlle goen an nei Propositionen de texte gemaach hunn, an och eng aner Propos, déi mer gemaach hunn, fir eng Ausweidung vun de Kompetenzen iwwer Gesetz mat Majoritéit qualifizéiert kënnen ze decidéieren. Mir denken do zum Beispill, fir der Cour constitutionnelle iwwert de Gesetzeswee d'Kompetenz ze ginn, als Geriicht iwwer Wahle kënnen ze fungéieren, sief dat bei de Chamberwahlen, sief dat bei den Europawahlen.

Ech wëll net hei an deem Moment op déi Fro agoen, wéi et weidergeet mat der Verfassungsreform. Ech mengen, dat soll een an aller Rou diskutéieren, fir d'Éischt an der Kommissioun. An deemno wéi déi Diskussiounen do lafen, mengen ech, dass mer net derlaanscht kommen, eis dann hei och eventuell mat där doter Fro, wéi et weidergeet mat der globaler Verfassungsreform, am Plenum eng kéier ausenanerzesetzen.

Ech hoffen, dass déi gemeinsam Absicht nach ëmmer do ass, dass mer dat heite Wierk - wat net d'Wierk vun enger Partei ass, wat net d'Wierk vun zwou Parteien ass, mä dat ëmmer den Accord hat vun der breeder Majoritéit vun deemselwechten Parlament - kënnen op e gutt Enn féieren an dass net am Endeffekt parteipolitesch Spillercher d'Iwwerhand kréien.

Merci.

Dat gesot, wäert d'LSAP selbstverständlech deen heiten Text stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bodry. Den nächsten ageschriw-

wene Riedner ass den honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Här President. Och ech schléisse mech scho mengen dräi Virriedner un iwwert d'Wichtigkeet vun dëser Reform oder dëser Ännerung, enger virgezunnen Ännerung vun eiser neier Verfassung. Ech wëll awer och net ausloossen, dem Rapporteur hei Merci ze soe fir seng Ausféierungen. En huet schonn de Gros hei explizéiert, firwat mer hei awer e Blocage wëllen ophiewen, well et net méi zu enger Constitution ka kommen, well déijéineg Riichter dann an iergendenger Form schonn eng kéier derbäi befaange sinn.

Dës Reform, mengen ech, ass och e wichtige Bestanddeel vun der neier Verfassung, déi mer jo, wéi gesot, hei virzéien. Éischens gëtt et dem Verfassungsgeriicht e bessere Fonctionnement doduerch, dass och Suppléanté genannt ginn. An, wéi den Alex Bodry just grad virdu gesot huet: Et ass jo net nëmme, dass se an enger normaler Kompositioun vu 5 kënnen siegéieren, mä wann d'Wichtigkeet et verlaangt, dass et och an enger Pleniéreform kann de Fall sinn an dass e Maximum vun 9 oder hirer Unzuel ka gemaach ginn.

Zur Form, mengen ech, ass alles gesot, zu deemselwechten Gesetz. Vlächicht nach dass mer awer och eng ganz interessant Debatt oder Kommissiounssätzung mat den dräi ieweschte Riichter haten, déi och do implizéiert sinn. Et waren engersäits de President vun der Cour supérieure de justice an och de President vun der Cour administrative vu Lëtzebuerg, awer et war och de Procureur général d'Etat adjoint, déi associéiert waren, wou mer u sech och nach eng kéier iwwert d'Wichtigkeet geschwat hunn an och nach eng kéier op d'Onofhängegkeet vun eise Stat higewisen hunn.

Ech mengen, fir eis ass et selbstverständlech, dass de Stat an enger Onofhängegkeet soll bleiwen. Déi dräi Gremie solle getrennt sinn: d'Justiz, mir hei als Chamber an natierlech och d'Exekutiv. Duerfir, d'Verfassung gesäit jo vir, dass de Minister kéint awierken. An där neier Verfassungsreform ass dat jo net de Fall. An ech mengen, et ass och wichtig esou, dass mer dat bäibehalen. Mir haten och d'Diskussioun, dass d'CSV ee Moment wollt do bei där aler Propos bleiwen. Ech mengen, mir sollten do net méi dru rüttelen. An dofir war déi Diskussioun ganz wichtig an och richtig. Et ass net un der Politik ze decidéieren, wéi eng Justiz ka fonctionnéieren an hirer Form, wat d'Emsetzung ugeet.

Dofir hu mer och hei jo an där Diskussioun gesot - et ass och am Virfeld, wou d'Demande komm ass vun der Justiz, déi Ännerung virzéien -, dass net e Minister sollt awierken op d'Nominatioun a vlächicht bewierken, dass deen een oder deen aneren ersat soll ginn, mä dass d'Justiz sech selwer an hire Gremien a mat hire Prozeduren, mat hire Kodexen esou opstellt, fir dat nom Gesetz, no der Deontologie, déi si sech ginn, och ëmzesetzen. Dofir sinn ech awer u sech och ganz frou, dass mer dat ...

An da kommen ech zur Form vun deene ganzen Debatten. Ech si jo nei an där Kommissioun, säit engem hallwe Joer. Ech muss soen, dass et eng Kommissioun ass, wou et wierklech parteiwwergräifend ëm de Fong geet. An et ass, ech si jo och schonn eng gewëssen Zäitchen hei, eng Kommissioun, déi mer wierklech Spaass mécht, well et net déi parteiüblech Abgrenzung sinn a wou de Fong debattéiert gëtt, an dat wierklech kontrovers an deels och net onbedéngt innerhalb vun de Parteien, op d'ärselwechter Linn awer.

An dat ass awer, wat ech dat lescht halleft Joer geléiert hunn, dass mer herno fäeg sinn, an dat hu mer och hei fäerdegbruecht no längeren Diskussiounen an och kontroversen Debatten, dass mer zu engem Konsens fonnt hunn. An ech wënsche mer, dass dee Konsens sech och

weiderhin an där neier Verfassungsreform widerpigelt an dass mer derzou fäeg sinn, am Geescht vun engem moderne Land, wéi mer et jo och wëllen dobaussen duerstellen, an et och fäerdegbréngen, dat eriwwezerkréien.

Et si sécherlech nach Punkten, déi debattéiert ginn. Ech erënnere mech drun, wéi mer ugefaangen hunn, dass de President vun der Kommissioun, den Här Bodry, gesot huet: „Mir maache jo « Consultation et information ».“ Et schléisst jo net aus, dass mer bei der Consultation déi eng oder aner Iddi nach opgräifen, fir déi Verfassung nach besser ze maachen, wéi se elo schonn deels iwwert déi lescht 15 Joer entstanen ass.

An domadder bréngen ech dann awer och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Ännerung.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kox. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëll och dermat ufänken, fir dem Här Gloden Merci ze soe fir déi Erklärungen, déi hien eis ginn huet. Et ass eng wichteg Ännerung an eiser Verfassung, awer u sech eng relativ kleng, well se just d'Zesummesetzung vun Verfassungsgeriicht betrëfft.

Mir mengen awer, als ADR op jidde Fall, dat mer och mussen iwwert d'Kompetenz vun Verfassungsgeriicht nodenken. An et ass eise bestännege Wonsch iwwert déi lescht Joren ëmmer gewiescht, dat mer och de Contrôle ex ante vun de Gesetzter erméiglechen, dat mer och den Institutiounen vun Land d'Méiglechkeet ginn, eng Verfassungsméissegkeet, eng Verfassungskonformitéit vun engem Gesetz zum Beispill präieren ze loosse, ier mir et hei stëmmen. A mir wëllen och esou wäit goen, dat mer méiglechst all Bierger am Land och d'Méiglechkeet ginn, och baussent engem Prozess, den Zougang zum Verfassungsgeriicht ze kréien.

Mir sinn also do wäit op. An Dir verstitt, dat mer elo dat, wat mer haut hei maachen, als nëmme e klenge Schrëtt gesinn an dat mer aner Ambitiounen hu fir eise Verfassungsgeriicht, wéi dat, wat am Abléck diskutéiert gëtt, och wéi dat, wat diskutéiert gëtt am Kontext vun enger eventueller méi grousser Verfassungsreform.

Dat Zweet, wat ech wëll ënnersträichen, ass, dat mer hei duerch eng punktuell Ännerung jo eppes maachen, wat mer fir richtig halen a wou jo och bewise gëtt: Et ass méiglech, et ass sënnavoll. Mir kënnen eng Verfassung, déi eis gutt Déngschter geleescht huet, ëmmer erëm punktuell änneren, fir se un d'Noutwendegkeeten ze adaptéieren, fir se ze moderniséieren do, wou et méiglech an néideg ass. Dofir brauche mer net onbedéngt - an, ech mengen, dat ass och en Element, wat mer sollen zréckbehalen - eng nei Verfassung, fir e moderne Stat an e moderne Rechtsstat ze sinn. Dat ass en Element, wat mer och sollten an Hannerkapp behalen.

Mir hunn och als ADR nach eng Rei punktuell Verfassungsännerungen a Form vu Propositionen de loi proposéiert. Déi eng betrëfft d'Lëtzebuerg Sprooch, déi aner de Statut vun den Déieren. Och déi sollte mer hei an d'Plenié huelen an driwwer ofstëmmen. Si wäeren e wichtige Bäitrag, fir eis Verfassung ze perfektionéieren.

Iwwert déi nei Verfassungsreform, och do huet d'ADR eng bestännege Positioun gehat, am Wahlprogramm, op eise Kongresser. Mir denken, dat mer de Leit solle konkret Froe stellen, e bëssen nom Modell vun 2015, an opgrond vun der Decisioun vun de Leit iwwer wichteg Froen den Text vun der Verfassung redigéieren.

A mir freeën eis, dat d'CSV an deene leschten Deeg och e bëssen an déi Richtung denkt an dat annonciéiert huet. Mir denken, dat ass dee richtige Wee, amplaz e fäerdeg Text dohinzerzeleeën, de Leit ze vertrauen an hinnen d'Verantwortung ze ginn, d'Méiglechkeet ze ginn, fir hir Meenung iwwer wichteg Orientéierung vun der Verfassung ze ginn, iwwert de Wee vun Referendum, ier mer an eng redaktionell Phas antrieden.

Dat gesot, wäert d'ADR dës Verfassungsännerung mat ënnerstëtzen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass eng kleng Ännerung, déi absolutt néideg ass, fir de Fonctionnement vun der Cour oprechtzëerhalen. Ech mengen, et goufen ewell Interessekonflikter, et goufen ewell Problemer, fir nach eng Kummer zesum-

menzkréien. Deementsprechend sollte mer dat heiten haut mat breeder Majoritéit stëmmen am Interêt vun Fonctionnement vun Geriicht.

Ech wëll awer, äänlech wéi de Kolleeg Fernand Kartheiser, eppes umierken zum Rôle vun Verfassungsgeriicht insgesamt. Mir hunn do eng aner Opfaassung wéi d'ADR.

Mir sinn der Meenung, dat net den Ex-ante-Contrôle vu Gesetzter misst néideg sinn. Duerfir hu mer nach ëmmer de Statsrot an der aktueller Kompositioun. Mir wäeren awer ganz frou, wa mer an deem Debat och eng kéier géifen iwwert d'Direkturuffbarkeet no däitschem Modell vun engem Verfassungsgeriicht duerch Bierger, fir en Ex-post-Contrôle vun der Verfassungsméissegkeet vu Gesetzter diskutéieren.

Zum Thema Verfassungsreform insgesamt, mengen ech, gëtt an deenen nächste Wochen, Méint a wahrscheinlech och nach méi wéi engem Joer vill geschwat. Duerfir wäert ech mech elo drop beschränken, hei zum Verfassungsgeriicht ze schwätzen. An ech ka soen, dat d'Piraten hiren Aval ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An dann huet den honorabelen Här Léon Gloden nach eemol d'Wuert gefrot.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Ganz kuerz. Merci, Här President. Ech hat virdrun als Rapporteur geschwat, en objektive Rapport. Ech wëll just ganz kuerz op eis Propos vun der CSV par rapport zu der Verfassungsreform zréckkommen. Den Här Bodry huet gesot, dat dat an enger vun den nächsten Institutiounskommissiounen Objet vun der Diskussioun wier. Duerfir wëll ech elo net hei an den Detail goen.

Mir haten an eise Wahlprogramm kloer eng Consultationsdebatt stoen. Mir haten am Wahlprogramm kloer stoen, dat mer bereet sinn, wann do nei Iddien erakommen, déi mat eran an d'Diskussioun ze huelen. De Premier huet mat engem Bréif un d'Fraktiounen d'Diskussioun iwwer eng eventuell Ofännerung vun Wahlsystem opgemaach. Verschidde Parteien hunn dorobber geäntwert.

Ech mengen, wann ech déi Wieder huelen, déi den Owend hei gefall sinn, „e gutt Demokratieverständnis“, „verantwortungsvoll Consultationsdebatt“, „mat Iddien erabréngen“, dat alles wëlle mir als CSV maachen. Duerfir, mengen ech, ass et ubruecht, dat een en éierlechen Dialog mat de Bierger a Biergerinnen dobausse féiert, éier een en Text vun 100 Artikelen ofstëmmt.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. D'Regierung huet d'Wuert. De Justizminister Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech hunn den Debatten näischt bäizefügen. Dat hei ass eng ureegen Attribution vun der Chamber. Ech wëll just Merci soen, dass d'Chamber esou séier konnt reagéieren op déi Sollicitatioun. Dat ass jo ganz séier duerch d'Institutioun gaangen. Dofir och e Merci un de Rapporteur fir säi méndlechen a schréffleche Rapport, un déi ganz Kommissioun an natierlech och un d'Plenié.

Ech wëll just nach präziséieren, dass de Projet de loi bei mir am Ministère nach dës Woch wäert un de Regierungrot erausgoen, soudass deen déi nächst Woch oder spëtstens déi Woch duerno am Regierungrot misst kënnen adoptéiert ginn. An da kann och deen op den Instanzwee goen, fir dass mer dann am Hierscht déi heiten Texter, gläichzäitig hoffentlech, wäerte kënnen a Kraaft triede loosse.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Braz. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 7414A. Den Text steet am Document parlementaire 7414A. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution 7414A

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass folgend: 58 Jo-Stëmmen. D'Proposition ass mat 58 ...

(Interruption)

Le saviez-VOUS ?

BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

Pardon! D'Proposition de révision de la Constitution 7414A ass mat 48 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Enthaltung am éischte Vote constitutionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mme Diane Aehm, MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hettogaasch, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn et Mmes Carole Hartmann ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. David Wagner.

Et ass also esou decidéiert.

13.7386 - Projet de loi portant modification :

1. du Code de procédure pénale ;

2. du Nouveau Code de procédure civile ;

3. de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

4. de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse ;

5. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État ;

6. de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7386, eng Rei Redressement a verschidde Gesetzer am Beräich vun der Justiz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur.- Et geet em de Projet de loi 7387, e ganz technesche Gesetzesprojekt. Ech wëll lech net laang belästegen no deem méi fundamentale Gesetz, wat mer elo ugeholl hu fir d'Verfassung.

Et geet an éischer Linn drëms, eng Partie Ongenauegkeeten an Erreurs matérielles ze behiewen, déi sech an eng Rei Gesetzestexte ageschlach hunn, dëst am Kader vun verschidde Reformaten, déi an deene leschte Joren hei am Haus gestëmmt gi sinn, wéi zum Beispill d'Exécution des peines, d'Afféiere vum Juge aux affaires familiales oder d'Gewalt géint Fraen an haislech Gewalt.

Fir mech elo kuerzefaassen, hei kuerz de Werdegang. Den Depot war den 31. Oktober 2018. Den Avis vum Parquet war de 26. Oktober 2019, dee vun der Cour supérieure de justice den 30. Oktober 2019. Mir hunn an zwou Sitzungen am Laf vum März 2019 an der Kommissioun elo Amendement ugeholl. De Statsrot huet den 12. Juni (veuillez lire: de 5. Abrëll säin Avis) an den 2. Juli säin Avis complémentaire ginn, an d'Kommissioun konnt dëse Rapport den 3. Juli unhuelen. Ech soen dofir och all de Memberen an der Kommissioun Merci, dass mer mat där acceleréierter Prozedur dann haut kënnen de Gesetzestext zur Ofstëmmung bréngen.

Mir verbessern de Code de procédure pénale, den Nouveau Code de procédure civile, d'Organisation judiciaire, d'Protection de la jeunesse, an d'Reorganisation vum Centre socio-éducatif vum Stat, a schliisslech och nach d'Loi modifiée vum Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice.

Nieft enger Partie Ongenauegkeete klenger Natur an den Texter sinn och nach Numerotatiounen verbessert ginn.

Ech géif elo hei zwee, dräi Punkten ervirhieven.

Zum Beispill kann elo am Code de procédure pénale bei der Demande de mise en liberté provisoire mat Audio- a Videokonferenz geschafft ginn, fir dass en Inculpéierte seng méndlech Erklärung kann ofginn. Dee Cas de figure war duerch en Terminologieproblem vun der Demande de mise en liberté provisoire net wéi geplangt ofgedeckt. Dës Onkloerheet geet elo behiewen.

Eng net onwichtig Ännerung betrëfft en Artikel am Code de procédure civile, wou et em d'Interventioun vun der Justiz am Fall vun haislecher Gewalt geet a wou bei der Aféierung vum Juge aux affaires familiales d'lescht Joer dräi Wieder « ou a cohabité » aus dem Text verschwonnen waren. Déi ginn elo erëm bäigesat. Dat huet eng zimlech Inzidenz, well et geet drëm, dass och d'Violence domestique ka beilaangt gi bei Partner, déi elo net méi zesummeliewen, wou dat awer an der Vergaangenheet war.

Am Gesetz vum März 1980 iwwert d'Organisation judiciaire ginn e puer Richtegstellungen gemaach, fir rezenten an zukünfte Créations de poste Rechnung ze droen. Oublieren oder nach inexakt Renvoien op d'Cellule de renseignement sinn och elo korrigéiert ginn.

Dann hate mer: Am Artikel 181 vum selwechte Gesetz sinn de Regimm vun de Primes d'astreinte fir d'Services de permanence an der Magistratur an dem Personal vun der Justiz elo harmoniséiert, soudass och d'Fonctionnaires an d'Employéee vum Stat, déi de Greffe oder de Sekretariat fir de Ministère public bei der Chambre d'application des peines assureieren, dës Prime d'astreinte kréien, an dëst mat retroaktiver Wierkung op de 16. September 2018.

An am Gesetz vum 7. Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice ännere mer schliisslech d'Zesummesetzung vun der Commission de recrutement, fir ze garantéieren, dass och den Tribunal d'arrondissement vun Dikrech doranner vertrueden ass.

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur.- Ech gesinn, dat huet Echoen am Norden.

Dir gesitt, dass mer mat dësem Projet de loi eng Rei Onkloerheeten aus dem Wee raumen an doduerch de Fonctionnement vun der Justiz enger anerer verbessern. Ech froen lech dofir, Är Zoustëmmung zu dësem Projet ze ginn, a ginn och direkt den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Här Margue. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här Président. Ech soen och dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a méndlech Bericht. De Rapporteur huet net zu Onrecht drop higewisen, dass et enger anerer bei dësem Gesetzesprojekt drëm geet, fir eng Rei Erreur-matériellen oder Onkloerheeten ze behiewen.

Déi Onkloerheeten, déi kommen zum Deel doduerch, dass mer keng Texte-coordonnée méi hu vu wichtege Gesetzer. An eent vun dëse Gesetzer ass notament dat iwwert d'Organisation judiciaire, dat heescht d'Organisation vum Fonctionnement vun eise Gerichter.

An ech widderhuelen nach eng kéier déi Bedenken, déi souwuel d'Madamm Modert wéi ech selwer an der Justizkommissioun formuléiert haten, och hei an dem Plenum.

Et ass bedauerlech, och un d'Adress vun dem Justizminister, dass et net méi wéi an der Vergaangenheet koordinéiert Texter gëtt sous forme vu Pabeier. Mir hunn den Zougang zu engem Gesetz nach eigentlech just iwwert den informatésche System vun dem Legilux. An do féinnt een zwar dat ursprénglecht Gesetz, et féinnt een och nach e Verweis op Emännerungen, mä et féinnt ee keen zesammenhängenden Text méi, deen ee kann a senger Ganzheet liesen. An dat ass fir de Bierger sécherlech eng schwierig Aufgab.

Mir kënnen natierlech zu de Leit soen, « nul n'est censé ignorer la loi », keen ass censéiert, fir an Onwëssenheet vum Gesetz ze sinn. Mä souguer fir Praktiker ass dat richtig schwéier, fir de genauen Text nozeliesen.

An Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer soen, mir erlichteren den Accès vun de Bierger zur Justiz, da kann et net sinn, dass de Bierger muss, wéi dat oft elo de Fall ass, deier Recueille bezeuele vun och nach auslänneschen Editeuren, fir dann, ech soen, esou en handgefertigten Texte coordonné vu wichtege Gesetzer ze hunn. Dat ass eng Aufgab vun dem Stat. Dat ass eng Aufgab vun der Exekutiv, mä et ass och eng Aufgab vun der Legislativ.

A fir dat erëm hierzustellen, géife mer de Justizminister froen, fir et an Zesummenaarbecht mat der Chamber, well et ass sengerzäit richtig drop higewise ginn ... En Texte coordonné ass jo net eppes, wat einfach esou zesummegebastelt gëtt, mä en Texte coordonné, dee brauch och niewent dem Text, dee gestëmmt ass, direkt oder indirekt den Assentiment vun dem Legislativ.

A mir géifen duerfir nach eng kéier eis Forderung do widderhuelen, fir dass bei wichtege Gesetzestexte quesch duerch all Rechtsdomänen, sief dat am Interieur, sief dat an der Justiz, sief dat och an de Finanzen, dass esou Texter dann an där zoustänneger Kommissioun mat virgeluecht ginn an dass déi och zumindest den Assentiment vun der Chamber hunn, an dat am Sënn vun enger besserer Liesbarkeet vun eise Gesetzer an och vun enger Erliichterung vum Zougang zu der Justiz an zu de Gesetzestexten vun de Bierger.

Fir de Rescht ginn ech natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV zu dësem Gesetzesprojekt.

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Här Roth. Den nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann** (DP).- Merci, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, et geet bei dësem klengen Projet de loi effektiv enger anerer em eng Rëtsch Erreur-matériellen, déi ze behiewe sinn. Den Exercice ass sécherlech bedauerlech, mä d'Rektifikatiounen awer onëmgänglech.

Ech ginn och net méi op all d'Detailer an, déi scho vum Rapporteur hei méndlech presentéiert goufen - Merci dofir -, erauspicke wëll ech awer, dass et an Zukunft am Kader vun enger Demande de mise en liberté méiglech ass, dass de Beschëllegten net méi onbedéngt an d'Sitzung muss transferéiert ginn, mä dass en iwwer eng audiovisuell Telekommunikatioun, also eng Aart Videokonferenz, un der Sëtzung kann deelhuelen an esou och à distance zu senger Demande, fir provisoersch aus dem Prisons erauszekommen, gehéiert ka ginn. D'DP begréisst dës Innovatioun ganz ausdrécklech.

Eréischt d'lescht Woch huet eisen DP-Fraktionspräsident Eugène Berger lech hei dat enorm Potenzial vun der Digitaliséierung an d'Chancen, déi sech fir Land a Leit bidden, virgestallt. Jo, och am Beräich vun der Justiz bitt d'Digitaliséierung eng ganz Rei Chancen. Ech denken dobäi virun allem un eise Prozeduren, déi mat Hëllef vun technesche Mëttel am Sënn vun all de Justiciabele vereinfacht an acceleréiert mussen ginn.

Déi nei geschafte Méiglechkeet vun der audiovisueller Telekommunikatioun ass ee gutt Beispill vun esou techneschen Hëllefsmëttel an der Justiz. Mir sinn domat och an der Kontinuitéit. Mat engem Gesetz vum 1. August 2018 gouf näamlech schonn déi gesetzlech Basis geluecht, fir eng Audition per Videokonferenz ze maachen. Mam Vott vun dësem Projet gëtt dës Prozedur op d'Demande de mise en liberté erwidert.

Mir sollen awer net bei dëser gudder Measure stoe bleiwen. Mir begrëssen, datt den neie Koalitionsprogramm do eng Grëtz méi ambitiéis ass wéi dee leschten. Ech ginn d'Beispill vun der Initiativ „paperless justice“, déi soll virgedriwwen ginn. Och dat ass sënnavoll an dréngend noutwendeg. Aktuell zirkuléieren näamlech souwuel op eise Gerichter wéi an den Affekotenetüden ëmmer nach enorm Quantitéiten u Pabeier. Vun de Faxkorrespondenzen tëschen de Confrères net ze schwätzen. Och do mussen mir endlech am 21. Jorhonnert ukommen.

Mä och d'Afféiere vun engem generellen audiovisuellen Enregistrement vun öffentlechen Sitzungen um Geriicht steet am Koalitionsaccord. Dëst wier besonnesch am Fall vun all de Procédures orales a virun allem a penalen Dossieren, wann et zu engem Appellprozess kennt, net vu Muttwëll a géif zur Rechtssécherheet bäidroen.

Här Präsident, erlaabt mer, nach e Wuert iwwer eng Remark aus dem Avis vum Parquet général zu dësem Projet de loi ze verléieren! De Parquet général huet a sengem Avis eng Diskussioun opgeworf iwwert den Delai vu 24 Stonnen, innerhalb vun deem eng Persoun, där e Mandat d'amener oder Mandat d'arrêter zougestallt gëtt, muss gehéiert ginn. De Parquet général seet eis, dass et sollt, wéi bei mutmaßlechen Terrorismusinfractionen, eng méiglech Verlängerung vun nach emol 24 Stonne ginn, fir déi concernéiert Persounen also bis zu 48 Stonne kënnen anzespäre respektiv bis se gehéiert ginn.

Ech wëll op dësem Punkt drop insistéieren, dass mir eréischt mat engem Gesetz vum 8. März 2017, duerch dat mer d'Garantie-procédurallen en matière pénale renforcéiert hunn

an eng ganz Rei Direktiven iwwert d'Droits de la défense transposéiert hunn, e ganz kloer gesetzleche Kader hunn an dass et net oportunn ass, ausserhalb vun exceptionnelle Circonstances déi Maximal-24-Stonnen-Detentioun ze iwwerschreiden.

Ech sinn d'accord, dass et och um Niveau vun der Police an der Justiz zu administrative Vereinfachungen muss kommen, mä un déi 24-Stonne-Maximaldetentioun sollte mir net réckele goen.

Zum Projet vun haut ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Madamm Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass, mat Ausnam vun e puer punktuellen Neierungen, déi dra sinn, net onbedéngt dee Projet, wou ee sech als Chamber mat vill Ruhm bekleckert, wann ee laang driwwer schwätzt. D'Chamber huet, och d'Regierung, dat hate mer schonn haut, mengen ech, ...

(Hilarité)

... d'kollektiv Responsabilitéit an deem Ganzen hei. An et ass einfach net gutt, dass mer müssen Texter nobesseren, well Oublieren waren oder falsch Renvoie gemaach gi sinn op Artikelen. Dat ass net gutt.

Dat kennt awer och, dat muss ech och soen, vläicht heiansdo duerch eng haseleg Aarbecht, déi mer maachen, wou parallel e puer Gesetzesprojete lancéiert ginn a sech d'zäitlech Verabschiedung vun deenen Texter dann decaléiert. An da klappen op eemol d'Renvoien net méi, well mer herno en aneren Text hunn, wéi dat am Ufank de Fall war, wéi d'Projete lancéiert gi sinn. Dat ass eng vun den Erklärungen. Et gi sécherlech nach anerer.

Souwuel d'Chamber wéi och d'Regierung mussen sech Gedanke maachen, wéi mer do d'Qualitéit vun den Texter, déi hannen aus der Prozedur erauskommen, wéi eigentlech och déi, déi an d'Prozedur eraginn, esou wäit wéi méiglech kënnen verbessern.

Esou Saachen, wéi mer hei amgaange sinn ze maachen, d'äeren eigentlech net virkommen! Loosse mer dat ganz kloer soen! Mir wäerten awer trotzdeem deen Text stëmmen, well mer soss, mengen ech, méi Schued uriichten, wéi mer géife Guddes maachen.

Mir haten an der Kommissioun och d'Diskussioun gefouert ronderëm d'Textes coordonnés. Do war zimlech Eestëmmegkeet an der Kommissioun, fir ze soen, et wär gutt, wann ee méi systematesch, wéinstens wierklech bei Texter, déi oft gebraucht ginn, op Texte-coordonnée géif zrëckgräifen.

En Texte coordonné, muss ee wëssen, ass normalerweise keen offiziellen Text. Wann deen net vun der Chamber gestëmmt gëtt, ass et nëmmen en offiziéise Pabeier, deen ee ka mat erunzéien. Mä, wat zielt, dat sinn nach ëmmer déi Gesetzer, déi gestëmmt gi sinn. A wa sech natierlech eng kéier e Feeler aschläicht an en Texte coordonné, dann dauert et oft ganz laang, wa jee, fir iwwerhaupt nach erauszufannen, dass et e Feeler ass. Duerfir muss ee sech also, mengen ech, och do eng Systematik ginn, wéi een déi Saachen ugeet.

Ech kéint mer virstellen, dass mer souguer vläicht bei wichtege Texter, déi mer hei modifizéieren an der Chamber, gläichzäitig géifen en Texte coordonné un eisen Text drunhänken an dee géife mer mat ofstëmmen. Dann hätt ee wierklech och e rechtlich verpflichtenden Text.

Also, do gëtt et sécherlech Methoden, déi ee kann hunn, net bei allen Texter. Mä et ass - dat muss ech éierlech soen, well ech och a leschter Zäit eng Partie Recherche gemaach hunn - wierklech laboriéis herno ze soen, wat den definitiven Text ass, wa véier, fënnf Modifikatiounen waren. Duerfir sollt een hei kucken, et ass keng parteipolitesch Fro, dass ee sech do an Zukunft besser Methode gëtt, fir esou Incidenten, wéi mer se hei probéieren erëm guttze maachen, ze verhënnern.

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Här Bodry. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här Präsident. Dëse Gesetzestext weist, wéi komplex eise juristesche System mëttlerweil ginn ass. Ech schléisse mech der Meenung vum Statsrot a vun der Procureure d'État un, dass mer méi konsolidéiert Versiounen vun eise Gesetzer brauchen. Dat géif et eis och an der Chamber vill méi einfach maachen, fir eis Recherchen ze maachen an - wisou net? - och ëmmer en Texte coordonné ofzestëmmen.

Et sinn awer och nach e puer Froen, déi mer do un de Vidoer hätten, an zwar vun deem ge- luefte Videochat, mat wéi engem Transfertpro- tokoll deen do benotzt gëtt, ob dat e séchere Programm deemtsprechend ass ...

(Interruption et hilarité)

Jo, digital Partei.

... an ob déi Videosequenzen och iergendwou gespächert ginn. Sinn déi an engem Casier JUCHA oder iergendwou erëmfannen?

(Interruption)

A well mir awer engem gudden Fonctionnement vun eiser Justiz net am Wee stoe wëllen, wäerte mir dës Projet matstëmme.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, de Justiz- minister Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur Merci soen an der ganzer Commission juridique, och dofir, dass mer deen Text och nach elo kënne stëmme. Den Här Bodry huet et gesot: Et sinn och hei kollektiv Responsabilitäten, wann um Enn e Feeler dran ass. Hei, mengen ech, wëllt och kee sech entzëien. Et geet och ouni géigesäiteg Virwërf.

Wat wichteg ass, ass awer och, dass, wann esou Saache geschéien ... An déi sinn an der Vergaangenheet ëmmer nees geschitt. Et ass ëmmer iergendeppes, wat ka schifgoen. Oft sinn et Renvoien, wou herno e Problem ass, awer net nëmme.

Ech mengen, dass et awer och wichteg ass, dass, wa mer esou e Feeler decelëieren, dass mer dann och séier reagéieren. Dat war an der Vergaangenheet och net ëmmer esou, wann da gesot gëtt: „Oh mei, dat ass awer elo penibel. Wann ech elo als Minister muss hanneschtgoen a soen: «Hei, do ass eis eppes entgaangen».“

Ech wëll soen, dass ech domadder kee Problem hunn. Et ass besser. Et dierf zwar net ge- schéien. Mä wann et geschitt ass an et ass we- der der Chamber nach der Regierung nach dem Statsrot opgefällt, dass iergendwou e kleng Couac dran ass, da solle mer et awer och direkt soen an net jorelaang waarden an dann iergendesou eng Praxis an de Ministère domadder etablëieren, wëssend dass déi Texter iergendwou dann e Krop hunn.

Dofir, ech fannen et gutt, dass mer haut besser domadder ëmginn. Wann ee Problem ass, deen eis alleguerten entgaangen ass, da solle mer et op den Dësch leeën an esou séier wéi méiglech korrigéieren. Dat maache mer haut. Mä wann et der an Zukunft manner wieren, da wiere mer alleguerte fro.

Zu der Fro vun den Textes coordonnés. De Statsrot hat et och opgeworf, den Här Bodry huet et gesot, den Här Roth huet et gesot. Ech mengen, dass dat, wat do gesot ginn ass, abso- lutt stëmmt. Legilux huet virun nach e puer Joer jo och nach esou Saache gemaach. Haut mécht keen et méi. An dat ass tatsächlech net evident.

Ech mengen, dass et gutt wier, wa mer eis do géifen zesummen eng Aart a Weis ginn, wéi mer déi dote Fro wëlle beäntweren, dass um Enn méi regelméisseg erëm Texte-coordonné solle gemaach ginn: fir d'Bierger ganz kloer, awer net nëmme, mä souguer d'professionell Praticiens du droit - et sinn net nëmme d'Bier- ger, wéi den Här Roth gesot huet, déi mat Sé- cherheet ouni Texte coordonné zimlech verluer sinn, wa se mussen déi Saachen zesummestelle goen - beschwéiere sech doriwuer an hunn och Schwierigkeiten, ouni en Texte coor- donné hir Aarbecht kënnen ze maachen.

Ech mengen, mir sollen en där doter Iddi schaffen, dat och - firwat net? - duerch e Vott ze bestätegen. Et muss net si fir d'Libilitéit, et ass awer fir d'Valeur légale vum Text mat Sé- cherheet e Plus. Dann hätte mer och do eng méi héich Exigence, wa mer wëssen, dass um Enn muss e Vott geholl ginn.

Duerfir, vusäite vun der Regierung schwätzt fir eis do näischt dergéint. Mir mussen eis just ze- summesetzen a kucken, wéi mer dat konkret och wëlle maachen a bei wéi engen Texter dass mer och esou e koordinéierten Text wëlle maachen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci vill- mools dem Justizminister Félix Braz. D'Diskus- sion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7386. Den Text steet am Docu- ment parlementaire 7386⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7386 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi persé- lech Stëmme. Dann de Vot par procuracion. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme géint 4 Abstentiuonen uegoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par M. Marco Schank), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Aehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

14. 7402 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées aux fins de transposer la directive (UE) 2017/828 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 modifiant la directive 2007/36/CE en vue de promouvoir l'engagement à long terme des actionnaires

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 7402, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Promotioun vun enger méi laanger Verflichtung vun den Aktionären. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dëse leschte Projet vum Dag ass e Projet de loi, deen d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv virgesäit. Dat ass d'Direk- tiv 2017/828 vum 17. Mee 2017, déi souge- nannt Direktiv « Droits des actionnaires II », déi sech an eng Politik vun der Europäescher Kom- missioun aschreift, fir verstärkt eng gutt Gou- vernance d'entreprise ze encouragéieren.

Dëse Projet de loi ännert e Gesetz ëm vum 24. Mee 2011, dat déi éischt Direktiv « Droits des actionnaires » bei eis ëmgesat huet. Dëst Ge- setz concernéiert primäirement cotéiert Gesell- schaften, deenen hir Aktien op enger Bourse cotéiert sinn, der Lëtzebuurger Bourse, oder engem anere Marché réglementé an Europa.

Zur Informatioun: Dëst Gesetz betrëfft hei zu Lëtzebuerg 26 cotéiert Gesellschaften, déi op der Lëtzebuurger Bourse cotéiert sinn an déi also hei primäirement dervu betraff sinn. Mir wëssen net, wivill aner Lëtzebuurger Gesell- schaften et gëtt, déi am Ausland op engem Marché réglementé sinn. Mä där gëtt et och nach eng ganz Rei.

Et geet hei spezifesch dorëms, den Enga- gement vun Aktionären op laang Dauer ze fa- voriséieren, dat duerch eng méi grouss Trans- parenz an eng besser Informatioun vun Ak- tionären. A verschiddenen Analyse vun der Kommissioun aus de Joren 2010 bis 2012 ass festgestallt ginn, dass den Engagement vun den Aktionären an den Entreprisë staark verbes- serungsfäeg ass an dass et op villen Niveauen an deene cotéierte Gesellschaften un der néi- deger Transparenz feelt, fir dass all déi interes- séiert Parteien a primäirement natierlech d'Ak- tionären hir Entscheidung op enger adequater Basis kënnen treffen.

Fir dës Schwächen ze contréieren, huet dës Direktiv als Haaptobjektiv, fir, wéi gesot, e laangfristeg Engagement vun den Aktionären an den europäeschen Entreprises ze encoura- géieren, also fir géint e gewëssene Court-Ter- mismus virzegoen, an och virun allem den Ak- tionären eng méi grouss Roll an der Gestiou- vun der Entreprise zoukommen ze loossen.

Et ass jo esou, dass d'Dirigeanté vun enger En- treprise ëmmer en Informatiounsvirsprong hu par rapport zu den Aktionären. Si leeden d'Dagesgeschäft a si treffen och déi strategesch Decisiounen, wärenddeems d'Aktionäre meeschtens just sporadesch am Kontext vun Assembléeën Informatiounen kréien. Fir deen In- formatiounsdesequiliber ze rebalancéieren an eben onofhängeg Decisiounen vun den Ak- tionäre méi liicht ze maachen, gëllt et, mat dë- sem Gesetz eben hei dergéintzewierken.

Dat gëtt mat fënnef Haaptmesurë gemaach, déi ech kuerz wëll resuméieren hei a mengem Rapport.

Deen éischte Punkt ass deen: Fir hir Aktionären kënnen ze informéieren, mussen déi cotéiert Entreprises hir Aktionären och fir d'Éischt emol kennen.

Dat klängt à première vue e bëssen iwwerra- schend, well ee jo mengt, dass eng Gesellschaft ëmmer misst wëssen, wien hiren Aktionär ass. Mä dat ass bei cotéierten Entreprises net esou einfach, well dat Titres sinn, déi intermediéiert sinn, dat heescht, wou et verschidde Schichte gëtt vun Intermediären, bis een zum Schluss- aktionär kënnt, wat och eng vun den Difficul- téiten ass am Registre des bénéficiaires effectifs, dee mer jo virun net allze laanger Zäit hei och diskutéiert hunn, mä dee sech net uwennt op Aktionäre vu cotéierte Gesellschaften.

Mä d'Gesetz soll et dofir deenen op der Bourse cotéierten Entreprisë vereinfachen, hir Aktionä- ren ze identifzéieren. Wéi gesot, op den inter- nationale Kapitalmäert ass déi Intermediatioun an deem Sënn problematesch.

Fir et den Entreprises ze erlaben, hir Aktionären ze identifzéieren an den Informatiounsfloss vun Intermediäre bis bei den tatsächlechen Ak- tionär ze verbesseren, gëtt dëst Gesetz den En- treprises d'Recht, hir Aktionären ze identifzéie- ren a setzt Mecanismen en place, fir d'Komm- nikatioun tëschent der Entreprise an den Ak- tionären ze verbesseren.

Esou muss zum Beispill op Demande vun der Entreprise all Intermediäre déi gefroten Infor- matioun iwwert den Aktionär un d'Entreprise weiderginn. An d'Intermediäre mussen och all Informatioun un den Aktionär weiderginn, déi dës fir d'Ausübung vu senger Rechter, en parti- culier Stëmmehalter brauch.

Et ass also eng Verbesserung hei, déi et der En- treprise erlaabt, hir Aktionären ze kennen, ze identifzéieren an déi och sécherstellt, dass den identifzéierten Aktionär seng Rechter kann ausüben.

Den zweete Punkt, dat ass, méi Transparenz a puncto Vott an Engagement vun institutionellen Investisseuren an de Gestionnaire vun Avoiren.

Gestionnairen an institutionell Investisseure sinn oft wichteg Aktionären a cotéierte Gesell- schaften a spillen alle béid e wichtige Rôle fir d'Governance, fir d'Gestiuon vun enger Entre- prise. Dofir wäert dëst Gesetz souwuel ver- laangen, dass déi Asset-Managere, dat heescht déi Gestionnairen, gradesou wéi déi in- stitutionell Investisseuren hir Strategie oppe- leeën, fir dass d'Interessen, déi am Spill sinn, kloer sinn an eventuell Interessenskonflikter ver- midde kënnen ginn.

Des Weidere soll den Informatiounsfloss och tëschent dem Gestionnaire an den Investis- seure gestärkt ginn, fir dass och den Investis- seur seng Decisiounen en connaissance de cause kann treffen.

Den drëtten Punkt betrëfft eng Obligatioun fir méi Transparenz fir déi sougenannten « Con- seillers en vote ».

D'Conseillers en vote, dat sinn Intermediären, déi Recherché maachen a Conseile a Recom- mandatiounen ginn, wéi een Aktionär op enger Assemblée générale soll ofstëmme. Deenen hire Rot ass ganz oft decisiv an dofir ass et och wichteg, dass et fir den Aktionär kloer ass, op wat dës Rot opbaut an dass et sech ëm ee Rot am Interêt vum Aktionär an net vum Conseiller handelt, sprécht dass de Conseiller och all Conflit d'intérêts oppeleet.

D'Conseillers en vote mussen e Code de conduite hunn, dee se och uwennen. Si mussen deen och verëffentlechen a si beleëen an engem Rapport, wéi dës Code de conduite ugewannt ginn ass. Si erklären och hir Re- cherchen an hir potenziell oder/a reell Interes- senskonflikter.

Véierte Punkt: eng kloer an transparent Remu- neratiounspolitik fir d'Direkteren.

D'Iddi ass hei, dass d'Aktionären ee kloert Mat- sproocherecht hunn a puncto Remuneratioun vun den Direkteren. Och bei dësem Punkt ass et erëm kruzial, dass d'Aktionäre kloer Informa- tiounen hunn, déi hinnen et erlaben, eng ee- gen Decisioun ze treffen, fir dass d'Remunera- tioun vun den Direkteren am Aklang mat der Performance vun der Entreprise ass.

Hei ass d'Iddi, dass d'Aktionären eng méi laang Vue hu wéi d'Dirigeanten. D'Dirigeanté sinn ëf- ters eben op eng kuerzfristeg Maximisatioun vun hirem eegene Revenu aus. Si hunn eng aner Perspektiv wéi déi méi laangfristeg vun engem Aktionär. Dës Court-Termismus war ee vun de grouse Grënn vun der Finanzkris vum 2008 a vu manche Skandalen am Beräich vun de Finanzen.

Den Aktionär huet elo no dësem Gesetz zwou Aarte vu Kontrollen:

ee Contrôle ex ante beim generelle Vott an der Assemblée générale iwwert d'Remuneratioun- politik, dee bei all gréisserer Verännerung a mi- nimum all véier Joer eftalt;

an ee Contrôle ex post beim Vott iwwert de Rapport de rémunération.

Des Weidere muss dës Rapport de rémunéra- tion um Internetsite vun der Gesellschaft public gemaach ginn.

Fënneften a leschte Punkt: Dat ass méi Transpa- renz am Fall vu wichtige Transaktiounen, sou- genannten « Transactions importantes », mat liéierte Parteien.

Dës Punkt betrëfft, wéi gesot, gréisser Trans- aktiounen mat liéierte Parteien, dat heescht déi e Rapport hu mat der cotéierter Gesellschaft. An hei, fir Abusen ze vermeiden, gesäit d'Gesetz vir, dass all wichteg Transaktioun tëschent liéierte Parteien am Conseil d'administration oder an der Assemblée vun der Gesellschaft au- toriséiert muss ginn an duerno och public ge- maach muss ginn, insbesonnesch fir d'Action- naires minoritaires hei ze schützen.

Et ass am grouse Ganze bei dësem Projet de loi, mengen ech, der Kommissioun hirer Mee- nung no eng equilibréiert Ëmsetzung vun der Direktiv, déi d'Aktionärsrechter stärkt an awer net demesuréiert administrativen Opwand fir déi cotéiert Entreprisë mat sech bréngt.

Mir haten d'Occasioun, an der Kommissioun déi verschidden Avisen duerkzuekucken, insbe- sonnesch d'lescht Woch den Avis vum Statsrot. A mir kruten a leschter Minutt och nach en Avis vum Barreau, deen awer leider net en temps utile komm ass, well en u sech den Dag no den Travaux en commission erakomm ass a mer deem dowéinst eben net méi Rechnung droe konnten, wat schued ass, well d'Avise vum Bar-reau am Fong u sech ëmmer interessant sinn, well se eben och dee Bléck aus der Praxis brén- gen an op d'mannst eng interessant Perspektiv op e Projet werfen.

Fir de Rescht géif ech lech op mäi schrëftleche Rapport verweise fir den Detail an lech Merci soe fir d'Nolauschteren an ech géif natierlech den Accord vun der LSAP bréngen zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci vill- mools, Här Fayot. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här Pre- sident. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport zu dësem technesche Projet. Ech hat véier Säite Ried vir- bereet, mä ech erspueren lech déi an ech ginn den Accord vun der CSV.

► **Plusieurs voix**.- Aah! Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da wär et um honorabelen Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här Pre- sident. Ech hat mer och e puer Säite virbereet, mä, ech mengen, ech maachen et e bësse wéi de Kolleg Léon Gloden zu dëser Zäit.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Guy Arendt** (DP).- Ech géif op alle Fall dem Deputéierte Franz Fayot villmools Merci soe fir säin detailléierte Rapport, méndlech sou- gutt wéi schrëftlech. Ech halen zréck, dass mer hei haaptsächlech Transparenz vis-à-vis vun den Aktionären hierstellen an och, wéi gesot, mir begrëssen et op alle Fall, dass mer just d'Direktiv a minima iwwerhuelen an net ufän- ken, do nach méi fein Detailler ze maachen. Mir hunn eng gewësse Flexibilität an deem Text.

Ech soen lech Merci an ech géif och den Ac-



cord vun der DP-Fraktioun bréngen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Arendt. An datselwecht vum Här Charles Margue.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wéilt virun allem dem Franz Fayot Merci soe fir de Rapport, dee gudde mëndlechen a verständleche Rapport.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - An ech hu festgestallt, dass ech dat do am Fong a menger fréierer Zäit um Leif ze spiere krut, wann Aktionären an engem Betrib sinn, déi net devoiléieren, wuer se higin, an Der just, wann Der um Terrain schafft, matkritt, wou d'Gewënnmaximéierung ass, a wann Der net wësst, wat dem Aktionär seng agestanen Zilsetzung ass, déi mat Ärem operative Geschäft näischt ze dinn huet.

Et ass gutt, dass mer do legiferéiert hunn. Ech ginn den Accord dann och vun der grénger Fraktioun fir dee Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Margue. An datselwecht da vum Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här

President. Merci dem Rapporteur. D'Direktiv ass fir eis Piraten definitiv de richtege Wee. D'Direktiv ass gedeeft an Transparenz, well mir hei effektiv d'Mängel opdecken, déi an der Gesellschaftspolitik existéieren: kloer Richtlinne fir d'Paie fir d'Direkter, méi Transparenz an novollzëibar Decisiounen an eng Demokratisierung vun den Decisiounen, déi vun der Assemblée générale getraff ginn.

Alles an allem muss ech soen, dass ech selte bis elo fir eng Direktiv mat rouegem Gewëssen esou zoustëmme konnt. Dofir den Accord vun de Piraten fir dese Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Mir bleift da just nach, der Kommissioun a besonnesch dem Rapporteur Franz Fayot fir säi ganz kompetente Rapport Merci ze soen, awer och deenen Akteuren, déi am Virfeld vun der Ausaarbechtung vum Projet de loi aus dem Secteur gehollef hunn, an awer och de Kollegen aus dem Finanzministère, déi hei och eng aktiv Hand mat ugepaakt hunn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Justizminister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de

Projet de loi 7402. Den Text steet am Document parlementaire 7402⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7402 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7402 ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmegeg uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies (par M. Marc Spautz), Georges Mischo (par M. Gilles Roth), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galle), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry,

Mme Tess Burton (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënn muer Mëtteg um zwou Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 21.29 heures.)



SÉANCE 34

JEUDI
11 JUILLET 2019

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

3. 7349 - Projet de loi portant

1. mise en œuvre du règlement (UE) n° 345/2013 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2013 relatif aux fonds de capital-risque européens ;

2. mise en œuvre du règlement (UE) n° 346/2013 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2013 relatif aux fonds d'entrepreneuriat social européens ;

3. mise en œuvre du règlement (UE) 2015/760 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2015 relatif aux fonds européens d'investissement à long terme ;

4. mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1131 du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2017 sur les fonds monétaires ;

5. mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2402 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 créant un cadre général pour la titrisation ainsi qu'un cadre spécifique pour les titrisations simples, transparentes et standardisées, et modifiant les directives 2009/65/CE, 2009/138/CE et 2011/61/UE et les règlements (CE) n° 1060/2009 et (UE) n° 648/2012 ;

6. modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

7. modification de la loi du 23 juillet 2016 relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt

- Discussion générale : M. Gilles Roth - M. Franz Fayot - M. Henri Kox - M. Gast Gibéryen - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7440 - Projet de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

2° de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire ;

3° de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;

4° de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;

5° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : Mme Martine Hansen (interventions de M. Laurent Mosar, Mme Octavie Modert et Mme Nancy Arendt épouse Kemp) (dépôt de la motion 1) - Mme Tess Burton - Mme Djuna Bernard (interventions de Mme Martine Hansen et M. le Ministre Claude Meisch) - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement (interventions de M. Eugène Berger, M. le Ministre Claude Meisch, M. Alex Bodry, M. Mars Di Bartolomeo et M. André Bauler)

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen, Mme Octavie Modert, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Claude Wiseler, M. Mars Di Bartolomeo et M. Sven Clement)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

5. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'élaboration d'une réglementation introduisant la surveillance des vestiaires, lors des cours de gymnastique et de piscine

- Exposé : M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

6. 7455 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Bureau, au Secrétaire général et à la Commission du Règlement

- Rapport de la Commission du Règlement : M. Roy Reding

- Discussion générale : M. Léon Gloden - M. Eugène Berger - M. Alex Bodry - Mme Josée Lorsché - M. Marc Baum - M. Sven Clement

- Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

7. Changement de composition du Bureau - nomination des suppléants permanents

- M. Fernand Etgen, Président - Mme Martine Hansen - M. Max Hahn - M. Alex Bodry - Mme Josée Lorsché - M. Gast Gibéryen (intervention de M. Henri Kox)

8. Résolution de M. Fernand Kartheiser relative à la mise en place d'un site Internet trilingue de la Chambre des Députés

- M. Fernand Etgen, Président

- Exposé : M. Fernand Kartheiser

- Discussion générale : M. Marc Baum - Mme Martine Hansen - M. Alex Bodry (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Gast Gibéryen (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Alex Bodry)

- Vote (renvoi de la résolution au Bureau)

9. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna et M. Claude Meisch, Ministres.



(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, Här President.

2. Ordre du jour

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Mir hunn nach eng Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Modalitéite vum der Surveillance an de Vestiaires, déi den 2. Juli deponéiert ginn ass. Et gëtt proposéiert, déi Motioun nom Projet de loi 7440 op den Ordre du jour ze huelen.

Mir hunn och nach eng Resolutioun, déi den Här Fernand Kartheiser gëschter deponéiert huet, fir den Internetsite vun der Chamber an deenen dräi administrative Sproochen unzeleeën. Et gëtt proposéiert, dës Resolutioun als leschte Punkt op eisen Ordre du jour vun haut ze setzen.

Ass d'Chamber mat dësen zwou Ofännerunge vum Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

3. 7349 - Projet de loi portant

1. mise en œuvre du règlement (UE) n° 345/2013 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2013 relatif aux fonds de capital-risque européens ;

2. mise en œuvre du règlement (UE) n° 346/2013 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2013 relatif aux fonds d'entrepreneuriat social européens ;

3. mise en œuvre du règlement (UE) 2015/760 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2015 relatif aux fonds européens d'investissement à long terme ;

4. mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1131 du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2017 sur les fonds monétaires ;

5. mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2402 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 créant un cadre général pour la titrisation ainsi qu'un cadre spécifique pour les titrisations simples, transparentes et standardisées, et modifiant les directives 2009/65/CE, 2009/138/CE et 2011/61/UE et les règlements (CE) n° 1060/2009 et (UE) n° 648/2012 ;

6. modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

7. modification de la loi du 23 juillet 2016 relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés

Mir fänken de Mëtteg eis Sitzung mam Projet de loi 7349, enger Rei Direktiven am Beräich vun den Investmentfongen, un. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet ginn eng fënneg europäesch Reglementer operationaliséiert an an nationaalt Recht iwwerdroen.

D'Zil vun dësen Reglementer ass et, verschidden Dispositiounen am Beräich vun den Investmentfongen an der Titrisatioun ze vereinfachen an ze harmoniséieren, dëst an der Optik, fir Investitiounen an déi europäesch Wirtschaft an Entrepreneuren ze encouragéieren. Dat dréit dozou bäi, d'Integratioun vun den europäesche Kapitalmäert ze verdéieren - e wichtege Chantier, fir déi real Wirtschaft mat de Finanzéierungsméiglechkeeten ze versuergen, déi se brauch, fir se weiderzuentwéckelen, respektiv fir nei Entrepreneuren ze férdere.

Här President, erlaabt mer kuerz, op déi eenzel Texter anzugehen an ze erklären, em wat et

geet: Et si relativ technesch Projeten, mä déi zwee éischt Reglementer bezéie sech zum engegen op déi europäesch Risikokapitalfongen an zum aneren op déi europäesch Sozialentreprenuriatsfongen.

Mat dësen Reglementer sinn zwee Labeler fir dës Zorte vu Fonge geschaf ginn, fir Investissementer an net cotéiert kleng a mëttelgrouss Betriber méi attraktiv ze maachen. Op dës Manéier sollen d'PMEen ënnerstëtzt ginn, fir u Kapital ze kommen a fir zum Beispill hir Aktivitéiten auszubauen oder hire Betrib ze moderniséieren.

Gläichzäiteg ass de reglementäre Kader europawäit harmoniséiert ginn, fir dass dës Fongen och ouni Schwieeregkeeten an der ganzer EU kommerzialiséiert kënne ginn. Am Kader vum Aktiounsplang fir eng Unioen vun de Kapitalmarché si verschidden Amendementer ugeholl ginn, déi och an engem mat dësem Gesetzesprojet transposéiert ginn. Sou sinn zum Beispill déi genannte Fongen opgemaach gi fir Gestionnaire vu Fonge vun alle Gréissten, mam Zil, d'Investissementer weider ze encouragéieren.

Dat drëtt Reglement bezitt sech op déi europäesch Fonds d'investissement à long terme. Och bei dësem Reglement geet et virun allem drëms, d'Investissementer an déi europäesch Wirtschaft op laang Siicht ze dynamiséieren a méi interessant ze maachen. Zu dësem Zweck gëtt en harmoniséierten europäesche Kader geschaf, ebe fir dass déi betrafte Fongen iwwert déi innereuropäesch Grenzen ewech vermaart kënne ginn.

Véiertens, d'Reglement iwwert d'Fonds monétaires vereenheetlecht déi aktuell Regeln op EU-Niveau. Dës Zort Fonge spille besonnesch bei kuerzfristeger Finanzéierung vun öffentleche Verwaltungen oder Finanzinstitutiounen eng wichteg Roll. Donieft gëtt och bei verschiddenen Oplagen nogebessert, fir d'Resilienz vun dësen Fonge vis-à-vis vun externe Schocke weider ze verstärken.

Deemno ass dësen Text och am Sënn vun enger méi grousser Stabilitéit vum Finanzmaart.

Dat lescht Reglement schliisslech schafft en neie Kader fir einfach, transparent a standardiséiert Titrisatiounen. De Label, deen an deem Kontext geschaf gëtt an deen nëmmen un déi Titrisatioun vergi gëtt, déi net manner wéi 50 verschidde Kritäre respektéieren, erlaabt et dësen, vun engem Traitement prudentiel préférentiel ze profitéieren.

De Gesetzesprojet bestëmmt dann och déi kompetent Autoritéit, an eise Fall d'CSSF, definéiert méi präzis hir Pouvoiren a Sanktiounen, déi iwwregens an hirem Ausmooss vun der Chambre de Commerce kritiséiert gi sinn, déi verhaange kënne ginn.

Als leschte Punkt gëtt nach dat ofgeännert Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsektor modifizéiert. Et handelt sech heibäi virun allem em zwou kleng a punktuell Modifikatiounen respektiv Rektifikatiounen.

Här President, zum Schluss nach e puer Wuert zum Historique vun dësem Dossier. De Gesetzesprojet gouf de 6. August 2018 vum Finanzminister deposéiert. An der Sitzung vum 9. Januar huet d'Kommissioun mech als Rapporteur genannt.

De Statsrot huet säin éischten Avis den 12. Mäerz veröffentlecht. An dësem Avis ware verschidden Opposition-formellen. Esou huet déi héich Kierperschaft zum Beispill verlaangt, dass d'Pouvoire vun de kompetenten Autoritéite méi präzis definéiert sollte ginn.

De 24. Mee huet d'Cofibu eng Rei Amendementer ugeholl. Doropshin huet de Statsrot a sengem zweeten Avis vum 2. Juli all seng Oppositioniounen, Opposition-formellen opgehewen a gréng Luucht gi fir dësse Projet. Mäi schréffleche Rapport ass an der Sitzung vun der Finanzkommissioun vum 5. Juli ugeholl ginn.

An, Här President, dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Arendt. Eischten ageschriwwene Riedner ass den Här Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech war zwar net ageschriwwen. Et war de Maître Mosar, géif ech mengen. Mä ech iwwerhuelen awer gare seng Roll.

Ech soe selbstverständlech zum Ufank dem Guy Arendt Merci fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport. Mä ech wëll domadder abegraifen all déi vill fläisseg Hän, déi op techneschem Niveau gehollef hunn, fir dee Gesetzesprojet do hinzekeieren: Dat sinn d'Leit aus dem Finanzministerium, vun de Verwaltungen, awer och alleguerten déi Leit, déi aus deem

Milieu hëllefen, fir dass mer esou Direktiven a Reglementer schnell kënnen ëmsetzen.

Wann een dat esou lauschtert, da muss ech soen: Dat hei ass eigentlech e bëssen typesch lëtzebuergesch! Mir bréngen et fäerdeg, gëschter eis geschloe fënneg Stonnen d'Käpp anzuschloen, a wann et dann awer drëms geet, fir d'Interesse vun eise Land ze verrieden a ganz sensibele Secteuren ...! Et muss een ...

(Interruption et brouhaha)

Jo, jo! Et muss ee wëssen, dass d'Fonds-d'investissemementen - an dat huele mer gären zur Kenntnis, et gëtt zwar oft dobausse relativ negativ geschwat vun eenzelne concernéierte Milieuen -, mä et muss ee wëssen, dass d'Fonds-d'investissemementen eleng un Lëtzebuerg iwwer eng Milliard nëmmen eleng un Taxe d'abonnement d'Joer erabréngen, wat eis am Wesentlechen erlaabt, och eise favorabele Regimm vun der Sécurité sociale matzefinanzéieren, mat allen anere soziale Moosnamen, déi d'Regierung zesumme mat der Chamber deene Leit, deenen et manner gutt geet am Land, och zeguttkomme léisst.

Dat gesot, soen ech Merci. An ech gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Roth. An da wier et um honorabelen Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Och vu menger Säit aus e Merci un de Guy Arendt fir säi gudden mëndlechen a schréfflechen Rapport. Et ass alles gesot zu dësem Projet, wat et mir erlaabt, den Accord vun der LSAP-Fraktioun ze bréngen.

Voilà! Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An dann datselwecht vum honorabelen Här Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll dann natierlech och fir d'Eischt dem Rapporteur Merci soe fir seng ausféierlech Duerstellung hei, souwuel schréfflechen am Rapport wéi hei mëndlechen.

Ech wëll och d'Wichtigkeet vun dëser Ëmsetzung eng kéier ervirsträichen. Et sinn zwee Punkten, déi mir als Gréng och ganz begrëissen:

Dat ass, éischtens, dass déi mëttelstänneg, kleng Betriber och méi einfach zu Fonge kënne kommen. An en zweete Punkt, wat och ganz wichteg ass, dat sinn déi sougenannt SISEn, d'Sociétés d'impact sociétal, déi elo och heimadde ofgedeckt ginn. Dat heescht, dat ass och wichteg, dass net nëmme Betriber kënnen dovun profitéieren, déi reng op Gewënnbréngung aus sinn.

An, vläicht e bësse méi kritisches: Do war jo och e bëssen d'Diskussioun em d'Reglement iwwert d'Titrisatioun, wou gefrot ginn ass: Ass déi richteg Léier aus der Subprime-Kris gezu ginn? Ech mengen, ech ginn dovun aus, dass hei de Contrôle vum Risiko, deen do entsteet - Dir hutt virdu vun enger ganzer Rei vu Kritäre geschwat, déi hei an deem Reglement och virgesi sinn -, dass deen och d'Strooss hält, fir dass awer ëmmer kontrolléiert soll ginn.

Dofir kënne mir d'Wichtigkeet vun dëser Ëmsetzung nëmme begrëissen. An dofir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kox. An da wier et um Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och vun eiser Säit Merci un de Rapporteur. An ech bréngen och, wéi meng Virriedner, d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann dee Projet hei wichteg ass - an ech ginn dem Här Roth recht, datt et weist, datt d'Parlament, nodeem et da gëschter fënneg Stonnen laang iwwer en Thema diskutéiert huet, haut dann och pragmatisch an am Interêt vum Land kann handelen -, sollt een awer net vergiessen, datt mer hei vun Texter schwätzen, déi mer elo endlech en oeuvre setzen - an ech soen: endlech! -, déi vun 2013 datéieren. Mir sinn also hei erëm sechs Joer hannert deem hannendran, wat zu Bréssel beschloss gouf. 2013, 2015, 2017, dat sinn d'Joreszuele vun dësen Projeten, déi mer hei en oeuvre setze respektiv transposéieren.

Ech denken, datt et e groussen Effort war, fir déi Projeten alleguerten an een Text ze géissen, an datt mer awer an Zukunft vläicht net sollte sechs Joer waarden, ier mer e Reglement hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen, mä datt mer do e bësse méi zackeg virukomme mussen.

Wann et dann un de Moyene vum Parlament feelt, mussen mer bei de Moyene vum Parla-

ment nobesseren, wann et un de Moyene beim Statsrot feelt, beim Statsrot, oder wann et bei der Regierung hapt, mussen mer do eben nobesseren. Ech mengen, iergendwou wäert sech dat erklären loossen, an an Zukunft si mer e bësse méi séier, da verhënnere mer och, datt mer op ee Coup mussen ganz, ganz séier maachen.

Mä ech markéieren trotzdeem natierlech eisen Accord hei, well dee Projet immens wichteg ass fir d'Fongenindustrie zu Lëtzebuerg.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Fir d'Eischt meng Gratitude dem Guy Arendt, deen eis e ganz gudden mëndlechen Rapport gemaach huet an och en exzellente schréfflechen Rapport. Ech freeë mech natierlech, dass mer hei e Konsens hunn, well et effektiv wichteg ass.

Déi heiten Transpositiounen hunn all mat der Fongenindustrie ze dinn. An den Här Gilles Roth huet gesot, richtegerweis, dass d'Fongenindustrie mat der Taxe d'abonnement iwwer eng Milliard Revenuen an d'Statskeess erabréngt. Gradesou wichteg ass, dass mer zu Lëtzebuerg mat den Avoiren, déi hei geiert ginn, de Moment bei ronn 4.500 Milliarden leien, an Dollaren ausgedréckt iwwer 5.000 Milliarden. Dat heescht, mir sinn déi zweetwichtigst Plaz op der Welt fir d'Gestioun vun Investitiounsfongen.

Dat ass och ee vun de Grënn, firwat mer eis freeën, dass mer vun haut un d'Reunioun vun der Asian Infrastructure Investment Bank hei zu Lëtzebuerg hunn, fir hir véiert Réunion annuelle, déi éischt, déi ausserhalb Asien stattfënn, déi éischt, déi dann an Europa ass, an déi ass da grad zu Lëtzebuerg. A wa mir net esou eng attraktiv Finanzplaz hätten, da wären natierlech net esou vill Länner begehert gewiescht, fir grad bei eis déi Reunioun ofzehalen.

Dës international Bank, eng nei, déi et eréischt säit dräi Joer gëtt, ass en neien, wichtige Akteur fir Investissementer tëschent Asien an Europa a grad eng wichteg Bank fir nohaltege Finanzen.

Mä ech halen hei domadder op, wat d'Wichtigkeet vun der Finanzplaz a vun den Investitiounsfongen, fir hei nach zwou Remarken ze maachen. Richtegerweis ass ënnerstrach ginn, dass en Deel vun dësen Direktiven als Zil hunn, dass d'PMEen an, wéi den Här Kox et richtig gesot huet, d'Sociétés d'impact sociétal och hei Accès zu Kapital kënnen hunn, an deene verschiddene Formen, déi hei sinn.

Et läit mer awer och um Häerz, fir dem Här Clement seng Remark hei seriö ze huelen an en awer ze berouegen. Well, wéi ech de Moie mech da virbereet hu fir dat heiten, hat ech exactement déiselwecht Fro wéi Dir an hu menger Equipp gesot: „Jo, firwat hu mir dann elo esou laang bei verschiddene vun deene Saachen - well et si vill Punkten - misse waarden?“

An ech kommen elo op d'Argumentatioun zrëck. Et ass natierlech esou: Wann een den Dossier net ganz am Fong kennt, kann een dat iwwerhaupt net eraulesen. Also, ech hunn eng berouegend Noriicht fir lech, déi ass folgend: Mir haten eng Interpretatioun, mir - d'Regierung - an d'CSSF, dass déi Fongen, déi hei opgezielt sinn, déi Venture-Capital-Fongen, déi fir d'Sociétés d'impact sociétal an e puer anerer, dass déi en fait ofgedeckt ware vun der Direktiv AIFMD, Alternative investment fund managers directive, an d'CSSF huet eis ëmmer versichert: „Duerch d'akzeptatioun an d'Transpositioun vun där Direktiv si mir zoustänneg, fir déi Fongen ze surveilléieren.“ - Punkt eent.

Herno sinn Douppen opkomm, ob dat kloer genuch wär, dass d'CSSF zoustänneg ass. A wann ech vläicht just dem exzellente Rapport vum Guy Arendt dës Ajoute ka maachen: Den Hauptpunkt vun der Transpositioun ass ganz einfach, dass mir als Stat designéieren, wien d'Autorité ass, déi fir d'Surveillance zoustänneg ass. An dat ass evidentment hei d'CSSF.

Dat wëllt awer elo net heeschen, dass et an der Period vu virdrun net kloer war. A mir hu profitéiert vun der Ëmsetzung vum Règlement Titrisation, deen iwwregens automatesch applikabel ass säit dem 1. Januar vun dësem Joer, fir ganz kloer ze soen: Fir de Règlement Titrisation ass et d'CSSF, déi zoustänneg ass. A wa mer schonn dobäi sinn ze soen, fir wat alles d'CSSF

zoustänneg ass, hu mer da präziséiert fir déi Jore virdrun, wann do nach en Doute bestanen hätt, dass d'CSSF zoustänneg ass.

Entschëllegt, wann ech e bëssen an den Detail gaange sinn! Domat wollt ech soen: Hei ass kee pertinent Beispill, fir ze soen, dass mer en retard sinn. Ech wëll net soen, dass dat ni geschitt! Dat geschitt heiansdo! An dat versiche mer ze ënnerbannen. Mä konkret ass hei u sech, wat e Retard ubelaangt, näischt geschitt. An ech freeë mech, dass mer dofir och dann e Konsens hei hunn.

Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7349. Den Text steet am Document parlementaire 7349^e.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7349 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7349 ass mat 57 Jo-Stëmmen géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7349 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Claude Wiseler), Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7440 - Projet de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

2° de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire ;

3° de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;

4° de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;

5° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Mir kommen elo zum Projet de loi 7440 iwwert de Stage vun den Enseignanten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegeen: „The teacher matters.“ Oder op Däitsch: „Auf den Lehrer kommt es an.“ Dat ass e Saz, mengen ech, deen alleguerten d'Enseignanten an d'Studente kennen. Dat Zitat stamt vum renommierten Erziehungswissenschaftler, dem Neiséilänner John Hattie, deen a sengem Buch „Visible Learning“ eng Metaanalys gemaach huet iwwert den Afloss vun enger ganzer Rei vu Facteuren op de schouleschen Erfolleg vun engem Kand, vun engem Schüler. D'Konklusioun ass, dass et effektiv nach ëmmer haapt-sächlech op den Enseignant ukënnt. Dat schéngt evident. An ech mengen, dat ass och keng grouss Iwwerraschung.

Dobäi ass den Enseignant scho laang net méi nëmmen e rege Wëssensvermittler, dee säi Wësse vun uewen erof an d'Käpp vun de Kanner wéi duerch en Triichter eraschétt. D'Roll vum Enseignant ass mëttlerweil vill, vill méi diversifizéiert.

D'Aufgabe sinn natierlech op der enger Säit schoulescher Natur. Hien ass e Wëssensvermittler an en ass e Wëssenspreiwer. Op där anerer Säit gëtt et awer mëttlerweil eng ganz Rei Aufgaben, déi am ausserschoulesche Beräich ze fanne sinn. Haut ass den Enseignant och e Mediateur an e Moderator, en ass en individuellen Ennerstëtzer an der Klass, e kann en Assistant social sinn, en ass e Psycholog an en ass e Familljeberoder an et ass een, dee ganz, ganz oft muss encouragéieren. A gleef mer et, ech schwätzen aus Erfahrung: Et ass och een, dee ganz, ganz oft muss tréischten.

Déi verschidde Rollen, an déi en Enseignant an der Klass sprange muss, déi verdäitlechen am beschten, wéi villsäitig de Beruff ginn ass. Vun der Verantwortung vis-à-vis vun de Kanner, vis-à-vis vun den Elteren a vis-à-vis vun der ganzer Gesellschaft guer net ze schwätzen.

Besonesch usprochsvoll sinn awer déi éischt Joren. Dat ass net nëmmen bei engem Enseignant esou, dat ass an alle Beruffer esou. Déi éischte Kéier, wou een dat, wat ee geléiert huet, sief dat am Lycée, sief dat op der Uni, sief dat op der Héichschoul, an d'Praxis muss ëmsetzen, dat ass e ganz spannenden Exercice. An de Sprong an d'kaalt Waasser, dee muss sinn, och wann een am Ufank ëmmer e bësse struewelt.

Ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren, wéi ech meng éischt Klass hat zu Rued-Sir, dat war 1995, en zweet Schouljoer mat 13 Kanner. Dat war en éischt Schouljoer, wat iwwer 26 gaangen ass, duerfir sinn déi opgedeelte ginn. Ech hat Chance. An deen éischte Moment, wou een natierlech seng eege Klass huet, dat vergësst een ni! Wat mech zwar méi gepräagt huet, dat war meng zweet Rentrée dat Joer dro. Firwat dat esou ass, dat behalen ech léiwer fir mech.

(Brouhaha)

Ëmsou méi wichteg ass et, dass een nieft dem Studium och e gelongen an hellefräiche Berufseinstig kann duerchlafen. A genau dorëms geet et bei dësem Projet de loi, Kolleginnen a Kollegeen: Et geet ëm eng Beruffsaféierung, déi d'Enseignanten an den éischte Joren ënnerstëtzt.

Här President, ier ech op déi eenzel Verbesserung vum Gesetzesprojet ze schwätze kommen, erlaabt mer wannechgelift, de Projet a säi Kontext ze setzen!

Wéi Der wësst, huet d'Regierung mat der CGFP de 15. Juni d'lescht Joer en Accord iwwert den Avenant zum Gehälteraccord an der Fonction publique fonnt. Doraus ervirzestrichen ass s'cherlech d'Ofschafe vun der 80-80-90-Regel an déi allgemeng Reduktioun vum Stage an der Fonction publique vun dräi op zwee Joer. Déi eenzel Mesuren dovunner wäerten deemnächst mam Projet de loi 7418 och hei am Haus presentéiert an diskutéiert ginn.

Den Educatiounsministère profitéiert vun der Geleeënheet, fir och nach eng Kéier seng Stagemodalitéiten op de Leescht ze huelen, fir engersäits der Spezifisitéit vum Enseignantsberuff gerecht ze ginn an anerersäits, fir se der spezi-fescher Grondausbildung vun den Enseignanten unzepassen. Esou solle Stagekonditiounen geschäfe ginn, déi, éischstens, keen double Emploi mat der initialer Grondausbildung duerstellen an, zweetens, eng reell Plus-value fir dee frësch gebakenen Enseignant duerstellen.

Ech wëll ervirsträchen, dass dee Package, deen ech lech elo virstellen, d'Resultat vun engem laangen a konstruktive Gespréich mat allen Akteuren ass. De Minister huet den Dialog an de

Konsens gesicht an en huet se fonnt. Esou goufen nieft de Gewerkschaften och déi Haapt-betraffe vum Gesetz, nämlech d'Vertreieder vun de Stagiairen, consultéiert. An ech hu mer soe gelooss, et hätt eng grouss Kompromëss-bereitschaft op deenen zwou Säite ginn, fir zesammen no enger sénnvoller a flotter Léisung ze sichen. Et gouf sech op eng Rei Prinzipie géeneegt, wéi de Stage an d'Beruffsaféierung an Zukunft sollen ausgesinn.

Esou solle virun allem d'Kenntnisser an de Savoir-faire aus der Grondausbildung an Zukunft méi bei dësem Stage consideréiert ginn. Déi eenzel Formatioun solle besser op den Enseignant ofgestëmmt sinn, op seng Besoinen, op seng Interëten. Déi Formatioun soll besser op säi Profil zougesechnidde ginn. D'Formatiounen sollen iwwerdeems virun allem formativ sinn, dat heescht manner zertifikativer Natur. Fir d'Beruffsaféierung ze vereinfachen, sollen déi nei Enseignanten och eng besser Hëllefstellung vun deene méi erfuerene Kollege kréien a schlussendlech ass et och d'Approche vum Life-long Learning, déi hei soll méi gefuerdert ginn. Dat sinn d'Haaptkenter vun dësem Projet de loi.

Wéi gesäit dat elo konkret aus? Ech wëllt als Éischt op d'Dauer vum Stage agoen, ier ech da bei den Inhalt an d'Gewichtung vun de formativen an zertifikative Formatiounen kommen.

Dir wësst: Et gëtt an deenen ënnerschiddechen Ordres d'enseignement relativ verschidde Cas-de-figuren, well et eng ganz Rëtsch intervenanté gëtt mat ënnerschiddeche Grondausbildungen. Ech géif duerfir jeeeweils de Regelfall, also de Parcours vum Fonctionnaire A2 am Fondamental an dee vum A1 am Secondaire beschreiwen. De Rescht géif den zäitleche Kader vu menger Ried sprengen. Ech verweisen awer gären op de schréfleche Rapport an och op den Tableau, dee mer an der Educatiounskommissioun ausgedeeelt kritt hunn an deen och um Portail verdeelt ginn ass an deen Der do kënnst kucken, wann et lech interesséiert.

Am Fondamental geet de Stage elo, wéi am Rescht vun der Fonction publique, vun dräi op zwee Joer erof. Ech erënneren drun, dass mer dat schonn d'lescht Joer am IFENS-Gesetz esou ugepasst hunn, dass en ausgebildeten Enseignant, dee véier Joer Etude gemaach huet an dovunner mindestens 20 Woche Stage an der Schoul gemaach huet, säi Stage vun dräi op zwee Joer redzéiert kritt. Mat dësem Gesetzesprojet kann hir Stagezäit awer elo vun am Prinzip zwee Joer op ee Joer verkierzt ginn, wa si während hirer Grondausbildung eng Gesamtdauer vu mindestens 16 Woche Stage gemaach hunn. An ech mengen, dat dierft fir déi allerallermeescht de Fall sinn.

Och d'Stagiairen, déi den „certificat de formation pédagogique“ kruten - ech kommen duerno nach eng Kéier op deen ze schwätzen -, profitéiere vun där Reduktioun an hunn deemno nach just ee Joer Stage.

D'Stagiairen, déi vun där Méiglechkeet kënnen profitéieren, kréie fir dat lescht Joer en individuelle Formatiounsparcours zesummegeat, deen hire Kenntnisser an hire Besoine Rechnung dréit.

Am Secondaire hunn d'Fonctionnaire bis ewell eng Stagedauer vun dräi Joer gehat. Och hei gëtt d'Méiglechkeet vun enger Reduktioun vun engem Joer, dat heescht op zwee Joer, geschaaft, jee no Parcours a praktescher Erfahrung am Studiegang. Datselwecht géllt iwwregens och fir de Sous-groupe éducatif a psycho-social.

Dir gesitt: Am Secondaire ass a bleift de Stage nach ëmmer ee Joer méi laang wéi am Fondamental. Am Secondaire gëtt e jo op zwee Joer gekierzt. Den Ennerscheid huet awer natierlech en frétege Grond, deen Der alleguer kennt: D'Enseignanten am Fondamental, déi ginn nämlech, wéi kaum aner Fonctionnairen, scho während hirer Grondausbildung spezifescher a praxisorientéiert op hire spéidere Beruffswie preparéiert. Deem wëll den Educatiounsministère an Zukunft méi Rechnung droen.

Op där anerer Säit hu mer Fonctionnairen aus dem Secondaire, déi sech wuel an hirem Studium d'Fachwëssen ugéeeget hunn, mä déi awer normalerweis weéng oder guer keng pädagogesch an didaktesch Elementer mat op de Wee kruten. Aus deem Grond brauch et dann eben e weidert Joer am Secondaire, fir dat opzeschaffen.

D'Dauer vum Stage ass awer net alles. Vill méi wichteg ass dat, wat am Stage geléiert a vermittelt gëtt. Och hei kënnst et zu Verbesserungen am Interêt vum Stagiaire.

Fänke mer nees am Fondamental un! Bis elo ware 84 Stonne virgise plus 24 Stonne Legislatioun. Dat gëtt an Zukunft anescht opgedeeelt. An Zukunft gëtt et 30 Stonne Legislatioun an 30 Stonne praxisno Formatiounen au choix.

An der Formation générale kommen och zwou Thematiken derbäi, déi elo am Stage verdeift ginn: Dëst sinn eng Kéier de Volet vum Kanner-a Jugendschutz an op där anerer Säit den Date-schutz an de Volet vun den Droits d'auteur an den Droits des médias.

D'Legislatioun bleift déi eenzeg zertifikativ Epreuve am Stage. All déi aner Epreuve si reeng formativer Natur. Och de Memoire an de Bilan de fin de stage ginn deemno fir d'Enseignanten am Fondamental ofgeschaaft.

Komme mer elo erëm eng Kéier zrëck bei de Secondaire! Och bei hinne besteet déi eenzeg zertifikativ Epreuve nach aus dem Legislatiounsexamen. Zu den Epreuves formatives während deenen zwee Joer gehéieren ënner anerem zwou schréflech Produktiounen: zwee Bilans du portfolio an e Projet pédagogique de recherche-action. Och hei gëtt de Memoire ofgeschaaft.

Dir gesitt also, de Fokus vun deem neie Gesetz gëtt haupsächlech op déi formativ Epreuve geluecht. Manner Stress, manner Angscht, duerfir awer méi Zäit, fir sech an de Beruff eranzeknéien, a besonesch méi Zäit fir déi, ëm déi et am Endeffekt geet, nämlech ëm d'Kanner an déi Jugendlech!

Här President, nieft der Reduktioun vum Stage an der neier Gewichtung vun de formativen Epreuven ass eng weider Kärnesure vun dësem Projet de loi d'„période d'approfondissement“, déi sech nom Stage un d'Beruffsaféierung vum Enseignant drunhänkt. Zu dëser neier Période d'approfondissement gehéieren eng Rëtsch formativ Formatiounen, awer och Hospitatiounen an den „regroupement entre pairs“, well den Austausch ënner jonken Enseignanten immens wichteg ass an immens vill bréngt.

D'Zil ass et, dem Enseignant d'Beruffsaféierung ze erliichteren an hie bei sengen éischte Schrëtt als Enseignant ze ënnerstëtzen. Während där Zäit gëtt hien och vun engem méi erfuerenen Enseignant, engem sougenannten „conseiller pédagogique“, begleet an ënnerstëtzt. Wichteg ass, dass do Formatiounen, Begleitung an Echange ugebuede ginn, mä keng Examen méi do lafen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann elo zum Certificat de formation pédagogique, deen ech virdrun ugeschwat hunn. Am Fondamental suivéieren d'Chargés de cours vun der Réserve des suppléants während zwee Joer eng Formatioun iwwer op d'mannst 246 Stonnen. Dovunner sinn der 30 Legislatioun. Am zweete Joer kommen nach 30 Stonne Formation au choix derbäi. Well déi zertifikativ Elementer am Cycle de formation de début de carrière jo elo mat dësem Gesetzesprojet ewechfalen, kann een an Zukunft mam Certificat eng Dispens am Kader vum Fonctionnairesstage kréien. D'Passerell tëschent der Formatioun vun den Employéés an de Fonctionnaire soll domat vereinfacht ginn.

Och am Secondaire soll d'Formatioun vun de Fonctionnairen an Employéé méi openeen ofgestëmmt ginn, fir allen Enseignanten déi beschtméiglech Konditiounen fir d'Beruffsaféierung ze bidden. Am éischte Joer vum Stage wäerte se déiselwecht Formatioun suivéiere wéi hir Fonctionnaireskollegeen. Dat heescht, si maachen och déi zertifikativ Epreuve iwwert déi 30 Stonne Legislatioun. Den Employéé, deen duerno de Certificat de formation pédagogique an och de Concours packt, profitéiert deemno och vun der Reduktioun vum Stage vun engem Joer. D'Employéé kréien iwwregens och eng Personne de référence während hirer Stagezäit zur Säit gestallt.

Här President, ech wëllt awer och elo nach op d'Formation continue agoen. Et gëtt e ganz rezenten Arrêt vun der Cour administrative, deen déi reglementär Dispositiounen iwwert d'Formation continue vun den Enseignanten annulléiert huet. Dëse Projet de loi behieft déi Annullatioun, andeems en erëm eng legal Basis fir d'Formation continue schaaft. D'Enseignanté sinn also elo alleguere gesetzlech gehalten, iwwer eng Period vun dräi Joer verdeelt am Ganzen 48 Stonne Formation continue ze maachen.

Fir déi Stagiairen, déi elo grad am Stage sinn, gesäit d'Gesetz natierlech Dispositions transitoires vir. Dat war e grousst Uleies vun de Betraffenen, awer och vum Ministère. Allgemeng kann zu dësen Iwwergangsbestëmmunge gesot ginn: Wann dat neit Gesetz méi favorabel Konditiounen bitt wéi dat aktuell, da gëllen déi och fir déi Enseignanten, déi momentan am Stage sinn. Et soll keen duerch dëst Gesetz benodelegt ginn.

Här President, souvill zu de verschiddene Mesuren. Ech erspueren lech alleguerten d'Präzisierungen iwwert déi eenzel Dechargen an Indemnitéiten vun deenen ënnerschiddechen Akteuren. Dat fannt Dir alles am 154 Säiten décke schréfleche Rapport zrëck.



► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- De Statsrot huet sech besonnesch mat der neier Interpretatioun vum Artikel 23 vun der Verfassung beschäftigt. Effektiv huet d'Cour constitutionnelle elo rezent nach eng méi large Interpretatioun vun der Notion vum Enseignement gemaach, soudass an Zukunft vill méi Dispositionen am Detail wäerte mussen am Gesetz geregelt ginn.

Wann ee bedenkt, dass een elo fir eng halfe Stonn Decharge muss iwver e Projet de loi fueren, ech mengen, dat mécht d'Aufgab vum Ministère de l'Éducation nationale net méi einfach. An Dir wäert mech dann och nach méi oft hei uewe gesinn.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Dat ass gutt. Merci, Här Kartheiser.

Zum Schluss wéilt ech awer och nach e puer Mercie lassginn, engersäits der Kommissioun, de Kommissionsmembere fir hiert Versteesdemech, well mer nom Avis vum Statsrot an der Kommissioun hu musse richtig Gas ginn, fir dat heiten nach virun der Sommervakanz duerch de Plenum ze kréien, anerersäits awer och dem Här Minister a senge kompetente Beamte fir hir Explikatiounen an hir Disponibilitéit. An erlaabt mer haut e ganz, ganz besonnesche Merci un eis Kommissionssekretärin, d'Madamm Joëlle Merges, déi an de leschten Deeg awer enner engem ganz, ganz groussen Zäitdruck geschafft huet.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Här President, ech sinn der Meenung, dass dat heiten e ganz gutt Gesetz ass, wat deene jonken Enseignanten den Astig an de Beruff vereinfacht an hinne méi Zäit gëtt, fir sech em déi ze bekëmmere, em déi et am Fong geet: em d'Kanner. A wie mech kennt, dee weess, dass déi mir ganz besonnesch um Häerz leien.

Dëst gesot, géif ech lech Merci soe fir d'No-lauschteren an och schonn elo den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Mat dësem Projet de loi gëtt, esou wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, de Stage an der Grondschoul, am Secondaire, awer och vum sozioeducative Personal ugepasst. An ech soen dem Rapporteur och elo direkt villmools Merci fir säi komplette Rapport.

E gëtt ugepasst, e gëtt gekierzt: am Secondaire zwee Joer, an der Grondschoul just ee Joer. Deen zweetwichtigste Punkt ass: Et gëtt manner zertifizéiert Evaluatioun an der Grondschoul, just nach u sech d'Legislatioun. An am Secondaire ass et nach d'Legislatioun plus eng praktesch Epreuve.

Da ginn an dësem Gesetz verschidde Feeler verbessert. Do muss ech soen: Erëm emoll! An et gëtt e legislative Kader geschaf fir d'Weiderbildung. Dat ass och eng Reaktioun op e weidert Uerteel, wou den Här Minister verluer hat.

Ech hat awer zwou Méiglechkeeten, fir dëst Gesetz unzepak: Entweder ech wär an all Detail gaangen, an där Detailler gëtt et ganz vill, da wäeren déi 30 Minutte bal net duergaangen. Oder - ech hu mech fir déi zweet Méiglechkeet entscheet - ech maachen et zimlech kuerz, an dat ass ennerschiddleche Grënn.

Déi kruzial Fro, déi sech bei dësem Projet de loi stellt, ass u sech emol fir d'Éischt: Wéi eng Ziler gi mat dësem Projet de loi verfollegt? Wann d'Zil eng technesch Upassung un d'Fonction-publiques-Reform ass, da géif ech mengen, wär dat Zil erreecht.

Mä da muss ee sech awer froen: Geet dat duer? Wär net eng wichteg Fro zum Beispill gewiescht: Gëtt de Beruff vum Enseignant heider d'Zil attraktiv? Dozou géif ech soen: An der Grondschoul géif ech scho menge Jo, well am Prinzip alleguer d'Revendicatioun vum de Gewerkschafte berücksichtegt gi sinn. A mir begrëssen och hei ausdrécklech déi Kierzung vum Stage fir d'Enseignanten am Fondamental, well dat schonn ausgebildete Pädagoge sinn.

Eng zweet wichteg Fro, déi ee sech hätt kënnen stellen, wär zum Beispill: Kënnen mer mat dëser Reform d'Qualitéit vum Enseignement vläicht verbessern? Dat misst jo u sech emmer d'Haaptzil sinn, och d'Haaptzil vum engem Stage sinn. An ech weess net, ob dat Zil net iergendwéi aus den Ae verluer gaangen ass. Ech ka soen: Vläch gëtt et heimadder verbessert, vläch awer och net. Well ech kann et definitiv net soen. Dat Eenzege, wat ech ka soen, dat

ass, datt ech lech ka soen, firwat datt ech et net ka soen.

Well déi kruzial Fro, ob sech um Terrain heimadder eppes verbessert, déi konnte mer net behandelen. A firwat konnte mer déi net behandeln? Mä well - ech soen et awer elo nach eng Kéier - dës Regierung iwverhaupt net interesséiert ass, fir mat der Chamber doriwwer ze diskutéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, den 30. Abrëll krute mer een Avant-projet de loi presentéiert. Du war nach kee Gesetz do, mir haten also kee Gesetz virun Aen. Den 3. Juli war du virgesinn, de Projet de loi an d'Kommissioun ze huelen. An de 4. Juli war virgesinn, schonn de Rapport unzuhuelen. Dat war du geännert ginn: Dunn ass de 4. Juli nach eng Kéier 20 Minutten driwwer geschwat ginn.

(Mme Martine Hansen montre des documentations.)

Dat heiten ass d'Gesetz. De Rapporteur huet gesot: „140 Säite Rapport“ ..., oder 150 Säiten. Dat hei ass d'Gesetz. Hei sinn d'Amendement-gouvernementalen, déi mer och den 3. Juli hätte sollen diskutéieren. Dann hei de Conseil d'État. Dann hunn ech nach aner Rapporten net derbäi. An dat an annerhallwer Stonn duerchzemaachen, do froen ech lech: Ass dat normal?!

► **Une voix.**- Dat ass eng Katastroph.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- A wa jiddwereen, deen an där Kommissioun war, éierlech ass, da kann en net soen, datt en duerno d'Iwwersicht hat. Hie kann net soen, datt en dovunner iwverzeegt wär, datt dëst Gesetz gutt wär. An hie kann och net soen, datt en dovunner iwverzeegt wär, datt an dësem Gesetz keng Feeler méi dra wäeren. Mir war ee Feeler opgefall. Dunn ass eng Kéier e bësse ronderëm sech gekuckt ginn, dunn ass gesot ginn: „Mä et sinn där Feeler nach méi dran. Mir wäerten déi nach redresséieren.“ Dat ass net normal!

An u sech ass de Combel, datt den 3. Juli, wéi mir an der Kommissioun driwwer sollte schwätzen, dunn d'Invitatioun schonn erausgaangen ass un d'Stagiairen, fir déi muer ze assermentéieren. Dat heescht, schonn ier d'Deputéiert iwverhaupt d'Chance haten, richtig iwvert dee Projet de loi ze diskutéieren!

Et ass dem Minister, wann ech dat kann esou interpretéieren, definitiv zimlech „schnurzelg“, wat d'Chamber seet. An dat ass, et deet mer wierklech leed, et ze soen, erëm eng Kéier en Zeeche vun Arroganz. Mir sinn hei keen Unhängsel vun der Regierung. A mir sinn och kee Stëmmvéi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Datt den Här Meisch an d'Regierung genau dat wëllen an datt d'Majoritéitspartei genau dat matmaachen, beweist awer erëm eng Kéier dëse Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech an d'Politik komm sinn, ier ech hei an d'Chamber komm sinn, war ech emmer dovunner iwverzeegt, an ech mengen, datt déi meescht dobaussen dat och sinn, datt déi legislativ Aarbecht, déi hei geleescht gëtt, gutt ass. Wat jo u sech normal wär! Déi Meenung hat definitiv net laang ugehale.

Dat éischt grousst Gesetz vum Här Minister, d'IFENS-Gesetz, ech mengen, dat war am Juli 2013, ...

(Brouhaha général)

Den Här Meisch huet es elo genuch mat mir.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, wou ass d'Regierung?

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Här President, d'Regierung ass net do!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Et ka jo elo net sinn, datt deen erausgaangen ass!

(Interruptions diverses)

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, ech fannen och, dat do ass kee Respekt hei virun der Chamber!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- En ass elo erëm. Den Här Meisch kennt. E war duuschte-reg.

(Interruptions diverses)

Also dat éischt grousst Gesetz, ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Mosar, huet ...

► **Une voix.**- Här Mosar, berouegt lech emoll!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Dat verst mer! Dat verst mer!

(Interruptions)

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dat éischt grousst Gesetz vum Här Minister, d'IFENS-Gesetz, do ware Feeler dran ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert a soss keen.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- ... der Madamm Cahen hire Computer esou füttigemaach, Waasser iwver e geschott!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech hat och schonn do op d'Feeler opmierksam gemaach. An ech hunn och deemools gesot: „Mir wäerten dat Gesetz net stëmmen, well et si bestëmmt nach Feeler dran.“ Du ware jo och nach Feeler dran.

Et ass, wéi gesot, net normal, wéi hei geschafft gëtt! Virun zwou Wochen: Berufsausbildung; dunn hu mer Amendementer gemaach, fir zwee Feeler ze redresséieren. Et ass bewosst vun der Majoritéit gestëmmt gi mat de Feeler!

(Interruption)

An dat u sech wierklech am Beräich vun der Educatioun, wou mer de Schüler, de Studenten anstänneg Preparatiounen offerueren. Ech wënsche mer op d'mannst datselwecht vum Här Minister.

Wësst Der, iergendwann eng Kéier ... Et kann een e Fuedem ganz laang zéien, jee nodeem, wéi ee Material datt et ass, kann een e méi oder manner laang zéien, mä iergendwann eng Kéier fiert dee beschte Fuedem duerch. A mäi Gedolfsfuedem ass definitiv mam Här Meisch gerass!

Mir wäerten net géint dëse Projet de loi stëmmen, well mer fundamental der Meenung sinn, datt de Stage muss ugepasst ginn, a well och eng Partie gutt Punkten dra sinn.

Mir wäerten de Projet de loi awer net matstëmmen, well mer, an ech zielen lech just fënnf Punkten op: éischens, net wëssen, ob do duerch um Terrain fir d'Enseignanten, fir eis Schüler, fir d'Qualitéit vum Enseignement wesentlech Besserunge kommen, well mer net driwwer konnten diskutéieren; zweetens, well mer mat dësem Gesetz Ongerechtegkeeten net aus dem Wee schafen, déi awer do sinn.

An an deem Sënn deposéieren ech och hei eng Motioun, well mer gären hätten, datt d'Ongerechtegkeet vis-à-vis vun de Candidats sursitaires soll behuewe ginn.

Wannechgelieft, Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'entre 1999 et 2015, plus de 500 personnes ayant réussi le concours, le stage ainsi que l'examen pratique pour devenir professeur de l'enseignement secondaire, n'ont pas effectué de travail de candidature (TC) ;

- considérant que les fonctionnaires disposaient avant le 1^{er} septembre 2016 d'une décharge pendant une période de 18 mois pour élaborer un tel TC ;

- constatant que depuis le 1^{er} septembre 2016, aucun des nouveaux stagiaires n'a plus besoin de se soumettre à l'épreuve du TC ;

- constatant qu'après les modifications des dernières années, les chargés d'enseignement qui avant le 1^{er} septembre 2016, n'avaient pas besoin de passer un concours ou d'effectuer un stage ou les différents examens pratiques, reçoivent à ancienneté égale pratiquement le même traitement que les candidats-professeurs sursitaires ;

- constatant que le projet de loi sous référence vient à nouveau modifier de manière sensible les conditions du stage, de sorte qu'un stagiaire ne devra passer qu'une épreuve pratique ainsi qu'un examen en matière législative ;

- constatant que les enseignants, qui termineront leur formation après l'entrée en vigueur du projet de loi sous référence, pourront bénéficier de tous les avantages déniés aux candidats-professeurs sursitaires au motif que ces derniers connaissent parfaitement les termes de leur engagement, sauf que ces termes ont changé à plusieurs reprises ces dernières années respectivement ont été considérablement allégés ;

- considérant que cette situation discriminatoire à l'égard des candidats-professeurs sursitaires ne saurait se justifier plus longtemps,

invite le Gouvernement

à présenter au début de la rentrée scolaire 2019-2020 des mesures ayant pour objectif de mettre un terme aux discriminations vis-à-vis des candidats-professeurs sursitaires en prenant en compte les décharges dont ils ont bénéficié pour élaborer le TC sans que celui-ci ait été terminé.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Misch, Octavie Modert, Claude Wiseler.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dës Enseignanten hunn den normale Stage gemaach, hu just kee Memoire geschriwwen, e Memoire, deen een awer elo guer net méi muss schreiwen. Dës Enseignanten hunn awer en daitleche Carrièreknedeel.

Mir fuerderen d'Regierung op, fir bis Ufank vum nächste Schouljoer eng Léisung fir dëse Problem op den Dësch ze leeën, an dëst enner Berücksichtigung vun den Dechargen, déi si kritt haten, fir en TC ze schreiwen, dee se net geschriwwen hunn.

Drëttens: Mir fannen et nach wie vor schlecht, datt d'Stagiairen am Secondaire just an engem Ordre d'enseignement musse Schoul halen. Een, deen am Classique säi Stage gemaach huet, dee gëtt herno an der Berufsausbildung net eens.

Véiertens: Mir wäerten net derfir stëmmen, well mer net sécher sinn, ob dëst net schonns erëm e Gesetz ass mat Feeler. Ech mengen, gëschter huet den Här Bodry gesot: „Mir maache ganz dacks eng haseleg Aarbecht.“ Mä mir wëllen als CSV keng haseleg Aarbecht maachen!

A fënneftens: well mer net averstane sinn, wéi erëm an dësem Dossier de Geck mat der Chamber gemaach gëtt. De Minister setzt d'Chamber hei viru Fait-accompli. En Diktat, dat gëtt et vläch nach an der Schoul. Och do gëtt et et net méi ganz dacks. Mä an der Chamber huet dat op jidde Fall näischt verluer. Zumindest d'CSV-Deputéiert sinn hei keng Hampelmänner oder -frae vun der Regierung.

Mir wäerten eis also enthalen. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Nächste ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut fällt ville jonken Enseignanten e grouse Stee vum Häerz. Haut stëmme mer eng Rei gesetzlech Annerungen, déi virun allem eent als Zil hunn: deem jonken Enseignant de Start a säi Berufsliewen ze vereinfachen an hien nach besser dobäi ze begleeden.

Och wann déi meescht jonk Enseignanten elo de Stage hanner sech hunn, sou si se awer frou, dass se Gehéier fonnt hunn an hir Nofolger elo net méi déi Strapaze bei hirem Berufssastig op sech mussen huelen.

Dass mir e Gesetz, wat mer virun e puer Joer gestëmmt hunn, erëm op de Leescht huelen, evaluéieren an adaptéieren, schéngt mir en normale Werdegang vun engem Gesetz ze sinn. Émsou besser ass et, wann déi concernéiert Leit och mat dru schaffen, fir d'Gesetz ze verbessern. Dofir all deene jonken Enseignanten, déi de Stage elo hanner sech hunn, Merci fir hir vill konstruktiv Proposen, déi se an der Diskussioun hei materabuecht hunn.

Här President, wa mir eis bei enger Saach heibannen alleguer eens sinn, dann ass et wuel déi, dass mir alleguer fir eis Kanner déi beschte Bildung wëllen hunn. All Kand soll déiselwecht Chancen an der Schoul hunn, fir sech duerch d'Bildung beschtmeiglech op seng Zukunft kënnen virzubereeden. A grad eis als LSAP ass et wichtig, dass virun allem och Kanner aus méi schwache Verhältnissen duerch d'Bildung d'Chance hunn, sech eng Zukunft opzebauen.

De Kanner Wësse vermëttelen, dat mécht eis Léierpersonal. A fir dass si dat beschtmeiglech maache kënnen, muss de Kader fir si stëmmen. A mir brauche Léierpersonal, dat gutt forméiert, engagéiert a motivéiert ass.

Et ass onëmstridden, a vill international Etüden ennersträchen dëst: Den Enseignant huet eng Schlüsselroll bei der schoulescher Reussite vun de Schüler. Mir wëssen och all, dass Schoul halen haut vill méi vum dem Enseignant erfuerdert, wéi dat nach viru Joren de Fall war. Eis Schüler sinn haut anerer wéi viru Joren. Eis Gesellschaft ass eng aner wéi viru Joren. Villes huet geännert an d'Enseignantë stinn all Dag virun neien Defien.

Dass déi lescht Joren déi jonk Enseignanten och nach Erausforderungen an hirer Formatioun ze bewältegen haten, däärs si mer eis bewosst an hunn dozou och schonn am Mäerz heibannen an enger Aktualitéitsstonn diskutéiert. Mat deem Gesetz, dat mir haut stëmmen, setze mer déi Fuerderungen, déi déi jonk Enseignanten, d'Gewerkschaften a mir heibannen un de Minister gericht hunn, em.

Här President, déi wichteg Roll vum Enseignant war an ass nach ni a Fro gestallt ginn. Dat kann een och nach am IFEN-Gesetz vum 20. Juli 2015 noliesen, wou dat ganz kloer drasteet. Mä dëst Gesetz huet awer wuel iwver seng Ziler erausgeschoss. Am IFEN-Gesetz ginn nämlech dräi Etappen an der Carrière vum Enseignant definéiert. Déi berufflech Entwécklung

vum Enseignant ass e Prozess, dee sech iwwer säi ganzt Berufsliwien zitt. Déi éischt Etapp ass déi initial Formatioun, während där den zukünftigen Enseignant d'Basiskonntnisse vum sengem Beruff erléiert. Déi zweet Etapp zeechent sech duerch d'Ausübe vum Beruff um Terrain aus, déi begleet gëtt vum engem Stage. An déi drëtt Etapp an der Entwécklung vum Enseignant ass d'Formation continue, déi dem Enseignant hëlleft, seng Kompetenzen ze perfektionéieren.

2015, wéi de Stage an der Fonction publique fir all Statsbeamte vum zwee op dräi Joer eropgesat ginn ass, hunn och d'Schoulmeeschteren amplaz vum dem Accompagnement, dee bis dohinner virgesi war, e Stage operluecht kritt. Schwätzt een haut mat Leit, déi am Stage sinn oder waren, dann héiert ee vill Kriticken, ouni dass een de Stage u sech a Fro gestallt huet. Eng Begleedung beim Berufsstart ass ganz sënnavoll fir dee jonken Enseignant. Och seng Kompetenzen ze verbesseren oder ze verdeiwelen ass eng Saach, déi net ze contestéieren ass.

Mä réckbléckend muss een agestoen, dass där spezifescher Situatioun vum den Enseignantsstagiaires net genuch Rechnung gedroe ginn ass a probéiert ginn ass, si an e Kader eranzedrücken, deen hirer spezieller Situatioun net Rechnung gedroen huet. Et war probéiert ginn, d'Stagekonzept vum der Fonction publique och op d'Schoul ze applizéieren.

D'Kriticke si ganz ënnerschiddlech vis-à-vis vum Stage. Dëst geet vum ze vill Matière, déi keng reell Plus-value huet, mä wat éischer Widderhuelungen aus dem Studium sinn, iwwert den Zäitopwand am Generelle bis hin zum Manktum un Zäit mat de Kanner an der Schoul oder bis hin zu Kriticken iwwert de Fonctionnement vum IFEN selwer.

D'Stagiaires hunn a verschiddene Länner studéiert. Dofir sinn d'Kompetenzen am Ufank vum Stage och ganz ënnerschiddlech, well déi verschidde Systemer an de verschiddene Länner ënnerschiddlech Schwéierpunkte setzen. An der Belsch ginn aner Schwéierpunkte gesat wéi an der Schwäiz oder op der Uni.lu. Dofir bréngt net all Formatioun all Enseignant eppes. Dat heescht, déi eng hunn d'Matière scho gesinn, déi aner si frou, dass se déi Formatioun maache kënnen. Ganz kloer muss et hei méiglech sinn, dass all Enseignant sech déi Formatioun kann eraussuchen, déi him neit Wësse vermëttelt.

Da gouf och den Zäitopwand net wierklech berücksichtegt. Och wann d'Enseignantë fräigestallt goufe fir verschidde Formatiounen, huet hinnen awer an hirer Fräizäit Zäit gefeelt, fir sech op hir Stonne virzubereeden. Virun allem ass et net gutt, wann op eemol d'Kanner selwer drënner leiden, wann den Enseignant net genuch Zäit huet, fir seng Stonnen ze preparéieren.

D'Verhältnis mam Conseiller pédagogique gouf duerch d'Evaluatioun gestéiert. Den Enseignant hat net d'Méiglechkeet, e richtegt Vertrauen opzebauen an dem Tuteur seng Schwächen unzevertrauen, well um Enn vum der Relatioun eng Bewäertung stoung.

Och huet de Stage dem Enseignant net a sengem Selbstbewusstsein weidergeholfen. No laangem Studium huet de Stagiaire weider sech misse beweisen, andeems hien Aarbechten ofginn huet, op déi hie bewäert ginn ass. An och Stagiaire ze sinn, huet dem jonken Enseignant net an der Relatioun mat den Eltere geholfen. Den Enseignant muss dora bestätegt ginn, dass hien e fäerdeg forméierten Enseignant ass an net nach muss dräi Joer no der Uni weider Formatiounen maachen, fir eréischt dann e fäerdeg Enseignant ze sinn.

Här President, wéi och scho virdu gesot, sinn déi jonk Enseignanten eigentlech net derfir, de Stage ofzeschaffen. Mir hunn och dofir ganz vill konstruktiv Propose gemaach, wéi een de Stage kéint emgestalten, fir dass e sënnavoll wär, hinne keng wichteg Zäit bei der Virbereedung vum hirer Aarbecht um Terrain forthuele géif, a wéi se hiert Wësse perfektionéieren kéinten.

Déi Verännerungen, déi mer haut stëmmen, goufen deemno zesumme mat deene concernéierte Leit ausgeschafft. Zum Beispill ass elo och den IFEN amgaangen, nach weider Coursen auszeschaffen, déi der Nofro vum den Enseignantë gerecht ginn. Ofgesi vum der Legislatioun, de Rechter vum de Kanner an dem Dateschutz si vill nei Iddien op den Dësch komm, fir nei Formatiounen unzestellen.

E Beispill, dat mer kierzlech nach vum engem jonken Enseignant zougedroe ginn ass, si Coursen am Émgang mat Kanner an Elteren, déi néideg wäeren, well do oft viles net optimal

leeft. Zum Beispill ass net all Enseignant gutt genuch iwwert d'Servicer an d'Prozedure vum SCAS, dem Service central d'assistance sociale, informéiert. Och d'Centres de compétences kéinte sech a Coursé virstelle kommen an hir Aarbecht den Enseignantë besser erkläre kommen, fir dass déi hir Aarbecht besser den Eltere vermëttelt kréien. Oder et wär och gutt, wann den Enseignant an engem Cours méi Informatiounen iwwert d'Aarbecht vum der Mediatrice oder den Iwwersetzungssevicier kéint kréien.

Wéi gesot hunn d'Enseignantë selwer och ganz vill Iddien, wéi eng Coursen een um IFEN kéint ubidden, déi si an hirem Alldag bei hirer Aarbecht nach besser begleet kéinten. An dat ass e wichtige Punkt: dass et an Zukunft och e gudden Echange zwëschen dem IFEN an den Enseignantë gëtt.

Eis als LSAP ass et wichtig, dass mir d'Enseignanten esou gutt wéi méiglech bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen, well si hunn d'Zukunft vum eise Kanner an der Hand. Dofir ass et wichtig, dass si hir Aarbecht gäre maachen, engagéiert a motivéiert sinn.

A fir hir Aarbecht solle si och deen néidege Respekt vum eis alleguer, vum den Elteren a vum de Kanner kréien. Well déi Etüd, déi kierzlech vum SEW verëffentlecht ginn ass, huet gewisen, dass net jiddereen zefridden ass: 50 % vum de Stagiären, dat heescht Enseignanten, déi eréischt zwee Joer dobäi sinn, géifen elo schon de Beruff net nach eng kéier wäelen. An dat ass frappant. Dofir muss sech virun allem eppes bei deene jonken Enseignanten änneren. Si mussen méi Ennerstëtzung bei hirer Aarbecht kréien.

A mat dese gesetzlechen Ännerungen, déi mer haut hei stëmmen, gi mer e Schratt an déi Richtung, fir déi jonk Enseignanten, déi grad an d'Beruffswelt kommen, besser ze ënnerstëtzen.

Här President, ech wëll elo net op all eenzel Ännerung agoen, dat huet de Rapporteur, de Gilles Baum, scho gemaach, an ech wëll him och dofir Merci soen.

Mir wäerten haut mat deene gesetzlechen Ännerunge Verbesserung virhuelen. De jonken Enseignant kritt elo e Stage sur mesure. De Feeler an der Vergaangenheet war, wéi scho gesot, dass et quasi en einfache Copy-paste vum Stage an der Fonction publique war, deen der Realitéit an de Spezifisitéite vum Enseignantsberuff net genuch Rechnung gedroen huet.

Et muss kloer sinn, dass och an Zäite vum Stage d'Aarbecht mat de Kanner am Mëttelpunkt muss stoen. D'Preparatioun vum de Coursen ass extrem wichtig, fir d'Qualitéit vum Enseignement ze assureieren. Dofir muss och während der Stagezäit séchergestallt sinn, dass den neien Enseignant genuch Zäit huet, fir seng Coursen ze preparéieren, well engem grad am Ufank vum senger berufflecher Carrière Saachen heiansdo méi laang Zäit huelen, well ee se fir d'éischte kéier mécht.

Déi duebel Belaaschtung vum, op där eng Sait, dem Stage a senger sellechen Obligatiounen an, op där aner Sait, dem Schoulunterrecht ass weder optimal fir d'Virbereedung vum de Coursen nach optimal fir den Enseignant selwer. Dofir soll des Zäit och reduzéiert ginn.

Mir als LSAP begrëssen dofir ausdrécklech d'Erofsetze vum der Stagezäit an triede weider derfir an, dass de Stage am Fondamental ewéi am Secondaire de Bedierfnesser vum de Stagiären ugepasst gëtt. De Stage soll keng Schikan, mä eng Hëllef fir de Stagiaire sinn, fir sech a sengem Beruff zurechtzefannen.

Här President, fir eis als LSAP ass et och kloer, dass mir weider mussen derfir suergen, wann eis Gesetzer iwwert d'Zil erausschëssen oder d'Zil net erfëllen, dass mer se upassen. Och an Zukunft muss mer d'Situatioun an eise Schoule ganz genau beobachten an analyséieren an, wann néideg, eis Gesetzer upassen.

Ech si frou, dass mir mat dese gesetzlechen Ännerungen de jonken Enseignant besser a sengem Start begleet kënnen. Fir eis Kanner brauche mer déi beschten Enseignanten. Dofir brauche mir och fir si déi beschte Begleedung.

An domat soen ech lech Merci fir d'Noleschteren a ginn natierlech den Accord vum menger Fraktioun. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Burton. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Enseignanten, den neiseilännesche Bildungsfuerscher John Hattie - den Här Baum huet et scho gesot - huet sech a senger weltwäiter Etüd vum 2009 mat den Aflëss op positiv Léiererfahrung vum Schüler ausereegesat a koom zu enger grondleeënder Konklusioun: Dee gréisste positiven Impakt op d'Leiere vum Schüler huet e

gudden Enseignant. Infrastrukturen, d'Schoulreform oder speziell Léiermethode sinn éischer zweetrang am Verglach zum Aflossfacteur, deen e gudder Proff kann hunn.

Énnert dem Bléckwénkel solle mer och dese Projet de loi kucken an debattéieren. Wéi kënne mir an eiser struktureller, politescher Aarbecht garantéieren, fir déi beschtméiglech Enseignantë fir eis Kanner a Jugendlecher ze hunn an esou d'Qualitéit vum eiser éffentlecher Schoul sécherzestellen?

Dësen Usproch hu mir haut an dem hiejen Haus, mä hunn och d'Enseignanten um Terrain. Si schwätzen, mat Recht, vum enger Berufung vill méi wéi vum engem Beruff. E Beruff, deen nach méi usprochsvoll ginn ass, dee mat méi an neien Erausforderungen ze kämpfen huet. An e Beruff, dee vill Energie kascht.

Ech hunn am Virfeld vum dëser Ried no Feedback an Erfahrung vum Stagiären am Enseignement fondamental a secondaire gefrot a krut iwwerwältigend vill Réckmeldungen. Beim Liese mierkt een eppes virun allem: Do si Leit, déi hire Beruff mat Leidenschaft an Engagement maachen. Si hu vill kritesch Réckmeldungen ginn zu hiren Erfahrungen am Stage, waren awer oft och do nuancéiert, hu Best Practices a positiv Momenter gelueft an ervirgestrach a frustrant Erlebnisse mat net manner Leidenschaft beschriwwen.

Eng Zesummeffaassung ze maachen, ass schwéier. D'Erlebnisse sinn individuell. Mä wat se verbënnen, ass d'Kärausso, dass e Stage néideg a wichtig ass an d'Begleedung an d'Ennerstëtzung wellkomm sinn.

Direkt dorunner koppelt sech awer och d'Ausso, dass e soll sënnavoll sinn. Dat bedeit: keng onnéideg Widderhuelungen, administrativ Hürden a keen onnéidegen Drock, fir ze verhënnern, dass sech den Enseignant méi mat de sougenannten „Produktiounen“ an aneren Aufgaben ausereesetze muss wéi mat senger Schüler.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Am Kader vum Accord tëscht der Regierung an der Fonction publique gouf decidéiert, d'Stagedauer am Enseignement ze verkierzen. Dofir beträff s'eng, ni dem Fondamental an dem Secondaire, och dat educatiiv an dat psychosozial Personal vum Stat.

Et gouf awer och vum dëser Ännerung profitéiert, fir un der inhaltlecher Ausriichtung vum de Stagen ze schaffen. Während mer iwwert de Rescht vum der Fonction publique eréischt no der Rentrée diskutéieren, setze mer eis haut mam Enseignement ausereen, fir dass des Dispositiounen fir dat neit Schouljoer kënnen a Kraaft trieden.

Jo, Madamm Hansen, et huet misse schnell goen. An ech hätt mer och gewënscht, ...

(**Interruption**)

... dass mer méi laang hätte kënnen Zäit hunn, fir et an der Kommissioun ze diskutéieren. Et bréngt awer näischt, wa mer wëssen, dass do eng ganz Generatioun vum Stagiären dovunner beträff ass, wéi eng Decisiounen mir elo huelen, wa mer elo nach eng kéier, zwou, dräi kéiere méi laang driwwer diskutéieren an déi dann drënner leiden an op der Waardebank setzen. Ech mengen, dass et do wichtig ass, dass mer ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Bernard, erlaabt Dir, datt d'Madamm Hansen lech eng Fro stellt?

(**Brouhaha**)

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - ... dass et do wichtig ass, dass mer och emol kënnen effikass a schnell driwwerschaffen, zum Wuel vum Enseignant an zum Wuel och deementsprechend vum de Schüler a Studenten.

Jo, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci. Ech wollt just richtegstellen, datt ech och net wëll, datt dat net virum Summer kënnt. Ech wëll just soen: Sou wéi e Schüler soll och e Minister matzäit ufänken, fir der Chamber Zäit ze ginn, datt se sech ka preparéieren. An déi Zäit krute mer definitiv net, vu datt mer ze spéit ugefaangen hunn.

Merci.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Ech hu keen Afloss op de Kalenner vum der Chamber, wëll ech just soen, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... d'Majoritéit, pardon!

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Dëst Gesetz bréngt et esou notament fäerdeg, dass mer ni dem Verkierzen och e méi eenheetlechen a kohärente Stageparcours fir all Beruffer vum der Éducation nationale ubidde kënnen. Eenheetlech am Sënn vum openeen ofge-

stëmmt, wa mer de Fondamental an de Lycée kucken, an trotzdeem leet dese Projet de loi e grouse Wäert op d'Differenzéierung, wat d'Dauer an d'Ufuerderungen ueget. Dës erlaben et dem Enseignant, op senger bestoenden Erfahrungen, Ausbildungen a Formatiounen opzebauen. An amplaz vum villen, oft onnéidege Widderhuelung kann de Stagiaire vu Reduktiounen bis zu engem Joer profitéieren, wann e scho pädagogesch Erfahrungen um Terrain respektiv bei senger Initialausbildung eng pädagogesch Ausbildung erfuer huet.

Dese Spagat, fir en individualiséierte Parcours fir déi jeeeweileg Stagen unzestellen, ass eng Erausforderung, déi déi lescht Generatiounen vu Stagiären konnte spieren. Si all kommen aus ënnerschiddlechen Ausbildungen, vum der Uni.lu, aus der Belsch, aus der Schwäiz, fir am Fondamental e puer Beispiller ze nennen, oder hunn am Beräich vum Secondaire ënnerschiddlech Fachstudien am frankofonen, germanofonen oder anglofone System gemaach, mat méi oder manner Fokus op d'Didaktik.

Dir gesitt, d'Parcoursen an d'Erfahrung sinn esou ënnerschiddlech wéi d'Proffe selwer. A fir si all eng Ausbildung unzestellen, ass eng Erausforderung un den IFEN an hir jeeeweileg Begleeder am Stage. Dëser Erausforderung hält sech des Reform un a probéiert, der allgemenger Tendenz gerecht ze ginn, den Acquis - d'Wëssen, d'Kënnen, d'Verständnis an d'Erfahrung - vum de vergaangene Parcoursen unzestellen.

Dës Kritik koom besonnesch vum den Enseignanten aus dem Fondamental, déi mat enger fäerdeg Ausbildung, entspreche Stagen an enger Ofschlossaarbecht ausgebildete Pädagoge sinn. Net méi spéit wéi am März hu mer bei der Heur d'actualité iwwert de Stage am Fondamental doriwouer geschwat an et huet sech e fraktiounsiwwergräifende Konsens erauskristalliséiert.

Eng Reduktioun vum Stage vum dräi op ee Joer mécht duerch Sënn, bleift awer och néideg, fir déi zwee Drëttel vum den Enseignanten, déi hir Studien net zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mat deenen anere Studenten op e gemeinsamen Nenner ze bréngen a se mat der Lëtzebuurger Realitéit begleedend a Kontakt ze setzen.

An „begleedend“ ass do d'Stéchwuert. Dat soll näamlech d'Käraufgab gi vum dem Stage. Deementsprechend ginn d'zertifikativ Momenter ofgebaut, soudass just nach de Legislatorexamen bleift. Dese mécht och duerch Sënn, well en dem Enseignant seng Rechter a Flichte verdäitlecht an em d'Legaal Handwiersgesschier mat op de Wee gëtt, fir seng Missioun esou gutt et geet ze erfëllen.

Déi aner Begleedung hält d'Form vum enger formativer Bewäertung un, bei där déi perséinlech a pädagogesch Begleedung vum enger Persoun mat méi Beruffserfahrung assureiert gëtt. Dësen Austausch an de Feedback vum a mat enger Vertrauenspersoun ass wesentlech méi wäertvoll, wéi wann des Persoun een och nach zousätzlech huet misse bewäerten.

D'Roll vum CP, also dem Conseiller pédagogique, a senger Begleedung gouf vum immens villen Enseignanten an hire Messagen u mech appreciéiert a gelueft. Ech zitieren hei ee vun de Kommentaren an deem Kontext: „Et ass gutt, eng Referenzpersoun ze hunn, déi engem hëlleft an een ënnerstëtzt. Déi Persoun soll als Aide-accompagnatrice oder -accompagnateur gëllen, deen den Enseignant-stagiaire ënnerstëtze kann, em net soe soll, wa en ze maachen huet, mä em op sengem Werdegang hëllef soll an em Conseile soll ginn.“

Eng weider Verbesserung bitt d'Individualiséiere vum Parcours, wat d'Coursen um IFEN ueget. Wéi virdu schonn ugedeit, mécht dëst duerch Sënn, well d'Beruffsfänger net ëmmer aus deemselwechten universitäre Kontext kommen an och um Terrain, jee no Schoul, aner Besoinen u Weiterbildung hunn. Besonnesch beim Volet vum IFEN koume vill Requite vum den aktuelle Stagiären eran. Vill hu sech duerch positiv zu de Formatiounen geäussert, allerdéngs emol Kriticken un der Organisatioun geäussert.

Ee Beispill illustriert dat besonnesch gutt. Zum Beispill gëtt et Formatiounen iwwert d'Bilansgesprécher mat den Elteren, déi dann awer no der Chrëschtvakanz stattfonnt hunn, wou all Mënsch seng éischt Experienze schonn domadder gemaach hat. Ech mengen, et gëllt, fir esou frustrant Erlebnisse dann och ze evitéieren an dat notzbar fir d'Stagiaires anzusetzen. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat och an Zukunft wäert geschéien.

Begrëssenswäert ass ausserdeem, dass sech d'Stagiaires hir Formatiounen elo méi individuell kënnen eraussuchen. An heizou sot een, vum deene ville Réckmeldungen: „Da kënne mer eis just fir verschidde Formatiounen umellen, déi mir och am Stage ugerechent kréien.“



Also, hie schwätzt hei vun der aktueller Situation. „Aner Formationen kënnen ganz interessant sinn an eise Besoinen entsprechen, mä mir kréie se net ugerechert. Dat verhënnert da leider, dass vill Enseignants-stagiaires vläicht un deene Formationen deelhuefen, wou se selwer nach Verbesserungspotenzial gesinn.“

Ech mengen, et sinn esou Situatiounen, deene mer mussen entgéintwieren, an dass se sënnebréngend solle si fir den Enseignant an dass se dann och entsprechend unerkannt ginn.

A genau op dës Kritik ass d'Reform agaanen a bitt besonnen duerch d'Période d'approfondissement zousätzlech Formatiounsméiglechkeeten. Hei hunn d'Enseignanten awer och e kloer Besoin geäussert, wat bis elo felt. An, Madamm Burton, ech mengen, mir hu mam selwechten Enseignant geschwat, well och hei gouf mir un d'Häerz geluecht, dass et dréms geet, fir besser ze léieren, wéi ee mat Elteren a Kanner aus sozial schwache Milieue kann a Kontakt kommen a mat deenen aneschtens schaffen, fir d'Vernetzungsaarbecht mam SCAS a mam SCAP ze férdere, fir d'Centre-de-compétences an déi nei Centres socio-thérapeutiques besser kennenzelieren, an och d'Médiatioun an den Iwwersetzungssevice sollten hei virgestallt ginn.

An dës Demande erschéngt mer immens pertinent, wéssend, dass mer vill zousätzlech Strukturen an deene leschte Joren derbäi kritt hunn. A mir mussen en immense Wäert drop leeën, dass d'Kommunikatioun an d'Vernetzung téscht dës Institutionen funktionéiert. Soss hu mer e Waasserkapp un administrativem a pädagogeschem Support erstallt, déi vum Terrain net optimal genotzt an an Usproch geholl kënnen ginn.

E weidere Punkt, deen d'Période d'approfondissement ausmécht a vum bisherege Stage iwwerholl gëtt, sinn d'Austauschméiglechkeeten ënnert den Enseignanten an d'Hospitatiounsméiglechkeeten. An all Beruff deet et gutt, sech mat Gläichgesënnten auszetauschen, Erfahrungen ze beschwätzen, ouni sech vis-à-vis vun engem Supérieur hiérarchique mussen ze genéieren, well ee vläicht eng méi „domm“ Fro gestallt huet.

Ech kommen dann elo nach kuerz op den Impakt vun der Reform op de Stage vum Enseignement secondaire. Och hei ännert sech natierlech d'Dauer vum Stage op zwee Joer. Dës ass net onbedéngt eng grouss Neierung, well et virun 2016 während Jorzéngte schonn de Fall war.

Dat, wat déi fundamental Neierung ass, ass, dass d'zertifikativ Momenter, also do, wou mat enger Nott bewäert gëtt, dass déi wesentlech reduzéiert ginn. Et bleiwen der nach zwee bestoen: de Legislatiounsexamen, deen, wéi beim Fondamental, och seng Legitimitéit huet, an d'praktesch Proufstonn, bei där am Ufank vum zweete Stagejoer d'didaktesch Fäegkeete vum Enseignant gepréift ginn. Dës hu se an hirer Formation spéciale vun 140 Stonnen iwwer formativ Momenter geléiert an ausgebaut.

Här President, ech wëll kuerz allgemeng op dës neie Fokus vun der formativer Bewäertung agoen. An der didaktescher Fuerschung ass haut unerkannt, dass dës Aart vu Bewäertung heiansdo méi motivéierend ass, well si am Géigesaz zu der zertifikativer de Léierprozess bewäert, während déi zertifikativ Bewäertung just d'Resultat kuckt.

Dës Aart vu Bewäertung ass näischt Neies a mir hu se allegueret schonn als Schüler selwer erlieft an domat ze di gehat. Mä wat nei ass: dass dës Aart vu Bewäertung elo méi e formale Charakter a méi Gewicht an der Ausbildung vun den Enseignanten am Secondaire kritt.

An dann ass natierlech ze hoffen, dass dat och seriö geholl gëtt. Natierlech ass dat och e Léierprozess, fir dës Aart vu Bewäertung richteg anzusetzen an trotz dem Feele vun Examen oder Notten vun de Stagiairen als Outil, fir ze léieren a sech ze verbessere, ugeholl ze ginn.

Trotz aller Formation a Begleedung ass et awer wichteg, dass nach ëmmer e puer zertifikativ Momenter bäibehale ginn, well schliesslech verfügen d'Berufsfänger am Secondaire, anescht wéi déi am Fondamental, am Prinzip net iwwer pädagogesch oder didaktesch Erfahrungen a Virkenntnisser. An et muss zu engem gewëssene Moment awer sécher gestallt ginn, dass si capabel sinn, dës usprochsvoll Aarbecht weider auszeüben.

Wierklech ze begrëssen ass och, dass d'Proufstonn - oder wéi bis elo d'Proufstonnen, déi sougenannt „période probatoire“ - net méi en zentraalt Element an der Ausbildung ass, op dat dee ganze Stage histeiert. Mir wëssen, dass esou eng Proufstonn oft éischer e kénstleche Charakter huet a guer näischt mat enger Schoulstonn am Berufsalltag ze dinn huet. An der Realitéit muss en Enseignant op Stéierungen am Unterrecht reagieren oder d'Progressioun vum Cours punktuell entschleunegen,

well Verständnisproblemer optauchen. De Stage soll den Enseignant op seng Praxis am Alltag vibereden an net just dorobber preparieren, dass hien déi Proufstonn iergendwa soll packen.

Mat der Reform kritt déi Proufstonn manner Poids, wéi dat bis elo war, mä si bleift trotzdem bestoen, well se wichteg ass. Dat gesäit een och elo schonn dorunner, dass d'Proufstonn net méi ganz zum Schluss vum Stage wäert stattfannen.

Besonnesch an der Ausbildung vum Proff ass et d'Erausforderung, fir eng Balance téscht der Begleedung an der Ausbildung mat Prüfung ze fannen. Den Defi un eis ass et, eng qualitativ héichwärtig pädagogesch a fachlech Ausbildung ze garantieren, mat Enseignanten, déi den neien Erausforderunge vun dëser Zäit gewuess sinn, an trotzdem keen ze grouse Prüfungsdruck op d'Proffen auszeüben, dass se sech während dem Stage nach ëmmer op hir Schüler kënnen konzentréieren.

Lifelong Learning mécht och virun der Schoul net halt. An dat ass och gutt esou an duerchaus kohärent an deem Sënn, dass den Enseignant während sengem gesamte Parcours eng Formation continue brauch. Mir begrëssen an deem Kontext och, dass dës Gesetz der Obligatioun déi néideg Base légale gëtt. Mir brauchen nämlech en Enseignement, deen der gesellschaftlecher Entwécklung net hannendruleeft, mä d'Enseignanten an d'Schoule proaktiv mat hëlt. Stéchwuert „Digitalisierung an iPad-Klassen“, fir just e rezent Beispill aus der Debatte ronderëm d'Digitalisierung vun der leschter Woch ze nennen.

Nieft dës grondleeënde Ännerung begrësse mir awer och, dass d'Stageparcours vum den Employéen nach méi deene vun de Fonctionnaires ugeglaach ginn. Hei gouf schonn 2016 wesentlech nogebessert, fir déi zwou Kategorie vun Enseignanten, déi awer um Terrain am Prinzip déiselwecht Aarbecht leeschten, méi no beieenezebréngen. Well si déiselwecht Aarbecht um Terrain maachen, begrësse mer, dass en Employé och zukünftig nach méi e vollwärtige Stage, äänlech wéi dee vum Fonctionnaire, soll maachen. Hir Formation kritt ënnert dem Titel „certificat de formation pédagogique“ eng legal Basis. Fir de Wiessel téscht de Carriären ze facilitéieren, ginn d'Passerelle méi einfach gestalt. Esou ass et och fir d'Employéé méi encouragéierend, fir den Examenconcours ze maachen.

Doduerch, dass de sougenannten TC uschlëssend vum Stage ewechfällt, stellt sech natierlech och d'Fro, wéi eng Auswierkungen dës Emstand op déi Proffen huet, déi en hätte misse schreiwene, et awer net gemaach hunn. Hei huet den Här Minister eis an der Kommissioun zugesot, dass sech ëm méiglech Léisunge säitens dem Ministère beméit géif ginn, an dat begrësse mer.

Ech kommen zum Schluss. Ech wëll awer nach ganz kuerz op d'Wichtigkeet fir d'Aarbecht an d'Planungssécherheet um Terrain ze schwätze kommen. Et ass nämlech wichteg, dass d'Konsequenze vun dëser Reform, dat, wat mir haut hei decidieren, fir all Betraffe kommunizéiert gëtt.

Betraff sinn nämlech net nëmme d'Enseignant-stagiairen, mä och d'Schoulcomitéen, d'Kommissiounen, d'Enseignanten, d'Formateuren an natierlech d'Stagiair selwer - dass si wëssen, wat déi nei Ännerung fir d'nächst Schouljoer fir si bedeiten. Si mussen wëssen, wou se dru sinn, wéi se sech opstellen a wat se ze maachen hunn. Hei géllt et, wéi bei villem, wat mer u Gesetzer a Reformen decidieren: Communication is key.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, wéi awer net ophalen, ouni dem Rapporteur Gilles Baum e ganz häerzleche Merci ze soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mündleche Rapport. An ech ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech mer all déi Rieden hei vun de Regierungsparteien ugehéiert hunn, hunn ech bal e schlecht Gewëssen, fir emol méi kritesch Akzenter an déi Diskussioun eranzebréngen.

(**Brouhaha général**)

Awer vertraut mer, ech iwwerwannen dat schlecht Gewëssen!

(**Hilarité et interruptions**)

Well ech mengen, et ass néideg, dass mer aus dem Detail e bëssen erauskommen an e bësse

méi e Bléck vu méi wäit op déi Entwécklungen hei elo werfen, déi mer gesinn.

Mir sinn als ADR sécher net dergéint, de Stage den Noutwendegkeete vun der Zäit unzepassen. Wat een dorënner versteet, ass vläicht eng aner Saach. Mä wann een elo, wéi hei, higee an u sech eng Verkierzung vum Stage virhëlt - an e méi einfach mécht, fir et kloer ze soen -, da muss ee jo och wëssen: Wat ass den Hannergrond?

Ass den Hannergrond e Wahlversprechen? En Accord, deen den 18. Juni 2018 ofgeschloss gouf, e puer Méint virun de Wahlen? A si mer elo hei all rekrutéiert, fir dat eent oder anert Wahlversprechen ëmzesetzen? Do géif ech soen, wéi d'Madamm Hansen et gesot huet: „Duerfir si mir als Parlament eigentlech net do.“ Ass et, fir méi Leit ze motivéieren, fir an den Enseignement anzetrieden, well mer jo Rekrutéierungsschwierigkeeten hunn? Ass et, fir Schwierigkeeten ewechzehuelen?

Ech mengen net, dass dat den Hauptproblem ass, firwat d'Leit hautzudaags net méi wëllen Enseignant ginn. Wann hautzudaags Leit Problemer hunn, fir an den Enseignement ze goen, dann ass et, well se net méi genuch Motivatioun opbréngen, well se gesinn, dass d'Schoulen u sech am Niveau permanent ofhuelen, dass hire Beruff eben net méi genuch respektéiert ass an dass esou vill Problemer mat Disziplin an de Schoule sinn, a well se mat all deene Situatiounen vläicht Problemer hunn a keng Loscht méi hunn, an esou e schéine Beruff eranzegeen.

Fréier wor den Enseignant einfach eng respektéiert Perséinlechkeet. Haut ass dat leider net méi ëmmer esou. Haut gëtt säi Beruff, säi Rôle an der Gesellschaft, trotz all deene schéine Wieder, déi mer elo héieren hunn, net méi héich genuch bewäert. An ech mengen, et ass do, wou ee soll usetzen. A wann een do usetzt, da kritt een och erëm méi Leit, fir an dee Beruff ze goen.

Mir hunn hei elo eng Situatioun, déi Onzufriedenheet schafft, an zemools bei deene Professeren, déi gesinn, dass anerer elo deen Travail de candidature do net méi musse schreiwene, dee si selwer nach gemaach hunn, dass Neier elo direkt den Titel Professer kréien, wou déi aner nach Professeur-candidat waren, bis den Travail de candidature geschriwwene gouf. An dowéinst ënnerstëtze mer och d'Motion vun der CSV. Ech mengen, mir hunn hei eng Problemsituatioun an déi muss geléist ginn.

Mä wann ech elo hei kucken, wéi déi Gambia-Regierung an deene leschte Joren iwwerhaupt mat der Problematik vum Stage an der Fonction publique ëmgaangen ass, da muss en awer feststellen, dass iwwert déi lescht sechs Joer e groussen Hin an Hier war. Fir d'Éischt ass déi allgemeng Harmonisierung vun de Stagen am Stat gepriedegt ginn. Duerno ass den IFEN komm. A beim IFEN si scho mat exakt genau darselwechter Floskelsprooch, déi mer haut héieren hunn, déi Reforme justifizéiert ginn, déi deemools agefouert goufen. A schonn deemools ass den Niveau erfogesat ginn. Schon deemools ass en administrative Waasserkapp geschafe ginn. A schonn deemools ass dat hei schéiergiet ginn. A mat genau deeneselwechte Floskeln, déi mer virun e puer Joer héieren hate bei den IFEN-Debatten, hu mer haut d'Justifikatioun fir déi Reformen héieren, déi eis haut proposéiert ginn.

Mir schwätze laanscht d'Problemer am Enseignement. Mir hale Rieden iwwer zum Beispill eng Upassung un dat Formativt oder eng méi héich Bewäertung vun deem Formativen an eng Limitatioun vun deem Zertifikativen op dat absolutt Néidegt. Ech gleewen dat net!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, dass domadder einfach verbonnen ass, dass mer wëlle soen: „Den Niveau geet permanent erof.“

An ech géif lech nach vläicht eng Iddi ginn, Här Minister: fir och nach dat Zertifikativt bei de Gesetzer ofzeschaffen. Et geet da vläicht duer, wa mer vläicht eng Introduction au droit fir jidderee maachen. A wien da wierklech e Problem huet domadder, dee soll dann e Conseil juridique am Ministère froen, da braucht Der och emol keng Zertifikatioun méi bei de Gesetzer. Da kënn Der déi och nach ofschafen!

Mir hunn hei einfach eng Reduktioun bis op den absolute Minimum vun deem, wat gefuerdert gëtt, an ech froe mech, ob laangfristeg den Enseignement net dorënner méi leit, wéi sech elo eventuell Avantage ze erhoffen, dass deen een oder deen anere sech méi motivéiert fillt, fir an esou e Beruff eranzegeen.

Mir hunn och an dem Stage am Lycée dee groussen Nodeel, dass de Stage nëmme nach an engem Ordre d'enseignement muss ge-

maach ginn, dem Classique oder dem Technique, an net méi an deenen zwee. Dat ass sécher keng gutt Entwécklung, well mer eben d'Flexibilitéit am Corps doduerch reduzéieren.

An da kommen ech op dee Punkt, deen och d'Madamm Hansen opgeworf huet, an et ass och dee Punkt, wou ech och soen: „Et geet einfach net méi!“ Dat ass deen, wou mer gesinn, wéi hei d'Chamber behandelt gëtt. Mir haten d'Beispill dës Woch. Mir haten d'Beispill, wou mer erausgaange sinn als Oppositioun am Kontext vun der Diskussioun ëm d'Fichiere bei der Police a bei der Justiz, wou mer gesot hunn: „Et geet duer!“

Mir haten hei och als ADR viru Kuerzem opbruecht, dass mer net méi dermat d'accord sinn, dass déi verfassungsméisseg Dispositiounen vun dëser Regierung net respektéiert ginn, dass eben alles muss iwwer Gesetz geregelt ginn an dass Accorden, international Accorden mussen an der Chamber ratifizéiert ginn. Och do hu mer gesot: „Dat geet net méi!“

Mir haten et beim Chineseschunterrecht, wou de Minister awer elo gesot huet, e mécht eng Base légale.

Awer mir kënnen net akzeptéieren, dass an zwou Chamberssitzungen e Gesetz hei vun 150 Säite soll duerchgepeitscht ginn. An ech wëll och soen: Ech kann och net akzeptéieren, wéi d'Madamm Bernard et elo probéiert huet, fir ze soen, mir géifen, wa mir dergéint protestéieren, d'Stagiairen als Geisel huelen, well mir eis praktesch duerch eisen Aarbechtsrhythmus oder duerch dee Seriö, dee mer wëllen der Diskussioun widmen, géife schëlleg maachen, wann da Leit net kéinte matzäit vereedegt ginn. Eng Vereedegung, déi fir muer ugesot ass, well d'Invitatiounen schonn eraus si fir d'Vereedegung vu muer, nach ier d'Gesetz hei gestëmmt wor!

Alles dat si Prozeduren, déi mir net akzeptéieren als ADR. Mir hätte gär, dass d'Parlament respektéiert gëtt. Mir hätte gär, dass den Enseignement am Niveau eropgeet, well et geet ëm d'Zukunft vun eisem Land, well mer iwwert d'Zukunft vun de Kanner schwätzen. An ech mengen, mir géifen alleguer eis wonneren, wa mer géifen erakucken an d'Praxis, wéi déi Ausbildung haut ausgesäit.

Ech wëll ophale mat engem Lien, deen ech maachen op eng Diskussioun, déi mer viru Kuerzem haten an der Kommissioun vun der Fonction publique. Do ass den Här Hansen komm, den zoustännege Minister, an huet eis gesot, wéi elo den Enseignement fir d'Beamten am Institut national d'administration publique leeft.

Do geet et vill ëm Gesetzer, well mir hätte jo gär, dass eis Beamten, déi d'Gesetzer mussen applizéieren, déi am Fondamental. Mä mir hunn als Deputéiert geléiert, oder op jidde Fall ech hu geléiert an ech wor verwonnert: Et gëtt keng Ex-cathedra-Unterrechtsforme méi am INAP. Et gëtt nëmme nach: spilleresch entdecken!

(**Interruption**)

An da stellen ech mer dann d'Fro: Wann dat schonn an enger Beamteschoul op déi Manéier geregelt gëtt, wéi gesäit dann den Unterrecht, och deen zertifikativen, hei am Stage aus? Wat léieren déi Leit wierklech nach iwwert déi Gesetzer, déi herno dee ganzen Enseignement solle steieren?

An engem Wuert: Mir vertrauen deenen Entwécklungen an der Education nationale net. Mir sinn net géint eng Reform vum Stage, mä fir eng Reform vum Stage, déi aus de Besoinen vum Enseignement eraus geduecht ass, fir en Enseignement vun enger héijer Qualitéit ze garantéieren. A mir mengen net, dass dat, wat eis hei proposéiert ginn ass, déi Konditiounen erfëllt!

A virun allem, Här Minister: Mir wäerte warscheinlech nach véier Joer eis méi dacks gesinn. Mä an deene véier Joer hoffen ech wierklech, dass mer kënnen virun der nächster Wahl op engem Punkt sinn, wou ee ka soen: An deene fënnf Joer, déi mer dann zesammen hei verbruecht hunn, hutt Dir vläicht geléiert, d'Parlament ze respektéieren!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Säit der Aféierung vum Stage fir d'Enseignanten am Fondamental an am Secon-



daire goufen eng Rei Hürden opgebaut, déi de Beruff vum Enseignant natierlech manner beléift gemaach hunn. Vill vun den Ufuerderungen un d'Enseignanten am Kader vum Stage si vun de Gewerkschaften an de betroffenen Enseignant-Stagiairen als onnéideg Strapazen empfongt ginn.

Gläichzäiteg hu mer eng Panoplie Reformen, d'administrativ Charge vun den Enseignanten ass geklommen an d'Konkurrenz téscht de verschiddene Kategoriën vum pädagogeschem Personal gouf agefouert. Ausserdeem koom et dann och am Dezember 2016 zu engem Accord téscht der CGFP an der Regierung, deen ënner anerem den 80-80-90-Prinzip fir d'Stagiairen an der Fonctioun publique agefouert huet. Domat gouf den Enseignants-stagiaires natierlech kee Gefale gemaach an de Beruff vum Enseignant nach e Stéck méi onbeléift.

D'Ausmooss dovun konnt ee schlisslech un der frapperanter Penurie u Léierpersonal gesinn, déi bei der Rentrée 2017 fir vill Onrou gesuergt huet. Iwwerhaupt gouf an deene leschten zwee Joer vill rumouert ënner den Enseignanten an den zukünftigen Enseignanten.

Wat d'Faass dann zum Iwwerlaffe bruecht huet, wor déi Saach mat de Quereinsteiger. Firwat effektiv sech no véier Joer Uni nach mat dräi Joer Stage krepéieren, wa quasi all méigleche Bachelorstudent direkt kann an de Stage goen an ee Joer vu senger Ausbildung gewonnen, a fréizäiteg ee Joer Pai?

Dat als Solutioun fir d'Penurie am Enseignement duerzestellen, war e ganz schlechten Zuch.

Am Januar 2019 koom et am Casino syndical zu Bouneweg zu enger gréisserer Mobiliséierung vun den Enseignanten. Zu 250 hu si sech nach eemol mat hire Forderungen un de Bildungsminister adresséiert. Et ass ëm eng grondsätzlech Reform vum Stage gaangen, wat esou vill heescht wéi eng Unerkennung vun de Kompetenzen vun den Enseignants-stagiaires, déi se sech an hire véier Joer Ausbildung ugéegent hunn, den Erlooss vu sëllege Formationsstonden an onnéidege Coursen um IFEN, d'Erliichterung vun den Epreuve-écrites, notament dem Memoire an dem Portfolio, a schlussendlech eng individuell pädagogesch Betreuung an Ennerstëtzung während dem Stage, fir dass de Stage och tatsächlech de Stagiaire ausbildt an an de Beruff aféiert.

De 14. März 2019 ass finalement eppes Aussergewöhnlech geschitt: De Bildungsminister huet fir d'éischte Kéier de Forderung vum dem Schoulpersonal an de Gewerkschaften noginn an ass säin éischte Kompromëss an der Afär vum Stage agaangen. Nach ier eng Debatt an der Chamber op Ufro vun eis zustane konnt kommen, hat de Minister schonn iwwerall ugekënnegt, dass elo schnell d'Reform vum Stage ëmgesat kéint ginn. Mir haten eis och an deem Kontext e bëssen iwwert deem Timing opgereggt. Mä bon, et geet jo ëm d'Saach.

Voilà. An doriwwer stëmme mir haut elo of. A mir wäerten och an deem Sënn matstëmme, mat Jo. Mir kënnen awer och d'Enthalung vun de Kollege vun der CSV novollzéien, well eng Partie Froen nach ongekläert bleiwen. Mä ëmmerhin ass deem heite Projet de loi och d'Resultat vum Engagement vun den Enseignanten a vun hire Gewerkschaften.

Op d'Enseignants-stagiaires aus dem Fondamental an dem Secondaire wäerten ab September 2019 eng Partie Ännerungen duerkommen, déi hinnen d'Liewen am Prinzip misse méi einfach maachen. D'ailleurs stellt sech och d'Fro vun enger Transitionphas, op déi ech duerno wäert kuerz ze schwätze kommen. An ech sinn an deem Sënn jo och net deem Éischten, deen dat haut mécht.

Wat ännert sech mat deem Gesetz un der Organisatioun vum Stage? Allgemeng gétt de Stage fir jiddereen ëm ee Joer reduzéiert, mat der Méiglechkeet, fir spezifesch Fäll de Stage op ee Joer ze reduzéieren. Domat verschwënnt dee Privileeg, deen d'Quereinsteiger par rapport zu de Stagiairen aus den Erziehuungswissenschaften haten.

De Stage gétt och endlech sengem essenziellen Zweck gerecht: d'Ausbildung an d'Begleedung vum Stagiaire an de Beruff vum Enseignant. Well do war jo och dee Problem mam Tuteur, dee begleet an duerno och nach muss entscheeden, wat fir schlecht Blut gesuergt huet.

Während der Stagezeit gétt gekuckt, dass d'Formatiounen, notament um IFEN, och kohärent si mat de Besoinen vun den Enseignanten an hirem beruflechen Alldag.

Eng Période d'approfondissement am éischten Joer Enseignement. Um IFEN kënnen sech d'En-

seignant-Stagiairen hir Modullen eraussichen, déi all méi spezifesch op d'Berufsausbildung zougeschlaft sinn. D'Formationsstonne sinn och ëm d'Halschent reduzéiert ginn. De Memoire gouf gestrach. An allgemeng ginn d'Epreuve méi praktesch ausgerichtet, fir pädagogesch an didaktesch Kompetenzen opbauen. Dat léisst den Enseignant Plaz fir ze ootmen a sech op hir Aarbecht an der Klass ze konzentréieren. Dat éischt Joer no senger Nominatioun kritt den Enseignant dann Ennerstëtzung vun engem Conseiller pédagogique.

Ech kommen elo net op all déi nei Elementer ze schwätzen, déi allgemeng zu enger Verbesserung vun de Perspektive fir de Beruff vum Enseignant kéinte bäidroen; Elementer wéi de Certificat de formation pédagogique fir d'Enseignanten aus dem Secondaire, déi net ënner de Fonctionnairesregimm falen, mä domadder awer eng equivalent qualitativ Ausbildung kënnen nohuelen an och vun enger Reduktioun vum Stage kënnen profitéieren.

Här President, ech hätt, no all deem seelene Luef, awer e puer Bedenken auszedecken, well ech mer jo awer Gedanke maachen doriwwer, wéi all dës Remaniement bis September ouni Hoken iwwert d'Bün solle goen. Ech mengen, déi Suerg deele mer hei all. Ass eng Transitionphas virgesinn? Oder wéi funktionéiert déi?

Well de Problem ass jo och, dass d'Dispositionen vum Gesetz 7418 nach net ugepasst sinn, déi virun allem den Accord salarial an d'Remuneratioun vun den Enseignants-stagiaires betreffen.

En Deel vun deenen Dispositionen gouf jo am Gesetz, dat mer haut stëmme, iwwerholl. Mä d'Fro bleift awer op, wéi déi aner Dispositionen solle retroaktiv wierken an ob et bei der Rentrée net zu Inkohärenze komme kéint.

Eng aner Fro, wat de Memoire ugeet: Wat bedeit dat elo konkret? Well mir haten nach ëmmer Schwierigkeeten, eis dat elo virzestellen. Wat bedeit dat fir déi, déi grad d'Joer hire Memoire ofschléissen? Wéi gétt dat hinnen ugerechent? Oder: Mussen déi, déi grad an der Redaktioun sinn, de Memoire fäerdeg schreien?

Här President, wéi gesot, d'Gesetz bréngt eng Rei Ännerungen mat sech, déi sech hoffentlech positiv auswierke wäerten op d'Wuelbefanne vun den Enseignanten an hirem Beruff an esou och op d'Éducation nationale.

A well ech d'Gefill hunn, dass dat heiten ni zustane komm wier ouni kollektiv Engagement vun den Enseignanten an d'Resistenz an Insistance vun de Gewerkschaften an der politescher Oppositioun, géif ech awer meng Intervioun domadder ofschléissen, dass ee sech weiderhin, jiddereen ... Et ass eng Aart Appell, mä ech mengen, dat brauche mer an der Tëschenzeit net ze maachen, well d'Gewerkschaften an deem Beräich sinn elo awer méi combatif wéi soss, fir weiderhi sech ze engagieren - fir déi, déi et nach net gemaach hunn - fir eng sozial Schoul, fir eng besser Verdeelung vum Léierpersonal, fir eng Reduktioun vun onnéizten administrativen Tächen, fir multipädagogesch Equippen an de Klasesäll, fir dass den Enseignant och net ëmmer eleng gelooss gétt an der Klass, an esou weider an esou virun. Et gétt nach viles ze maachen.

Mir si fest dovunner iwwerzeegt, dass weider positiv Reforme méiglech sinn. Mä déi sinn nëmme méiglech mat den Enseignanten zesammen, mat hire Gewerkschaften zesammen. Well d'Erfahrung huet bewisen, dass een dat dem Ministère net kann eleng iwwerloossen.

An ëmmerhi beweist dese Projet de loi, trotz villen Imperfektionen a Fragezeichen, dass Engagement sech och awer loune kann.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn d'Gefill, nodeem ech virdrun am Bummelzuch souz, wéi mer en Text vun 2013 transposéiert hunn, dat mer elo am Schnellzuch setzen a mer nach net emol wëssen, ob mer domadder elo wierklech an déi richteg Richtung fueren oder ob mer vläicht an déi falsch Richtung fueren.

Falls Leit geschloft hunn, dann hoffen ech, dat se elo waakreg sinn.

(Brouhaha)

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Sou!

Ech stellen e puer fundamentale Froen bei deem heiten Text an ech schlësse mech do der Maddam Hansen un. Ech fannen et zumindest schlechte Goût vis-à-vis vun der Chamber, wann ech haut de Moie schonn an der Zeitung liese konnt, wat de Mëtteg géif ofgestëmmt ginn.

Et war näamlech keng Analys vum Text, wat haut diskutéiert gétt, et war schonn de Constat mat Zitāt vum Rapporteur iwwer wéi deesen Text tatsächlech gestëmmt géif ginn. Ech weess, dat eng Majoritéit eng Majoritéit ass, an dat do d'Probabilitéit grouss ass, dat et gestëmmt gétt.

► **M. Eugène Berger (DP).**- De Groupe technique war dermat d'accord an der Conférence des Présidents, fir dat ze maachen.

(Interruptions)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Kritik un de Lëtzebuurger Medien!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Fir wat ze maachen, wannechgelift, Här Berger?

► **Une voix.**- ... op den Orde du jour ze huelen.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Also, ganz éierlech, ech fannen et schlechte Stil vis-à-vis vum Plenum, deen nach ëmmer d'ganz Chamber representéiert, ...

(Interruption)

... fir hei einfach am Virfeld hinzugeen a schonn ze maachen, wéi wann et Gesetz wär.

(Interruption)

Dat Zweet ass d'Invitatioun fir d'Vereedegung, ier iwwerhaupt de Punkt hei diskutéiert gouf. Erëm esou e klengen Non-respect. Mä déi kleng Non-respect addéiere sech dann awer no an no beieneen. A wouzou dat laangfristeg féiert, dat hu mer virgëscht jo dunn och kënnen erliewen.

En plus ass déi Invitatioun fir d'Vereedegung näamlech fir verschidde Stagiaire guer net praktesch, well se sech elo hu missen an hire Gebaier ersetze loosse, fir op hire eege Vereedegung ze kommen, well um véier Auer hält d'Schoul nun emol eréischt op. A wéi soll een da schonn op enger Vereedegung sinn?

(Interruptions)

Soit!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Um fénnef Auer ass d'Vereedegung!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Dat sinn elo éischer formal Punkten. Wa mer awer iwwert d'Gesetz schwätzen, an net nëmme iwwer wéi mam Gesetz ëmgaange gouf, da falen e puer Saachen op. Ech sot et schonn: Et huet een d'Gefill, am Schnellzuch ze setzen. Mir hunn den Depot vun deem Text den 3. Mee kritt an elo schonn den 11. Juli gétt ofgestëmmt.

Do dertëscht huet d'Kommissioun eng Herkulesaarbecht gemaach, fir iwwerhaupt zu engem Punkt ze kommen, wou de Conseil d'État, net méi spéit wéi - wann een dann de Chamberscourrier kuckt - haut, reell op den 9. Juli datéiert, gesot huet, dat en averstanen ass, fir d'Erreur-matérielen ze behiewen.

Ech hu virdrun nach um System vun der Chamber gekuckt, mir stëmme grad of iwwer en Text, wou déi lescht Pièce dozou am Portail nach net disponibel ass! Och dat ass erëm esou ee Gehetz, wat sech duerch dee ganze Projet zitt.

Et gesäit een näamlech um Text, dat d'Auteurs net propper geschafft hunn, wann ee gesäit, dat an der Version coordonnée op eemol Artikelen optauchen, wou et keen Amendement dozou gétt, wann een op där anerer Säit gesäit, dat Begrëffer onpräzis benotzt goufen an dat deelweis souguer - an do kommen ech op déi Erreur-matérielen ze schwätzen, déi mer dann nach in extremis verbessert hunn!, tatsächlech och nach Artikel verwiesselt goufen.

Heiansdo, ech hunn et virdrun gesot, heiansdo deet et gutt wann een e bësse méi séier ass wéi sechs Joer, fir een Text ze maachen. Et géif awer vläicht heiansdo och gutt doen, wa mer eis méi wéi zwee Méint géife ginn, ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir sidd ni zefridden!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- ... fir een Text ze maachen.

Dir wësst, Här Di Bartolomeo, fir mech zefridden ze ...

(Interruption et hilarité)

Ooh, Här Bodry!!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

Et ass deem näamlechten Eck an ...

(Brouhaha et interruptions diverses)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Passt op, geschwéiget et iwwert d'Plank!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Clement huet d'Wuert an net den Här Di Bartolomeo!

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, wann Dir dat sot, dann ass dat esou!

► **M. André Bauler (DP).**- Fuert emol weider, Här Clement!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Da kommen ech awer och nach op de Punkt vum finanziellen Impakt ze schwätzen. An zwar: An der Fiche financière gétt erwäant, dat d'Halschent vun de Formateuren ongeféier 600 Kilometer an der Moyenne Route muss maachen, fir d'Formatioun ze halen. Do derniewent kënt dann natierlech e Stonneloun, deen ass absolut justifiéiert, plus dann en Hotel an zwee lesse. Do stellt ee sech d'Fro: Mir investéiere Milliounen a Milliounen an eis Uni - eng Uni, déi eis Enseignant soll virbereeden, fir hire Beruff auszeüben. Da verstinn ech net, wisou mer, wa mer schonn hei déi Uni hunn, et net fäerdegbréngen, déi Formateure vun der Uni Lëtzebuerg ze rekrutéieren an esou zumindest e klengen Deel vun deene Käschten anzuspieren, wou mer Formateure 600 Kilometer fueren dinn, fir dann hei eng Formatioun ze halen.

Do derniewent feelen an der Fiche financière d'Déchargé fir d'Coordinateurs de stage. Dat ass en Avis, deen d'Chambre des fonctionnaires ofginn huet. An ech mengen, deem kann ech mech ralliéieren. Wa mer eng Fiche financière maachen, sollte mer do esou konkret an esou genee wéi méiglech sinn. Och dat vläicht en Oubli, well sech e bësse gehetzt gouf.

Ech kéint elo nach ganz vill doriwwer soen, dat deesen Text handwierklech wierklech schluddereg ass. Ech mengen, dat gouf gesot vun de Kolleegen op der rieterer Säit vu mir; d'Kolleegen op der léngerer Säit hu sech - erfahrungsgeméis - op d'Schëller geklappt a gesot, alles wär gutt.

Ech mengen, deen Text hei ass ze mitigéiert, fir deem den Aval haut ze ginn an dofir wäerte mir eis enthalen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un all déi, déi sech un der Debatt de Mëtten hei bedeelegt hunn, virun allem dem Rapporteur, dem Gilles Baum. E grouse Merci och fir déi ganz Rei vu konstruktive Bätträger, vum Deel kritesche Bätträger, awer ganz konstruktiv. Mir sinn do an engem Prozess dran. De Stage, dee mer iwwerholl hu vun der Universitéit am Secondaire, deen, dee mer nei geschafent hunn am Fondamental, gouf scho méi wéi eng Kéier evaluéiert. Eng Rei vun Adaptatiounen goufe gemaach, och gesetzlech Adaptatiounen, inhaltlech Adaptatiounen. An ech denken, dat dee Prozess och muss weidergoen. Ech soen och ganz bewusst de Kolleeg vun deene Lénke Merci fir deem „seelene Luef“, wéi se dat genannt hunn, fir dese Projet de loi. Dat kënt effektiv net all Dag vir.

D'CSV huet - leider, muss ech soen - decidéiert, d'Gesetz net matzestëmme. Enner anerem begrënt se dat domadder, si géif net wëssen, ob et hei zu qualitative Verbesserunge géif kommen.

Ech wëll, Här President, der just e puer optielen, déi awer daitlech qualitativ Verbesserungen duerstelle fir de Beruffsstig vun den zukünftigen Enseignanten. Mir sinn eis alleguerten eens eigentlech - bal alleguerten; ech mengen, den Här Kartheiser huet do eng aner Vue -, dat e Beruffsstig, eng Begleedung vum neien Enseignant ouni Drock, ouni d'Angscht, herno nach eng Kéier ecartéiert mussen oder kënnen ze ginn, dat een domat eigentlech och fir d'Konzentratioun op dat Wesentlech de Kapp fräi huet, op näamlech inhaltlech Froen, op dat, wat ee léiert am Stage, op déi Beruffspraxis, déi ee sech op anere Plazen a vun erfuerenen Enseignantë kann a soll ofkucken.

Ass et net och eng qualitativ Verbesserung, wa mer hei déi gesetzlech Basis schafe fir déi 16 Stonne Formation continue, déi mer obligatoresch definitiv an eist Gesetz schreiwene? Ass et net eng daitlech qualitativ Verbesserung, dat mer och de Stagiairen am Enseignement secondaire, déi bis elo eigentlech, soe mer emol vereinfacht, e ganz klengen Stage haten, dat mer deenen am Volume, am Inhalt a vun de

Methoden hier deeslechte comparabele Stage wéi hire Kollegen, déi Fonctionnaire wéile ginn, ubidden, en och obligatoresch maachen, wéssend, dass mer Joergäng hunn, wou mer méi Chargéen am Secondaire rekrutéiere wéi mer Fonctionnaire rekrutéieren, an dass mer automatesch och deene Chargéen, déi an deem dote Stage dra sinn, d'Bréck kenne bauen eriwwer herno an de Fonctionnairesstatut?

Ech denken, dass dass dräi Beispiller sinn, wéi mer dach daitlech hei an deem Gesetz d'Chance notzen, fir och zu qualitative Verbesserungen ze kommen, wéssend, dass dass net direkt den Ausschlag, d'Initialzündung war, mä dass et d'Decision an den Accord vun der leschter Regierung mat der CGFP waren, fir systematesch d'Stagezäit vun dräi op zwee Joer ze verkierzen.

De Stage vun dräi Joer ass jo och net eng Erfindung gewiescht vun der leschter Regierung, wéilt ech soen. Dass ass eng vun der Regierung virdu gewiescht: Näämlech, fir an deem Kontext d'Ufanksgehälter kenne déi éischt dräi Joer erfzesetzen, ass e generaliséierte Stage vun dräi Joer iwwerhaupt eréischt agefouert ginn.

Eenzelner, déi de Mëtteg hei dach déi heftegste Kritik geäussert hunn, schéngen dat nu wierklech total vergiess ze hunn. Notamment ass déi Iddi jo ganz kloer bei der CSV gebuer gewiescht. Si stoung bei hinnen am ...

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Dat hu mer hei net kritiséiert!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Si stoung bei der CSV am Wahlprogramm. Si ass vun der CSV-Regierung op de Wee bruecht ginn. An haut gétt dass dann awer alles op eemol esou schlecht fonnt.

► **Mme Octavie Modert (CSV)**.- D'CSV-Regierung. An d'LSAP? Et vergéssst een dat ëmmer!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Jo, Här President, déi Matière, dat Gesetz, all déi eenzel Dispositiounen, déi mer och hei hu misse festhalen, déi si komplex, dass ass wouer. An dass ass eigentlech net de Wéile vun der Regierung, dass mer Texter maache wéi deen doten, déi kaum lieserlech sinn. An duerfir wéll ech nach eng Kéier en Appell maachen, sech wierklech ze iwwerleeën, ob de jëtzege Verfassungsartikel, dee festhält, dass alles, wat d'Education ubelaangt, och iwwer Gesetz muss geregelt ginn - net nëmme d'Contenuen, mä och d'Manéier, wéi déi Contenuen dann an de Schoulen transposéiert ginn -, ob dass wierklech nach zäitgeméiss ass.

Well soulaang mer deen Artikel hunn an eiser Constitution, wäerte mer ëmmer där doter Gesetzer hunn. Dass war de Fall beim éischten IFNs-Gesetz 2015 an dass schléit sech och nach eng Kéier ganz kloer hei nidd. Dass ass net gutt fir d'Lieserlechkeet vum Text a sécherlech vereinfacht et och net duerno d'Schaffen domadder.

Wat den Timing ubelaangt: Ech mengen emol, dass mer eis allegueren eens sinn, dass dass Gesetz soll de September 2019 a Kraaft trieden. Duerfir sinn ech frou, dass mer virum Summer nach hei kenne zur Ofstëmmung kommen.

Eppes anescht, Här President, war ni meng Demande. Dass huet net dës Woch misse sinn. Dass hätt net d'nächst Woch misse sinn. Dass hätt net an zwou Woche misse sinn. Mir hätten eis ganz gutt kenne Zäit ginn, falls dass da wierklech gewünscht gewiescht wär, fir deen Text do an der Kommission nach eng Kéier méi am Fong ze kucken.

Ech weess, dass mer e puermol driwwer rieds haten. Ech weess, dass en Artikel fir Artikel mam Avis vum Conseil d'État gekuckt ginn ass. Ech weess och, dass déi lescht Sëtzung an der Kommission herno keng Fro méi op war an offensichtlech net de Besoin ugemellt gouf, fir nach weider doriwwer kenne ze diskutéieren.

An da wéll ech nach eng Kéier kloerstellen: Et ass net d'Regierung, déi de Kalenner vun der Chamber mécht. Dass ass d'Chamber selwer. Déi eenzeg Demande, déi d'Regierung hei gestallt huet, dass war just, fir dass den Text virum Summer nach sollt gestëmmt ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Här Meisch, d'Madamm Hansen wéllt lech eng Fro stellen.

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Ech wéissst gären, wéi mer dann nach hätte kenne déi nächst Woch Sëtzunge maachen, wann den Här Minister schon, ier mer déi éischt Kéier driwwer geschwat hunn, d'Invitatiounen erausgeschéckt huet, fir d'Stagiairen ze vereedegen. Dass heescht, hien hat guer net wélls, ganz laang mat eis ze diskutéieren.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Neen.

Da wär déi Vereedegung verréckelt ginn, Madamm Hansen. Dass wär evident!

(Brouhaha et interruptions)

Dass wär evident. Ech hätt jo net kenne eng Vereedegung maachen, ouni dass en Text gestëmmt gi wär.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)**.- Maja, maja. Grad eben!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Dann hätte mer eis do sécherlech eng aner misse afale loosse.

Ech wéll nach eng Kéier präziséieren hei - an ech loosse mer dat doten hei net an de Mond leeën! -: Ech war Demandeur, wéi ganz vill aner, just fir dass deen Text virum Summer gestëmmt gétt. Net haut, den 11. Juli!

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Dass ass anzwousch anescht decidéiert ginn, wou Dir, Madamm Hansen, mat um Dësch souzt! Näämlech an der Conférence des Présidents ass deen Ordre du jour hei gemaach ginn, ...

(Interruptions)

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Also an der Conférence ... Dass ass awer schon net schlecht.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... net am Regierungsrot.

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Dass do ass net schlecht!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Net am Regierungsrot! Da muss ee vläicht ...

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Jo. Mir wäerten dann elo och ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... dann och de Courage hunn, ...

(Interruption)

... zu där Decision, déi ee matgedroen huet, hei op deem Pult dann och nach kenne ze stoan, an net der Regierung dass dote wéllen dohinnerleeën!

► **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Wéini ass den Text dann deposéiert ginn?!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Ma ech kommen nach dozou, wéini den Text deposéiert gouf.

(Interruption)

Mir hunn deen Text hei, oder d'Prinzipien, déi mer an deem Text hei diskutéieren, déi hu mer an enker Concertatioun mat ganz villen Akteuren diskutéiert. Ech mengen, Dir hutt Verständnis derfir, dass mer dat net virun, mengen ech, dem 4. Dezember 2018 gemaach hunn, well do hate mer eng Regierung, déi eigentlech nach just „faisant fonction“ war. Mir hunn dat ab deem Moment gemaach, wou mer eng nei Regierung haten, wéi déi am Amt war.

Ech hunn am Dezember en éischte Kontakt gehat mat all den Enseignantsgewerkschaften, wou mer iwwer ganz villes geschwat hunn, d'ailleurs och iwwer en éischten Echange iwwer eng Adaptatioun vum Stagegesetz.

Mir hunn eis selwer als Ministère, an duerno als Regierung, misse iwwerleeunge maachen, wéi mer dee voluminöse Pak hei géife strécken, well et ass jo net nëmme, dass mer elo gesot hunn: „Mir ginn elo vun der Durée vun dräi op zwee Joer zréck“, neen, mir hunn hei ganz vill eenzel Aspekter och consideréiert, déi dann och zur Komplexitéit vum Text bägedroen hunn.

Mir hunn am Januar an am Februar en intensiven Echange gehat mat den Enseignantsgewerkschaften, mat fënnel verschiddeenen Enseignantsgewerkschaften, Eenzelgesprécher, an net nëmme eent, mat eenzelen zwee- oder dräimol. Mir hunn de Collège des directeurs souwuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire gesinn, de Bureau vum Collège oder dee ganze Collège, net nëmme eemol, mä och méi oft. An et versteet sech wou selwen, dass dass näämlech ass, wat een an engem Nomëtteg mécht, wann ee gären e breede Konsens hätt, dee mer hei no deem Dialog dann och erreecht hunn.

Mir hunn dat, wat dann do festgehal gouf a prinzipieller Form, an en Text misse géissen. En Text - jo, en ass komplex! -, deen een net iwwer Nuecht schreift. A mir hunn deen Text misse ofkläre mat de Kollege vun dem Ministère vun der Fonction publique, well dass jo effektiv anenee sollt gräfen.

Ech war selwer mat engem Avant-projet de loi an der Chamberskommission am Mäerz vun deem Joer, am Mäerz 2019, wou mer eng éischte Kéier en Echange haten iwwert deen heiten Text. En ass am Conseil de Gouvernement festgehal ginn. En ass bei de Conseil d'État gaangen. De Conseil d'État huet - jo! - och schnell misse schaffen. An en huet glécklecherweis schnell geschaff an en huet eng ganz gutt an eng ganz konstruktiv Aarbecht gemaach. An deen Avis hu mer jo an de leschte Wochen hei kenne analyséieren a mir konnten, oder Dir konnt als Chamber den definitiven Text dozou festhalen.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Här Meisch, d'Madamm Hansen wéllt nach eng Kéier ...

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Majo selbstverständlech!

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Ech wéll nach eng Präzisatioun zur Conférence des Présidents soen: Virum zirka dräi Wochen, ...

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Dass ass awer keng Fro, oder?

(Brouhaha)

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Mä, Dir hutt awer mir dann eppes an de Mond geluecht ...

(Brouhaha)

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)**.- ... perséinlech ugeschwat gi virun.

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- ... du war u sech gesot ginn: „Dee Projet kéint warscheinlech ni méi, de Conseil d'État huet nach keen Avis ginn.“ Déi Woch duerno ass gesot ginn: „De Projet de loi kéint.“ A wann Der d'Kollege vun der Majoritéit, déi deemools do waren, frot, da kenne déi lech just bestätegen, dass ech gesot hunn, dass wär keng Aart a Weis, fir esou ze schaffen. Well wann dee kéim, dass hätte mer héchstens eng, zwou Sitzungen, fir driwwer ze schwätzen.

Also kéint Der net soen, ech wär an der Conférence des Présidents glécklech an zefridde gewiescht, fir dass matzestëmme. Also, ech sinn do leider och nëmme an der Minoritéit. An do muss ech u sech den Ordre du jour esou unhuelen, wéi en do proposéiert gétt.

Merci!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Ech denken, dass jiddere verstee, Här President, dass net d'Regierung den Ordre du jour vun der Chamber mécht, dass dee Reproche, deen also hei par rapport zu der Regierung geäussert gouf, ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)**.- Dir hutt awer d'Madamm Hansen attackéiert. Dir hutt d'Madamm Hansen attackéiert!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... absolut net haltbar ass!

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Sot zu Ärem Här Minister, deen lech do vertritt, hie soll elo roueg sinn!

(Interruption)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Ech sinn awer immens ... Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Et ass elo um Här Meisch!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Ech sinn awer immens dankbar fir déi „Netfro“ do, déi Fro, déi Der jo net gestallt hutt. Well et weist nach eng Kéier, dass, wa mer zu deem doten Zäitpunkt ... An ech hu jo elo erkläert, wat de Werdegang war vun deem heiten Text, vun der Regierungsbildung, vun der Consultatioun iwwert d'Redaktioun vum Text, iwwert dee parlamentaresche Wee duerno, an do gesinn ech net, dass mer vill hätte kenne aspueeren.

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Den 2. Mee hätte mer kenne ufänken!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Ma, loosst Der mech dann ...? Loosst Der mech da vläicht emol eng Kéier awer ausschwätzen, Madamm Hansen?!

(Exclamations)

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Do gesinn ech net, wéi mer vill hätte kenne Zäit aspueeren. Wann een da mengt, et hätt een nach misse an der Kommission méi laang

doriwwer schwätzen, nach eng Kéier: Ech wär d'nächst Woch, déi iwwernächst Woch an och duerno disponibel gewiescht, fir dass ze maachen!

Mä: Wann een dass dann net mécht an deem Text do net wéllt nach virum Summer stëmme, da stelle sech awer fir déi 1.340 Stagiairen, déi an deenen eenzelen Ordres d'enseignement, an deenen eenzelne Statuten elo vun deene Mesures transitoires, déi am Gesetzestext definéiert sinn, fir déi stelle sech dann awer ganz grouss Froen. Déi wéssen dann näämlech net, ob se d'nächst Joer nach am Stage sinn oder ob se schon nominéiert sinn. Déi wéssen nach net, ob se nach e Memoire misse schreiwen d'nächst Joer oder net. Déi wéssen net, ob se dann iwwerhaupt nach ...

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Dass do ass scho licht ..., definitiv licht Erpressung!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... ob se dann iwwerhaupt nach ...

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Wa mer am Mee ugefaangen hätten, hätte mer zwee Méint méi Zäit gehat!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Här President, et ass wierklech schwéier, hei e geuerdnete Gedanke kenne ...

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Jo. Ma ech loosse ...

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... ze faassen, wann hei ...

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Mir sinn ...

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- ... jiddere permanent kann derteschschwätzen!

(Interruption par la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Elo geet et duer!

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Mir sinn hei an der Chamber ...

(Hilarité et interruptions)

Mir sinn hei an der Chamber ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)**.- Hie mengt nach ëmmer, hie wär de President.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- ... an net an der Schoul! An ech ginn elo dem Här Meisch d'Wuert!

(Brouhaha)

► **M. Sven Clement (Piraten)**.- Wien ass hei de President?!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Voilà! Ech wéll hei ...

(Interruptions et hilarité)

... just nach eng Kéier soen ...

(Brouhaha)

Ech wéll hei just nach eng Kéier soen, dass ech frou sinn, dass deen Text haut hei gestëmmt gétt, dass mer e laang virdu mat gesellschaftlechen Akteuren diskutéiert hunn an dass och genuch Zäit war, oder d'Chamber sech offensichtlech genuch Zäit geholl huet, fir en an der Chamber ze diskutéieren. An dass mer Klorheet hu fir d'Entrée an notamment och fir déi 1.340 Leit, déi direkt dervun wäerte betraff sinn. A fir all déi, déi déi nächst Joren nach wäerten nokommen, ob se Enseignant am Fondamental wäerte sinn, am Secondaire, ob se e sozioeducative Beruff wäerten ausüben oder an iergendenger vun eisen anere Strukturen vun der Education nationale wäerte schaffen.

Well en dréit och derzou bäi, Dir Dammen an Dir Hären, dass, jo, den Enseignant an och déi sozioeducative Professionell aus de Schoule gutt an de Beruff wäerten erakommen. Dass se hir Motivatioun kenne behalen, déi se eigentlech haten, fir dee Beruff do ze wäelen, wat eigentlech eng Motivatioun war, fir e Stéck vu sech selwer mat un eng nächst Generatioun kenne weiderzeginn, an dass déi net verluer geet an deenen éischte Joren, wou se mat der Realitéit um Terrain dann och konfrontéiert sinn. Dass dass dat kenne genéissen, eigentlech, wat den Enseignantsberuff ausmécht, näämlech formidable jonk Charaktere kenne kennenzelieren an och ze gesinn, wéi aus Kanner, aus jonke Leit herno staark Erwuessener kenne ginn, an ze wéssen, dass si hire Bäitrag dozou gelescht hunn. Dass wäert och dës Gesetz ennerstetzen.

Villmools Merci.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

► Une voix.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussion ass domat ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7440 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7440. Den Text steet am Document parlementaire 7440⁵.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an 23 Abstentionen uegheoll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7440 est adopté par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Mars Di Bartolomeo), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussion respektiv zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass. Den Educationminister Claude Meisch huet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Ech wëll Merci soe fir déi Motioun hei an ech proposéieren der Chamber, datt mer déi unhuelen, ...

► **Une voix.**- Merci!

(Brouhaha)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- ... well

et ass genau dat quasi am Wuertlaut, wat ech an der Kommissioun, wou mer doriwwer diskutéiert hunn a wou d'Madamm Hansen déi Fro gestallt huet, gesot hunn, wat d'Demarche wär, déi d'Regierung an deem doten Dossier wëllt huelen. An ech sinn eigentlech frou, datt Der mir absolutt keng Marge de manoeuvre gitt, fir de Gewerkschaften do ze vill entgéintzekommen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationminister.

Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass mat dëser Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass bei 2 Abstentionen uegheoll.

(La motion 1 de Mme Martine Hansen est adoptée à main levée avec les abstentions de la sensibilité politique déi Lénk.)

5. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'élaboration d'une réglementation introduisant la surveillance des vestiaires, lors des cours de gymnastique et de piscine

Mir kommen elo zur Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Modalitéte vun der Surveillance an de Vestiaires. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun dëser Motioun.

(Motion déposée en séance publique n° 30 du 2 juillet 2019 - à consulter au compte rendu n° 12/2018-2019 en page 374)

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Jo, Här President, ech mengen, dat kënne mer relativ kuerz machen, well ech hat d'Motioun hei scho presentéiert. Ech géif just virschloen, datt mer se an d'Kommissioun vun der Education nationale verweisen, fir datt jiddere sech kann dermat familiariséieren an och den Här Minister a seng Servicer kënnen eng Meenung derzou hunn.

Mäin Appell wär just, wa mer eng Motioun hunn a wann d'Chamber dermat d'accord wär, fir déi an d'Kommissioun ze verweisen, datt mer dat net verwiessele mat engem méi konservatoreschen Akt an engem spéideren archeologesche Sënn, ...

(Hilarité)

... mä datt mer wierklech dann och dermat schaffen. An ech wär frou, wann de President vun der Educationskommissioun dat da géif op den Ordre du jour vun eiser nächster éischter Sitzung da vun där Kommissioun setzen.

Dat gesot, wär ech frou, wann d'Chamber kéint mat dëser Proposition d'accord sinn.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den Educationminister Claude Meisch wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Dat ass

dann eng seele Convergence de vue tëscht dem Här Kartheiser a mir!

Ech fannen, datt mer dee Sujet do effektiv kënne besser diskutéieren an der Kommissioun. An dann ass dem Auteur vun der Motioun fräigestallt, et herno nach eng Kéier heihin-nerzebréngen oder net.

Et gëtt sécherlech eng Rei vun Informatiounen, déi mer dozou kënne ginn. Mir hunn eis och eng Meenung zur Motioun gemaach. Mä ech denken, datt mer en Echange éischter sollten hunn, ier mer doriwwer géifen ofstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

(Assentiment)

Dat ass eestëmmeg. Dann ass dat esou decidéiert.

(La motion de M. Fernand Kartheiser est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.)

6. 7455 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Bureau, au Secrétaire général et à la Commission du Règlement

Deen nächste Punkt ass den Ännerungsvorschlag zum Chambersreglement 7455, dee Suppleanten am Bureau aféiert, verschidden Dispositiounen iwwert de Secrétaire général aféiert an d'Zesummesetzung vun der Reglementskommissioun definéiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell opgedeeilt. An de Rapporteur vun dësem Reglementsvorschlag, den honorabelen Här Roy Reding, ass scho prett.

Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Roy Reding (ADR), rapporteur.**- Merci, Här President. No deene rare Momenter vu grousssem Konsens hunn ech dann elo d'Freed an d'Eier, dee leschte Projet vun dëser Chamberssessioun ze presentéieren.

D'Kollege Martine Hansen, Josée Lorsché, Alex Bodry, Eugène Berger a Fernand Etgen hunn dës Proposition agereecht. Mir hunn als Reglementskommissioun dës Proposition den 3. Juli diskutéiert an de 4. Juli de Rapport unanime uegheoll. Et geet hei ëm dräi Ännerungen:

Éischstens, de Bureau. Bis elo konnt ee Member vum Bureau sech net remplacéiere loosse. Mat dëser Ännerung kënne bis zu néng Suppleanté genannt ginn. Dobäi muss e Suppleant darselwechter Fraktioun oder deemselwecht Ugehéiere wéi dee Member, deen e remplacéiert.

Zweetens, eise Secrétaire général. Eist Haus huet eng positiv Traditioun vu Remplacement anticipatif, wa Leit, déi wichteg Positionen besetzen, signaléieren, datt si sech wëlle professionell veränneren oder awer hir Positioun wëllen huelen.

Elo kann eise Bureau esou e Recrutement anticipatif och fir d'Positioun vum Secrétaire général decidéieren. An der Iwwergangphas kann elo de Secrétaire général während sengem Reschtcongé seng Remuneratioun a säin Titel behalen a säin Nofolger awer seng Aufgaben iwwerhuelen.

Drëttens, wéi mir d'Zuel vun de Membere vun de parlamentaresche Kommissiounen op 15 eropgesat hunn, gouf d'Reglementskommissioun, déi speziell reglementéiert ass, vergiess. Deen Oubli reparéiere mer.

Dës Proposition gouf am eestëmmeg Konsens vun alle Parteien uegheoll. An deemno bréngen ech da selbstverständlech och d'Zoustëmmung vum Grupp vun der ADR.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot ginn.

D'CSV stëmmt där Proposition de modification zou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. An da wier et um honorabelen Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Ech wëllt och dem Rapporteur Merci soen, deen hei e kuerzen, mä ganz ausféierleche Rapport gemaach huet. Ech mengen, deem ass eigentlech guer näischt méi bäizefügen, duerfir Merci.

An ech ginn och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord dozou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Berger. An da wier et um honorabelen Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, vun eiser Säit och Merci fir dem Rapporteur seng Aarbecht. Mir hunn déi Proposition fir d'Ofännerung vum Reglement mat ënnerschriwwen, well mer mengen, dass déi eenzel Punkte berechtigt sinn.

Ech wëll nach eng Kéier soen, fir dass dat net falsch dobausse verstane gëtt, dass mer hei eng Maximalzuel vu Suppleanté fixéiert hu fir de Bureau. Et ass awer ënner eis kloer, dass dat sech soll op ee pro Groupe politique oder pro Sensibilité politique beschränken. Dat soll also ëmmer och déiselwecht Persoun sinn, déi remplacéiert, fir eng Kontinuitéit och an den Aarbechten ze garantéieren. An déi Suppleanten, déi gëllen haaptsächlech fir de Fall, wou eben eng Bureauaussetzung ofzehalen ass, wou Decisiounen musse geholl ginn. Hei geet et net ëm representativ Fonctiounen no baussen. Do sinn et déi effektiv Membere vum Bureau, déi eleng zielen. Dat wollt ech nach eng Kéier kloerstellen.

Dat gesot, wäert eis Fraktioun dann och deen Text do stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bodry. An dann nach datselwecht am Gréng vum der Madamm Josée Lorsché.

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir hutt menger Ried virgegraff. Datselwecht am Gréngen, dat stëmmt. Mir schléissen eis deem un. Mir fannen déi dräi Modifikatiounen natierlech ganz sënnvoll. Dat gesot, wëllt ech och dem Här Roy Reding Merci soe fir säi knappen, mä gudde Rapport.

An domat gi mer den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An dann den honorabelen Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Et sinn effektiv dräi Modifikatiounen. Zwou vun deenen dräi Modifikatiounen stëmmen mer natierlech ganz gären zou. Dat ass engersäits d'Reglementskommissioun, déi och op 15 Membere an d'Luucht gesat gëtt, respektiv d'Méiglechkeet, datt de Generalsekretär seng Pensionsrechte ka wouerhuelen a gläichzäiteng eng Transitionphas do ass, fir deen Iwwergang ze garantéieren.

Woufir mir - oui Begeeschterung op jidde Fall - eis Zoustëmmung eventuell ginn, dat ass déi ganz Geschicht ronderëm de Bureau, well de Bureau representéiert an eisen Aen nach ëmmer net - am Géigesaz zu deenen anere Kommissiounen - déi pluralistesche Villfalt vun der Chamber, wat dozou féiert, datt d'Sensibilitäit-politiken zum Beispill net Member vun der Chamber (veuillez lire: net Member vum Bureau) sinn an duerfir och net kënnen, zumindest steet dat am Rapport, e Suppleant stellen. Fir dat awer vläicht e bëssen ze korrigéieren, wat den Här Bodry virdrun a sengem vläicht „wishfull thinking“, deen ech och ënnerstëtze géif, gesot huet.

Mir hunn näischt dergéint, datt elo Suppleanté genannt ginn, stellen awer nach weiderhi fest, datt de Bureau net d'Pluralitéit vun de politesche Parteien hei an der Chamber vertritt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement agedroen.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Deem heiten ass u sech näischt méi bäizefügen, dofir kann ech just den Accord vun de Piraten duerfir markéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvorschlag zum Chambersreglement 7455. Den Text steet am Document parlementaire 7455¹.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7455

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss. Dësen Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.



Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

7. Changement de composition du Bureau - nomination des suppléants permanents

Nodeems datt mer d'Ofännerung vum Chambersreglement 7455 uegholl hunn, kënnen mer elo zur Annerung vun der Zesummesetzung vum Bureau kommen, andeems mer déi permanent Suppleanten nennen. Fir d'Éischt muss d'Chamber d'Zuel vun de permanente Suppleantë vum Bureau festleeën. Nom Chambersreglement dierfen et héchstens néng Leit sinn. Et gëtt proposéiert, fénnef permanent Suppleanten ze nennen.

Ass d'Chamber domadder averstanen, d'Zuel vun de permanente Suppleanten op fénnef festzeleeën?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Ginn iergendwellech Kandidat fir déi fénnef Poste vu permanente Suppleantë vum Bureau virgeschloen?

Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Fir d'CSV schloe mir de Léon Gloden vir.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Max Hahn** (DP).- Ech proposéieren den Eugène Berger.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Fir d'LSAP ass et ...?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, ech proposéieren de Georges Engel.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Déi gréng Fraktioun proposéiert de Roberto Traversini.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech proposéiere fir de Groupe technique den Här Sven Clement vun de Piraten.

(Exclamations)

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Aah! Dofir si mer derfir!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Et gëtt also esou vill Kandidaten, wéi et Poste gëtt. Et brauch deemno net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass.

Ass d'Chamber domadder averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den Här Léon Gloden, den Här Eugène Berger, den Här Georges Engel, den Här Roberto Traversini an den Här Sven Clement sinn zu permanente Suppleantë vum Bureau proklaméiert.

8. Résolution de M. Fernand Kartheiser relative à la mise en place d'un site Internet trilingue de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann zur Resolutioun, déi gëschter vum Här Fernand Kartheiser deposéiert ginn ass.

(Résolution déposée en séance publique n° 33 du 10 juillet 2019 - à consulter en page 450 de ce compte rendu)

Wat dës Resolutioun vum Här Kartheiser iwwert de Sproochegebrauch um Internetsite vun der Chamber ugeet, wéilt ech folgend Präzisioune ginn: Et ass esou, datt de Bureau sech där Problematik bewosst ass a selwer schonn an zwou Decisioune vum Oktober 2017 respektiv Januar 2018 decidéiert huet, datt den neien Internetsite vun der Chamber soll integral disponibel sinn op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch, wat déi statesch Deeler ugeet. D'Texter aus der Rubrik „Aktualitéit“ wäerten dann a Fonctioun vum Contenu an där enger oder an där anerer Sprooch disponibel sinn.

Nieft dësen Decisioune vum Bureau weisen ech drop hin, datt eis Aarbechten hei an der Plénière integral op Lëtzebuergesch ze liese sinn an eisem Compte rendu, dee regelméisseg als Bäilag an de Lëtzebuerg Dageszeitungen ze fannen ass an och elo kann op eisem Internetsite fonnt ginn. A wéi Dir wësst, stinn do och all d'parlamentaresch Froen an d'Antworten vun deene betraffene Ministeren dran, an zwar ëmmer an där Sprooch, an där se eragereecht goufen. An d'Chamberpräsenz op Facebook ass och gréisstendeels op Lëtzebuergesch.

Étant donné datt dee Virschlag vum Här Kartheiser d'Diskussiounen am Bureau rejoinéiert, géif ech virschloen, dës Resolutioun an de Bureau ze verweisen.

Den Här Kartheiser wannechgelift.

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Villmools Merci, Här President. Ech sinn och ganz dankbar fir déi Erklärungen. Ech wëll do vläicht e puer Kommentaren uschlëssen.

Wann ech lech richtig verstanen hunn, dann huet de Bureau zu enger Zäit, wéi d'ADR oder de Groupe technique nach net dra vertruede war, sech der Problematik uegholl an Decisioune geholl, deenen hir Émsetzung awer Joren an Usproch hëlt. Dat ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir hoffen also, datt déi doten Decisioune séier ëmgesat ginn. An an deem Sënn ass et sécher gutt, fir dës Resolutioun an d'Aarbechte vum Bureau matafléissen ze loosse.

Ech wëll awer soen, datt dat guer net am Widersproch steet zu deem, wat mir proposéieren. Well mir hu jo gesot, mir kéinten elo schonn, souwuel um Portail wéi um chd.lu, d'Méisprochegeeket reflektéieren an och op Lëtzebuergesch do déi Saachen iwwerhuelen, déi zum Beispill op Lëtzebuergesch eragereecht ginn.

Ech ginn lech e Beispill: Wann ech eng Question parlementaire stellen iwwert d'Nationalbibliothék - fir iergendee Beispill ze nennen -, da gëtt dat op eisem Portail iwwersat « Question parlementaire portant sur la bibliothèque nationale ». Et freet ee sech firwat. Eis dräi administrativ Sproche sinn dem Gesetz no gläichberechtigt. Näscht verhënnert, fir och um Portail einfach d'Lëtzebuerg Sprooch ze benotzen.

Dat Zweet ass, an dat ass en aktuell Beispill, den chd.lu. Ech hu gëschter den Text hei proposéiert an ech gesinn, wat haut op chd.lu also doriwwer steet. Wéi gesot, dat, wat ech gëschter eragereecht hat, war a Lëtzebuerg Sprooch. Haut steet do: « Une résolution a été déposée par Monsieur Fernand Kartheiser, Député ». Alles richtig, just op Franséisch. An da steet hannendrun, wat dann den Objet war: « Mise en place d'un site Internet trilingue de la Chambre des Députés ». Do ass d'Wourecht bei der Iwwersetzung schonn hänke bliwwen! Well et geet net drëm, fir en neie Site trilingue ze maachen, mä et geet drëm, fir d'« application des langues administratives actuelles », fir déi elo schonn ze applizéieren. Dat heescht, eng Iwwersetzung, souguer esou eng einfach, ass scho falsch.

(Interruption)

Wa mer et net iwwersat hätten op chd.lu, wär vläicht déi eigentlech Absicht vun dëser Initiativ och richtig reflektéiert ginn. Wien iwwersetzt, huet potenziell och eng Feelermeiglechkeet. Wien einfach den Originaltext iwwerhëlt, schlësst déi Feelermeiglechkeet och aus.

Den Engagement fir d'Lëtzebuergesch an der Chamber an an eiser parlamentarescher Aarbecht, dee solle mer konsequent virundreiwen, an net nëmme am Wahlkampf virun de Wahlen.

Ech wëll hei just soen, déi parlamentaresch Froen, déi mir stellen: Mir als ADR maachen et bal ëmmer op Lëtzebuergesch, anerer maachen et och heiansdo op Lëtzebuergesch, oder vläicht tendenziell mengen ech ze gesinn, och ëmmer méi. Mä d'Regierung äntwert nach ëmmer net regelméisseg op Lëtzebuergesch.

Mir hunn eis als ADR schonn e puermol missen un lech adresséieren, Här President, fir d'Dispositione vum Sproochegesetz vum 1984 ze rapeléieren an d'Regierung ze bieden, wa si an enger vun deenen dräi administrative Sproochen, an eisem Fall op Lëtzebuergesch, gefrot gëtt, datt se dann och soll an där Sprooch äntwerten, an där se gefrot gëtt.

Mir hunn eng Proposition de loi eragereecht als ADR, wou mer eigentlech dat Sproochegesetz vum 1984 wëlle weiterentwëckelen - mir hunn dat jo elo 35 Joer, 36 Joer -, wou mer soen, déi Fakultéit, déi een huet als Administration, fir an där Sprooch ze äntwerten, an enger vun deenen dräi administrative Sproochen, an där d'Administration oder d'Regierung an dësem Fall ugeriet gëtt, solle mer ersetzen duerch eng Obligatioun.

35 Joer nom Sproochegesetz, 35 Joer nodeem all Partei gesot huet: „Et ass wichteg, datt mer d'Lëtzebuergesch éieren an datt mer et och méi léieren an de Schoulen“, an d'Regierung refuséiert dat, 35 Joer nom Sproochegesetz! Alles dat weist, datt deen Engagement fir d'Lëtzebuergesch vu villen a virun allem vun deene Parteien, déi hei vis-à-vis sëtzen, anscheinend nach ëmmer net eescht geholl gëtt.

(Brouhaha et interruptions)

Mir kënnen dat als ADR net akzeptéieren! Mir sinn nimools ... Nimools, Här President, hu mir eis ausgeschwat géint Franséisch als Verwaltungssprooch, géint Däitsch als Verwaltungssprooch. Eis Missioun ass et, fir als Affekt fir Lëtzebuergesch opzotrieden, an dat riicht sech ni géint eng aner Sprooch. Dat ass eppes fir eis Sprooch a fir eis Kultur.

A mir hätte gär, datt dat an der Politik eescht geholl gëtt, och vun der Lëtzebuerg Regierung, déi net nëmme viru Wahlen soll soen, wéi wichteg eis Sprooch hir ass.

Mir bleiwen also bei deem Text, fir op dat zrëckzekommen, wat dës Diskussioun ausgeléist huet, Här President. Mir wäere frou, wann de Bureau déi Initiativ géif opgräifen an och elo scho géif Däitsch a Lëtzebuergesch an de Publikatioune vun der Chamber esou reflektéieren, wéi et an eiser Aarbecht och benotzt gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Den Här Marc Baum huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Mir hunn elo héieren, datt d'Lëtzebuergesch an der Publikatioun, an der Kommunikatioun no bausse vun der Chamber ze kuerz géif kommen.

Ech wéilt awer och op en anere Phenomeen opmierksam maachen. A vu datt ech net am Bureau an déi Lénk net am Bureau vertruede sinn, kann ech jo dann deem neie Bureau dat awer vläicht mat op de Wee ginn, fir vläicht och déi Reflexioun ze féieren, dat ass:

Déi ëffentlech Sätzungen, déi mir hei hunn an déi op Lëtzebuergesch gefouert ginn, Chamber TV an deenen allergréissten Zich, dat ass reng op Lëtzebuergesch. A wann een an där Logik ass wéi den Här Kartheiser, da misste mer och op de Wee goen a soen: Mä déi ëffentlech Sätzungen, déi iwwersetze mer och, dat wat mer televiséiert transmettéieren, dat gëtt och iwwersat. Mir maachen et heiansdo bei groussen Debatten a Gebäerdesprooch, wat e puer Honnert Leit betrëfft, wat awer ganz wichteg a ganz richtig ass.

A mir mengen, datt et gradesou e wichteg a richteg Symbol wier, fir och déi ëffentlech Sätzungen op Franséisch, mengetwegen och op Däitsch, mä virun allem op Franséisch ze

iwwersetzen, well e groussen Deel vun eiser Populatioun, vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen an déi net Lëtzebuergesch kënnen, si Frankofonnen.

An duerfir menge mer, datt dat e wichteg Element wier. Wann een an der Diskussioun ass, wéi d'Chamber no bausse kommunizéiert, da soll een dat Element awer net bausse vir loosse. Mir brauchen e Plurilinguismus, dee mer zu Lëtzebuerg hunn. D'Chamber soll deen och representéieren. An et ass net nëmme d'Lëtzebuergesch, wat an engem bestëmte Beräich ze kuerz kënn, mä dat muss een dann awer och aus dem Brëll vun deenen anere Sproche kucken.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. D'Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Ech mengen, esou wéi den Här Kartheiser et gesot huet - oder Dir hat et gesot -, hat de Bureau sech jo schonn eng Kéier domadder befaasst. Dat heescht, mir hunn eppes decidéiert, wat elo net ganz perfekt funktionéiert, géif ech elo emol einfach esou soen. An duerfir géif ech och proposéieren, datt mer dat op den Ordre du jour vun engem vun deenen nächste Bureaue setzen, datt mer wierklech kucken: Wou sinn d'Problemer? Firwat funktionéiert et net esou mat deenen dräi Sproochen, wéi et misst funktionéieren?

Vläicht musse mer och eng Kéier en zousätzleche Bureau maachen, well eisen Ordre du jour ass ëmmer zimlech vollgepaakt, soudatt d'Punkten op eemol ganz séier mussen evakuéiert ginn. Da géif ech also proposéieren, datt mer do eng Kéier vläicht e separaten oder ee mat manner Punkte maachen, fir datt mer dat kënnen am Detail diskutéieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. Den Här Alex Bodry, wannechgelift.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, déi dote Fro soll do diskutéiert ginn, wou se higehéiert. Dat ass an de Bureau vun der Chamber. Ech ka mech nëmme e bësse wonneren eigentlech iwwert d'Initiativ hei, déi d'ADR, déi den Här Kartheiser hei hëlt. Et géif ee bal mengen, d'ADR hätt kee Verrieder am Bureau!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Nee, dunn hate se nach keen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Nee.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'ADR huet awer elo, Här President, zënter net e puer Deeg, mä zënter enger Rei vu Méint e Verrieder am Bureau. An ech ka mech net erënneren, dass de Verrieder vun der ADR am Bureau jee dat opgeworf hätt, wat hei Géigestand ass vun deem Text, deen d'ADR selwer hei eragereecht huet. Dat ass fir mech onverständlech.

An da froen ech mech, ob et hinnen hei ëm d'Saach geet oder ob et hinnen hei ëm d>Show geet no bausse, fir sech duerstellen als deen eenzege Verrieder vun der Lëtzebuerg Sprooch an all déi aner duerstellen, wéi wa si näscht wéilte fir d'Lëtzebuerg Sprooch maachen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat ass falsch! An Dir wësst, dass et falsch ass. Hei geet et ëm Show an et geet net ëm d'Inhalter. An ech mengen, deen doten Text gehéiert dohin, wou en higehéiert, dat heescht an de Bureau, fir do diskutéiert ze ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

Le saviez-VOUS ?

ENQUÊTE PARLEMENTAIRE

L'article 64 de la Constitution réserve à la Chambre le droit d'enquête qui lui confère la possibilité d'entendre des témoins et de consulter des experts pour réunir des éléments d'information sur une question d'intérêt public.

La Chambre exerce ce droit par une commission formée en son sein.

L'exercice du droit d'enquête est réglé par la loi du 27 février 2011 qui a abrogé l'ancienne loi du 18 avril 1911. La commission, ainsi que son président, peuvent prendre toutes les mesures d'instruction prévues par le Code de procédure pénale.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Den Här Gast Gibéryen huet d'Wuert gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Lauschtert gutt no, Här Bodry!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, well ech elo vum Kollege Bodry ugesprach gi sinn hei: Et ass richtig, datt ech am Bureau sinn. Mä ech muss awer éierlech soen, datt ech net wouss, datt et de Bureau wier, deen dat géif decidéieren. Ech muss dat éierlech da soen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Säit 30 Joer!

